

Conseil communal

Séance publique du 18 juin 2013

Durée de la séance: 8.30 à 12.05 heures

Présents:

Mellina Pierre , bourgmestre (CSV)	Breyer Roland , 1 ^{er} échevin (CSV) Conter-Klein Raymonde , 2 ^e échevin (CSV) Linden Jeannot , 3 ^e échevin (LSAP)
Bosseler Camille (CSV) Conzemius-Holcher Josette (CSV) Gira Carlo (CSV) Polfer John (CSV) Rosenfeld Romain (CSV)	Brecht Guy (LSAP) Gonçalves Cátia (LSAP) Pierre Norbert (LSAP)
	Becker Romain (déi gréng) Scheuer Romain (déi gréng) Welter Gilbert (DP) Thein Joé (adr)

Absents et excusés:

Mertzig Romain (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (08.30 heures)

1. Personnel: Nomination d'un fonctionnaire communal (m/f) - décision.
2. Prévisions sociales: Nomination d'un éducateur gradué (m/f) - décision.
3. Enseignement
 - 3.1. Réaffectation du personnel enseignant (cycle 2-4) - propositions.
 - 3.2. Réaffectation du personnel enseignant (cycle 1) - propositions.
4. Enseignement musical: Démission volontaire d'un chargé de cours - décision.

Séance publique (08.45 heures)

5. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
6. Administration générale: Titres de recettes - approbation.
7. Prévisions sociales: Approbation de la convention de coopération avec le Centre d'Initiative et de Gestion local (CIGL) Pétange - décision.
8. Ordre public: Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de la braderie de Pétange de 2013 - décision.
9. Propriétés
 - 9.1. Approbation de l'acte avec M. Patrick Henri Reichling pour l'échange d'un terrain à Lamadelaine - décision.
 - 9.2. Approbation du compromis avec M. Fong Lung Chan pour la cession d'un terrain à Pétange, lieu-dit « rue Jean-Baptiste Gillardin » - décision.
 - 9.3. Approbation du contrat d'approvisionnement avec la société Munhowen S.A. dans l'intérêt du Centre Wax à Pétange - décision.
10. Personnel
 - 10.1. Création de postes pour les Maisons Relais - décision.
 - 10.2. Création de postes dans le cadre du nouvel organigramme - décision.
11. Enseignement
 - 11.1. Organisation scolaire provisoire pour 2013/2014 - décision.
 - 11.2. Approbation des plans d'encadrement périscolaire - décision.
 - 11.3. Approbation du nouveau règlement pour l'allocation de subsides scolaires - décision.

12. Urbanisation: Prorogation du délai pour la refonte et l'adaptation complètes du Plan d'Aménagement Général respectivement du Règlement sur les Bâtisses - décision.
13. Nouveau lotissement à Lamadelaine
 - 13.1. Modifications ponctuelles du Plan d'Aménagement Général pour des terrains sis à Lamadelaine, lieu-dit « An den Atzénge » - décision.
 - 13.2. Approbation de la convention de coopération avec la Société Nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM) dans le cadre du projet de lotissement « An den Atzénge » à Lamadelaine - décision.
 - 13.3. Ouverture d'une ligne de préfinancement dans l'intérêt du projet de lotissement « An den Atzénge » à Lamadelaine - décision de principe.
14. Cultes
 - 14.1. Agrandissement du cimetière de Pétange par l'intégration de la nouvelle « aire de souvenir », lieu-dit « Kaepgesfeld » - décision.
 - 14.2. Approbation du décompte relatif à l'aménagement d'une nouvelle « aire de souvenir » à Pétange, lieu-dit « Kaepgesfeld » - décision.
15. Transports et communications
 - 15.1. Règlement de la circulation routière portant sur les travaux de réalisation d'un bassin d'orage et station de pompage à Rodange, lieu-dit « Au Grand Bis » - ratification.
 - 15.2. Règlement de la circulation routière portant sur le reprofilage de la rue Weissenbrill à Pétange - ratification.

COMPTE RENDU

1.- 4.

Les points 1 à 4 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Mme Myriam Muller ép. De Felice, de Pétange, est nommée aux fonctions de rédacteur.

Mme Nekat Kerstin, d'Arlon, est engagée comme éducatrice graduée à tâche complète (40 heures / semaine) sous le statut de salarié (ancien employé privé) et à durée indéterminée.

5.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Breyer Roland, Schäffen:

Mer wollten de Gemengerot informéieren a vläicht och ëm d'Autorisatioun biede wat d'Reprofilage-Aarbechten an de Stroosse vun der Gemeng ugeet. Mer hu jo do e Programm gemaach, an dee Programm hat virgesinn, datt, nodeems mer d'Adelaïde an d'Charlotte Strooss gemaach hunn, och elo de Weissenbrill an duerno d'Pierre Gregoire Strooss soll gemaach ginn. Et huet sech awer elo erausgeschield, datt do de Gas nach méi laang schaffe muss, esou datt et kee Wäert huet, datt mer elo e Reprofilage maachen.

Mer hunn nach en anert Stéck Strooss, dat opsteet, an dat ass d'rue Nangeroni. Do sinn nach 80 oder 90 Meter, déi tëscht der rue de la Résistance an der rue Léonard Schroeder opstinn. Et géif sech elo ubidden, deen Eck ganz einfach propper ze maache wann der domat averstane wiert. Da géife mer d'Pierre Gregoire Strooss an deen nächste Programm eranhuelen an elo, wa mer schon am Quartier sinn, d'Nangeroni Strooss an d'Plaz huelen.

Pierre Norbert (LSAP):

Dat kann een nëmme begréissen, datt een dee Quartier do ganz ofschléisst. Et war och net gutt, fir do e Stéck vun 80 Meter sinn ze loossen. Dofir bitt sech dat do gutt un, esou datt een dat mat iwver d'Distanz kritt.

Breyer Roland, Schäffen:

Et bitt sech gutt un, well d'Weissenbrill war en Nieweprodukt vun der Léonard Schroeder Strooss. Wéi mer déi ageweit hunn, do hunn d'Leit gefrot, wat da mat hinne wier. Dofir hu mer déi mat erageholl. Wann der domat averstane sidd, da kënnen mer muer schonn do ufänke mat schaffen. Well mer sinn an deem Quartier.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et wier besser fir déi elo ze maachen, well mat der Pierre Gregoire Strooss géif et e Chaos ginn. Do gétt et scho genuch Déviatioune ronderëm, an dann hu mer nach méi Verkéiersproblemer do am Eck wéi mer der schonn hunn. Esou kënnen d'Leit anstänneg do fueren. Well wa mer d'Pierre Gregoire elo och nach géifen oprappen, da weess ee geschwënn net méi, wou ee soll fueren.

Breyer Roland, Schäffen:

Souwisou maache mer de Véirel eréischt wann een un d'Schoulenn kënn, esou datt mer net zevill gestéiert ginn. Dat gétt awer méi spéit. Et gétt Juni oder Juli.

Welter Gilbert (DP):

Ech hat mer erwaart, datt mer haut Erklärunge kréichen iwver de PiKo. Dir hat eis dat fest versprach, an dir hat och gesot „doudsécher“ fir de Mee an esouguer fir den Abrëll, an dat mat deenen néidegen Explikatioune vun deem verantwortleche Schäffen. Elo si mer schonn am Juni, awer mer hunn nach ëmmer näischt um Dësch leien.

Linden Jeannot, Schäffen:

An där nächste Sitzung kritt Dir dat. Dat ass versprach.

6.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 2.762.285,16 euros – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dakomme mer zu enger Rei Recetten, wou mer ënner anerem och eng 2. Avance vun der Gewerbesteier vun 2,214

Milliounen Euro kritt hunn. Der gesitt och eng relativ déck Zomm um Punkt 6. Dat si 437.605,10 Euro, wou de Stat sech un engem Supplément vum Traitement vun de Beamte vun der Pétenger Gemeng bedeelegt. Dat ass doduerch, datt eng Rei Biennalen do dobäikomm sinn an deem Kader. Dofir huet de Stat dat och iwverholl. An dat ass fir eis ganz Administratioun. Et ass e Remboursement vum leschte Joer, dat heescht, mer hunn dat am Joer 2013 stoe vum Joer 2012. De Rescht si méi kleng Recetten. Am Ganze sinn et Recette an der Héicht vun 2.762.285,16 Euro.

Accord à l'unanimité.

7.

Prévisions sociales.

Approbation de la convention de coopération avec le Centre d'Initiative et de Gestion local (CIGL) Pétange – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer am Laf vun dësem Joer – besonnesch um Ufank vun dësem Joer – iwverrascht goufen duerch Problemer, déi festgestallt goufe beim „Objectif Plein Emploi“ (OPE) a wou den Aarbechtsministère kuerzfristeg entscheet huet, déi Relatioun tëscht dem Ministère an dem OPE opzehalen. Dat huet sécher och e Problem an eng Konsequenz fir de CIGL, well mir hunn de CIGL eigentlech iwver den OPE funktionéiere gelooss. De CIGL war eng Partie vum OPE, an do huet musse ganz séier reagiert gi well de CIGL duerch déi Konventioun, déi den OPE mam Aarbechtsministère hat, mat enger Rei Leit Kontrakter op Zäit haten an déi gréisstendeels vum Ministère finanzéiert goufen.

Wat mech eigentlech stéiert ass, datt mer do ganz kuerzfristeg Entscheedungen hu mussen treffen, well dee Problem do hätt de Ministère scho viru 4 oder 5 Joer kënne feststellen, well d'Situatioun sech vun do u verschlechtert huet. A wéi een dat 2009 oder 2010 gemierkt huet an d'Problematik richteg bekannt gouf, do hätt ech mer esouguer kënne virstellen, datt een do hätt kënne reagieren an et hätt een do wahrscheinlech dee penibele Wee fir vun haut op muer déi Resiliatioun vum Kontrakt kënne spueren.

Ech hunn, nodeems déi Problematik eis bekannt war a mir keen Abléck haten an d'Konte vum OPE – well dat jo eng Relatioun mam Ministère war – mer all déi Konten ugekuckt a festgestallt, datt vun 2009 un d'Situatioun sech vu Joer zu Joer verschlechtert huet. Hätt een eng richteg Analys gemaach, dann hätt ee scho kënne 2009/2010 soen, datt ee misst oppasse well een an eng ganz schlecht Richtung géif goen. Dat ass awer net gemaach ginn. Et ass komme gelooss gi bis et net méi gaangen ass. An du huet den 30. Abrëll 2013 de Ministère déi Relatioun gebrach, an dat indirekt och mam CIGL Péteng a mat alle CIGL oder CIGR. Dofir huet de Ministère eis de 16. Abrëll geschriwwen, mer misste ganz séier eng Konventioun mat hinne maachen. Si haten eis genee 14 Deeg Zäit gi fir dat ze maachen, wat jo fir esou eng Konventioun ze schreiwen normal ass. Et muss ee jo wëssen, datt een dat net aus der Hand rëstelt. No 14 Deeg hu mer déi Konventioun musse fäerdeg hunn a mer hunn dem Ministère musse soen, mer géifen eng Konventioun mam Ministère maachen.

Zu deem Zäitpunkt hunn ech an enger Reuniori gesot, et géif mech wonneren, datt de Ministère eng Konventioun mat enger Asbl géif maachen no der Erfahrung, déi se mat OPE gemaach hunn. Do gouf awer gesot, datt d'Gemeng elo net an dësem Projet mat dra wier. Dat wier eng Relatioun tëscht dem CIGL an dem Ministère du Travail et de l'Emploi. Ech hat 2 mol

gesot, et géif mech éierlech gesot wonneren. Ech hunn awer do d'Konventioun gesinn, an an där Konventioun steet och guer näischt dran. An et steet och guer näischt dran, datt do nach iergendwéi eng Konventioun mat der Gemeng misst gemaach ginn. An dat bis mer am Mount Mee gesot kruten, datt de Ministère déi Suen net géif un de CIGL gi fir d'Peie vun de Leit, déi se am CDD nach ëmmer hu bis un d'Enn vum Joer, ze bezuelen. An dat, bis se eng Konventioun virgeluegt kréiche vum CIGL mat der Gemeng. Do hunn ech dem Ministère ugeruff a gefrot, si solle mer emol soen, wou dat géif stoen, datt esou eng Konventioun misst stattfannen an datt ech aus alle Wolleke géif falen, datt dat esou géif gefrot ginn. Si misste jo als Ministère wëssen, datt esou eng Konventioun net vun haut op muer ka gemaach ginn an datt mir de Gemengerot mat esou enger Konventioun musse befaassen. A jee nodeem wéi et ass, muss déi Konventioun esouguer vum Ministère autoriséiert gi wéinst der Zomm – an hei wäert et de Fall sinn. Wann de Ministère eis am Mee schreift, mer missten hinnen eng Konventioun ginn, dann ass wéinst der Prozedur net drun ze denken, datt mer bis Enn Mee, wou déi Peien hu musse bezuelt ginn, dës Konventioun kënne virleeën. An ech mengen, och e Ministère misst wëssen, wéi d'Prozeduren an de Gemenge sinn, well bei hinne sinn se net méi einfach. An dat mierke mer jo all Dag.

Doropshin hu se dann am Fong deen Dossier deblockéiert, well ech deen Engagement geholl hunn, datt mer haut am Gemengerot doriwwer géifen diskutieren an déi Konventioun dann och virleeën. Se hunn eis déi néideg Fonge gi fir d'Peien un eis Leit, déi am CDD zanter enger gewässer Zäit beschäftegt sinn. Dat zur Aleedung a firwat mer esou kuerzfristeg mat enger Konventioun an de Gemengerot kommen.

Et bestätegt engersäits, wat ech vun Ufank u gesot hunn, an zwar datt de Ministère net bereet ass eng Konventioun mam CIGL anzegoen ouni en Engagement vun enger Gemeng. Dat gouf virdrun zwar ëmmer bestridden, mä elo ass et jo kloer, datt dat de Fall ass an datt se d'Gemenge wëlle mat am Boot halen. Wat ech och an der Rei fannen. Anersäits ass de Problem, datt mer dee Wee hei musse goen an déi Engagementer, déi mer jo am Budget stoen hunn, net méi dem OPE zoustëmmen am 2. Semester, mä dem CIGL Péteng. Mer hunn, ewéi gesot, eng „Convention de coopération“ mam Aarbechtsministère ënnerschriwwen, an zwar tëscht dem CIGL an dem Aarbechtsministère. Déi leeft vum 1. Mee bis den 31. Dezember, an déi ass erneierbar fir d'Joer 2014. Mer mussen am CIGL entscheeden, wéi mer vun 2014 u virfueren. Déi CDD-Kontrakter, déi mer de Moment mat eisen Aarbechter hunn, lafen alleguer esou um Enn vum Joer aus, esou datt mer fräi sinn z'entscheiden, wat mer vum Januar 2014 u maachen. Dat wäert och nach eng Kéier eng Diskussioun hei am Gemengerot ginn.

Elo hu mer dann eng Konventioun virleien, wat eng „convention type“ ass an déi weist, wéi se ausgesi kéint. Déi soll dann d'Relatioun tëscht dem CIGL an de Gemenge regelen. Déi Konventioun gesäit net ganz vill vir. Wichteg ass, datt se virgesäit, datt mer eis Fonge ginn, datt mer eis finanziell Participatioun ginn a mer e bësse riicht sti fir dat, wat am CIGL geschitt. Domatter sécher de Ministère sech of wann eng Kéier e Problem ass, esou datt et em net geet ewéi elo beim OPE, wou d'Suen elo definitiv fort sinn. Anerefalls ass d'Gemeng – an däre muss ee sech bewosst si wa mer dat ënnerschreiwen – mat an der Verantwortung. A wann eng Kéier de CIGL net méi bezilt, da wäerten se bei d'Gemenge komme fir d'Suen erëm ze kréie wann eng Kéier eppes sollt falsch lafen.

Déi Konventioun gesäit och vir – dat ass och eng Demande vum Ministère -, datt mer e Beamten aus der Gemeng als Beroder an Observateur an de CIGL setzen. En ass net

vollwäertege Member vum Verwaltungsrot, mä en ass do fir de Lien ze maachen tëscht dem technesche Service, der Gemeengeverwaltung an dem CIGL. Dat och fir eng gewëss Kontroll vun engem Beamten ze hunn. Et gesäit e wéineg esou aus, wéi wann de Politiker net méi esou richtig op deem Gebitt getraut gëtt. Haut den Owend hu mer CIGL-Generalversammlung. Am Hibleck op déi Entscheedung, déi mer haut huelen, an och nëmme wann déi Entscheedung haut geholl gëtt a mer déi Konventioun tëscht dem CIGL an der Gemeng haut ënnerschreiw, hu mer eis där Saach dann och gestallt a mer hunn am Schäfferrot vum 24. Mee decidéiert fir dee Beamten, deen och laut dem neien Organigramm zoustänneg ass fir d'Relatioun mam ProActif a mam CIGL, als Beroder an Observateur an dem CIGL ze nennen.

Mir wëllen dann nach eng Kéier hei entscheeden, datt mer d'Konventioun mat dem OPE och mat „effet immédiat“ opléisen, well de Ministère dat jo och ënnerbrach huet an den OPE déi Aufgab, déi e fir eis gemaach huet, net méi ka maachen an dësem Kontext. Ech mengen, de Ministère huet déi Méiglechkeeten entzunn, an dofir kënnen se och déi Aarbechten, déi an der Konventioun stinn, net méi maachen. Dofir kënnen mer dës Konventioun direkt opléisen. Mer proposéieren dem Gemengerot och, déi Konventioun mam CIGL, esou wéi se elo virläit, guttzeheeschen a mer déi dann der „autorité supérieure“ fir Approbation zoukommen ze loosse, well déi Zomm, déi elo nach muss bezuelt gi fir dat 2. Semester, dat si bal 200.000 Euro. Wann et iwwer 100.000 Euro sinn, da muss et duerch d'„autorité supérieure“ approvéiert ginn. Mer proposéieren dann och, déi Zomm fir dat 2. Semester – dat sinn dann 188.661 Euro, déi nach am Budget stinn – un de CIGL z'iwwerweisen als finanziell Bedeelegung vun der Gemeng. Ech géif iech bidden, dës Konventioun guttzeheeschen, esou datt mer emol an der éischter Phas kënnen mam CIGL weider funktionéieren an och déi CDDe kënnen honoréieren, déi fir de Moment nach lafen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech maache just eng kleng Interventioun à propos vum OPE. Et ass net, datt mer haut de Moien hei sëtze fir iwwer d'Machenschaft vum OPE ze schwätzen. Well meng Kollegin, d'Madame Gonçalves, eng länger Interventioun ze deem heite Punkt huet, wollt ech trotzdem dës soen. Ech ka mech erënneren, datt, all Kéier wann Dir aus deene leschte Sëtzunge mat deenen zoustännege Leit aus dem OPE komm sidd, gesot hutt, Dir géift d'Hand iwwer déi Häre Binsfeld a Biwer halen an hinne voll vertrauen. Dofir wollt ech effektiv froen, ob Dir am Bild waart, datt déi Leit sech géifen eng Pei vun 10.000 Euro bezuelen? A wat ech nogeliest hunn a wat mech nach méi schockéiert huet am Interview, deen den Här Binsfeld op RTL ginn huet, ass, datt déi 10.000 Euro näischt Aussergewöhnlech wieren an hien déi och beim OGBL kritt hätt. Also do stellen ech mer awer effektiv Froen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wéi gesot, ech hat keng Asiicht an d'Peien, déi den OPE bezuelt huet. Den OPE gëtt vun engem Verwaltungsrot gefouert, an do sëtze Leit vum OGBL dran, vum fréiere LAV, deen de Verwaltungsrot zesummegesat huet. Wat do vu Peie bezuelt gouf, do hat ech keng Asiicht dran. Ech hunn den Total vun der „masse salariale“ gesinn, mä dat war och net dee wesentleche Problem. Dee wesentleche Problem an dësem Dossier war, datt den OPE méi Leit, Chômeuren agestallt huet um Niveau vun den CDDen ewéi dat an enger Konventioun virgesi war. Deen Apparat, dee System, deen Encadrement vun deene Leit war ze grouss. Dat ass op jiddwer Fall dat, wat de Ministère fir de Moment seet. Ech sinn emol gespaant, wa mer elo mol op allen eenzelne CIGLe funktionéieren, ob et dann och manner gëtt, well ech mengen – aus mengem Uerteel eraus -, datt dat de Fall ass. Ufanks vun dësem Joer

hunn ech eréischt e Kont vum OPE kritt, well mir hate jo als CIGL Péteng keng Asiicht doranner. Déi eenzeg, déi doranner gesinn hunn, dat war den Aarbechtsministère. Ech weess net, wat se déi Zäit gekuckt hunn. Si hate jo eng Konventioun, si hunn den OPE jo finanzéiert, an ech ka mer net virstellen, datt den Aarbechtsministère dat finanzéiert huet ouni ze kucken, wat mat deene Sue geschitt ass. Soss musse si sech un hirer eegener Nues huelen. Mir hate keng Asiicht. Ech krut se zu engem gewëssene Moment, wéi vun enger ganzer Rei Leit versicht gouf, dës Réseau ze retten, well se gemengt hunn, datt e miisst bestoe bleiwen. E Bewäis, datt mer dat och mengen ass, datt d'Presidente vun de CIGLe sech e Freideg an aacht Deeg gesi fir en neit Netz opzebauen. A fir mech ass dat e gelungene Wee. Fir d'éischt zerstéiere mer e Réseau an da baue mer een nees op, da fänke mer nees bei Null un. Op dat et esou bréngt, dat muss een nach kucken. Mer wäerten nach eng Kéier kucken, wéi mer esou e Réseau kënnen opbauen, well en huet jo awer eng ganz Rei Saache bruecht, eng ganz Rei positiv Saachen. Ech soe ganz kloer, datt während deene leschte Joeren – an dat hunn ech ëmmer gesot -, dat net 100prozenteg gelaf ass wéi dat hätt misse lafen. Ebe well déi Konventioun net deem entsprach huet wat op där aner Säit engagéiert gouf. Mä datt déi Leit engagéiert goufen, dat wusst den Aarbechtsministère och. Well déi Konventiounen, déi Kontrakter goufe jo och vun hinne guttgeheescht, déi goufen hinne jo vun der ADEM geschéckt. Dat heescht, si kënnen net soen, datt se net woussten, datt si 800 Leit agestellt hätten. Si woussten et. An et ass e Kontroller, dee sot, si hätten nëmme dierfte 700 – ech soen elo einfach e Chiffer, ech hunn se net 100prozenteg am Kapp – astellen. Se hunn der 100 zevill agestallt. An do läit den Hoken, an da kommen déi Saachen ewéi déi „Îlot des clowns“, wou mer elo amgang sinn, se iwwer en anere Wee ze retten. Jiddereen ass sech jo awer bewosst, datt dat eng flott Saach ass. Ech héieren elo jidderee järezen „Déi därefen net ënnergoen“. Mä firwat hu se dann net kënnen weider funktionéieren. Gutt et ass zwar vläicht eng aner Manéier wéi déi „Îlot des clowns“ bezuelt ginn. Mä iergendwéi mussen se bezuelt ginn, iergendwéi mussen se och honoréiert gi well et eng gutt Saach ass. Ech fannen et e bësse gelungen, well mer engersäits op deem do Niveau net méi averstane si wéi et funktionéiert huet. Anersäits kommen elo déiselwech Leit a sinn amgang ze kucken, op aneren Niveaue finanziell Méttelen ze kréie fir déi Aktivitéit do ze finanzéieren.

Fir mech ass sécherlech déi finanziell Gestiou an deene leschte Joeren e Problem gewiescht. Mä ech soen awer ganz kloer, datt déi 2 Leit sécher am gudde Gewësse gehandelt hunn. Dovunner sinn ech iwwerzeegt. Si waren och vun där Aktioun iwwerzeegt, vun allen Aktivitéiten, déi se gemaach hunn. D'Solidar-Economie war fir si en Dada, a si hu sech doranner ageschafft. Se hu vläicht dee finanziellen a konventionelle Volet net genuch suivéiert, mä wann déijéineg, déi 2012/13 dës ze schloen hunn, 2009 d'Handbrems gezunn hätten, da wier et net esou wäit komm. Mä si hunn et komme gelooss bis e gewëssene Moment an do hu se gesot, et géif net méi goen a se géifen ophalen. Ech hunn d'Kont vum 2009 gekuckt, an do hunn ech direkt gesot, datt et schlecht geet. An och fir d'Joeren 2010 an 2011, wou se nach méi verschlechtert waren. 2012 ware se dunn esou schlecht, datt mer ugefaangen hunn, Verbesserungen ze maachen. Et muss ee wëssen, datt déi Bilanzen, déi „comptes pertes et profits“, déi guttgeheescht goufe vun där Fiduciaire, déi kontrolléiert huet, och an der Rei waren. 2011 hu mer réckwierkend Saache geännert. An do gong de Problem eréischt richtig lass. Dee „Reproche“ – an ech hunn an dësem Kontext kengem e Reproche ze maachen -, wier, datt, wann ee mat Zäite gewiert hätt, den OPE och hätt kënnen retten. Well déi stoung jo un der Wéi vun dëser Beschäftigungsinitiative. Si waren déi, déi dat do an d'Welt

gesat hunn a während 10 oder 15 Joer gutt Aarbecht geleescht hunn. A mer hu se eigentlech bis zum Schluss an d'Messer lafe gelooss. A wéi et net méi gaangen ass, do hu mer se ofgeschoss. An déi Aart a Weis hunn ech net gutt fonnt, an dat ass och dee Message, deen ech iwwerall dobausse soen. Mer hätten déi Struktur misste retten, mä mer hätte misste mat Zäiten ufänken an net waarde bis iergend e Belsch eis e Rapport geschéckt huet, deen iwwerregens och nach net gutt war a mengen Aen. Mer hunn eis do hannendru verstoppt. Et ass schliëmm genuch, datt ech als Schwarzen dat muss hei soen.

Brecht Guy (LSAP):

Här Buergermeeschter, ech soen lech villmoos Merci fir déi Ausféierungen, well mat Ären Erklärungen an Ausféierungen huet elo all Mënsch verstanen, wéi dat do gelaf ass.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Merci och fir déi ganz ausféierlech Erklärungen. Mer hunn an deene Wochen a Méint den Ofmarsch vum OPE suivéiert, an ech muss och soen, datt dat net ganz glécklech gelaf ass aus all deenen Ursachen, déi hei schonn ugeklonge sinn. Ech bedauern et, datt de Projet, deen dee fréiere Gewerkschaftler Castegnaro opgebaut huet, gescheitert ass. Ech wëll awer hei net polemiséieren an iergendengem d'Schold ginn. Zweek Nimm si jo scho gefall, an et huet jo och net vill Wäert fir sech op eenzel Leit ze acharnéieren. Et ass esou wéi an enger Koppel an an all Partnerschaft: déi zwou Parteie si matverantwortlech. Et huet also net vill Wäert, mam Fanger op eenzel Leit ze weisen. Et gëtt elo, no vir ze kucken an déi Projeten, déi doraus entstane sinn – et sinn der jo schonn e puer hei genannt ginn – ze verdeedegen. Et muss ee soen, datt hei an der Gemeng e groussen Effort gemaach gouf a gemaach gëtt fir datt eis Leit verschount bleiwen. An ech denken, datt et eis och gutt zu Gesiicht steet wa mer de CIGL Péteng weiderhin ënnerstëtzen an esou och dozou bäidroen fir de Chômage no ënnen ze drécken.

Dir hutt wahrscheinlech och wéi ech an der Zeitung gelies, datt d'Stad Lëtzebuerg sech op d'Schëller klappt fir hir gutt Aarbecht a puncto Recrutement an nei Aarbechtsplaze fir déi manner qualifizéiert Leit. Abee, ech denken, datt mer ouni groussen Tamtam och hei eis Missioun, fir d'Leit aus dem Chômage ze huelen an hinnen nei Perspektiven ze ginn, gutt erfëllen. Besonnesch wann et ëm Persounen „à besoins spécifiques“ geet. Mer leien do bei 5%, wat jo dee gesetzleche Minimum ass. An ech denken net, datt d'Stad Lëtzebuerg mat 34 Leit vun iwwer 3.700 do deeselwechten Erfolleg ka weisen. An där Hisiicht ass et wichteg, datt mer déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer mam CIGL hunn, och weidermaachen. Et bleift awer ze bedenken, ob mer dës Form vu Konventioun mam Stat weiderféieren oder ob mer eis net op lokalem Plang sollte mam CIGL konzentréieren. Dat sinn natierlech Diskussiounen, déi duerno intern am CIGL an hei am Gemengerot mussen stattfannen, a wou mer da bis Enn vum Joer kënnen entscheiden.

De Moment ass et wichteg, datt déi Leit, déi do sinn, bis un d'Enn vum Joer ofgeséichert sinn an d'Aarbechte fir de Bierger normal lafen. De Service, dee mer eise Bierger offrëieren, deen ass onverzichtbar, an ech denken, datt mer hei alleguer un engem Strang zéie wann et heescht, dës Aarbechten an dës Services um Liewen ze halen. Am méi breede Kader vun der Beschäftegung hei an der Gemeng hätt ech e puer Froen ze stellen, an zwar iwwer den Apprentissage an d'Stagen. Ganz vill jonk Leit hu Schwieeregkeeten, eng éischt Aarbechtserfahrung ze maachen, an dofir wollt ech froen, wéivill Leit mer hei an der Gemeng hunn, déi am Kader vun enger Léier oder engem Stage hei schaffen? Pro Joer.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wat är Fro ugeet, esou hunn ech dat hei virleien. Et si 14 Apprentien, déi mer hei hunn. Dir hutt Recht, ech hunn och héieren, datt den Här Bettel sech op d'Schëller geklappt huet well en e puer Leit agestellt huet, an ech fannen dat och flott a schéin. Mä ech kann iech soen, datt eng Kéier an enger Reunioun mam Här Schmit, an där et ëm jonk Chômeure gaangen ass, besonnesch vill Leit aus dem Privatsecteur gemengt hunn, d'Gemeng géife bei den Handwierksberuffer d'Leit bei hinnen ausbilde loosse fir se duerno de Privatleit ewech ze huelen. An dëser Reunioun waren e puer Leit, déi dann och e bësse gutt an haart geschwat hunn. Ech hunn hinnen emol erkläert, wat déi Pétenger Gemeng fir Aktiounen mécht fir Leit dann och op den Aarbechtsmaart zeréck ze bréngen. Do huet den Här Schmit gesot, déi Pétenger Gemeng wier dann eng „commune modèle“. Ech hunn dat Wuert ëmmer behalen, well et huet mech awer gefreet, datt dat och an där Form do ëffentlech gesot gouf. Mir hu 14 Apprentien, dat ass awer de Maximum, dee mer eis kënnen erlaben, well mer mussen jo och kucken fir déi Leit z'encadréieren. Mer kënnen se jo net einfach an en Eck setzen a soen, se solle klasséieren oder Enveloppé fëllen. Déi mussen encadréiert ginn an et mussen och Rapporte geschriwwen ginn. Mer hunn zum Beispill d'lescht Joer kuerzfristeg en Elektriker als Apprenti agestellt, well eben dee bei eis komm ass an deen hätt misste seng Studien ënnerbrieche wann e kee Patron fonnt hätt. Ech hat versicht, bei Patronen hei aus der Gemeng – besonnesch bei engem – ze kucken, datt en ënnerdaach kéim. Mä de gudder Mann huet mer keng Äntwert ginn, en huet dem Jong och keng Äntwert ginn. Dofir hu mer a leschter Minutt gekuckt fir eng Léisung ze fannen, esou datt en hei ënnerdaach komm ass.

Mir hunn CAEn, wat och jonk Leit sinn, déi kee Kontrakt hunn an déi net ganz séier ënnerdaach kommen an dobaussen och net esou séier eppes fannen. Ech kann iech soen, datt d'Leit – dat kënne meng Kollegen aus dem Schafferot och beleen –, déi op d'Gemeng komme fir ze froen fir eng Plaz ze kréien, sech hei zu Péteng an och an anere Gemengen d'Klensch an de Grapp ginn. Dat heescht, mer hu fir de Moment 7 CAE-Kontrakten, d.h. Leit, déi während 1 Joer op der Gemeng kënnen schaffen fir duerno nees an der Aarbechtswelt Fouss ze faassen. Mer hunn een OTI (Occupation temporaire indemnisée), 9 RMGisten, déi mer am Service RMG beschäftegen. A mer hunn och – déi meescht wëssen dat, well mer et jo am Budget stoen hunn – mat Défi-Job eng Konventioun, wou Leit, déi am Prisonsouzen an um Enn vun hirer Strof sinn, nees an d'Gesellschaft kënnen integréieren. Zweek Leit hu mer do an eisen Équipes engagéiert.

Dann hu mer eng Konventioun mat der SNJ gemaach, wou mer deene fir d'éischt d'Raimlechkeeten zesummesetzen. Dat si besonnesch jonk Leit, déi mat 16 oder 17 Joer d'Schoul ofbriechen a guer net méi wësse wat se solle maachen. Déi versiche lénks a riets Stagen ze maaache fir do festzustellen, wat hir Aarbechtswelt respektiv wat hir Lieweswelt eventuell an Zukunft kéint sinn. Do hu mer fir de Moment 3 Leit, dovunner 2 an der Maison Relais an 1 an der Garage. Wann dat hinne gefällt, da gi se eng Formatioun maachen fir esou virun ze kommen.

Mer hunn der de Moment 14, mä wann déi Konventioun mat dem CIGL elo nees honoréiert gëtt, da sinn et der nees 20, déi am CIGL beschäftegt sinn. A mer hunn eng Dosen am Fond-de-Gras beschäftegt, déi un de Wagone schaffen duerch ProActif. Wann een alles zesummerechent, da komme mer op 60 bis 70 Leit, déi mer bei engem Total vun 300 Mataarbechter beschäftegen. Bei all 4. Beamten hu mer een, deen iergendwéi vun der Gemeng ugestallt gouf fir em eng Chance ze ginn um 1. Aarbechtsmaart nees Fouss ze faassen.

Fir nach eng Kéier den Här Bettel ze nennen, da miisst hien, bei 3.400 Leit, nach eng ganz Rei Leit engagéieren. An da misst een e froen, ob hien och op dee Prozentsaz kënn, op deem mir elo leien. An do ginn ech iech Recht, Madame Gonçalves, mir schwätzen net vill dovunner, mir maachen et. Et sinn aner Leit, déi maache Pressekonferenzen dofir. Dofir ass dat hei och eng gutt Geleeënheet fir op déi Fro ze äntwerten an dat och emol ze soen. An elo hu mer nach déi Leit mat Behënnerung, wou mer eis absolut un déi 5% halen. A mer hunn eng Rei Leit, déi eng exzellent Aarbecht maachen, esou wéi déi Damm, déi mer viru kuerzem agestallt hunn an déi den 1. Mee ugefaangen huet, déi eng exzellent Aarbecht mécht. Och do kann een exzellent Aarbecht kréien an et beweist, datt mer um richtege Wee si wa mer deen Taux vu 5% hei an der Gemeng respektéieren. Well wa mir an der Gemeng deen Taux net respektéieren, da froen ech mech, wien et mécht.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hunn och nach zwou Persounen an der Maison Relais, déi fir d'éischt als Aide-éducatrice ugefaangen hunn an elo de Wee wëlle goe fir hiren Diplom nozehuelen. Dat erlobe mer och, esou datt se gewëssen Deeg an der Woch op Léck an d'Belsch kënnen an d'Schoul fueren an déi aner Deeg schaffe ginn. Esou kënnen se dann no enger gewësser Zäit als diploméiert Personal op deem Wee weider schaffen. Dat solle mer och nach hei soen. D'Demande ass nach méi grouss, mä de Moment kënnen mer der net méi huelen, well soss eis Aarbechtsweis op d'Kopp geréit. Mä den Abléck hu mer der zwee, deene mer dat dann och erlaabt hunn.

Polfer John (CSV):

Wat déi Sue betrëfft, wat d'OPE ugeet, esou sinn do an de Bilanze jo ëmmer Suen ausgewise ginn, an esouguer grouss Zommen. Dat ass och kontrolléiert gi vu Fiduciairen. Wann dat privat oder an engem Veräi geschitt wier, wou ee während Joere Recetten ausweist déi ee soll kréien, an da gëtt net do nogefrot, da wier direkt intervenéiert ginn. Mä dat kann dach net sinn. Do hätt de Ministère scho miissten éischer op d'Tromm klappen a soen, datt déi Suen ausgewise ginn, mä si se net zegutt hätten. Oder ëmgedrëit hätte si miisste soen, wéini se déi Sue kréichen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Effektiv, dat war den Haaptproblem, datt am Bilan regelméisseg déck Zommen, Zommen a Milliounenhéicht „à recevoir du ministère du Travail“ stoungen. An dat opgronn vun deene Kontrakten, déi ausgestallt goufen, an déi net komm sinn. An dat ass sécherlech ee vun de Problemer. Et ass natierlech och de Problem vun enger Rei CIGLen ewéi zum Beispill den *Archipel*, deen Defizit gemaach huet an awer ëmmer mat virugeschleeft gouf bis et net méi gaangen ass. Et hätt een einfach 2009/2010 miisste soen, datt een eng Kurskorrektur misst maachen an datt et net esou viru kéint goen. Dann hätt een a mengen Aen dat Schëff do rette kënnen.

Natierlech, wann een et komme léisst bis et guer net méi geet an da seet, et géif net bezuelt ginn, dann ass et kloer, datt dat net ka riicht lafen. Ech bedauere just déi Leit – an dat soen ech ganz kloer – déi Bénévolen, déi an der Asbl, am Verwaltungsrot setzen. Well déi haften, a mengen Aen, zu engem Deel mat hirem Kapital fir déi Aarbecht, déi si joerelaang op fräiwëlleger Basis gemaach hunn. Dat ass bedauerlech.

Becker Romain (déi gréng):

Ech mengen, et ass laang a breet iwwer d'Geschicht geschwat ginn. All Mënsch weess, wat am OPE geschitt ass.

Et huet kee Wäert fir do norechnen ze goen. Et ass nun emol schief gelaft, an et ass net beobacht ginn, vu kenger Säit. Et geet elo drëm fir an d'Zukunft ze kucken, well dat do Kapitel kann een esouwäit ofschléissen, ausser datt wahrscheinlech nach Pursuiten opstinn.

Mer haten eng Kéier eng Diskussioun – an ech hat dat dunn och gefrot – ob d'Gemeng net wéilt op dee Wee goe fir mam CIGL eng Konventioun ze maache well aner Gemenge scho Virreider waren an dat no deem ganze Schlamassel direkt gemaach hunn. Do huet de Schäfferot gemengt, et sollt een ofwaarden a kucken, wéi dat sech géif entwéckelen. Ech mengen, elo si mer esou wäit.

Et ass nëmmen ze begréissen, datt mer dat als Gemeng maachen. Mä kënnen mer dat als Gemeng och op laang Siicht droen? Wat ass dee finanziellen Apport? Wann dir elo sot, et géif dru geschafft gi fir en neit Netz opzebauen, geet de CIGL dann an dat neit Netz? Als Gemeng déi Konventioun ze maachen, wat heescht dat fir d'Gebailchekeiten? Ech weess, datt eis Internethal e Privatgebai ass, wou de CIGL Loyer bezilt. Dat heescht jo, datt d'Gemeng och elo dee Loyer bezilt. Wier et net méi logesch, wa mer dat Ganzt kéinten an engem Gemengegebai ënnerdaach bréngen?

Ech wollt och nach eng Kéier drop hiweisen – virun allem huet d'Madame Gonçalves gesot, et wier eng gutt Initiativ fir de Chômage no ënnen ze drécken -, datt et net drëm geet, de Chômage no ënnen ze drécken. Et geet drëm fir deene Leit eng Aarbecht ze ginn. Mer maachen am Land esou vill Initiative fir d'Statistiken ze verschéieren. Domatter hu mer kengem Mënsch gehollef. Et geet drëm fir de Leit op laang Siicht ze hëllef an deenen duerch déi Initiativen eng Plaz ze verschafen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Fir op d'Zukunft ze kucken, dat soll ee maachen. An enger éischer Phas hu mer dat mol ofgesécher, well mer nach eng ganz Rei CIGLen hunn. Déi lafen normalerweis am Oktober oder November aus. Fir dat finanziell ofzesécheren, hu mer dann déi Konventioun gemaach. Den Aarbechtsministère iwwerhëlt jo d'Peie vun deene Leit, déi do ugestallt sinn. Dat wat d'Gemeng iwwerhëlt, dat sinn déi „frais de fonctionnement“, also de Loyer vun deem ganze Gebai, dee mer och schonn déi Joere virdu bezuelt hunn. Op där aner Säit hu mer och eng Rei vu Käschte fir den Encadrement bezuelt. Nieft de Peien, déi de Stat bezilt, gëtt en och nach e gewëssene Prozentsaz fir „frais de fonctionnement“ an e gewëssene Prozentsaz Encadrementskäschten. Dat geet awer net duer fir alles ofzedeecken. An déi 380.000 Euro, déi mer am Budget stoen hu fir un de CIGL z'iwwerweisen, dat sinn déi Käschte fir „frais de fonctionnement“ an den Encadrement, mä och fir déi Aarbechten, déi den OPE gemaach huet. Dat heescht Peien ausrechnen, dee ganze juristesche Volet maachen, Pläng mole vu Spillplaze wann dat ugefrot gouf. Dat waren déi Suen, déi mir dran investéiert hunn.

Et wonnert mech, datt elo verschidde Gemenge mengen, si hätten zevill an den OPE bezuelt. Mir hunn als Pétenger Gemeng all Joer 200.000 Euro an den OPE bezuelt fir all déi Aarbechten, déi se gemaach hunn. An ech hat ni dat Gefill – an dofir konnt ech ganz kloer soen, datt ech eigentlech Vertrauen an déi Hären hat, déi elo genannt goufen -, datt mer zevill bezuelt hunn. An ech si jo och hei zu Péteng an doriwier eraus bekannt dofir, datt ech keng Suen iwwerweise wann ech mengen, et wieren der zevill.

Ech hat zum Beispill beim ProActif gestriden, well ech gemengt hat, mer hätten zevill bezuelt. Déi ware komm an do hu mer de Kontrakt komplett erneiert. Well ech hat do d'Impressioun, datt mer, mat deem wat mer abezuelt hunn,

net am Gläichgewicht wiere mat deem, wat mer erauszéie géifen. Mä beim CIGL hat ech déi Impressioun ni. Dofir wonnert et mech, datt Gemengen elo op eemol feststellen, datt se zevill bezuelt hunn. Mä firwat hu se dat eréischt elo festgestallt? Firwat hu se dat net virun e puer Joer festgestallt? Well dann hätte se kéinten eng Kurskorrektur maachen. Et sinn och eng ganz Rei Gemengen, déi an de leschte Joere soten, se géife manner bezuelen. Do gouf gekuckt fir ze reduzéieren, mä dat huet nees dozou bäigedroen, datt den Defizit méi grouss ginn ass beim OPE, an dat well se manner Suen erakritt hunn. Mä si hate jo awer d'Personal an der wéssst jo selwer, datt ee sech net ka vun haut op muer vum Personal trennen. Do si jo Prozeduren, déi ee muss anhalen. Doduerch sinn eben déi Defiziter entstanden.

Wat d'Gebai ugeet, do mussen mer kucken, wat mer den 1. Januar 2014 maachen. Bilde mer genee déiselwecht Servicer un? Da brauche mer déi Raimlechkeeten. Wa mer natierlech elo géifen higoen a mer géife soen, mer reduzéieren déi Aktivitéiten, da muss ee sech d'Fro stellen, ob déi Raimlechkeeten net ze grouss sinn an ob mer net müssen op aner Raimlechkeeten zeréckgräifen. Mer wëssen awer, datt de CIGL am November 2011 e Kontrakt fir 6 Joer ënnerschriwwen huet fir dat Gebai. Mä do léisst sech awer eventuell mam Propriétaire verhandelen. Ech hat schonn eng Kéier e Gespréich mam Propriétaire fir ze kucken, ob een do net awer kann erausklamme wann et noutwenneg ass. Fir de Moment sinn ech net der Meinung, datt et direkt noutwenneg ass, well wa mer mat der Konventioun mam CIGL virufueren, da kënne mer bis 25 Leit do engagéieren. A wa mer déi Zuel vu Leit hunn, da brauche mer och déi néideg Plaz, déi Duschen, de Réfectoire an och déi Gefierer fir mat deene Leit do ze schaffen. Ech géif soen, mer sollte bis den 31. Dezember am selwechte Rhythmus weiderfueren. Déi Zommen, déi mer do investéieren, sinn net méi an net manner ewéi dat virdu war, d.h. 380.000 Euro, wa mer 2014 och esou géife virufueren. Ausser vläicht enger Indexbranche, déi fällig ass, oder en Extra lénks oder riets. Mä am Grousse Ganze géif et an darselwechter Norm bleiwen.

Wa mer 2014 awer e komplett anere Wee ginn, da mussen mer kucken, wat fir e Modell dat ass a wat dat kascht. Dat kéint méi deier ginn. Dat muss een awer kucken, well da schafft ee guer net méi mam Aarbechtsministère, mä vläicht mat fest engagéierte Leit an deene Servicer. An da muss ee kucken, wat dat kascht, well da kritt ee jo déi Remboursementer net méi vum Stat. En anere Virdeel ass natierlech, datt ee Leit huet, déi iwwer méi eng laang Zäit engagéiert sinn, an et huet ee vläicht eng besser Qualitéit vun den Aarbechten ewéi wann een all Joer oder all 2 Joer eng nei Équipe huet. Da müssen se nees nei ugeléiert sinn, an ier déi funktionell sinn, dat brauch seng Zäit.

Wéi gesot, déi zwou Variante sinn do. Den Owend ass d'Generalversammlung vum CIGL an an deenen nächste Wochen a Méint wäerte mer eis am CIGL dra knéien an och eng Proposition maachen. Am Juli oder September wäerte mer dann hei an de Gemengerot komme fir ze soen, wat fir eng Richtung de CIGL proposéiert. De Gemengerot muss jo och domatter averstane sinn, an da wäerte mer entweder 2014 déi Konventioun, déi mer hei hunn, ëm 1 Joer verlängeren oder mer schloen e ganz neie Wee an. Mä dat ass nach net bis op dee leschten Detail duerchduecht. Ech hat u sech net vir, nach eng Kéier dohinner ze goen, mä ech si fir e Freideg an enger Woch invitéiert gi vun enger Rei Leit, fir ze kucken, wéi et mam Réseau ass a wéi mer weiderfueren an deem Grupp an och wat mer solle maachen. Well wa jidderee sech a sengem CIGL ëm déi Peie këmmert, da gëtt dat e groussen Opwand. Dat sinn 20 bis 25 Leit. Do si kleng Gemengen, wou nëmme 5 oder 6 Mann schaffen, déi kënne sech dat guer net

leeschten. Mer mussen kucken, wéi mer vläicht déi Aufgabe kënne „bündelen“, esou datt een oder zwee Leit déi Aufgab fir all d'CIGL en iwwerhëlt. Da gëtt et jo manner deier ewéi wa jidderee säin eegene Personal- a Finanzresponsablen huet. Dat wiere jo zousätzlech Käschten. Een, dee 50 Leit beschäftegt huet, dee kann dat vläicht maachen, a mir mat 25 Leit nach esou just. Mä méi kleng CIGL kënne dat net maachen. Dofir ginn ech den 28. dohinner fir ze lauschten. Et soll ee jo d'Dieren net direkt zouklaken. Wéi dat Ganz an d'Bréch gaangen ass hat ech zwar gesot, datt dat Thema definitiv eriwuer wier fir mech. Mä nodeems se mer dräi Maile geschéckt haten, hunn ech awer entscheet fir op d'mannst lauschten ze goen, an da maache mer och eng konkret Proposition opgronn vun deem, wat dobäi erauskënnt. Dann hu mer och déi Unhaltspunkten, wat ënner deenen eenzelne CIGL kéint entstoen.

Becker Romain (déi gréng):

Dat heescht, dat hei huet elo net direkt Auswierkungen op eise CIGL?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, fir de Moment net. Bis den Dezember ass et komplett ofgeséichert. Mer fuere virun ewéi gehabt. Dofir hu mer och déi Konventioun gemaach. Mer müssen awer am Juli / August wëssen, wéi mer virufueren. Jee nodeem ginn nei Kontrakter gemaach ab November. Oder mer maache guer keng méi. Mä da sinn all déi Kontrakter gutt bis zum Schluss.

Accord à l'unanimité.

8.

Ordre public.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de la braderie de Pétange de 2013 – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Der wéssst, datt mer, nodeems mer am Dezember all déi fräi Nuechten op dem Territoire vun der Gemeng Péteng ofgeséichert hunn, an enger zweeter Phas nokomme wa mer den Datum vun de Braderie kennen. An der Tëschenzäit kenne mer och déi vu Péteng, an zwar ass se den 20. Juli. Dofir wéilte mer dann och d'fräi Nuecht guttheeschen um ganze Gebitt vun der Pétenger Uertschaft, esou datt do net all eenzelnen eng brauch unzefroen.

Accord à l'unanimité.

9.1.

Propriétés.

Approbation de l'acte avec M. Patrick Henri Reichling pour l'échange d'un terrain à Lamadelaine – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dese Punkt besteet aus 3 Deeler. Den Dossier enthält en Acte, dee mer beim Maître Robert Schuman ënnerschriwwen hunn. Dat ass am Kontext mat engem Compromis vum 9. Januar 2013 an deen den 18. März 2013 vum Gemengerot guttgeheescht gouf. Et geet drëm, e Stéck vum Här Patrick Henri Reichling zu Lamadelaine ze kafen. Dat ass laanscht dee Wee, dee vun der Parkplaz bei der Schoul a Richtung Groussgaass geet. Dat gëtt eis d'Méiglechkeet fir dee Wee e bësse méi breet ze maachen, esou datt ee besser op deem Wee ka goen. Et ass esou, datt mer als Kompensatioun

deenen dat Gelänner mat bauen. A fir de Rescht ass de Tosch „sans soulté“. Dat ass elo aktéiert ginn an et geet drëm fir deen Acte guttzeheeschen.

Bosseler Camille (CSV):

Ech wollt just froen, ob dee Wee erausgeet op deen ale Wee vun der Servitude oder ob en op dat Stéck geet, wat mer eréischt bäikaf hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

E geet op de Wee deen elo besteet. En ass e Stéck méi breet ginn. Méi ass et net.

Bosseler Camille (CSV):

Da bleift en op deem Wee, wou e war. Well hei ass d'Servitude ëmmer rüchtaus gaange bis et op d'Crèche komm ass.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et drëm, fir dee Wee méi breet ze maachen an e méi propper ofzeschléissen. Als Géigepart kéim dann eng kleng Ofgrenzung vum Terrain a mir kréien dann dat Stéck Terrain.

Accord à l'unanimité.

9.2.

Propriétés.

Approbation du compromis avec M. Fong Lung Chan pour la cession d'un terrain à Pétange, lieu-dit «rue Jean-Baptiste Gillardin» à Pétange – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Do geet et och ëm eng kleng Emprise, déi mer dem Här Fong Lung Chan vu Péteng géifen ofrieden. Dat ass e klengt Stéck wou, esouwäit ech weess, d'Trap erauskënnt. An dat ass awer nach ëmmer eisen Terrain. Do géife mer him dat ofrieden zum Präis vu 750 Euro den Ar. Hei sinn et 0,02 Zentiar. Mer kréien dofir 15 Euro. Mer hunn et regulariséiert, mer hunn de Compromis ënnerschrivwen a mer géifen dee Compromis och elo gâr hei stëmmen, esou datt do eng propper Situatioun entsteet an déi Propriétéitsverhältnissen tëscht dem Här Fong Lung Chan an eiser Voirie geregelt sinn.

Accord à l'unanimité.

9.3.

Propriétés.

Approbation du contrat d'approvisionnement avec la société Munhowen S.A. dans l'intérêt du Centre WAX à Pétange – approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Et ass am Fong geholl e Kontrakt tëscht der Gemeng Péiteng an der Firma Munhowen wéinst der Zapanlag, déi am Wax steet, an zwar an der Brasserie, wou de Munhowen eng Zapanlag mat Comptoir a Refrigeratioun zur Verfügung stellt a se och regelméisseg propper mécht. De Wäert beleeft sech op ongeféier 2.500 Euro. Et gétt eng „license de cabarettage“ zur Verfügung gestallt vun där mer kënne profitéieren, a se hunn eis och eng „allocation financière“ vu 35.000 Euro gi fir datt déi Brasserie ausgestatt ka ginn. Als Géigeleeschtung engagéiert d'Gemeng sech dann, fir während 8 Joer bei hinne Béier ze huelen oder déi Produkter, déi si verkafen. De Béier ass geschat op de Verkaf vun 150 Hektoliter, déi do verzaapt solle ginn.

Mer hunn dee Kontrakt hei virleien. Mer hunn déiselwecht Kontrakter mat der Brauerei an der Firma Munhowen an eise Gemengenhaiser a Sportshalen. D'Konditioune gi mer virun un den Exploitant. Et hânt also vun eis of fir déi Konditioune ze respektéieren.

Becker Romain (déi gréng):

Do steet an der Délibératioun „Considérant que la durée du contrat d'approvisionnement est de 8 années, commençant à courir à partir du 1^{er} octobre 2012“. Dat ass awer scho laang hir. Firwat hu mer dat dann elo eréischt hei um Dësch wann do de Kontrakt vum 1. Oktober 2012 u leeft?

Breyer Roland, Schäffen:

Do ass dee Moment, wou se d'„licence de cabarettage“ zur Verfügung gestallt hunn a wou de Bistro jo och opgaangen ass. Mer hunn awer elo d'Konventioun eréischt kritt. Si waren hannendran. Si si ganz léif mat eis. Si hunn eis e Scheck vu 35.000 Euro an de Grapp gedréckt a se hu kee Kontrakt gemaach. Se sinn eréischt elo domatter komm.

Becker Romain (déi gréng):

Dat sinn 9 Méint duerno. Wéi bei enger Schwangerschaft.

Breyer Roland, Schäffen:

Jo. Menger Meenung no hate si dat vergiess. Mer hunn d'Suen ebe scho laang.

Accord à l'unanimité.

10.1.

Personnel.

Création de postes dans le cadre du nouvel organigramme – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ier ech dem Här Breyer an der Madame Conter elo d'Wuert gi fir méi Detailler iwwer déi Posten ze ginn, déi am Kader vum neien Organigramm geschaf ginn, wollt ech awer kuerz soen, firwat mer déi Diskussioun hei féieren, firwat mer driwwer nopeduecht hu fir den Organigramm nei ze kucken. Mer wëssen, datt d'Basis vun deem Organigramm, wéi mer en den Abléck hunn oder bis viru 14 Deeg respektiv 3 Wochen haten, 2002/2003 geluegt war ginn. De Grond dofir war, datt mer eis nei wollten opstelle fir méi efficace un Niveau vun eiser Verwaltung a vun eisem technesche Service ze fonctionnéieren. Dee Moment goufe schonn eng Rei Moosname geholl.

An der Tëschenzäit muss ee feststellen, datt nei Missiounen op d'Gemeng zoukomm sinn. Wann ech drun denken, am Joer 2002 hate mer nach keng Maison Relais, haut hu mer eng Maison Relais wou bal 80 Leit schaffen. D.h. do si ganz nei Gegebenheete komm. Op där aner Säit sinn eng ganz Rei vu Leit fortgaangen an et sinn aner Leit, déi hei ugefaangen hunn. Et goufen och nei Momenter um Niveau vun eenzelne Servicer. An et kann ee en Organigramm net ofgeléist vun deem Personal, dat een agestallt huet an dat bei engem schafft, maachen. Do ass och eventuell déi eng oder aner perséinlech oder eng aner Gegebenheet, déi dozou gefouert huet, datt een huet miissten op deem engem oder anere Punkt ëmdenken.

Mir hunn eigentlech ufanks vum Joer gesot, mer géifen dat zesumme mat der Verwaltung maachen. Mer hunn all „Chef de département“ a „Chef de service“, respektiv och all Member vum Schäfferot gefrot, se sollen déi positiv an negativ Saache vum aktuelle Moment nidderschreiwen. Et

waren 18-20 Leit, déi sech geäussert hunn zu deem, wat gutt a wat manner gutt leeft.

An engem extra Séminaire, dee mer gehalen hu mat all deene Leit – do ware mer esouguer iwwer d'Grenze vun der Gemeng erausgangen – gouf dee ganzen Dag iwwer de Fonctionnement geschwat hunn a Conclusiounen gezunn. Mer hunn eis och gefrot, wat déi Punkte sinn, déi mer mussen änneren a wat mer wëllen änneren.

Uni elo an den Detail ze goen, kann ech soen, dass et haaptsächlech Ännerungen um Niveau vun dem „Ingénieur technicien“, also am technesche Service, gëtt. Do gëtt eng nei Andeelung gemaach. Et war och deemools eng Remarque gemaach ginn, dass eis „Ingénieurs technicien“ net méi genuch Zäit hätte fir technesch ze schaffen, well se zevill mat administrativen Aarbechte belaascht sinn. Och deem hu mer versicht Rechnung ze droen. Et war och eng Demande do, dass d'Musekschoul net méi am Schoulservice soll integréiert sinn, mä e separate Service soll ginn.

Och d'Opdeelung tëscht deenen eenzelne Memberen aus dem Schäfferot ass ugeschwat an och beschtméiglech ugaange ginn, esou dass déi eenzel „Chefs de service“ a „Chefs de département“ net méi mat zevill Leit ze doen hunn. Well si soten, si missten heiansdo d'Dossiere mat zwee oder dräi Memberen aus dem Schäfferot diskutéieren, an dat géif d'Saach net méi einfach maachen. Elo hu mer versicht – esou wäit et nëmme gaangen ass – an ech mengen, et ass eis och zu engem ganz groussen Deel gelongen, fir ze kucken, dass se nëmme méi mat engem Member vum Schäfferot ze doen huet. Dat bedéngt, dass et puer Modifikatiounen bei der Verdeelung vun de Ressorten am Schäfferot stattfonnt hunn. Ech ginn iech e puer Beispiller: am technesche Service sinn eng Rei Saachen, déi geännert hunn. Dat wäerte meng Kollegen iech nach soen. Mä zum Beispill sinn zwee Dossieren, den Enseignement an de Culte, déi hunn ech aus menge Kompetenzen an déi vun der Madame Conter eriwwer ginn. Dann huet d'Madame Conter an deem Service d'Musekschoul, den Enseignement an d'Maison Relais, an esou ass alles ënner der Responsabilitéit vun engem Member aus dem Schäfferot. Dat heescht, déi Ännerungen, déi mer um Niveau vum Schäfferot gemaach hunn, sinn op d'Demande vum Personal komm. Mer hunn och de Verkéier bei Stroosseninfrastrukture geluegt, well déi zwee Beräicher awer anenee gräifen. Well wann do zwee Membere vum Schäfferot domatter ze ginn hunn, da war dat net onbedengt gënschteg. Op alle Fall huet Personal gesot, et wier net gutt, an dofir hu mer deem och Rechnung ze droe fir esou efficace wéi méiglech ze schaffen.

Mer hunn och op der leschter Säit, an dat ass vläicht eng Saach déi wichteg ass, d'Tâche vun der „équipe directrice“ vun dëser Gemeng definéiert. Et ass esou, dass mer schon 2002/2003 gesot haten, mer géifen 3 Niveaue schafen op deenen Entscheedungen geholl ginn an den eenzelne Beräicher. Et huet een den Niveau vum Schäfferot, dat ass den 1. Niveau. Dann huet een den Niveau vum „Chef de département“, dat sinn am technesche Service d'Adèle Schaaf an den Yves Schiltz, am Sekretariat ass et de Raymond Kimmes an an der Recette de Sacha Schmit. Dat ass den Niveau 2.

Dann hu mer nach an Niveau 3, esou wéi mer dat och schon 2002/2003 agefouert hunn. Dat sinn eng ganz Rei „Chefs de service“. Fréier waren et „Chefs de département“, well mer deemools d'Departementer als méi grouss wéi d'Servicer betruucht hunn. Dat war virun 10 Joer och eng länger Diskussioun. Duerno hu mer op d'mannst eng Dose Leit – ee fir d'„ressources humaines“, en anere fir d'Musekschoul, en anere fir d'Schoul selwer, ee fir d'Finanzen an ee fir d'Ëmwelt -, an déi si perséinlech verantwortlech fir déi Objeten, fir déi

Iddien, déi esouwuel an der Schäfferotserklärung wéi och am „plan pluriannuel“ an an de Budgete festgehalen goufen an déi am Laf vun de Joeren ëmgesat solle ginn. Et ass also net esou, dass dee Verantwortleche vun engem Service drop waart, dass e Member aus dem Schäfferot freet, wou mer dru sinn. Deen huet effektiv d'Obligatioun, d'Initiativ ze huelen, esou dass déi Objektiv, déi mer eis hei um Niveau vum Gemengerot gesat hunn an all deene Beräicher och ëmgesat ginn. Déi hunn eng Verantwortung géintiwwer vum Schäfferot, an awer och vum Gemengerot, dass dat ëmgesat gëtt. Mer hätte gären, dass och op deem Niveau sech verantwortlech gëtt an d'Saache gemaach ginn, an dass sech net hanner e Member vum Schäfferot verstoppt gëtt.

Dat ass e bëssen de Kader. An aus deem ergëtt sech, dass mer vläicht déi eng oder aner Ännerung gemaach hunn am Hëllef op déi nächst Joeren a wéi mer hei wëlle funktionéieren an och opgronn vun neie Gegebenheeten, déi mer 2012 hei begéint hunn an déi 2002 sécherlech nach net do waren.

Breyer Roland, Schaffen:

Nodeems de Buergermeeschter ganz explizit an déi Diskussioun eragaangen ass, muss een nach eng Kéier soen, dass et eng Diskussioun war, wou mer zesumme mat de Beamten a Mataarbechter eng nei Philosophie opgebaut hunn an déi och duerno d'Zoustëmmung kritt huet. D'Avise vun den Delegatiounen leie jo och an deem Sënn positiv vir. Et waren emol Saachen dobäi, wou huet mussen méi laang erkläert ginn. Et geet drëm, dass mer en Organigramm hu mat hierarscheche Linnen, déi ganz transparent a wa méiglech och vertikal sinn. Virun hate mer e puer Ecken oder e puer Nischen dran, wou ee sech konnt verstoppen a soen, et wier net kloer gewiescht, dass deejéinegen dat sollt maachen. Hei sinn d'Linne relativ kloer, esouguer ganz kloer, esou dass mer unhuelen, dass mer méi séier kënnen reagéieren bei Entscheedungen an dass mer och keng schwaarz Zonen hu wou ee sech ka verstoppen a mengen, et wier en aneren, dee verantwortlech wier.

Deen éischten Organigramm hat déiselwech Basis. Et muss ee jo och kucken, dass ëmmer e mënschleche Faktor derbäi ass, mat deem een ze doen huet. Et si Saachen, déi och deem entsprechend opgebaut si well mer d'Stärkten an d'Schwächen wëssen. Mer wëssen och, dass verschidde Leit an d'Pensioun ginn. Den Organigramm huet deem scho Rechnung gedroen, well et huet jo kee Wäert fir nees eng Kéier vun enger gewësser Persoun ze schwätzen, well do eng aner Struktur agefouert gëtt an et och un der Zäit ass fir vläicht eng aner Iwwerleeung mat eranzebréngen. An et ass och mat de Leit geschwat ginn. A wann et nëmme dran ass a Saache kënnen intern ausgeschriwwen ginn, da soll dat geschéien. Et muss net all kéiers geschéie fir net alles op d'Kopp ze geheien. Mä et ass awer och eng Perspektiv do, esou dass all Mënsch emol eng nei Perspektiv an der Gemeng soll kréien. Och bei de Salariéen, wann esou e „poste à responsabilité“ si interesséiert.

Haaptsächlech huet beim technesche Service geännert, dass d'Regiebetriber an enger Hand sinn. Dat ass eng politesch an eng Ingenieurshand. Regiebetriber ass am Fong geholl alles, wat den Ënnerhalt, d'Botzen an d'Flicken an der Gemeng ugeet. Dat war ëmmer e bësse méi komplizéiert virun. Et war en Experiment, wat gemaach gouf. Mer kommen zeréck op d'Joer 2000, wou mer d'Regiebetriber an enger Hand haten. Wann zum Beispill e Verkéiersschëld ëmgerappt gouf, dann huet heiansdo mussen d'Steemetzer, d'Elektriker an d'Schlässer op d'Plaz kommen. Dat war an den Hänn vu verschidde Ingenieuren. Dat eent war „Bâtiments“, dat anert war „Voirie“, a bis déi sech koordinéiert haten, dat war net esou einfach. Hei ass alles an enger Hand, et ass also keen Eck méi do, wou ee sech ka

verstoppen an et kann also vill méi séier goen. Et bleift och an der Hand vun engem politesche Verantwortlechen, vun engem Ingenieur. Dat bedéngt natierlech, datt do aner Strukturen derhannert musse komme wou d'Responsabilitéit kloer definéiert ass vum Kontermeeschter, vum Chef d'équipe a wou nei Poste musse geschaf gi vun engem Administrationsbeamten. Wa mer dee Punkt kucken, dann ass et haaptsächlech de Ressort Regie, deen elo vun engem Schäfte betreit gëtt, an dat ass de Jeannot Linden. De Marco Beil ass verantwortlechen Ingenieur. Dee kritt awer, wa mer mat dem Organigramm averstane sinn, en administrative Beamten derbäi. Do kënnen mer eventuell en anere Wee goen a vläicht e Beamten aus dem Chômage huelen, deen am Fong geholl schonn en administrative Bagage huet, eng administrativ Erfahrung, an deen net muss duerch den INAP goen, well en direkt soll agestellt ginn. Soss leeft dee Service net esou séier un. Ob dat e Mann oder eng Fra ass, dat muss ee kucken.

Bei den techneschen Déngschter kënnt och dobäi – an dat gesi mer ëmmer méi -, datt de Sicom ëmmer méi grouss gëtt. Dat heescht, alles wat Informatik ass, alles wat d'Pläng ugeet, gëtt ëmmer méi bedeitend. Dofir musse mer en zweete Mann, en techneschen Zeechner bäikréien. An den eenzelnen Espacen, déi sech ënnendrenner entwéckelen, hu mer alles wat „Bâtiments“, wat „Ennerhalt“, wat „Voirie“ a Botzen ass. Do brauche mer beim Waasserbetrieb en neie Kontermeeschter, well mer de Moment keen do haten. Der wësst, datt den Här Schlottert eng Zäit do war, mä hien ass fortgaang. Dee Moment hu mer de Waasserbetrieb duerch e „chef d'équipe“ opgefëllt. Hei soll awer e Kontermeeschter dohinner komme well mer, wat d'Qualitéit vum Waasser ugeet, eng gewësse Verpflichtung géintwuer vum Bierger hunn. Et soll eng Persoun mat Expérience dohinner kommen, déi awer, wat d'Waasserleitungen ugeet, gutt ass. Do géif dann en neie Poste geschaf ginn. Beim Paul Decker feelt e „chef d'équipe“. Do géif och an der „Voirie“, dem Garage, der Hygiène an de Stroosseninfrastrukturen en neie Posten entsto. Dat si Posten, déi ausgeschriwwen ginn.

Am administrative Beräich ännert, datt d'Musekschoul e Service fir sech gëtt an datt am Fong geholl de Chef vun der Musekschoul och den Titel „Chef de service“ kritt. Dës Persoun muss och en administrative Bagage hunn. Do wäert en halwe Redakteschposten entsto.

A well mer wëssen, datt och verschidde Leit aus dem Biergerzenter geschwënn a Pensioun ginn – de Jeannot Wagener an d'Martine Clement -, ass och schonn dru geduecht gi fir déi Saachen ze regulariséieren. Aus den „employés communaux“ sollen dann och Beamte ginn an déi Poste sollen och scho mat erageholl ginn. Dat heescht, et géifen zwee Poste geschaf ginn an der Carrière vum „expéditionnaire administratif“ am Biergerzenter, den techneschen Zeechner (40 Stonnen/Woch) hu mer schonn, den „employé communal“ an der Carrière C hu mer och schonn. D'„assistante d'hygiène sociale“ soll an d'Luucht gehoff ginn an dozou wäert d'Madame Conter nach eppes soen. Et soll och e Kontermeeschter am Waasserbetrieb geschaf ginn an am Service Regie soll e „chef d'équipe“ als Adjoint vum Paul Decker funktionéieren.

Bei de Projeten – haaptsächlech beim Kanal - hu mer de Moment e Mann schaffen, deen e „poste à responsabilité“ huet. Hie war bis elo Chauffeur a soll dann elo an d'Carrière vum „chef d'équipe“ geholl ginn. De Chauffeursposte soll dann ofgeschaf ginn.

Den „délégué à la sécurité“ huet am Fong geholl och d'Carrière vum „chef d'équipe“, ass awer direkt vum Buergermeeschter ofhängeg wat d'Sécherheet ugeet a wat

d'Hierarchie ugeet am System vum „chef de département“ vum technesche Service.

Dat wieren am Fong geholl déi Posten, déi elo géifen dévelopéiert ginn. Wa mer averstane wiere mam Organigramm, da wiere mer automatesch averstane domatter fir déi Posten ze schafen. De Schäfferot géif dann d'Méiglechkeet kréien, ze rekrutéieren, déi noutweneg Annoncen ze maachen, esou datt mer déi Posten esou séier wéi méiglech besat géife kréien. Haaptsächlech deen administrative Beamten am technesche Service, dee mer ganz séier brauche fir datt den technesche Service ka funktionéieren. Do wollte mer jo och op de soziale Wee goen. Déi aner Plaze géifen dann ausgeschriwwen ginn, esou datt mer déi och nach esou séier wéi méiglech kéinte rekrutéieren am Laf vum Joer an den Iwwergang bis d'Leit an d'Pensioun ginn och ganz „soft“ gestalten. Dofir wiere mer frou, wa mer den Optrag kéinte kréie fir déi Posten esou séier wéi méiglech auszuschreien.

Conter-Klein Raymonde, Schaffen:

Fir dann elo emol iwwer de ganze Volet Schoulwiesen ze kucken, do deet sech an engem gewësse Sënn net esou vill. Mer si jo do och ofhängeg vum Ministère. Ech mengen, do kréie mer jo déi Reglementer, wat mat der Schoul soll geschéien huet, souwisou virgeluegt. Dat eenzegt, wou mer do wëllen eng Schëpp bäileeën am Service, an dat well mer ëmmer méi Kanner mat Problemer hunn, dat ass mat eiser „assistante d'hygiène sociale“ an eise Schoulen. Déi Madame brauch einfach méi Stonne well mer méi Kanner mat Problemer hunn. Et ass och eng Zuel, déi an nächster Zäit net ofhëlt. Ech hu mech och nach mam Inspekter ofgeschwat, esou datt mer op de Wee gi fir der Madame eng 90%-Tâche ze ginn.

Wat d'Maison Relais selwer ugeet, esou bleiwen déi am Schouldepartement dran. Et ass jo souwisou och vum Ministère aus ugestriift, datt d'Maison Relais méi enk mat de Schoule sollen zesumme schaffen. Mir hu bis elo d'Direktesch an d'Sous-Direktesch hei bei eis an der Gemeng, fir datt mer Problemer vill méi séier kënnen léisen. Dat huet bis elo ganz gutt geklappt. De Wonsch fir an deem Departement ze bleiwen ass och vum ganze Personal ausgedréckt ginn. Mer ginn zwar ëmmer méi grouss, mer si jo schonn erëm am Plange fir eng nei Maison Relais ze bae well einfach eis Waardelëschten esou grouss sinn. Mä de Moment wollte mer esou verbleiwe well mer do eng gutt Entente an e gutt Schaffen hunn.

Dee gréisste Changement, dee kënnt, dat ass dee mat der Musekschoul, well mer do e ganze Service fir sech schafen. Dat heescht, d'Musekschoul soll vill méi autonom schaffen. De Chargé de Direction gëtt Chef de Service. En ënnersteet an direkter Linn de Schaffen an dem Gemengesekretär. E kann natierlech vill méi séier Entscheedungen treffe fir alles, wat fachlech domatter ze doen huet. Do musse mer näamlech oppassen, do gi mer an e Fachgebitt eran, a wann een do keng Leit huet, déi mat engem schaffen an an där Matière dra sinn, dann huet een et vill méi schwéier. Hie kann dann och besser a méi séier entscheede wat de Package, wat eng Musekschoul ugeet, duerstellt. Dat heescht och mat de ganzen Diplomer, mat deene ganzen Aktivitéiten, déi niewebäi nach kënnen ufalen. Doriwwer eraus hu mer entscheet fir e Sekretariat ze grënnen, dat direkt donidden an der Schoul funktionéiert. Am Ufank emol hallef Deeg an am Hibleck op déi nei Musekschoul, déi mer amgaange sinn ze plangen. An dat och mat engem Gemengebeamten, dee ganz an d'Matière vun de Reglementer ageweit gëtt an dem Chef de Service soll nostoen. Esou komme mer den Elteren, de Kanner an de

Chargéé méi no. A wann do ennen eng Fro opgedaucht ass, da waren ëmmer déi laang Weeër ze maachen oder et huet geheescht, de Sekretär wier grad net do. Wa se dann op der Gemeng waren, war et heiansdo zevill fachlech an et konnt een hinne keng richteg Äntwert ginn. Et ass gudde Wëllen hannendrun, mä wann een an esou e Gebitt erageet, dann ass et net einfach fir do déi richteg respektiv passend Äntwerten ze kréien. An dofir hu mer entscheet, fir op dee Wee hei ze goen.

Wat elo nach dat neit Personal – beim 10. Punkt – ugeet, esou kënnst dat doraus ervir, datt, kaum ass Péteng op, mer schonn erëm eng Waardelëscht vu 75 Kanner hunn. Mer hunn awer vum Ministère nach eng Agreement, wou mer nach 50 Kanner iwwee de ganzen Dag kënnen eranhuelen. Mer hu gesot, mer géifen dat änneren, déi Kanner eranhuelen an déi erausfilteren déi just mëttes an de Foyer kommen. Mer hu jo déi grouss „salle polyvalente“ hei zu Péteng, esou datt mer mëttes de Foyer lafe loossen. A mer kënnen an de Gruppe Plaze fräi maache fir Kanner, déi gären dee ganzen Dag an d'Maison Relais kommen. Esou kënnen mer e ganz groussen Deel vun der Waardelëscht fir den Hierscht ofbauen, an dat zur vollsten Zefriddenheet vun den Elteren.

Doriwwer eraus wëlle mer och nach 2 Tâchen op 40 Stonnen d'Woch eropsetze fir déi Kanner, déi spezifesch Bedierfnisser hunn. Mer hunn e ganze Katalog voll. Mer hunn och nach méi Stonnen ugefrot a mer hu se natierlech net alleguer accordéiert kritt. Mer sinn awer schonn emol frou, datt mer déi hei kritt hunn. Mer hunn och nees direkt nei Demandé gemaach, well mer erëm Kanner mat spezifesch Bedierfnisser kréien an deene mer déi beschtméiglechste Betreuung wëlle ginn, esou datt mer dann hei och nach präziséiere wat fir Poste solle geschaf ginn: 3 Poste fir „éducateur diplômé“ zu 35 Stonnen/Woch; 5 Poste fir „éducateur diplômé“ zu 30 Stonnen/Woch; d'Erpsetze vun 2 Poste vu 35 op 40 Stonnen/Woch. Mir hunn de Moment iwwee 500 Kanner, déi an eise Maison Relais an an de Crèche betreit ginn. Mir wëssen och, datt dat net duergeet. Mer ginn hinnen awer gär déi optimaalste Betreuung. Ech mengen, wa mer op dee Wee ginn, da komme mer deem e Schrack méi no.

Linden Jeannot, Schäffen:

Wann een e wéineg kuckt, dann huet bei mir am mannste geännert. De Verkéier ass eriwwee gaange bei d'Stroosseninfrastrukturen. Wat ech natierlech ganz iwwehuelen, dat ass de Service Regie. Dat ass dee Service, dee mat den Aarbechte vun all Dag ze doen huet. Et ass eng Saach, wou Reparature muss gemaach ginn. Ech hunn de Mëtteg scho Kontakt mat deem Chef de Service opgeholl fir mech mat him zesummen ze setzen. An dat fir ze kucke wéi mer duerno virginn an dat och an deenen einzelne Servicer ewéi d'„Voirie“ oder „Bâtiments“. Do muss ee vläicht kucken, wéi d'Organisatioun vun den Aarbechten intern ass, ob dat an der Rei ass, wat u Verbesserung ka gemaach ginn. Ech hu mer och virgeholl, déi verantwortlech Leit ze ruffen an ze kucken, wat fir Weeër mer zesumme géife goen. Jidderee weess, datt dat net deen einfachste Secteur ass, mä ech huelen awer un, datt ech mat de Leit eens ginn. Bis elo sinn ech jo och gutt eens gi mat deene Leit, wou ech de Ressort hat.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Basis ass sécherlech den Organigramm, deen de Schännerot arrétéiert huet. Dat ass d'Kompetenz vum Schännerot. Natierlech kann deen Organigramm nëmmen ënner där Form ëmgesat ginn ewéi de Schännerot en elo virgestallt huet, wann de Gemengerot déi Posten, wéi se elo virgestallt goufen, och schaaft. Domat ass d'Diskussioun elo op.

Bosseler Camille (CSV):

Ech hu mer den Organigramm ugekuckt. Den Här Breyer huet gesot, mer kréichen d'Lëscht mat de Fotoe fir datt een och gesäit, mat weem een et ze doen huet. Dat hate mer jo alt schonn emol.

Breyer Roland, Schäffen:

Der hutt d'Fotoe schonn.

Bosseler Camille (CSV):

Mer hunn esouvill Beamten, Kontermeeschtere, an esou weider. Dat wat ech gäre géif gesinn, dat ass een, dee géing kontrolléieren. Et geet net duer, datt mer iwwee Leit hu wann et op aner Plazen do läit. Ech sinn elo duerch de Gronn komm. Just eng Spuer ass do gezunn. Wa se de Gruef opgehäit hätten, dann hätten se dat net bräichten ze maachen. Dann hätten d'Leit gesinn, wou d'Waasser wier, wou d'Waasser stéing. An do sinn nach vill där Saachen. Do miisst menger Ansiicht no – och wat d'Gebailchekten ugeet – eng Kontroll do sinn. Et geet net duer fir einfach den Acte ze kucken. Eng Kontroll muss jo um Schantje si fir ze kucken, wéi déi ganz Saach do verleeft. Oder kënnen se wierklech maache wéi se wëllen?

Breyer Roland, Schäffen:

D'Kontroll ass do, se ass vläicht net siichtbar genuch do. Et ass e Chef d'équipe an e Kontermeeschter, déi eng Kontrollfunctioun hunn. A wa mer elo en Organigramm hei maachen – haaptsächlech an de Regiebetriber, déi dir jo hei uschwätzt -, do sinn eng ganz Rei vu Chefen do an ech huelen och un, datt déi hir Aarbecht maachen esou wéi se an der Postebeschréiwung steet. Mer hunn 5 Kontermeeschter a mer hunn 5 Chef d'Equipen. Déi sinn do fir Kontroll ze maachen.

Bosseler Camille (CSV):

Da miisst se och eng Kontroll maachen op der Plaz. Mir hate fréier 2 Leit, déi fir d'Duerf zoustänneg waren. Déi hu gewosst, wéini datt se déi Aarbecht gemaach hunn a wéini se nees miisst gemaach ginn. Haut läit dat joerelaang do.

Breyer Roland, Schäffen:

Mer sinn awer haut déi fënnegréisst Gemeng. Mer si keen Duerf méi. Här Bosseler, ech war och d'lescht Jorhonnert schonn hei, an d'Situatioun evoluéiert jo awer. Mer mussen haut mat neie Saache fueren, et gi Pläng gemaach, an deen Organigramm huet jo als Missioun, fir ganz kloer Linnen ze zéien a ganz kloer Responsabilitéite fir déi Chef d'Equipen festzeleeën. Bei der Postebeschréiwung – déi hu mer lech elo net virgeluegt -, do ass nach e ganz Buch derbäi wat genee muss gemaach ginn a wat si mussen als Kontrollfunctioun maachen. Ech bieden lech, fir elo emol der Saach hei eng Chance ze ginn.

Bosseler Camille (CSV):

Dat hei ass eppes, wat ech scho méi laang reklaméiert hunn. Ech sinn elo eréischt e Sonndeg duerch de Gronn gefuer, do hu se just eng Spur geméint. Also mussen d'Autoen, wann een deem aneren auswäicht, an de Gruef fuere wou d'Waasser steet. Dat si Saachen, do miisst Kontroll si bei esou ville Leit.

Fréier hunn zwee Mann dat am Duerf gemaach. Se hunn dat och nach manuell gemaach. Haut hu mer Maschinne fir alles. Et ass kee méi, dee sech esou midd mécht. Da kann ech awer och verlaangen, datt et an der Rei ass.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir sinn déi fënnegréisst Gemeng an ech sinn der Meenung, datt eis Gemeng gétt gutt gefouert gétt an déi Aarbechter och

gutt schaffen. Si kënnen nach besser schaffen, dat ass sécher. Mä si schaffen net schlecht.

Scheuer Romain (déi gréng):

D'Madame Olinger kritt jo Stonnen derbäi. Do kéint ee jo awer drun denke fir eng Persoun an dësem Service bäizesetzen, well déi Madame weess jo heiansdo net méi, wou se soll ufänken, a wa si eng Kéier géif ausfalen, da wier keng Persoun do fir si ze ersetzen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mer hunn och selwer dorunner geduecht, mä mer hunn am Moment net genuch Plaz. Wouhinner setze mer se? Mer sinn awer och um gudden Wee fir do ënnen eng nei „maison sociale“ ze bauen, an do hu mer jo eng relativ grouss Zuel vu Büro virgesinn. Wann dat Haus emol steet, da wäert dee ganze Service sech och anescht kënnen orientéieren. Mä dat wäert nach 2 bis 3 Joer dauere bis mer esouwäit sinn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Well mer awer genuch Problemer an deem Service hunn, kann een awer vläicht eng Kéier drun denke fir eventuell eng hallef Tâche fir de Moment ze schafen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech mengen, datt, wann d'Madame déi do Stonne bäikritt a bal op 40 Stonne kënnt, da si mer besser opgestockt a si esou hir ganz Dossieren och méi séier behandelt kritt. Mer sinn eis awer och bewusst, datt dat en Domaine ass, wou d'Aarbecht sécher net ofhéit.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et kënnt och en neit Gesetz iwwer de „service médico-sociale“ vun de Schoulen. Do solle mer emol ofwaarden. Mer mussen awer kucken, wat dobäi erauskënnt. Do kënnen och op aneren Niveauen - zum Beispill wat den Dokter oder medizineschen Encadrement ugeet – nach Demanden op d'Gemeng zoukommen, esou datt mer dat Gesetz wollten ofwaarden. Dat leeft parallel. Wann dat Gesetz fäerdeg ass, da wäerte mer och do ënne fäerdeg sinn, an da wäerte mer och déi néideg Raimlechkeeten hunn. An da gëtt wahrscheinlech e ganz anere „Service médico socio-scolaire“ opgebaut fir eis Schoulen ewéi mer e bis elo hunn. Et soll ee vläicht elo net zevill séier goen. An et ass och mat der Madame Olinger ofgemaach ginn, datt si averstanen ass, an enger éischer Phas mat deene Stonnen, déi si derbäi kritt, eens ze ginn. Da waarde mer of, wat da kënnt, ier mer eis nei opstellen opgronn vun deenen neien Erausforderungen, déi dee Service dann hei an eiser Gemeng kritt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Der hutt jo vu verschiddene Servicer Ufro kritt fir Leit bäizekriegen oder d'Servicer ze änneren. De Service „espaces verts“ kritt ëmmer méi Gréngs. Mer hunn zwar de „fauchage tardif“. An och am Service „Régie“ hu se momentan jo vill Problemer wat d'Flicke vun den Trottoiren ugeet, a si wësse gläich net méi, wou se ufänke sollen. Wéini hunn ech se gesinn, do war en Accident geschitt. Do si se op där enger Plaz nees ewechgeholl gi fir ze flicken. Geet dat duer mat de Leit? Do kënnt jo en neie Chef d'équipe dran. Hëllef deen dann och dee Moment, oder wéi gesäit dat aus?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

De Service „espaces verts“ ass dee Service, deen an de leschte Joeren am meeschten opgestockt gouf. Deen huet op d'mannst 25% bäikrut an de leschte 5 oder 10 Joer. Dat heescht, do sinn am meeschte Poste geschafe ginn. D'lescht Joer hu mer nach e Poste geschaf an deem do Service. Sécherlech kann een ëmmer méi Leit froen, mä mer mussen

awer och kucken – an do musse mir eis Gedanke maachen -, datt mer dat och kënnen finanzéieren. Wa mer méi Leit astellen, da sinn d'Mëttelen net méi do fir aner Saachen. Dofir muss een e gesond Gläichgewicht hunn tëscht deem wat ee vu Leit astellt an deem, wat ee sech och nach ka leeschten. Ech géif soen, datt et ëmmer ëm dës Zäit ass – dat ass och fir dem Här Bosseler eng Äntwert ze ginn –, wou alles wiest an d'Leit och bei mir uruffe fir mer ze soen, wéi et hei oder do ausgesäit. Et ass dréchen, an da fänkt et u mat reenen an alles wiest. Dat mierke mer jo och, wa mer doheem de Gaart maachen. Mer méinen am Mee an am Juni am meeschten. Am September kann een et scho vergiessen. Och wann een Enkpäss huet am Mee an am Juni. Soss huet jo och de CIGL sech do agemëscht. Dat konnte mer elo net maachen, well de Personalbestand vum CIGL ëmmer méi kleng ginn ass a well mer eben déi ganz Problematik mat der OPE haten. Mer kréien awer elo méi Leit, an do kann een deen een oder aneren asetzen, et kann een RMG-Leit asetze fir zwee oder dräi Méint, wann een déi Enkpäss huet. Mä et kann een awer net Leit e ganz Joer astelle just well een während e puer Méint Enkpäss huet. Da muss een awer emol akzeptéieren, datt ee vläicht net esou nokënnt an et vum Juli un nees an der Rei ass.

Mä ech weess dat do, mir kréien och déi Reklamatiounen. Och déi Trottoirplacke sprange wann et Temperaturschwankunge ginn. Ech weess, dat ass eng gewëssen Zäit, mä et kann een dofir net dat ganz Joer Leit astellen. Ech verstinn och, datt Leit net ganz zefridde sinn, mä och eng Gemeng ass kee Faass ouni Buedem. Och déi musse kucke fir mat deene Mëttelen eens ze ginn, an déi ginn ëmmer méi knapp. Mer hu jo schonn eng Rei Poste geschaf, déi budgetär wéi doen. Wat mer huet hei entscheeden, dat ass e Käschtpunkt vun 250.000 Euro d'Joer. Dat muss ee wëssen. Et kann een natierlech ëmmer méi fuerderen, mä déi feelen eis dann ebe fir Projeten ze maachen. Dat hei ass elo nach finanziell ze droen.

Linden Jeannot, Schäffen:

Jo, wann ech gesot hunn, datt ech mat hinnen zesumme kommen, dann ass dat jo en „Ist“-Zoustand fir ze kucken, wou mer de Moment stinn, wou wiest et méi séier. Et muss ee fir d'éischt emol kucken, wou eng Verbesserung muss gemaach ginn. Wéi mer et maache kënnen, dat ass jo déi Aufgab, déi ech hu mat deem Chef de Service. A mer besprieche jo, wéi et mat deene Leit drënner geet a mer halen dat fest. Dat muss duerno natierlech an de Schäffen- a Gemengerot goe fir ze kucken, wat sech maache léisst a wat net.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dir hat elo just gesot, datt et géif kaschte fir neit Personal anzustellen. Do hu mer am Service „Nettoyage“ e Poste vu 40 Stonnen an der Park-Schoul opgeléist. Kéinte mer déi Dammen, déi do schaffen an elo just 20 Stonnen hunn, op 30 Stonne setzen? Hutt der do keng Ufro erakritt?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech mengen, do hu mer keen neie Poste geschafen. Dat ass just e Posten, deen net besat ass, well mer e Problem haten. Eng Zäitchen ass d'Police vun eis gebotzt ginn, dofir hu mer e Posten opstoen. Do steet zwar „nouveau poste“, mä et ass eigentlech keen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Hei steet zwar op der Säit 33 „nouveau poste“ vu 40 Stonnen an der Park-Schoul an der Musekschoul.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech kann iech soen, wat dat ass. Dat ass deen neie Posten, dee mer fir de Précoce an de Précolaire an der avenue Dr. Gaasch zu Rodange geschaf haten. Well mer et intern

ausgeschriwwen haten, huet ee sech vun do gemellt op deen do Posten, esou datt deen do elo fräi ass. Déi Damm, déi do stoung, déi steet elo schonn um Niveau vum Précoce zu Rodange.

Dir hutt d'Erklärungen hannendrun, firwat déi Posten net besat sinn. Beim „9“ steet effektiv dran, datt mir entscheet hunn, datt mer dee Posten nees géifen opmaache wann d'„maison sociale“ opgeet.

Scheuer Romain (déi gréng):

Déi Delegéiert haten en Avis ofginn, firwat se sech net eens sinn tëscht dem LCGB an dem OGBL. Wou läit de Problem do?

Breyer Roland, Schäffen:

De Problem läit net doranner. Et ass just, datt si Perspektiven hätte fir all Mënsch, an zwar wéi d'Konditiounen si fir Chef d'équipe ze ginn. Si gesinn am Fong geholl d'Carrière vum Chef d'équipe oder Kontermeeschter.

Mir hunn eng Differenz gemaach tëscht enger Carrière als Chef d'équipe, deen ënner engem Kontermeeschter schafft, an engem Chef d'équipe, deen net ënner engem Kontermeeschter schafft. An hei hu mer zwee Posten, zum Beispill den „délégué à la sécurité“ an och dee verantwortleche Chef d'équipe fir d'Kanalisationen, déi schaffen net direkt ënner engem Kontermeeschter. Mer hunn deenen eng Méiglechkeet, eng Perspektiv ginn, esou datt se kënne Chef d'équipe sinn. D'Delegatioun vun de „saliés“ hätt gäre gehat, datt een déi Perspektiv vum Chef d'équipe fir all Mënsch hätt an datt een et méi séier kéint ginn. Mer hunn awer gesot, datt mer net just Viraarbechter an Offizéier maachen, well mer brauchen nach Zaldoten. Dofir hu mer just déi 2 Carrièren opgemaach, well déi spezifesch Aarbechte maachen. An do ware si sech net eens. Déi eng hunn dat gutt fonnt, déi aner net.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dann ass et jo ze begrëssen, datt den Här Linden de Mëtteg mat deene Leit zesumme kënn. Esou datt se sech dann eens ginn an déi Chef d'équipen och – esou wéi den Här Bosseler gesot huet – op d'Plaz kucke ginn, datt et esou soll lafe wéi et soll an datt déi Saache propper a korrekt gemaach ginn. Net datt dat eent hallef gemaach gëtt an dat aner leie bleift. Well dat ass jo och net de Sënn vun der Saach.

Breyer Roland, Schäffen:

D'Chef d'équipen hunn eng ganz kloer Postebeschrëiwung.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi Kontermeeschteren, déi Chef d'équipen hunn eis ëmmer nees gesot, si wieren zevill mat administrativen Aarbechte beschäftegt. Dofir hu mer eng ganz Rei administrativ Aarbechten intern geregelt. Déi ginn zum Deel an der Verwaltung gemaach an dat duerch deen „employé communal“, dee mer wëllen astellen an deen och eng gewëssen Erfahrung soll hunn. Dat soll d'Kontermeeschteren an d'Ingenieuren entlaaschte mat den administrativen Aarbechten, esou datt se kënne méi um Terrain bei den Equipé sinn. Dat ass och eng vun den Iwwerleungen, firwat mer do déi Persoun astellen. Déi soll déi ganz Gestéioun vum technesche Service ënner dem Marco Beil an de Regiebetriber ofdecken. An da ginn déi aner ënnendréiner respektiv uewendriwwer entlaascht.

Brecht Guy (LSAP):

Ganz kuerz Här Buergermeeschter. Ech mengen, et sinn 2 Voleten, déi dat hei bestëmmen. Dir hutt se benannt. Op alle Fall ass e finanziell tragbar. Deen zweete Volet ass, datt een an Zukunft méi effizient ka schaffen. Ech war laang Zäit bei

engem Patron, wou de Géigendeel geschafft gouf. An ech kann iech soen, datt dat näischt bruecht huet. Dofir fannen ech dee System hei ganz gutt. Ech ginn iech just e Beispill, dat ech och virdrun net verstanen hunn. Dat ass de Ressort vun de Verkéiersinfrastrukturen, firwat der dat getrennt hat. Der hutt dat elo zesummegeluegt. Dat ass nëmmen ee Beispill fir déi gutt Opsetzung vun dësem Organigramm.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mer haten dat do probéiert a mer hu festgestallt, datt et schlecht géif goen. No annerhalwem Joer hu mer et jo du geännert. Ech mengen, et muss een och emol eppes probéieren. An engem Organigramm huet een eng Iddi, et versicht een et, a wann ee mierkt, datt et net funktionéiert, da muss een dorop reagéieren.

Rosenfeld Romain (CSV):

Ech géif dem Schäfferot félicitéiere fir déi Aarbecht hei. Et ass vill méi kloer elo. Alles ass schéin definéiert vun uewe bis ganz ënnen. De Buergermeeschter an och d'Schäffen hunn dat méi dacks gesot, datt een net ëmmer soll an de Schäfferot mat eppes goen. Et geet och vläicht duer fir säi Chef d'équipe unzeruffen an do verschidde Beschwerden anzerechen. Wann et do net geet, da muss een eventuell méi héich goen. Mä fir hei am Haus ze schaffen ass dat hei e ganz grouse Virdeel. Ech sinn och dervun iwwerzeegt, datt dat hei seng Friichten dréit.

Welter Gilbert (DP):

Ech ginn dem Här Rosenfeld Recht an ech mengen, datt den Organigramm gutt opgesat ass. Ech vermëssen allerdéngs – an dat wëll ech hei nach eng Kéier soen – den Ëmweltberoder. Dee feelt och nees hei. Mer hunn en neie Poste geschaf, a mer wësse vun anere Gemengen, déi esou e Mann do setzen hunn, datt do eng ganz grouss Aarbecht an der Ëmwelt geleescht gëtt, well zënter 2 Joer näischt geschitt. Ech sinn nach der Meenung, datt mer hei hätte missten en Ëmweltberoder mat eranhuelen. Wa mer schonn nei Posten an engem Organigramm schafen, dann hu mer et verpasst, an dat ass net gutt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech sinn net der Meenung, datt mer keen Ëmweltberoder hunn. Mer hunn ee Service, esouguer en extraen Service mat engem Chef de service, dat ass den Ëmweltservice, an do ass den Här Linden Claude de Chef de service. Mer hunn och grad an deem Beräich eisen Ingenieure gesot, datt dee Mann vill méi misst agebonne ginn a Projeten a vill méi dee Volet do misst ofdecken. Och do hu mer versicht, är Remarquen, déi der an der Vergaangenheet gemaach hutt, nei ze relancéieren. Et ass och en Engagement vun eiser Säit, datt den Ëmweltservice an all de Projeten, déi elo nei kommen, a bei all den Iddien, déi mussen entwéckelt ginn, vill méi muss agebonne ginn – och vun den Techniker - ier Entscheedunge getraff ginn. Dat heescht, mir hunn eigentlech en Ëmweltservice wéi déi aner och, an ech menge schonn, datt den Här Linden dat beschtméiglech mécht. Et ass eng vu sengen Haaptaufgabe fir dee Volet ofzedecken. Wou der Recht hutt, dat ass, datt an der leschter Zäit ëmmer mander dee Kontakt gemaach gouf tëscht dem Techniker, deen de Projet entwéckelt huet an him. A mer hunn elo am Organigramm festgehalten, datt do elo vill méi Verbindung mussen kommen an den Ëmweltservice berücksichtegt muss ginn.

Welter Gilbert (DP):

Ech ginn iech Recht Här Buergermeeschter. Ech wëll awer och soen, all Respekt fir de Claude Linden, dee ganz gutt Aarbecht leescht, mä en Ëmweltberoder ass e Fachmann, dee mécht seng Universitét, dee léiert dat iwwer Joeren an e

kënn mat ganz neien a gudden Iddien, déi einfach e Mann, deen dat net gemaach huet, net ka bréngen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mä do si mer op enger aner Wellelängt. Dat kann een „in-house“ maachen, mä mer maachen net alles „in-house“. Mer hunn och kee Jurist hei, mä mer brauchen awer ganz dacks e Jurist. Deen „know-how“ gi mir eis akafen. Natierlech, wa mer e Projet maachen – ech kucken elo déi nei „maison sociale“, déi no ganz héijen Ëmweltcritären opgebaut ass, esou wéi och aner Saachen -, da gi mer déi ausserhalb kafen. Dat ass eng Politik, déi mer bis elo nach ëmmer an de leschte 15 Joer gemaach hunn, an dat well mer einfach net der Meenung sinn, datt mer e Mann 40 Stonnen d'Woch brauche fir dat ze maachen. Mer brauchen déi Persoun punktuell. An da muss een déi fir déi Projeten an och fir déi Spezialisatioun siche goen. Well och do ginn et eng ganz Rei vu Spezialisatiounen. Wann der e Mann hei sëtzen hutt, dee vläicht eng Spezialisatioun am Fach X huet an a ganz anere Saache keng, dann ass dat och net optimal. An dofir menge mir, datt mer solle punktuell e Spezialist huelen, deen dat och mécht. Wéi gesot, mat den Affekote maache mer dat och d'selwecht. Mer schaffen net mat engem Affekot, mä jee nodeem wat fir en Domaine mer hunn, schaffe mer mat engem Affekot, deem seng Spezialisatioun doranner ass. An domatter hu mer besser Erfahrung gemaach. A mer wëllen dat selwecht am Ëmweltberäich maachen.

Et kéint een natierlech och an déi aner Richtung goen a sech e Generalist, e Jurist oder op allen Niveaue Leit eranhuelen, mä dat sinn da keng Leit, déi eng Spezialisatioun hunn. An ech menge schonn, et wier besser, mer géifen d'Spezialisatioun virzéien.

Thein Joé (adr):

Mir als adr begréissen natierlech och déi Strukturreform. Mer sinn der Meenung, datt mat deem Organigramm, esou wéi mer en hei presentéiert kruten, ganz vill Positives bewierkt wäert ginn. Ënner anerem schafe mer Bürokratie of, mer hëllef der Schnelligkeet an de Servicer. An der Praxis wäert dat och seng Friichten droen. D'Kooperatioun tëscht de Ressorten ass duerch eng gutt strukturéiert Hierarchie dann och do.

Et ass vläicht nach ze soen, datt mer et witzeg fannen, datt déi sozialistesche Partei, déi hei e Ressort iwwerhëlt an d'Regiebetriber krit. Dat ass dach bestëmmt e Ressort, dee mat ganz ville Schwieeregkeete verbonden ass. Dat erënnert een e wéineg un den nationalen Niveau, wou d'CSV och déi schwiereg Ressorten un hire Koalitiounspartner ofgëtt.

Linden Jeannot, Schäffen:

Ech wëll just soen, datt deen, deen d'Regiebetriber iwwerhëlt, een ass, deen d'Aarbecht net gefaart huet. Deen huet bis haut ëmmer gutt geschafft an e fiert och esou virun.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

An deem Kontext kéinte mer hei zu 4 soen, datt déi Diskussioun hei kollegial gefouert gouf. Ech wëll dat och net esou hei am Raum stoe loossen, datt mer déi Saachen op den Här Linden iwwerdroen hätten. Mer waren eis zesammen eens wéi mer et opgedeelt hunn. Mer hunn an engem Nomëtteg diskutéiert, wat den optimale Wee ass a mer sinn eis eens ginn. Ech mengen och net, datt een dat kann duerstellen ewéi dir dat duerstellt. Dat ass awer e bësse polesch.

Accord à l'unanimité.

10.2.

Personnel.

Création de postes pour les Maisons Relais – décision.

Accord à l'unanimité.

11.1.

Enseignement.

Organisation scolaire provisoire pour 2013/2014 – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer d'Opdeelung vun de Klassen opgronn vun der Proposition vun de „comités d'école“ respektiv vun de „présidents d'école“ an dem Inspekter nei definéiert hunn. Mer hu Plazen nei besat, mer hunn och haut nach 2 nei Leit bäikrut. Mer kënnen iech awer och soen, datt 2 Leit eis Gemeng wäerte verloossen an Direktioun vun anere Gemengen, esou datt mer och an der 2. an der 3. Lëscht nach Leit mussen engagéieren. Déi kréie mer jo da vum Ministère virgeschloe respektiv si maachen eng Affektatioun op eis Gemeng, an da sinn déi Posten all besat. Dat wäert bis Mëtt Juli ofgeschloss kënnen ginn.

Ech wollt awer och nach eng Kéier e puer Zuelen nennen an ech hu mer och e puer Donnéeën zesummesetze gelooss. Mer hunn 1.782 Schüler, déi dat anert Joer hei an d'Schoul ginn. Dovunner sinn 835, also net grad 47% Lëtzebuerger an 947 Net-Lëtzebuerger, also 53%. Mä wann een dat pro Uertschaft kuckt, da kann ee feststellen, datt zu Péteng an zu Rodange 54% respektiv 55% Net-Lëtzebuerger sinn. Déi eenzeg Plaz, op där d'Lëtzebuerger nach d'Majoritéit hunn, dat ass zu Rolleng, wou 55% Lëtzebuerger sinn a 45% Net-Lëtzebuerger. Mer kënnen soen, datt mer de Moment méi Net-Lëtzebuerger wéi Lëtzebuerger an eise Schoulen hunn.

Dat bréngt natierlech mat sech, datt de Sproocheproblem do ass. Et bréngt mat sech, datt mer dee ganzen Appui an déi ganz Begleedung, déi ganz „classes d'accueil“, wou déi Kanner hikommen, déi nei an d'Land kommen, an déi ganz Ënnerstëtzung fir eist Léierpersonal bluttnoutwennege brauchen. Besonnesch bei der Sproochbarrière, déi besteet – zum Beispill fir Leit, déi nëmme franséisch kënnen oder guer keng vun deenen 3 Sproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch) kënnen –, muss een deene Kanner och eng Zukunft an eng Méiglechkeet gi fir sech hei ze entwéckelen an hei hir Schoulen ze maachen, esou datt se déi Chancë kréien, déi se brauche fir och duerno Chancen um Aarbechtsmaart ze kréien.

Eng aner Geschicht, déi ech iech och nach ka soen, ass d'Opdeelung tëscht der „éducation morale et sociale“ an der „instruction religieuse et morale“. Dat heescht fir 2013/2014 si 25% am Moralunterrecht a 75% am Reliounsunterrecht an eiser Gemeng ageschriwwen.

Dat sinn d'Zuelen, déi hei nach eng Komponent si vun der neier Schoulorganisatioun. Bei der Schoulorganisatioun goufen an der Annexe och nach lücht Ännerunge gemaach, well dat ee Moment verluer gaange war. Der wësst, datt déi Kanner aus dem 6. Schouljoer oder Zyklus 4.2. an d'Schnéiklasse gaange sinn. Dofir hu mer deenen eigentlech budgetär Méiglechkeete gi fir en Ausfluch ze maachen oder e Präis ze kréien, well mer gesot hunn, dat wier hiren Ausfluch. Dat war awer elo aus dem Budget erausgeflu well déi nei Struktur vum Budget dat net méi beinhalt an et och net am Reglement stoung. Well elo eng Diskussioun war an eng

Demande virlooch vu Klassen, déi an d'Schnéiklasse waren an awer en Ausfluch um Enn vum Joer wollte maachen, hu mer entscheet, dat an d'Reglement ze schreiwen. Well mer awer dat gesot a festgehalten hunn, wollte mer, datt dat an der Annexe ganz kloer ervirgeet, datt déi dat net méi solle maache well se jo schonn 10 Deeg en Déplacement aus d'Ausland haten.

Dat zur Aféierung an déi provisoersch Schouloorganisatioun. Et ass kee grousst Zuelewierk, mä et sti méi Zuelen a Leit dran ewéi Texter. Vill huet net méi géintwuer deene leschte Jore geännert. Déi provisoersch Schouloorganisatioun gëtt dann elo ausgefëllt esoubal mer d'Affektatioune vum neie Personal kréien. Déi ginn dann op déi Poste gesat an am Oktober kritt dir eng definitiv Schouloorganisatioun virgeluegt, déi ausseet, wéi eis Schoul am Joer 2013/2014 funktionéiert.

Brecht Guy (LSAP):

Ech hunn lech elo ganz interesséiert nogelauschtert wat den héijen Ausländerprozentsaz ugeet an eise Schoulen. Ech mengen, ech hat iech dat scho virun e puer Joer gesot a wëll och den Däiwel net hei un d'Mauer molen. Mä d'Problemer ginn domatter ëmmer méi grouss. D'Sproocher bedeite Problemer. Wann een an eisem *Meng Gemeng* kuckt, do war nach just ee Sechstel Lëtzebuurger. Op laang Weil gëtt dee Problem ëmmer méi grouss, a mer mussen kucken, wéi mer dee Problem an Zukunft am beschte kënnen bewältegen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Der wësst jo, datt dee Koeffizient, dee fir eist Léierpersonal, dat engagéiert gëtt, mat engem gewëssene Prozentsaz ugesat ass a kann erhéicht ginn a verschidde Situatiounen. Zum Beispill wat déi ganz Komponent vun Ausländer ugeet. Do hu mer ee vun deene ganz héije Koeffizienten, d.h. mir kréien méi Personal wéi vläicht op aner Plazen. An dat, well mer eben déi Situatioun hu wéi mer se haut hunn. Dat gëtt eis d'Méiglechkeet, Kräfte fräi ze maachen. Mir hu Léierpersonal fir den Encadrement do ze garantéieren. Mä mer wëssen, datt déi Méisproochegkeet favorabel ass, et ass interessant an et huet och positiv Säiten, datt mer esou eng polyvalent a grossgefächert Nationalitéitpalette hunn. Ech stellen och fest, datt dat generell keng Problemer duerstellt. Op där aner Säit mussen mer eis dann awer och déi noutwenneg Mëttele gi fir op déi nei Erausforderungen, déi op eis zoukommen, ze reagéieren. Mä dat ass awer éischer eng national-politesch Entscheedung, well wéivill Personal mer kréien, dat entscheet den Éducatiounsministère andeems hien eis de Koeffizient zouuerdent, deen deem dote Problem Rechnung dréit. Hien definéiert dat am Hibleck op d'Populatioun an ob all d'Gegebenheeten, déi se do kennen.

Thein Joé (adr):

Ech hätt eng konkret Fro dozou. Wéi garantéiert de Schäfferot déi prozentual Sécherheet, datt an Zukunft och nach d'Majoritéit Lëtzebuurger sinn an de Schouklassen? Da wëll ech dem Här Brecht awer och félicitéiere fir seng Remarque hei. Vlächicht geet ee jo awer elo op de Wee fir déi These vum Tilo Sarrazin ze verrieden, déi hie jo och a sengem Buch an där Form geschriwwen huet ewéi d'LSAP dat och elo hei gesot huet.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Op déi konkret Fro, déi sech op de Gemengenniveau bezitt a wou et drëm geet, wéi de Schäfferot ka garantéieren, datt d'Majoritéit Lëtzebuurger Kanner kënnen sinn, esou muss ech soen, datt dat de Schäfferot an de Gemengerot mam beschte Wëllen net ka garantéieren. Mir hunn hei europäesch Direktiven, déi soen, ënner wat fir Konditiounen een hei op Lëtzebuerg ka kommen. A wann ee sech hei zu Péiteng

umellt fir heihinner wunnen ze kommen, a wann et en EU-Bierger ass, dann hu mir absolut kee Mëttel fir dat ze verbidden. Dat sinn national Gesetzer, déi dat bestëmmen, a keng Gemengereglementer. Mir kënnen hei kee Gemengereglement stëmmen, wou mir soen, datt mer gäre majoritaire Lëtzebuurger hätten. Mir wëssen awer, datt duerch déi duebel Nationalitéit eng ganz Rei Leit déi zwou Nationalitéite kréien. Déi Leit - an dat gesäit ee jo och -, déi virun 10 Joer d'Lëtzebuurger Nationalitéit nach net haten, hu se elo. D'Integratioun funktionéiert, an ech sinn iwwerzeegt, datt Leit, déi haut nach als Net-Lëtzebuurger do stinn, an enger Rei Joeren - wa se nach eng gewëssen Zuel vu Joeren hei sinn - Lëtzebuurger sinn. An ech mengen mir mussen kucken, an dat solle mir als Gemeng maachen, fir déi Integratioun vun deene Leit weider ze driewen, esou datt si sech hei wuel fillen an datt se hei an eiser Gemeng an an eisem Land déi Bedingunge kréien fir datt hir beruflech Zukunft ofgeséichert ass. An da mengen ech, datt mer dat Richtegt gemaach hu fir datt déi Leit sech hei integréieren. An da wäerte si sech och hei integréieren an da wäerte si och hei Fouss faassen an déi Problemer, déi am Ufank bestinn, wa si nach kee Lëtzebuergesch kënnen, wäerte geregelt sinn. Mä datt d'Sproochbarrière e Problem ass - dat ass net nëmmen e Problem fir déi Leit do. Ech kennen och Lëtzebuurger, déi Problemer am Franséischen hunn an déi vlächicht net en Handwierk geléiert hu well se der franséischer Sprooch net 100% mächtig waren. Dat ass en nationale Problem fir dee Bildungssystem ëmzeännere. An do si jo Bewegungen amgaangen. D'Ministerin ass amgaangen e Gesetz op de Wee ze bréngen, wou deem do och e bësse méi Rechnung gedroe gëtt a wou déi Problemer eventuell kënnen geléist ginn.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech sinn e bëssen iwwerrascht iwwer Aussoen, déi hei gesot goufen. Mer schwätzen hei vu Kanner, déi an der Grondschoul sinn. Dat heescht, datt se hei um schoulesche Plang integréiert ginn. Dat si fir mech einfach Lëtzebuurger Kanner an net onbedéngt Ausländer. Si si vlächicht déi puer éischt Joeren nach Ausländer, andeems se d'Sprooch net beherrschen. An nach ass d'Sprooch net alles. Am Endeffekt sinn et awer nach ëmmer Kanner, déi aus eisem Schoulsystem erauskommen. Dat si fir mech awer ganz kloer Lëtzebuurger Kanner.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Do ginn ech lech komplett Recht. An ech mengen och net, datt hei eng aner Meenung vertruede gëtt. Wat awer kloer ass, an dat ass och bewisen, ass, datt eng ganz Rei Leit dem Däitschen net mächtig sinn. Och an der Grondschoul hunn déi e Problem. An dofir mussen mer kucken, wéi mer dat geléist kréien. Dofir komme jo déi Appui-Klassen, déi Accueil-Klassen, dat ass fir déi Kanner op déi Situatioun virzebereeden, esou datt se dann esou integréiert sinn, datt se hire Schoulsystem kënnen maachen. Mä ech mengen, et ass awer e Fakt, datt de Sproochproblem fir ganz vill Leit haut eng Barrière ass fir hir Carrière ze preparéieren a fir hir Schoulen ze packen. Dat ass, mengen ech, net kontestéiert. Dat kënnt eben aus der Villfältigkeet vun de Sproochen, déi mir op eisem Gebitt hunn. Dat huet awer och seng positiv Effekter, esou wéi ech gesot hunn. Mä wann een op eemol Klassen huet, wou Kanner sinn, déi weder franséisch nach däitsch schwätzen, dann ass et schwéier fir dat ënner een Hutt ze kréien. Dat ass op alle Fall, wat d'Leit um Terrain soen.

Becker Romain (déi gréng):

Mir verhedderen eis hei an eppes, wat net um Programm steet.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Fir allgemeng déi Diskussioun dann ofzeschléissen, muss een awer och soen, datt et konkret Etudé ginn, déi awer ganz kloer soen, datt ëmmer méi Leit Lëtzebuergesch schwätzen. Dat ass encourageant, an et ass och de gudde Wee. Wat mer méi fréi ufänken, wat et besser ass.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dofir hu mer de Précoce och agefouert.

Accord à l'unanimité.**11.2.****Enseignement.**

Approbation des plans d'encadrement périscolaire – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech mengen, et ass jo gewosst, datt am Gesetz vum 6. Februar 2009, Artikel 16, schon dovunner geschwat gi war fir d'Exekutioun vun esou engem Plang op d'Been ze setzen. Elo gétt et vill méi konkret. Et ass och de Wonsch vum Ministère, an et waren och Reuniounen doriwuer. Mer hu bei eis an der Gemeng dräi Siten, an zwar Lamadelaine, Péteng a Rodange. Do hu mer jee de „président d'école“ an eis Leit aus de Maison Relaise geholl a mer hu gesot, si solle sech zesummesetzen an an enger éischter Phas eng Analys maachen, wat et alles hei bei eis an der Gemeng gétt a wou kéint zesumme geschafft ginn.

Et muss een ëmmer bedenken, datt een esou en Zesummeschaffe muss realistesch kucken. D'Schouklasse hunn aner Zäiten ewéi d'Maisons Relaisen. Mä déi eng oder aner Gegebenheete sinn awer do, esou datt si sech vläicht e wéineg méi zesummegefüge kéinten.

Dir hutt hannendrun der eenzel Stonnepläng vu während der Schoulzäit an och natierlech, wéi duerno dee ganzen Dag nach an der Maison Relais ofleef. Dir gesitt och déi Persounen, déi verantwortlech ware fir d'Ausschaffe vun dësem PEP, wéi et genannt gétt. Hei steet alles wat zur Verfügung steet, do wou en Austausch méiglech ass, do wou Aktivitéiten oflaffe kënnen fir déi ausserschoulesch Betreierung ënner en Hutt ze kréien. Do hu mer natierlech de Site vu Lamadelaine mat eise Schoulgebaier vu Lamadelaine, eis Schoulbibliothék, eis Turnsäll, eis Kichen, déi do zur Verfügung steet, en Informatiksall, de Museksall, d'Säll fir d'Hausaufgaben ze maachen, mer hunn den „espace destiné aux jeux libres à l'extérieur“ an dat Sinn zu Rolleng d'Schoulhaff an dee ganzen Ensemble ronderëm d'Schoul. Wann déi nei Schoul zu Lamadelaine fäerdeg ass, da kënnen mer och op den neien Atrium vun der neier Schoul zeréckgräifen, wou och d'Kanner aus der Maison Relais sech duerno kënnen dra bewegen. Mer hunn dobaussen den Amphitheater a mer hunn och d'Openthaltsräim vun der Maison Relais.

Dat sinn emol Basismodeller, déi mer zesummegeallt hunn. Zu Péteng ännert dat net ganz vill. Et kënn ëmmer méi oder manner datselwecht erëm wat mer de Moment zur Verfügung hunn an eise Schoulgebaier an an eise Maison Relaisen. D'Horairé sinn och praktesch déiselwecht, well d'Schoul geet jo um 8 Auer un an d'Maison Relaise sinn op vu 6.45 Auer bis owes 7 Auer. Mer hunn elo emol en éischte Volet esou opgestallt, esou datt der eng Iwwersiicht kritt iwuer dat, wat de Moment leeft. Am nächste Joer kucke mer, wéi d'Effektiver vun eiser Maison Relais sinn. Et ass och gewollt, datt eis Educateure méi Kontakt sollen huele mam Léierpersonal, fir ze kucke wat se kënnen maachen, wat se besser kënnen maachen

a wéi se besser zesumme schaffe kënnen. Och bei eenzelne Kanner, wou Problemer bestinn, kann e Package op d'Bee gesat gi fir se besser z'encadréieren.

Dat hei wollte mer elo emol als éischt Basismodell virstellen. Et ass och gutt esou a mer mussen och deene Leit Merci soen, déi sech do zesummefonnt hunn an dat zesummegeallt hunn. Natierlech hätt de Ministère gären eng verstärkten Zesummenaarbecht, eventuell en „encadrement à journée continue“. Deen hu mer mat eiser Maison Relais, mä eng verstärkten Zesummenaarbecht muss sech nach tëscht den Educateuren an dem Léierpersonal erausschliessen. Do wäerte mer och dru schaffe fir dat nach an nächster Zäit op d'Been ze setzen. Mer kucken och, iech an nächster Zäit nach weider Informatiounen ze ginn.

Becker Romain (déi gréng):

An enger leschter Gemengerotssézung, wéi mer iwuer déi provisoersch Schoulorganisatioun geschwat hunn, hat de Schäfferot eis verséichert, datt de PEP nach géif nokommen. Elo hu mer en. De Ministère proposéiert 3 Modeller, déi d'Gemenge sollen ausschaffen. De Basismodell, eng verstärkten Zesummenaarbecht an en „encadrement à journée continue“. Mer hunn eis Aufgab elo als Pétenger Gemeng gemaach. Mer hunn eng Bestandsopnam gemaach, well mer nach net prett si fir en zweeten oder drëtten Modell ze maachen. Mer hunn och gekuckt, wat kann ee wou, wéini a mat wéi enge Leit maachen. Mä de Problem kënn awer elo nach, wa mer d'Leit detektéieren, déi matenee solle schaffen. Et ass net evident, well d'Léierpersonal anescht agestueft ass ewéi Educateurspersonal. Doriwuer eraus ass et och net evident, Kanner, déi an enger Primärschoul sinn a wou bestëmmte Sécherheetsnorme bestinn, an eng Maison Relais ze schécken, wou aner Sécherheetsnorme bestinn. E blöd Beispill sinn d'Gelänneren, d'Toiletten. Well d'„sécurité dans la fonction publique“ huet aner Bestëmmunge wéi d'ITM an de Maisons Relaisen. Mä op alle Fall ass dat hei en éischte Modell, a mir sollen och als Gemeng derhannert bleiwen an eist Personal esou vill wéi méiglech encouragéieren an ënnerstëtze fir datt se eppes matenee maache fir d'Wuel vun de Kanner.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mer sinn do um gudde Wee. Mir hunn och duerch dat neit Haus, wat zu Péteng opgaangen ass, aner Méiglechkeeten duerch dee grouse Méizweckraum, an deem mer esou munches kënnen maachen. Wann ee kuckt, wat mer alles zur Verfügung hu mat eise ganzen Infrastrukturen, da muss sech – a mengen Aen – munches maache loosse. Wéi gesot, et muss ee just déi richteg Leit zesumme kréien, déi och gewéllt sinn, doranner ze schaffen. Mä do hunn ech keng Angscht, dat wäerte mer scho packen.

Accord à l'unanimité.**11.3.****Enseignement.**

Approbation du nouveau règlement pour l'allocation de subsides scolaires – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ier ech dem Här Polfer d'Wuert gi fir datt hien e wéineg méi detailléiert erkläert, wat do dra steet, wollt ech ganz kuerz drop agoe firwat mer d'Reglement geännert hunn. Eng Ursach ass déi, datt eis Servicer ëmmer méi Problemer hate well den Evaluatiounssystem am postprimären Unterrecht ëmmer manner oder ganz dacks keng Punkte méi gétt a mer d'„élèves méritants“ ganz schwéier konnten ermëttelen.

Op där aner Säit hate mer awer och bei den „études post-secondaires“ ëmmer méi Problemer fir festzestellen ob e Student „méritant“ ass oder net. Dofir hu mer eis Gedanke gemaach a wëllen dat gären an Zukunft anescht organiséieren. Mer hunn elo e Modell op d'Bee gesat fir postprimär a post-secondaire Studien a wou mer 2 Voleten hunn. Deen ee Volet ass, wann een e Joer gepackt huet an an dat nächst Joer geet. Dat ass haut nach ëmmer festzestellen, esouwuel bei deenen engen ewéi bei deenen aneren. An dann hu mer den „élève méritant“ ersat duerch eng Belounung fir eng „fin de formation“.

Wat ass dat? Haut kënn et jo drop un, datt ee seet, et brauch een en Diplom fir an der Zukunft eng Chance um Aarbechtsmaart ze hunn. Also gi mer hin a mer belounen déi Leit, déi eng Formatioun mat engem Diplom ofgeschloss hunn, sief dat en CATP, en DAP, de Premièresdiplom, de Bachelor oder Master respektiv e Medezinstudium op enger Universiteit. Déi Belounung kritt een um Enn vun der Formatioun, an dat hisiichtlech de Joeren, déi di Formatioun dauert. Dat zum grouss Kontext wat mer wollte maachen.

Wéi gesot, et ginn elo 2 Zorte vu Subsiden. Ee Subsid, wann een d'Joer gepackt huet an e Subsid um Enn vun enger Ausbildung, wou mer dann och eng Receptioun maache fir déi, déi dat Joer en Diplom kruten. Déi Receptioun wier dann och um Enn vum Joer, well mer dovunner ausgaange sinn, datt Enn Dezember déi meescht Studenten, déi am Ausland studéieren, och zu Lëtzebuerg sinn an datt mer do méi Chance hunn, datt se och op d'Receptioun oder dat klengt Fest, wat mer fir si organiséieren, kommen. D'Chancen dofir si méi grouss wéi wa mer dat géifen am November oder Oktober maachen.

Da géif ech d'Wuert nach un den Här Polfer als President vun der Finanzkommissioun ginn, deen iech méi Detailler ka ginn.

Polfer John (CSV):

Mer hunn hei d'Virschléi vum Schäfferot, wat déi verschidden Ännerungen am Subsidereglement ugeet, virleien. Déi lescht Ännerunge goufen an de Joren 2000, 2004 an 2010 virgeholl. D'Ursaach ass scho gesot ginn. Am Schoulsystem gëtt ëmmer méi net méi mat Punkten op den Zensure geschafft, et ginn ëmmer méi Smileyen oder där emgedréinte Smileyen. An eise Lycéeë gëtt nach mat Punkte geschafft, an d'Léierpersonal wiert sech. D'Ministesche wëll nach Punkte gi beim Ofschlossexamen. Ech hu mer awer och soe gelooss, datt hire Projet nach ëmmer net vum Dësch ass, och wa Leit mengen, et wier anescht oder et géif anescht gesi ginn.

Et ass och méi schwéier wann een en Ofschloss huet ouni Punkte wann ee wëll op eng Uni goen. Déi kënne mat Smileyen oder Pokemone bestëmmt näischt ufänken op der Uni. Op den Universiteiten ass et vu Land zu Land ëmmer méi schwéier eng Linn ze fannen. Op där enger muss ee 60 Punkten hu fir weider ze kommen, op där aner gi 60 Punkte mat „très bien“ oder mat „distinction“ gefouert.

Wéi de Buergermeeschter gesot huet, ass dat neit Reglement hei an zwou Kategorien agedeelt ginn. Eng Prime fir wann een d'Joer gepackt huet. Eng Belounung wann een en Ofschloss gemaach huet. Et kann ee gedeelter Meenung si wat d'Prime, wann een d'Joer gepackt huet, ugeet. Mä et vereinfacht d'Saach, och wann et déi Schüler benodeelegt, déi ganz gutt Punkten hunn, an et bevirdelegt déi, déi sech esou duerch d'Joer schmuggelen. An der Finanzkommissioun ass awer och gemengt ginn, datt d'Punkten an der Schoul – vu Fach zu Fach – net alles aussoen. An da ginn et jo déi berühmte Filiären. Wiem seng Punkte sinn do méi héich anzuschätzen?

Eng Belounung soll et gi wann een en Ofschloss gemaach huet - CATP, DAP, Premièresexamen, Bachelor, Master. Da

mussen d'Schüler an d'Studenten an der Gemeng wunnen, an dat vum 1. Januar u wou d'Demande gemaach gouf. Et dierf een och net méi wéi 30 Joer hunn. D'Prime vun der Gemeng ka cumuléiert gi mat Primë vum Stat oder vu privater Säit. D'Demande ass un d'Gemeng ze riichten, an dat um Enn vum Schouljoer tëscht dem 15. Juli an dem 30. November. E Formular gëtt zur Verfügung gestallt.

Bei der Prime, wann ee säi Joer gepackt huet, gëtt et fir déi éischt dräi Joer am postprimären Unterrecht 50 Euro. Vum 4. Joer u kritt ee 75 Euro wann een d'Joer gepackt huet. Dat mécht en Total vun 375 Euro.

Eng Belounung gëtt et fir de CATP vu 6 mol 50 Euro, dat sinn 300 Euro. Et géillt e Maximum vu 7 Joer. Déi Joer, déi duebel gemaach ginn, zielen net.

Wann de Student Courage kritt huet an dann nach eng 2e oder 13e technique wëll maachen an dobäi säin CATP technique kritt, da kritt en 2 mol 75 Euro als Prime. Mä well e jo op der 12e scho 50 Euro kritt huet als Belounung, kritt hien elo als Belounung nëmmen 1 mol 50 Euro. Dee Saz am Reglement 3.1. an 3.2. „en déduction de toute récompense de fin de formation éventuellement déjà reçue“ – dat war net grad einfach ze verstoen an hat zu Diskussiounen an der Kommissioun gefouert. D'Kommissioun huet awer vum Här Nico Wagener déi néideg Erklärunge kritt.

Eng järelech Prime fir Studenten am post-secondairen Unterrecht beleefft sech op 150 Euro. Eng Belounung, wann een de post-secondairen Unterrecht fäerdeg huet, beleefft sech op 75 Euro pro Semester. Bei deenen Demandë muss eng Kopie vum Diplom oder Certificat derbäi geluegt ginn. Wéi dat gekuckt gëtt an d'Piëcen, déi gefrot gi fir de postprimären a post-secondairen Unterrecht, ass och festgehale ginn am Reglement.

Wann een an der Studienzäit net déi ganz Zäit an der Gemeng gewunnt huet, da gëtt d'Belounung prorata vun de Joere gerechent, wou en an der Gemeng gewunnt huet.

D'Gemeng organiséiert eng Receptioun fir déi Schüler, déi en „Diplôme de fin de formation“ kritt hunn. Wann ee gefuddelt huet oder wëll fuddelen, da muss en d'Prime respektiv d'Belounung erëmginn. Dat Reglement hei ass der heiteger Situatioun ugepasst ginn. Am Budget hu mer 70.000 Euro stoen. De Präis, no deem neie Reglement, wäert ongeféier 10.000 Euro méi héich leien. D'Finanzkommissioun hofft, datt déi Suen, déi mer eiser Jugend an der Gemeng zoukomme loosse, fir si en Usporn ass fir sech drun ze ginn an eng gutt Formatioun an der Schoul ze maachen. Well ouni Ofschloss a Formatioun gëtt et ëmmer méi schwéier eng Plaz ze fanne fir sech säi Liewen an eng Famill opzebauen.

Och wa mer hei zu Lëtzebuerg e gudder Sozialstat hunn, esou gëtt et fir de Stat an och fir d'Gemengen ëmmer méi schwéier fir ëmmer méi Suen un déi sozial schwach Mënschen, déi vum RMG oder Chômage liewen, auszedeele. Och hei ginn d'Sue méi knapp. Ännerunge wäerten och an deene Gesetzer a Reglementer net ausbleiwen.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Merci fir d'Erklärungen. Et ass natierlech nach vill ze fréi fir ze wëssen, wéi d'Reform vum Sekundarunterrecht ausgesäit, an ech wëll hei – ech hunn dat och schonn an der Kommissioun gemaach – richtegstellen, datt d'Propose, also de „projet de loi“, schonn um Dësch läit. De Buergermeeschter kann dat och bestätegen, well hie jo och an der Edukatiounskommissioun vun der Chamber ass. An deem Projet steet näischt vum Ofschafte vum Punktesystem. Do gëtt net mat Smileye geschafft.

Ech ënnerstëtzen trotzdem dës Initiativ, well engersäits méi Schüler a Studenten an de Genoss vun esou enger

Belounung wäerte kommen. Awer virun allem well se méi gläichwäerteg ass. Bis elo hate mer e System, wou déi gutt Schüler, dat heescht d'„élèves méritants“ eppes Klenges méi bäikritt hunn, an dat ass en Encouragement, deen ëmmer gutt komm ass a gutt kënn. Ech denken awer, datt do de Mérite fir sech schwätzt an net onbedengt muss extra vun der Gemeng belount ginn.

Mat dëser Ännerung gi mer op de Wee vun der Réussite vun engem Schouljoer a fir den Ofschloss vun deene Jonken ervirzehiewen, egal a wat fir enger Filière, datt se sinn, an onofhängeg vun de Punkten an den Evaluatiounen. Dat fannen ech ebe méi richtig, well et schwéier ass, déi verschidden Universitëten ze vergläichen, esou wéi dat schonn hei ugeklongen ass. Mä och well am Endeffekt d'Punkten net alles iwwer engem Schüler oder engem Student senge Kapazitéiten aussoen. Dofir begréissen ech, datt eleng schonn d'Leeschtung, datt een d'Joer gepackt huet an d'Formatioun op en Enn bruecht huet, scho genuch Motiver si fir eng finanziell Belounung vun der Gemeng ze kréien.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech muss soen, datt an der Reform vum Sekundarunterricht net virgesinn ass fir d'Punkten ofzeschaffen. Mer hunn awer elo schonn a verschidden Domainen – esou zum Beispill am Modulaire – keng Punkte méi. An do hu mer déi éischt Problemer festgestallt. An dat ass och de postprimären Unterricht. An do hu mer och déi éischt Problemer festgestallt fir do déi noutwenneg Analysen ze maachen. An dofir hu mer gesot, mer ginn op dee Wee. Den Ursprung vun där Saach ass deen, datt eis Servicer ëmmer méi Schwierigkeeten hate fir dat ëmzerechnen. Dofir hu mer gesot, mer sollten eis dee Modell ukucken, dee besser ass. Ech sinn och selwer iwwerzeegt dovunner – esouguer wa mer déi Problemer bei de Punkten net gehat hätten – datt dat hei eng besser Variant ass, well et jo haut drop ukënn fir en Ofschloss ze hunn. Dat hutt Dir an den Här Polfer richtig gesot. An dofir mengen ech, datt et wichteg ass, datt mer den Ofschloss vun enger Formatioun belounen an net déi eenzel Punkten an engem Joer. Ech si frou, datt mer do e Konsens hunn an Dir d'ärselwechter Meenung sidd wéi dat, wat mer hei ausgeschafft hunn. Ech géif soen, mer géifen Neiland betrieden. An ech géif mech net wonneren datt, wa mer emol eng Zäit an dës Richtung gaange sinn, déi eng oder aner Gemeng froe wäert, fir dat Reglement ze kréien, well dat kéint interessant si fir si.

Becker Romain (déi gréng):

Et ass net u mir, als Member vun der grénger Fraktioun, fir d'Aarbecht vun der Regierung ze verdeedegen. Beileiwen net. Mä ech muss awer e bëssen alenken, well ech perséinlech sinn elo schonn zënter 4 Joer am Service intervenéiert well ech implizéiert sinn. Zu Miersch am Lycée Ermesinde schaffen se jo schonn zënter 7 oder 8 Joer, zënter en op ass, ouni Punkten. Do si Kanner, déi als „élèves méritants“ erausginn ouni Punkten, déi hunn hei Demandë gemaach op der Gemeng fir e Subsid a se sinn net geholl gi well de Service ëmmer gesot huet, se géifen do net eens gi well keng 60, 50 oder 40 do steet. Dofir sinn ech dacks intervenéiert. A wann der iech gutt erënnert, ech hat och eng Kéier eng schréfflech Fro un de Schafferot gestallt, déi ech och beäntwert krut an datt dat geännert géif ginn.

Wat elo déi perséinlech Appréciatiounen iwwer de Bewäertungssystem ugeet, Här Polfer, esou steet et jo jidderengem fräi fir ze denken an unzehuele wat e wëll. Mä Dir musst awer oppassen, well et sinn awer Är Regierungskollegen, déi dat bestëmmt hunn. An et kann net sinn, datt Dir an der Éffentlechkeet wettet iwwer e Smileye-System. Smileye ginn et souwisou net méi. Dat war eng Kéier an „avant-projet“.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den Här Polfer ass awer fräi fir hei am Gemengerot ze soe wat him seng Meenung ass an deem Dossier. Hien huet seng Meenung fräi gesot, an et sinn och aner Leit hei, déi hir Meenung verrieden an déi net ëmmer 100-prozenteg konform si mat der Partei hirer Meenung. Mä ech soen iech dat, well dat hunn ech awer och schonn hei gemierkt. Hien ass fräi fir dat an senger Persoun hei ze soen. Mir sinn awer eng Partei, wou dat ouni Problem higeholt gëtt.

Polfer John (CSV):

Wann ech hei gesot hunn, datt dat ofgeschaf ass oder datt e Smileye sinn, da krut ech dat gesot. An zwar ass mir gesot ginn, datt d'Ministesch de Punktesystem och an de Lycéeë wëll ofschafen. Doropshin hunn ech mat enger Professesch hei aus dem LTMA geschwat. Déi war mer bal an d'Zänn gesprongen an huet gemengt, dat kéim ni a Fro. Well soss géife si Professeren ophalen. Bon, ech sinn do en Outsider an hu méi wéi 3 mol 7 Joer a weess net onbedengt, wat alles an de Schoule leeft a wat déi verschidde Filière sinn. Wa si mir dat seet, datt et net a Fro kënn, well een ouni Punkten an nëmme mat Bewäertungen een net kann op eng Uni goen. Wann d'Professere vun deem Ministère, wou s du schafft, mir soen, datt dat esou ass an déi déck rose si wann ech soen, datt et géif ofgeschaf ginn, da froen ech mech awer weem ech nach soll gleewen. Also ech hunn hei meng Meenung gesot zu enger Saach, déi ech gesot krut.

Thein Joé (adr):

Här Buergermeeschter, dierf ech och nach d'Wuert kréien?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif lech awer virschloen, Här Thein – et ass elo scho fir d'véierte Kéier hannereneen, wou der lech eréischt nodréiglech mell –, datt der lech direkt mell, esou bal d'Diskussionsronn ufänkt. Esou datt mer dat och besser organiséiert kréien.

Thein Joé (adr):

Ech wollt just nach derbäifügen, datt et u sech dee ganze „cycle inférieur“ ass, deen elo nom Kompetenzsystem funktionéiert an och schonn divers Klasse vum „cycle moyen“ wéi zum Beispill d'X-Klassen. A virgesinn ass an där Reform, datt u sech an deenen nächste Joeren, déi elo kommen, dat ganz och soll op de „cycle supérieur“ iwwerdroe ginn. Effektiv ass dat awer richtig, och wa gesot gëtt, datt do mat Smileyen hantéiert gëtt. Well ech hunn och Bilane gesinn – ech kann zwar elo net konkret soen, wat fir eng Klass dat war a wat fir en Déngen dat war -, mä op alle Fall ass do mat Smileye gehandelt ginn an déi hunn ech och gesinn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech kann iech dat awer bestätegen, datt dat, wat d'Madame Gonçalves gesot huet, datt dee „projet de loi“, deen elo um Dësch läit an deen an der Edukatiounskommissioun diskutéiert gëtt, virgesäit, datt mat Punktesystem geschafft gëtt. Et gëtt net mat Smileye geschafft an och net mat Evaluatiounen. An dat gëtt och bäibehalen. Dat ass déi nei Versioun. Wat elo an der Chamber entscheet a gestëmmt gëtt, dat muss mer jo dann emol kucken.

Accord à l'unanimité. M. Rosenfeld, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

12.

Urbanisation.

Prorogation du délai pour la refonte et l'adaptation complètes du Plan d'Aménagement Général respectivement du Règlement sur les Bâtisses – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass eppes, wat mer schonn eng Kéier gemaach hunn. A senger Circulaire vum 6. Mee huet de Minister eis virgeschloen – net nëmmen eis, mä all Gemengen – fir den Délai fir eise PAG ëm 2 Joer ze verlängeren. Mer sinn zwar ganz staark amgaang drun ze schaffen, mä déi sektoriell Pläng feelen, an déi muss een awer berücksichtegen wann een e PAG op de Wee gëtt. Mir hu virgesi fir de 15. Juli déi grouss Ännerunge vum PAG ze ginn, natierlech ëmmer ënner Virbehalt vun der Kompatibilitéit mat deem, wat am sektorielle Pläng steet, mä wou ech awer net mengen, datt mer do eng Riesendifferenz kréien. Mä mer hätten dee PAG miisste virum August op den Instanzeweie ginn. Well déi Dokumenter do feelen, wëlle mer dat verlängeren. Mer hunn eis awer nach ëmmer als Zil gesat, datt mer Enn 2013 oder ufanks 2014 mat den Aarbechte fäerdeg sinn. Net méi spéit wéi gëschter war nach eng Aarbechtssëtzung vun 3 Stonnen, an déi aner Woch ass nees eng Aarbechtssëtzung, wou mer iwwer déi dote Problematik diskutéieren, esou datt mer kënnen soen, datt mer um gudden Wee sinn. Mer wëllen der Circulaire vum Inneministère vum 6. Mee Rechnung droen a froen den Délai fir 2 weider Joer u fir dee PAG dann ze finaliséieren.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech hunn u sech just eng ganz kleng Fro. De Gesetzesprojet iwwer den „aménagement du territoire“ ass jo och um Instanzeweie an hoffentlech och geschwé fäerdeg. Besteet do keng Obligatioun, datt mir musse fir d'éischt drop waarden, datt dee Projet gestëmmt gëtt ier mer de PAG hei stëmmen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also et ass esou, datt mir en effektiv kënnen stëmmen. Mä wann duerno eppes net iwwerenee stëmmt mat dem „plan directeur“ - an da kommen och nach déi sektoriell Pläng hannendrun -, da kënnen mer nees vu vir u fänken. Dofir huet de Minister eis virgeschloen, dat ofzewaarden. Mä mir sinn awer amgaangen drun ze schaffen fir fäerdeg ze ginn. Ech mengen net, datt déi sektoriell Pläng esou eng grouss Influenz an der Péitenger Gemeng wäerte kréien. Mer wëssen et awer net, an dofir wëlle mer gäre schaffen an d'Aarbecht virundreiwen. An da muss mer kucken. Wann déi sektoriell Pläng erauskommen an e Changement kënnt, da muss mer punktuell adaptéieren. Mer sinn och amgaangen d'Ëmweltprüfung ze maachen. Mer sinn och amgaangen eist Baute-reglement un déi nei Gegebenheeten unzepassen. Do si scho ganz vill Viraarbechte gelescht ginn, an ech géif mengen, mer wiere bis Enn Dezember fäerdeg. An de 15. Juli wëlle mer iech gären an enger informeller Sitzung mat dem Büro Zeyen a Baumann, dee sech dorëm këmmert, informéieren op wat fir engem Stand mer sinn, wou d'Diskussionspunkte sinn, wat déi grouss Ännerungen, déi grouss Linnen, déi mir proposéieren, wäerte sinn. Esou, wéi mer amgaange sinn ze schaffen, wäerte mer bis Enn vun dësem Joer fäerdeg sinn. Dat verhënnert awer net, datt mer elo déi Entscheedung hei treffe fir nach e weideren Délai ze kréien. Well soss miisste mer schonn am August domatter an de Gemengerot kommen.

Becker Romain (déi gréng):

Mer haten Aarbechtssëtzungen a mer hunn och deemnächst nach Aarbechtssëtzungen, hutt Dir gesot, Här Buergermeeschter. Net méi spéit wéi gëscht hate mer eng vun 3 Stonnen. Am Juli maache mer eng informell Sëtzung fir d'Gemengeréit ze informéieren.

Mä firwat ass dat dann net scho geschitt? Firwat kënnen mer elo net méi Biergerbedeelegung mat erabrëngen. Et si Gemengen, wou dat geschitt. De *Mouvement Ecologique* huet eis alleguer eng Kéier eng Broschür zoukomme gelooss, wou

gesot gëtt, datt ee soll op d'Biergerbedeelegung agoen. Do si Leit, déi Wëssen hunn, wat ee mat kann notzen. Et si Leit dobäi, déi eis kéinten hëllef. Et sinn net nëmmen där Kregéiler, mä et soll een einfach eng Kéier op de Wee vun enger Biergerbedeelegung goen. Ech mengen, esouguer d'Baute-kommissioun gëtt lénks leie gelooss. Iergendwann eng Kéier ass de President vun der Bautekommissioun invitéiert gi fir nach eng Persoun matzebrëngen. De President vun der Bautekommissioun ass e Member vun der CSV an en huet ee matbruecht, och e Member vun der CSV, an ech mengen dat waren déi 2 Leit, déi di Pläng hunn dierfe kucken an déi eng Kéier un enger Sëtzung konnten deelhuefen. Firwat ass dat net esou transparent wéi et soll sinn? Firwat gëtt dat alles esou verschummelt a mir kréien et dann de 15. Juli eng Kéier hei gewisen als quasi „end of pipe“? Kann een dat net opmaachen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Här Becker, Dir kritt de 15. Juli näischt gewisen, wat Dir hei nach net gewise krut. Dir kënnt lech vläicht net méi dorunner erënneren, mä mir hate schonn eng Kéier eng informell Sitzung. Ganz am Ufank hu mer lech gewisen, wat ännert, wat fir eng „plans directeurs“ an dësen neie PAG integréiert ginn. Mir weisen lech elo haut nach erëm ee Volet dovunner.

Becker Romain (déi gréng):

E Mini-Deel dovunner.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ma et sinn elauter Eenzeldeeler. Mer sinn amgaang, déi eenzel Systemer zesammenzesetzen. Den Zentrum vu Rodange hu mer lech virun 2 Joer gewisen an enger grousser Informatiounsversammlung, wou mer de Leit deen am Kulturzenter virgestallt hunn. Mer mussen natierlech wëssen, ob mer fir d'éischt d'Leit an dann de Gemengerot sollten informéieren. An ech hu gemengt, fir d'éischt de Gemengerot. Haut informéiere mer de Gemengerot iwwer dat, wat mer wëlles hunn, zu Lamadelaine ze maachen. An duerno eréischt d'Leit. Wat dir elo hei virgestallt kritt, dat ass de PAG, dee sech aus deenen eenzelne Komponenten zesummesetzt.

Mer sinn amgaang ze kucken, wat mam LTMA geschitt. Do hänke mir dovunner of, wat de Stat eis seet. A mer si jo amgaange mat hinnen ze verhandelen. Et huet kee Wäert, datt mer d'Leit froen, wat se gären hätten, wann de Propriétaire vum Terrain net domatter averstanen ass. Net méi spéit wéi gëschter hunn ech mam Här Etienne Reuter geschwat an ech hunn him gesot, mer hätte si viru 6 Méint kontaktéiert fir ze froen, wou et higeet a wat se wëlle maachen. Bannent engem Mount sollte mer do eng Äntwert kréien. Bon, en huet eis elo versprach, e géif eis fir de 15. Juli eng Äntwert ginn. Menger Meenung no mussen mer awer, wa mer mat der Bevëlkerung diskutéieren, iergendeppes op den Dësch leeën. Mer kënnen net bei d'Leit goen a soen, kuckt, esou gesäit Péiteng aus, an da froe wat se gären hätten. Et muss een awer eng gewëss Virbereedung maachen. An déi eenzel Aufgaben, fir mat de Leit ze schwätzen, hu mer gemaach. Mer hunn dat am Zentrum vu Rodange gemaach, mer maachen et am Zentrum vu Lamadelaine an duerno setzt sech dee Puzzel zesammen, an da komme mer zu engem Gesamtvolet, wéi d'Péitenger Gemeng sech entwéckelt. Dat ass dat eent.

Bei där anerer Saach, wat dir vun der Aarbechtsgrupp gesot hutt, geet et net drëm déi Pläng ze kucken, mä fir d'Baute-reglement ënner där neier Struktur ëmzesetzen.

Becker Romain (déi gréng):

Och do kéinte jo aner Leit matschaffen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Loosst mech emol w.e.g. ausschwätzen. Et geet emol dorëm fir ze kucken, wat nach an dat Bautereglement kënnt. De Ministère huet e Virschlag gemaach, de Syvicol huet en Avis ginn, wéi esou e Basisdokument vun engem Bautereglement soll ausgesinn. Do hu mer emol en Aarbechtsgrupp op d'Bee gesat, an do kënne mer keng 100 Leit dra setzen. Dat ass regelrecht technesch wann et ëm d'Héicht vun engem Giewel oder d'Breet vun enger Afaart geet. Do muss een eng gewësse Kompetenz hunn, an dofir hu mer gesot, datt eisen technesche Service, zwee Membere vum Schäfferot an zwee Membere vun der Bautekommissioun dra solle sinn. Wéi déi zwee Membere genannt goufen, dat kann ech lech net soen. Mä déi si genannt ginn, an ech kéint mer awer virstellen, datt do eng Réckmeldung kënnt. Mä mer sinn amgaangen d'Texter duerchzekucken. Mer hu gëschter näischt anescht gemaach wéi Texter ze kucken. Am Artikel steet dat an dat, wat heescht dat? An déi, déi eis dat kënne soen, dat sinn déi Leit, déi doranner schaffe respektiv déi, déi och an der Bautekommissioun sinn. An da kënnt d'Fro, wou ware Problemer a leschter Zäit mat deenen Texter, wou mussen mer textuell eppes ännere fir dat méi kloer ze maachen. Dat sinn Iwwerleeungen, déi mer amgaange sinn ze maachen. Dat ass reng Aarbecht wou ech mech froen, ob iwwerhaupt e Politiker dobäi soll sinn. Well d'Politik soll déi grouss Linne festleeën an net d'Détaillarbecht. Mer sinn awer elo dobäi fir dann elo déi Erfahrungs, déi mer gesammelt hunn, an déi Iwwerleeungen, déi an der Bautekommissioun respektiv am technesche Service lafen, ze erklären. A mer ginn an d'Ëffentlechkeet domatter, mä mer mussen awer och eppes an der Hand hunn, mer mussen awer och eng Iddi weisen. A mer ware scho bei de Leit. An ech wëll mer hei net gesot loossen, datt mer net do waren. Mer waren am Kader vum Zentrum vu Rodange do, mer wäerten elo goen nodeems mer hei iwwer déi Rollenger Erweiderung vun deem Lotissement geschwat hunn. Mer wäerten eng Reunion maachen, mer wäerte mat de Leit schwätzen, diskutéieren, hinnen et weisen an dann eng Diskussioun féieren. Ech weess, datt de Kulturzenter zu Rodange voll war. D'Leit hu sech dofir interesséiert, si kruten eppes virgestallt, se hunn hir Froe gestallt. Mer hunn op verschidde Saache reagéiert. An zu Rolleng geet et d'selwecht.

Becker Romain (déi gréng):

Et ass jo vill méi einfach wann een als Politiker dat ganz ausernee piddelt an et geet een all Kéier mat klunge Stécker bei d'Leit, ewéi wann een de Leit dee ganze grapheschen Deel vum ganze PAG weist an eng Kéier doriwwer mat de Leit diskutéiert.

Dir sot, et sinn elauter kleng Puzzelstécker. Jo, et si kleng Stécker, et gehéiert jo zu deem Ganzen. Mä da solle mer awer och eng Kéier – ier dat Ganzt fäerdeg ass, an den Här Breyer hat et virdru gesot mat "bottom up, top down" – mat deem ganze Plang schaffen, an zwar esou datt zum Beispill de Buergermeeschter eng Kéier seet, datt et dee wier a sech d'Leit dorunner ze halen hätten.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Éischters, ech mengen, de PAG ass keng Entscheidung vum Buergermeeschter, mä éischter vum Gemengerot. Also seet de Buergermeeschter net, datt dat esou ass. Also hëlt de Gemengerot d'Entscheidung an deem Kontext.

Fir kënnen awer enger Populatioun de PAG virstellen, muss een en och emol hunn. Et muss een emol déi eenzel Komponenten zesummesetzen ier een e Ganzt huet. An un där Saach si mer amgaangen ze schaffen. An de Gemengerot kritt dat Ganzt elo de 15. Juli virgestallt, an zwar

wéi déi eenzel Puzzelstécker zesummesat sinn a wéi dat ausgesäit. Do fënnt de Gemengerot, an Dir och, e ganze Koup Saachen erëm, déi Dir scho mat entscheet hutt an déi Dir schonn eng Kéier virun 2 Joer, wéi mer ugefaangen hunn a wou mer schonn eng Kéier eng informell Sëtzung haten, virgestallt kruten.

Nom 15. Juli – dat wäert awer den Hierscht ginn, well ech an der grousser Vakanz keng esou eng Versammlung maache wëll well d'Leit an der Vakanz sinn – wäerte mer d'Bevëlkerung och iwwer dat Ganzt informéieren. Mä bis elo hunn ech awer ëmmer dem Gemengerot de Virtrëtt ginn, géif ech mengen. Fir d'éischt gétt de Gemengerot informéiert, dann diskutéiert en doriwwer, da gi vläicht déi noutweneg Adaptatioune gemaach. A mer si jo och nach net fäerdeg. Am Moment si mer an enger Phas ukomm, wou mer de Leit emol eppes kënne weisen a wou mer eis selwer kënne virstellen, wéi dat kéint ausgesinn a wou mer och selwer wëssen, a wat fir eng Richtung, datt mer ginn. Mä déi Phas hu mer mussen bearbechten. Elo si mer drop. Mer hunn eis och 2 oder 3 Stonnen Zäit virgesi fir de 15. Juli dat am Gemengerot virstellen, an enger informeller Sëtzung, a fir doriwwer ze diskutéieren. Mer zéien eis Konklusiounen do eraus – an de Büro Zeyen a Baumann ass jo derbäi -, mer maache vläicht déi eng oder aner Modifikatioun, an da gi mer bei d'Bevëlkerung. Jidderee kann dann dat nach eng Kéier kucken an och matdiskutéieren. An da stëmme mer de PAG, an dann huet nach all Bierger d'Recht, Oppositioun ze maachen am Kader vun der legaler Prozedur. Mä ier mer esou wäit sinn, wäerte mer bei d'Leit goen. Mä ech mengen, de Moment wier et zevill fréi fir de Leit dat ze weisen, well mer jo nach derbäi sinn Aarbechten ze maachen.

Ech géif virschloen, de 15. Juli ofzewarten, doriwwer ze diskutéieren an dann zesummen ze entscheiden. Dat do ass elo eng Richtung, déi fir eis zéideg ass fir domatter an d'Ëffentlechkeet ze goen, well mer och am Gemengerot e gréisser Konsens hunn. Mer maachen nach vläicht déi eng oder aner Modifikatioun opgronn vun deem, wat hei diskutéiert gétt, an da gi mer d'Leit informéieren iwwer dat, wat de Gemengerot sech virstellt. Wa mir elo géife bei d'Leit goen, dann ass mat deem, wat de Schäfferot sech virstellt. An dat solle mer net maachen. Dofir géif ech fir d'éischt gäre mam Gemengerot schwätzen ier ech mat de Leit schwätzen.

Becker Romain (déi gréng):

Dat ass och ganz richtig, mä da muss een de Leit dat net als Informatioun presentéieren, mä hinne soen, datt, wann do Saache sinn, een dat och nach kéint mat verschaffen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Awer 100-prozenteg. Mir huelen eng Diskussioun op a wa Leit bei eis kommen a soen, se géifen dat net gutt fannen, da mussen mir dat als Gemengerot zur Kenntnis huelen. An da gétt et zwou Méiglechkeeten. Mer sollen eis déi Bemierkungen, déi d'Leit maachen, zu Härz huelen a kucken, ob dat justifiéiert ass a wéi mer dorop reagéieren. Mä dat mussen mer nees gemeinsam maachen. An dat well de PAG eng Entscheidung ass, déi dee ganze Gemengerot geholl huet. An dofir hunn ech jo och ëmmer nees drop gepocht, wa Leit hei gesot hunn, datt ech géif erlaben, datt grouss Haiser gebaut ginn. Dorop hunn ech ëmmer gesot, datt ech dat esou muss exekutéieren, well de Gemengerot dat 1992 esou entscheet huet, an net de Buergermeeschter alleng. De Buergermeeschter kann net entscheiden, datt 3 Stäck manner solle gebaut gi wann de Gemengerot entscheet huet, datt an enger bestëmmter Strooss 6 Niveaue kënne gemaach ginn. Dann huet de Gemengerot déi Entscheidung geholl an dann huet de Buergermeeschter dat ze autoriséieren, wat de Gemengerot festgeluegt huet.

An och an deem Kontext sinn eng ganz Rei Iddien, déi um Dësch leien an déi mer iech de 15. Juli weisen, a wou mer dergéint steieren, datt dauernd Reienhaiser verschwannen an iwwerall Residenzen entstinn a wou mer besser hätten, de Geescht vun den Eefamiljenhaiser bäizehalen. Och do sinn déi Iddie ganz kloer dran, dat hat ech iech jo schonn ugedeit. An der wäert gesinn, datt der de 15. Juli ganz vill Satisfacioun fanne wäert bei deenen Iddien, déi dir och matdrot a wou ech weess, datt dir och e fervente Verdeedeger sidd. Mir sinn darselwechter Meenung, datt mer an der Pétenger Gemeng net nëmme Residenze sollen hunn, mä datt mer och Eefamiljenhaiser mat Gäert brauchen. An och déi Quartiere mussen entstoen. Dee Projet beim nächste Punkt vun der Dagesuerdnung geet jo an déi Richtung.

Accord à l'unanimité.

13.1.

Nouveau lotissement à Lamadelaine

Modifications ponctuelles du Plan d'Aménagement Général pour des terrains sis à Lamadelaine, lieu-dit «An den Atzénge» - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi lescht 3 oder 4 Méint hu mer gutt geschafft a sinn amgaangen e Projet mam Numm «An den Atzénge» ze realiséieren. Mer hunn eng ganz Rei Verhandlung gefouert mat Leit, déi eis do nach Terrainen hu miisste verkaf fir datt mer dee Projet kënne realiséieren. De Projet heescht «An den Atzénge», an dofir muss elo och an där Konventioun, déi mat der „Société Nationale des Habitations à Bon Marché“ (SNHBM) ënnerschriwwen ginn ass, den Numm geännert ginn, well do stoung nach *Am Aker*. Mer haten och wéinst dem Numm e puer Diskussiounen well mer dat Ganzt *Am Aker* wollten nennen. Mä dat ass awer net dee richtege Flouernumm. An der offizieller Konventioun steet awer elo schonn deen neien Numm.

Mir wëllen do gären e Lotissement realiséieren, wou mer haaptsächlech Eefamiljenhaiser maachen a wou mer dann och eise jonke Leit d'Méiglechkeet ginn, Terrainen zu engem gënschtege Präis – e Präis, dee wäit ënner dem Maartpräis läit, dee pro Ar a leschter Zäit hei verkaf gëtt – ze kafen. Mer hu gesot, mer wëllten och do aktiv als Gemeng virgoe fir de Logement a besonnesch och Eefamiljenhaiser ze promovéieren. Mer ware jo schonn am Kader vum *Pacte Logement* dorop agaangen. Mir hate virdrun eng Rei Ëffnungen. Mer wollten ee Moment den Terrain vun der Eucosider huelen, deen eisen awer net ass. Mer wollten och um Terrain vun der *Commercial Intertech* eppes realiséieren. De Problem ass awer, datt mer fir d'ëischt eis Atelierien oder eis Garage mussen delogéieren. Mer hunn déi 2 Projeten, déi net haut a muer realiséiert ginn, an dofir hu mer gesot, mer géifen op deen do Terrain goen. Dee gréissten Deel vun deem doten Terrain hu mer jo och schonn an den achtzeger Joere kaf, an dat am Hibleck vun enger Vergrësserung vum Lotissement *Grousswiss*. Esou datt mer déi Terrainen als „terrains différens“ aklasséiert hate fir do eng Kéier Wunnraum ze schafen.

Wéi gesot, ab der 2. Halschent vum Mount Februar hu mer mat 15 bis 20 Leit verhandelt fir Terrainen ze kafen. Dat sinn zum Deel kleng Terrainen, mä awer och deelweis Terraine vu 40 Ar. Mer kafen de Leit déi of, an déi Compromise stinn am Moment bis op een. Bei deem engen ass nach nach eng Successionsfro, well ee vun deene Propriétaires vun dëser Co-Propriétéit net ze fannen ass well en am Ausland wunnt. Do si mer nach op der Sich. Déi aner Compromise sinn

alleguer ënnerschriwwen a se hänken och elo aus an déi stinn och de 15. Juli am Gemengerot zur Ofstëmmung.

Mer schafen awer do nach un 2 oder 3 aner Voleten. Dat eent ass d'ëmklasséierung. Mer mussen de PAG ëmklasséieren, a well dat als „différé“ klasséiert ass mussen mer et als Wunnzon ëmklasséieren. Och do mussen mer eng Etude maachen am Kader vun där Saach vun de Flantermais. Mer mussen do och wahrscheinlech eng liicht Kompensatioun maache wéinst deem Liewensraum, dee mer do hunn. Mä et hält sech awer laut leschten Informatiounen a Grenzen an ass och ze realiséieren fir eis. Dobäi kënn haut déi punktuell Modifikatioun vum PAG, déi mer op den Instanzewege ginn. Mer sinn och schonn amgaangen, konkret um PAP ze schaffe fir deen och schonn an nächster Zukunft kënnen op de Wee ze leeden. Mir hunn awer och, an dat ass och eng Obligatioun - déi hate mer am Kader vum *Pacte Logement* - 10% fir sozial Wunnengen ze berücksichtegen an dat och ze promovéieren. Well dat ass en Engagement, dat mer am *Pacte Logement* geholl hunn a wat mer iwwer déi Konventioun mat der SNHBM wäerte virundreiwen.

An da wäerte mer en drëtten Punkt behandelen an dee mer hei zur Diskussioun stellen. An zwar ass et de Virfinanzement fir dat Lotissement. Der wësst, datt mer engersäits mussen déi Terraine kafen. Dat wäert eng Zomm vun ongeféier 2,5 Milliounen Euro ausmaachen. Déi extra Terrainen hu mer scho méi laang kaf. Da wäerte mer och nach mussen déi Stroosseninfrastrukturen zéien. Do rechne mer och mat 6 Milliounen Euro. Dat heescht, datt sech de Virfinanzement op 8,5 Milliounen Euro beleeft. Mer rechne mat där Zomm an hoffen och, datt mer déi natierlech iwwer e puer Weeër erëmkréien.

Deen ee Wee ass iwwer d'SNHBM. Si bezuelen eis een Deel vun den Terrainen. Op där aner Säit gi se och nach hin a bedeele sech prorata un den Infrastrukturen. Déi Sue kréie mer da ganz séier. De Rescht vun de Sue kréie mer no an no, esoubal mer déi aner Terrainen u privat Leit verkafen.

Wéi hu mer dat wëlles ze maachen? Bon, déi 24 Wunnengen, déi an 3 Gebaier ënnerbruecht sinn, wäert d'SNHBM maachen. Si wäerten och kënnen ongeféier 24 bis 26 Terraine maachen. Dat heescht, si wäerten esou vill Terrainen hunn ewéi se Wunnengen hunn. An déi aner 60, déi bleiwen, déi wäerte mir no engem Reglement, dat de Gemengerot nach muss festhalen, un eis Bierger verkafen. An do schwieft eis e Präis vu 40.000 Euro pro Ar vir. Dofir mussen mer e Reglement opstellen. Wa mer et versteé géifen – esou wéi mer et eigentlech miisste maachen – da léich de Präis bei 65.000 bis 70.000 Euro leien, esou wéi d'Präisser pro Ar haut sinn – och an eiser Gemeng.

Mer sinn nach net bei 110.000 Euro, wéi de Buergermeeschter vu Mamer gesot huet, mä mer sinn an der Tëschenzäit awer och scho bei 65.000 bis 70.000 Euro den Ar. A fir datt déi jonk Leit d'Méiglechkeet kréien, zu engem anstännege Präis un en Terrain ze kommen, wäerte mer hei zesummen d'Critère festleeën, ween esou en Terrain kann an Usproch huelen. An dem Schafferot schwieft vir, haaptsächlech d'Familien an och déi Leit, déi hiren Ursprung hei an der Pétenger Gemeng hunn oder déi, déi hei schaffen, no engem gewëssene Punktesystem ze favoriséieren. An dann ass deen ëischt vir. Esoulaang Terrainen do sinn, kënnen déi Leit se kafen. Et gëtt och eng Obligatioun, datt een no enger gewësser Zäit muss ufänken um Terrain ze schaffen an ze bauen. Well et wëll een och keen éiwege Schantjen do hunn. An dat ass jo och net gutt fir déi Leit, déi do wunnen. Mä dat sinn déi Entscheedungen, déi mer nach mussen huelen.

Haut muss mer eigentlech 3 Entscheedungen huelen. Dat sinn déi punktuell Ännerunge vum PAG, d'Approbatoung vun der Konventioun mat der SNHBM an dann nach d'„ouverture de crédit“ fir dat Lotissement ze finanzéieren. Wuel wëssend, datt mer op d'mannst déi Zomm erëmkreien, wa mer déi Terrainen eng Kéier verkafen an d'Suen, déi mer investéieren, kréie vun der SNHBM. Ech géif esouguer mengen, mer kréiche liicht méi, well mer jo schonn en Deel vum Terrain virun 10 Joer kaf hunn an dee scho finanzéiert ass an deen net an dëse Virfinanzement mat erakënn.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Et gi Momenter, wou ee méi oder manner Spaass u sengem Mandat huet. An hei ass fir mech ganz bestëmmt en Héichpunkt hei am Haus, deen ech erliewen. Ech begrëssen, datt elo endlech eppes geschitt, wat mir als Sozialiste scho virun e puer Joer ënner enger aner Form virgeschloen haten. Wéi der wësst, ass de Logement eng vun deene ganz grouse Préoccupatiounen hei am Land. Wéi der wësst, gëtt net genuch gebaut. D'Demande wiisst konstant an d'„simplification administrative“ ass leider nach ëmmer nëmmen e Begrëff. Nieft dem Kampf géint de Chômage ass och eng vun de wichtigste Aufgaben d'Wunnkäschen no ënnen ze drécken, esou datt um Enn vum Mount nach eppes iwwereg bleift. Mer hunn eis am Kader vum *Pacte Logement* e puer Ziler gesat, an dëse Projet ass e ganz wichtige Bestanddeel vun der Wunnengspolitik hei an der Gemeng. De Schwéierpunkt ass natierlech de soziale Volet, deen hei grouss geschriwwen gëtt a wou mer iwwer de minimalen Taux vun 10% u Sozialwunnungen erauskommen. Dat fannen ech natierlech nach besser. Dat ass eng guut Noriicht, besonnesch och fir déi, déi spéiderhin eng Kéier an dësem Quartier wunne wäerten.

Wat elo d'Etude vum Büro Zeyen a Baumann ugeet, do hunn ech eng Fro. Do steet op der Säit 11 eng Kompensatioun, déi mer mussen virgesi fir déi Flantermais. Hu mer do schonn e konkrete Plang, wéi dat kéint ausgesi respektiv wou dat gemaach gëtt, well et nach net präzis genuch ass? Ech mengen, dir waart jo och drop agaangen.

An ech wollt och just eppes kuerz zum Internat soen. Dat ass nach net ugeklungen. Ech denken, datt dat och e ganz gudden Projet ass. Mer hunn hei an der Gemeng eng ganz Rei Jonker, déi eng Hëllef gutt gebrauche kënnen. Ech fannen et nëmme richtig, datt eng grouss Gemeng ewéi Péteng och seng Verantwortung iwwerhëlt an esou Infrastrukture mécht fir do eng Mixitéit ze schafen an deenen, déi et méi néideg hunn, ënner d'Äerm ze gräifen.

Am grouse ganze fannen ech dëse Projet ganz guut, an ech kann nëmme mäin Accord gi fir d'Ëmklasséierung.

Wat elo d'Kollaboratioun mat der SNHBM ugeet, déi mer hei ënner der Form vun enger Konventioun fannen, esou ass dat natierlech e weidere Bestanddeel vun deem neie Lotissement. Et ass de Partner, dee mer erausgesicht hunn. Et ass och do wichtig – an dat hu se och virgesinn – datt do eng gewëss Mixitéit do erakënn. Ech begrëssen nach eng Kéier den Undeel u Sozialwunnungen, déi se do virgesinn hunn. D'Wunnenge ginn also méi erschwénglech, dat ass guut. Mä doriwwer eraus engagéiert sech d'SNHBM – wann ech dat richtig gelies hunn -, Passivhaiser a –residenzen ze bauen. Dat ass natierlech och ze begrëssen, well net nëmmen den Akafspräis stëmmt, mä och bei de Chargen de Spuerpotential grouss ass an d'Ëmwelt esou wéi d'Nohaltegkeetspolitik net ze kuerz kommen.

Mir engagéieren eis als Gemeng, een Deel vun den Terrainen un d'SNHBM ze verkafen. Mä et steet net genee, wéi grouss deen Undeel ass. Et sinn ongeféier 25 Wunnungen. Wéi gesäit den Zäitplang aus respektiv wéi gëtt duerno entscheet, wat fir eng Terrainen un d'SNHBM verkaf ginn?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also fir d'alleréisch dat hei. Mir baue jo net als Gemeng an et kann ee jo engem Privaten den Terrain verkafen an deem soen, e soll en Haus bauen no engem Modell, wéi mir eis et virstellen an dat mir och definéieren am Kader vum PAP. Dat kann ee bei engem Haus maachen, mä bei enger Residenz kann een dat net maachen. Dofir hu mer gesot, datt mer, fir eng Mixitéit ze hunn, 3 kleng Residenze mat jee 8 Wunnungen, dat si 24 Logementer, der SNHBM géife ginn. Hir Demande war, fir eng ähnlech Zuel u Bauterrain ze kréie fir Eefamilljenhaiser opzerrichten. Dat heescht et ginn och 24 Terrainen. Wou dat soll sinn, dat hu mer nach net entscheet, dat gëtt am Kader vum PAP désignéiert. Dofir hu mer eis net festgeluegt, ob et der 24 oder 26 sinn. Si hätte gären e ganzen Eck. Si wëllen net gären een Haus hei an en anert do bauen. Wa si bauen, da géife si och gäre global bauen, esou datt si gären e ganzen Eck vun engem Quartier hätten, also wat relativ no beienee läit fir wa si hire Schantjen organiséieren. De PAP kënn jo elo op den Instanzewe. Mer sinn amgaangen dorunner ze schaffen. A mer wäerte mat hinne kucken, wou déi Terraine leien, déi si wäerte bebauen. Si si Bauhär a wäerten et och selwer bebauen a wäerten ënner „droit de superficie“ de Leit dat och zur Verfügung stellen. Dat heescht, et ass net esou, datt een do säin eegent Haus ka bauen a fir ëmmer do bleift. Dofir wollte mer och eng gewëss Mixitéit hunn. Si bauen no deem System a wäerten och no deem System funktionéieren.

Eis Virstellung ass awer, datt mir – an dat ass awer um Gemengerot, fir dat ze entscheeden – an déi méi traditionell Richtung ginn. An zwar, en Terrain gëtt no engem gewëssene Critère verkaf, an da mussen d'Leit no engem gewëssene Modell bauen. Et kann ee jo bei engem Reienhaus net baue wat ee wëll. Dat hu mer jo och schonn an der *Cité Neiwiss* gemaach. Do hu mer awer scho virdu Beispiller gehat, wou mer dat konnten ëmsetzen. Hei wäerte mer dat dann och ähnlech maachen. D'Leit kënnen hiert eegent Haus bauen, awer no engem Critère, esou datt et bei den Noper passt. Mat deem Reglement wäerte mer nach eng Kéier am Gemengerot kommen.

Dat vum Internat hunn ech bewosst net ugeschwat. Mer hunn elo en Terrain reservéiert. D'Verhandlung lafen, an déi lafen och guut, géif ech mengen, esou datt mer do zu engem Enn kommen. Virun e puer Joer war en Appel gemaach ginn un 106 Gemengen, wie wéilt en Internat opheulen. Bei deene Gemengen, déi „jo“ gesot hunn, war déi Pétenger Gemeng derbäi. D'Madame Jacobs hat mer deemools gesot, datt 2 Gemenge bereet ware fir en Internat op hirem Terrain ënnerzebréngen. All déi aner Gemengen hate sech net gemellt zu deem Thema. Ech ginn iech komplett Recht. Och eng fënnegréisst Gemeng vum Land muss Verantwortung iwwerhuele fir net mussen all Problem oder Schwierigkeet ausserhalb vun der Gemeng behandelen ze loossen. Och mir hu Kanner, déi Problemer doheim hunn. An och mir sollen Infrastrukturen hunn, déi deenen d'Kanner e Recht hunn. Och wa mer zum Deel Kanner vun auswäerts kréien, mä do mussen mer kucken, datt mer d'Verantwortung an d'Solidaritéit mat den Nopeschgemengen assuréieren. Aner Nopeschgemenge wise jo och Solidaritéit fir eis. Wa mer dëse Programm duerch hunn an am Juli d'Compromisen esou wéi Enn dës Joers d'Acté kréie vun den Terrainen, déi mer kafen, an och Enn dës Joers iwwer de PAP, wou déi do Saache méi genee definéiert ginn, diskutéieren, da kënnen mer scho vläicht am Budget 2014 déi éischt Sue stoen hu fir déi éischt Stroosseninfrastrukturen ze maachen.

Wat d'Etude vun de Flantermais ugeet, do wësse mer net, wat 100prozenteg dobäi erauskënn. Opgronn vun deem, wat eis do gesot gëtt, ass et net esou schlëmm. Dofir hu mer dat nach eng Kéier op d'Dagesuednung gesat. Wa mer eis elo

eens si fir déi punktuell Modifikatiounen ze maachen, da gi mer natierlech op den Instanzeweeg a mer mussen déi Etude maachen. Déi hält 4 Méint an Usproch. An da wäerte mer déi néideg Konklusiounen kréien a mam Ministère ofmaachen, wat mer mussen kompenséieren. Hoffe mer, datt et net zevill dramatesch gétt. Well esou eng Kompensatioun kascht natierlech, an dat dreift de Präis vun deem Lotissement nees an d'Luucht.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech begréissen, datt esou e Lotissement an eis Gemeng kennt. Ech wëll och net zevill an den Detail goe well mer de 15. Juli kréie mer dat jo matgedeelt. Hoffe mer, datt dat esou gemaach gétt, well mer krute schonn heiansdo gesot, datt d'Detailer géife kommen, mä dann huet dat gefeelt.

Ass beim Lotissement keng Méiglechkeet fir en anere Wee ze fanne fir erauszefueren. Well mer fueren – wann ech dat richteg gesinn – duerch eng Cité, déi scho besteet. Well wa mer duerch déi Cité fueren, da ginn et och Problemer mat den Awunner, déi schonn do sinn. An et gétt e Verkéierschaos an eng Richtung. Mer hunn zwar versicht, eng Zon 30 ze maachen, an dat kéint ee jo och an déi Cité duerno mat abannen. Da kéint et op deem System goen an et kéint een dann awer do derduerch fueren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wat d'Lotissement Grousswiss ugeet, esou war déi Strooss dofir predestinéiert. Déi war gemaach gi fir do virun ze fueren. Wat mer elo gemaach hunn, dat ass, datt mer eng gréisser Sortie an d'Providence-Strooss – do wou fréier d'Félicie war – virgesinn hunn. Dofir hu mer och dat éischt Haus opkaf. Dat ass zwar en héije Käschtépunkt, mä de Compromis ass awer énnerschrifwen a mer wollten eng gréisser Entrée hunn. Dofir géif ech mengen, datt dat hei éischer d'Entrée wier iwwerdeems dat anert eng zousätzlech Sortie gétt. Wat een och nach ka maachen – eventuell an enger 2. Phas – dat ass eng Sortie op dee kleng Wee, dee vun der rue de la Montagne eriwuer geet bei d'Weiieren. Do hu mer hu mer fir de Moment e Fousswee, mä do kéint ech mer virstellen, nach eng Sortie ze maachen. Dann hätte mer 3 Sortien. Mä fir de Moment ass dat net virgesinn.

Wann et awer noutwenneg wier, oder mer géifen an den Diskussiounen iwwer de Detail eraushéieren, datt et net mat där Sortie oder Entrée géif duergoen, da misst een dat nach eng Kéier kucken. Zu der Sait vum Fräizäitcenter géif dat bedeuten, datt mer miissten Terraine vun deem Bauer kafen, deen do tätég ass. Mat deem hu mer Verhandlung gefouert a vun deem ass de Moment keen Terrain ze kréien. Mer haten nach u méi e klengen Terrain geduecht, mä och do war näischt dran, esou datt déi Méiglechkeet do net besteet. Ech géif och soen, datt se net noutwenneg wier. Déi Perspektiv ass jo och de Moment net gi well jo keen Terrain de Moment do ze kafen ass.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wann der schonn dee betraffene Bauer uschwätzt, der hutt jo och geschriwwen, datt, wa Problemer kéinte spéiderhin entstoen, een de Bauer dorop kéint uschwätzen, datt en de System vu senger Anlag kéint verbesseren. Obwuel, déi Leit, déi elo eréischt do bauen, kéinte jo net reklaméieren, well se wësse jo, datt do e Bauer ass. Et steet jo schonn eng Cité do, mä de Rescht vun deenen zu Rolleng, also déi aner Richtung, si jo och betraff vun dem Bauer. Da kéint een et jo eng Kéier mat op de Wee huele fir dat ze maachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Onofhängeg vun deem Dokument si schonn esou Diskussiounen gefouert ginn, an dat am Kader vun der

Kommodo-Inkommodo-Prozedur, déi do opgronn vun dëser Exploitatioun vun deem Betrib do besteet.

Bosseler Camille (CSV):

Ech wëll just drop hiweisen, datt mer ënner engem Tételberg leien, a sech do vill Quelle befannen. An eng dovunner geet riicht duerch d'Lotissement, de Buer „Am Aker“. Deen zweeten, d'Buergaass, dee fréier an d'Atzeng gefouert huet, a bei déckem Reen et bal net gepackt huet. Ech si bestëmmt net géint e Lotissement, well ech och bei der Avenue de la Gare – d'Kasären – hat ech drop higewise fir keng Kellere ze maachen an net ënner d'Bett vun der Maragole ze goen. Ech mengen, mer hu genuch Misär gesinn an Däitschland a solle virsiichteg sinn. Et gétt déck Zäit, datt de Waasserkadaster agefouert gétt fir ze gesinn, wou d'Wunnzone sinn a wou net.

Et ass d'éinescht gesot ginn, datt et net „op Aker“ wier, mä „an den Atzengen“. Mä dat stéisst op den Aker hannen, wou et beim Buer eropgeet an dee mer duerch de CIGL nei maache gelooss hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Zu Ären Iwwerleeungen, wat déi Baachen ugeet, ass dëst ze soen. Mer sinn elo bei der Ëmklasséierung. Mer wäerten och am Kader vun dem PAP déi Etudé mussen maachen, an dat ginn Detailsfroen. Wat mer elo hei entscheeden ass eng Prinzipienentscheidung. Et entsteet och nobäi e Reenopfangbasseng a grouss Infrastrukture sollen do entstoen. Mer hu scho mat dem Waasserwirtschaftsamt geschwat, an d'Detailer ginn alleguer am Kader vum PAP diskutéiert. Et gétt dono gekuckt. Iwwerall wou mir bauen, do ass Waasser. Mer mussen kucken, datt mer dee Problem geléist kréien. Mer wäerten dat grousszügeg maachen an och an deem Beräich ginn déi noutwenneg Moosname geholl fir dat ze verhënnere.

Bosseler Camille (CSV):

Mer haten dat scho wéi mer d'Lotissement *Millebaach* gebaut hunn. Do ass och gesot ginn, datt de Bauer op säi Waasser kéint oppassen. Do waren d'Leit higaangen, a se haten eng Mauer hannen erduerch gebaut bei hire Gäert. Do stoung d'Waasser wéi héich an et ass net fortgezunn. Et wier awer einfach fir Réier ze leeën an d'Waasser do opzefänken. Wat se hanneno och gemaach hunn. D'Waasser sicht den déifste Punkt, an dat war den déifste Punkt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Am Kader vum PAP wäerte mer dat do sécher klären.

Bosseler Camille (CSV):

Am anere Fall misst een iwwerall Cuvë maachen, an dat huet jo och kee Wäert.

Becker Romain (déi gréng):

Ech mengen, et ass scho vill gesot ginn. Wat mir opgefall ass, dat ass, datt direkt op der éischer Sait vun der Délibératioun steet „la commune ne dispose plus de grandes réserves foncières mobilisables à court terme pour garantir sa croissance“. Firwat schreiw mir dat dran? Wat heescht dee Saz? Wat soll dat? Do steet dran, mer sollen oppassen an dat bësse Gréngs, dat bëssen Terrain solle mer versueren. Dat ass awer kontradiktöresch zum Projet vum Lotissement. Dee Saz, dee bräichte mer net dran ze schreiw.

Da wollt ech d'Internat fir den LTMA nach uschwätzen. Ass do eng Demande vun dem Éducatiounsministère kouw? Well esou wäit ech weess si bei all deene Lycéeën mat Internat dës schonn an de Pläng vun de Lycéeën ewéi Réiden, Miersch, lechternach an d'Hotelschoul vun Ufank u mat verschafft

ginn. Mat Wësse weess ech net, datt den LTMA do soll eng Demande hu fir en Internat.

Da wollt ech nach op e puer eenzel Sätz opmierksam maachen, déi nach am SUP stinn. Well an der „strategischer Umweltprüfung“ geet Rieds vun der „perte de surface agricole relativement importante“, an „des incidences moyennes sont aussi à attendre sur le bien-être, la santé, l’habitat et la détente des habitants actuels“. Dat si geféierlech Aussoen, déi do dra stinn. An da steet och nach dran „il y a un risque d’odeur provenant de la porcherie“, an da steet och dran, datt do eng Plaz ass, déi „potentiellement polluée près de la porcherie“ ass. Wéi konnt dat da geschéien? Wousste mir eppes dovunner als Gemeng? Weess de Schäfferot, datt hanner dem Schwéngsstall eng Plaz ass, déi verschmotzt ass?

Da steet och nach dat mat de Flantermais ganz vir dran, wat eng gutt Saach ass. Mä do komme mer héchstwahrscheinlech derlaanscht, well et den „terrain de chasse“ vun de Flantermais ass. Déi Flantermais, déi jo solle geschützt ginn an an der Natura 2000-Zon wunnen. Déi Zon ass jo méi wäit erop am Doihl. Do komme mer jo nach eng Kéier an engem spéidere Gemengerot drop ze schwätzen. Mä hei geet et ëm den „terrain de chasse“ vun de Flantermais, an ech denken, datt een do kéint eng Kompensatioun fannen. Och wann dir do är Bedenken hutt. Ech gesinn awer do keng Problemer.

Elo hu mer jo d’Geleeënheet fir dee ganze Projet, déi ganz Cité, vu vir bis hannen ze verfollegen. Da wier et wichtig, datt mir als Gemeng dofir suergen, datt energieeffizient gebaut gëtt. Et soll esou mann ewéi méiglech Verkéier do sinn – an do ginn et jo eng ganz Rei flott Ureegungen am Dokument – esou wéi de Verkéier, dee mat 20 oder 30 km/h an der Cité leeft. Et steet ganz vill dra vun der „mobilité douce“. An och wa mer an der Cité Vëlosweeër maachen, wat hu mer dann dovunner? Déi Leit kënnen dach net am Krees fueere well jo keng Vëlosweeër aus der Cité erausféieren. Dat wier eng flott Upak wa mer kéinten zu Rolleng esou eppes maachen an als Gemeng riicht stoe fir dat. Dat kribbelt jo richteg an de Fanger wann een als Gemeng esou e Modell hätt. Do solle mer wierklech derhannert bleiwen an dat e bësse richteg ugoen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat hei sinn déi éischt Iwwerleeungen, déi an dësem Kontext gemaach ginn. De Gemengerot huet, majoritaire, e „plan pluriannuel“ agesat an deem e gesot huet an dem Schäfferot als Aufgab operluegt huet, Wunnensraum ze schafen. Ech hunn d’Madame Gonçalves héieren a verstanen ewéi wa si dat géif gutt fannen an ech géif och soen, datt mer gesicht hunn, Wunnensraum ze schafen. Ech hat dat ursprénglech gesot. Do waren d’Eucosider oder d’Commercial Intertech, alles potential Méiglechkeete fir sech ze erweideren. Doriwwer eraus, an dofir ass dee Saz och geschriwwen ginn, gëtt et net ganz vill. A well déi zwee Projete fir de Moment op Äis geluegt goufen a net esou viruginn ewéi mer eis dat virstellen, bleift eigentlech nach just déi do Plaz fir dat ze maachen. Dat ass dee Message, deen an deem Saz ze verstoen ass. Mä wa mer deen Optrag, dee mer am Juni d’lescht Joer vum Gemengerot kruten, wouer wëllen huelen, dann hu mer eng Alternativ, an dat ass déi hei.

Wat d’Internat ubelaangt, déi Demande ass net vum Enseignement komm mä vun dem Familljeministère. De Familljeministère huet eis virun 3 oder 4 Joer ugeschriwwen, mer miissten dréngend fir Kanner tëscht 10 a 16 Joer Strukture wéi en Internat hunn. Wann ech soen, datt et Kanner tëscht 10 a 16 Joer sinn, dann heescht dat, datt d’Kanner tëscht 10 an 12 Joer bei eis an d’Schoul ginn, a vun 12 bis 16 Joer an den LTMA. Ech ginn net dovunner aus, datt mer déi an d’Stad schécke wéinst der Mobilitéit a wéinst der

Noperschaft, déi mer do hunn. Ech ginn och dovunner aus – an dat ass och wahrscheinlech de Message, deen an deem Dokument steet –, datt mer, wa mer nach méi detailléiert iwwer deen Dossier schwätzen, eng Plaz reservéiere fir en Internat ze schafe fir Kanner tëscht 10 a 16 Joer. Duerno musse mer mam Familljeministère eens ginn, wien dat soll finanzéieren a wéi dat finanzéiert gëtt. Mir stellen hinne jo emol eng Plaz zur Verfügung. An da kënnt de Gemengerot zesummen, an da gëtt opgrond vun där Plaz an opgrond vun deem wat de Familljeministère do wëll opriichten, gekuckt, ob dat kompatibel ass mat eise Primärschoulen. Ech hunn och ëmmer drop higewisen, datt mer keng 30 Kanner aus der Primärschoul an en Internat kënnen setzen, well soss platz eis Lamadelainer Schoul. An dat ass eng Diskussioun, déi mer musse féieren. Fir de Moment hu mer just e Véiereck, dee mer dem Familljeministère zur Verfügung gestallt hu fir dat eventuell opzeriichten. Elo musse mer kucken, ob mer do e Konsens kënnen fanne wéi dat duerno kéint ausgesinn.

Becker Romain (déi gréng):

Et fält op, datt an där enger Délibératioun steet „pouvant accueillir des élèves du nouveau lycée technique Mathias Adam“ respektiv vun der Grondschoul. An hannendru geet just nëmme Rieds vun engem Internat fir den LTMA. Et steet eng Kéier an der Etude an och an der nächster Délibératioun. Et ass wuel net dramatesch, mä et ass verkéiert. Ech verstinn, datt mer en Internat brauche fir jonk Leit.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Effektiv, mer hätten dat miisste verbesseren. Also wat ech nach eng Kéier hei wëll soen ass, datt ech net weess, ob et en Internat gëtt fir Lycée oder Primärschoul. Ech hunn nach kee Projet virleien, dee mer dat seet. Et ka sinn, datt nëmme Lycéeskanner dohinner kommen. Et ka sinn, datt et eng Mixtur ass. Wat ech awer gesot hunn, dat ass, datt et net ka sinn, datt mer 24 Primärschoulkanner do hunn. Do ass d’Gemeng Péiteng net méi averstanen dermat, well soss plazen eis Klassen an der Lamadelainer Schoul an da kréie mer déi Schüler net méi ënnerdaach. Dat ass kloer.

Mä déi Verhandlung muss gefouert ginn esoual mer dat ëmklasséiert hunn. Da wäerte mer mam Familljeministère kucken an entscheiden, wat schlussendlech dohinner kënnt. Do géif ech mengen, datt mer mussen op d’Demande vum Familljeministère reagéieren a kucken, ob dat akzeptabel ass oder net. Mir kënnen net soen, et soll hallef an hallef si wa si eis soen, se hätte méi e grouse Besoin fir de Lycée an iwwerhaupt kee fir d’Primärschoulen. Well dann huet et jo och kee Sënn fir Plaze fir Primärschoulkanner ze reservéieren. Ech hu keen Dokument an der Gemeng leien, wat mer seet, wéi dat soll ausgesinn. Am Moment gëtt vun engem Internat fir 24 Kanner geschwat. Dat ass d’Rumm. Et huet och elo kee Sënn fir iwwer den Detail ze schwätzen, well mer sinn nach net do.

Becker Romain (déi gréng):

Neen, dat war och net meng Absicht. Et ass mer just opgefall, datt do steet, et wier fir den LTMA a fir de Grondschulunterrecht. Et ka jo och nach fir anerer sinn, zum Beispill fir Jugendlecher, déi an d’Jugendhaus kommen an déi keen Doheim hunn. Et ass net fir hei eng Diskussioun ze féieren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wéi gesot, och déi Flantermausgeschicht muss gekuckt ginn a mer mussen eng Kompensatioun maachen. Ech hunn och gesot – ech war vläicht falsch verstane ginn –, datt et esou ausgesäit wéi si et soen, datt et net esou komplizéiert ass fir déi Kompensatioun ze maachen. Ech hoffen, datt et esou

ass. Dat ass och am *Grand Bis* gesot ginn, mä do hunn d'Meenungen ëmmer changéiert.

Becker Romain (déi gréng):

Mä et gëtt jo och en Ënnerscheid tëscht do, wou se liewen, an do, wou se op d'Juegd ginn. Hei ass jo e Juegdterrain, an ech mengen, dat wier net esou komplizéiert. An ech hat nach d'Ureegung ginn, datt mer dat déi ganzen Zäit solle verfolge fir eppes Schéines do ze maachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif mengen, mer loossen eis dat eppes kaschten. A wat der elo scho gesinn hutt op deem PAP, ass, datt do och vill Gréngs dran ass an et si Vëlosweeër dran. Der sidd jo awer och relativ séier op dem Vëloswee fir bei d'Eucosider dohinner ze kommen. Do wier och eng Verbindung, déi relativ einfach ze maachen ass, méiglech. An dann ass een op d'mannst emol zimlech séier vum Lotissement aus zu Péteng am Zentrum. Bon, et muss ee wëssen, datt een zu Péteng da muss ënner de Brécken erduerch fueren. Ech mengen net, datt mer d'Brécken ewechgerappt kréien an d'Eisebunn iwwerzeegt kréie fir do opzehalen. Dat sinn d'Limiten, déi mer hei hunn. Et ass séier e Stréch gezu fir e Vëloswee, mä wann ee muss 20 Haiser ofrappe fir e Vëloswee anzerichten, da gëtt dat och e gewësse Käschtepunkt an da muss een emol d'Haiser kréien.

Accord à l'unanimité.

13.2.

Nouveau lotissement à Lamadelaine

Approbation de la convention de coopération avec la Société Nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM) dans le cadre du projet de lotissement «An den Atzénge»

Accord à l'unanimité.

13.3.

Nouveau lotissement à Lamadelaine

Ouverture d'une ligne de préfinancement dans l'intérêt du projet de lotissement «An den Atzénge» à Lamadelaine – décision de principe.

Accord à l'unanimité.

14.1.

Cultes.

Agrandissement du cimetière de Pétange par l'intégration de la nouvelle «aire de souvenir», lieu-dit «Kaepgesfeld» - décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

Hei geet et ëm déi Streewiss, déi mer um Käpgesfeld – dat ass jo de Kadasternumm vun deem Stéck – agericht hunn. Mir integréieren déi och an de Kierfecht, well et virgeschriwwen ass, datt dat muss gemaach ginn. An zwar steet dat am Artikel 2, Alinea 4 aus dem Gesetz vum 1. August 1972. Do steet dann, datt „la délibération du conseil communal concernant la construction, l'agrandissement ou le réaménagement d'un cimetière est soumis à l'approbation du ministre de l'Intérieur“. Doduerch datt mer déi Streewiss elo ugeluecht hunn, wäert déi eriwuer geholl ginn an de Kierfecht. Da sti mer och gesetzlech gutt do.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech hunn u sech guer näischt un deem Projet auszesetze well e gesetzlech virgesinn ass. Ech wollt awer nach eng Fro stellen. E puer Gemengen hunn e sougenannte „cimetière forestier“ virgesinn. Also e Kierfecht, deem am Bësch aménagéiert ass. Dat sinn d'Gemengen Ettelbréck, Betzder – also Rued/Syr ass dat -, Lëtzebuerg an hei am Süden zu Schëffleng a Käl, déi zwou Gemengen zesummen. Dovunner sinn der schon 2 fäerdeg, déi aner si Pilotprojeten. Wier dat vläicht och eng lwwerleeung wäert fir eis Gemeng respektiv fir esou ee Partenariat tëscht Gemengen ze maachen?

Linden Jeannot, Schäffen:

Dat kann een emol kucken, mä esouwäit ech weess, ass nach keng Ufro do. Et ass jo ëmgedrënt wéi bei der Streewiss, wou jo eng Ufro vun de Leit komm ass. D'Begrieffnesser sinn net méi wéi an der Zäit, wou alles an d'Lued geluegt gouf. D'Kierper ginn ageäschtert, se ginn an eng Urn placéiert, se ginn och verstreet wa kee sech duerno drëm këmmert. An dofir, wéi gesot, soll een emol ofwaarden ob eng Ufro sollt kommen.

Bei enger Ufro war ech och e wéineg erfieert. D'Musulmane wëllen och e Kierfecht. A mer sinn ugeschriwwen gi vum Syvicol, wéi mer dat géife gesinn. An do sti ganz genee Virschreften, wéi wat wou gemaach muss ginn a wou ee leie kënn. Dat nëmmen als Informatioun. Mä de Moment ass nach keng Ufro do komm.

Wann der kuckt, dat Stéck uewen, dat als Spazierwee ugeluegt ass, kéint een huele wann deen een oder anere gären an e Bëschkierfecht geluegt géif ginn. Et muss een och nach d'Autorisatione kréien. D'Plaz ass do, dat ass net d'Fro. Mer hunn ënnen d'Streewiss, an dann ass dee ganze Spazierwee do. Et ass net verbueden, esou e Kierfecht unzeleeën.

Accord à l'unanimité.

14.2.

Cultes

Approbation du décompte relatif à l'aménagement relatif à l'aménagement d'une nouvelle «aire de souvenir» à Pétange, lieu-dit «Kaepgesfeld» - décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

Mer hunn dat elo gestëmmt, a scho kréie mer den Dekont hannendrun – wat jo och flott ass. D'Justifikatiounen vun deene Punkten, déi e bëssen iwwerschratt goufen am Verglach zu deem, wat virgesi war, leien dem Dekont bäi. Mä dir hutt jo selwer gesinn, datt mer am Kredit an am Devis 100.000 Euro virgesinn an effektiv hu mer 97.740 Euro ausginn. Ech géif iech dofir bieden, deen Dekont hei ze stëmmen.

Accord à l'unanimité.

15.1.

Transports et communications

Règlement de la circulation routière portant sur les travaux de réalisation d'un bassin d'orage et station de pompage à Rodange, lieu-dit «Grand Bis» - ratification.

Breyer Roland, Schäffen:

Hei geet et ëm e „règlement d'urgence“, wou d'Aarbechte bei der Catalyst Recovery op der Lonkescher Strooss haaptsächlech vum SIACH gemaach gi fir do e „bassin

d'orage" ze bauen. Do war et während enger gewässer Zäit net erlaabt fir eranzefueren. E provisoreschen Zougang war awer ageriicht ginn. Déi Aarbechte wäerten och nach bis de 16. Juli oder bis de „congé collectif“ daueren.

Ratification à l'unanimité.

15.2.

Transports et communications.

Règlement de la circulation routière portant sur le reprofilage de la rue Weissenbrill à Pétange – ratification.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat zweet Reglement betrëfft de Weissenbrill, dee mer nei maachen. Do ass d'Parke während 2 oder 3 Deeg net erlaabt wann d'Aarbechte gemaach ginn. D'Bordurë ginn nei gemaach an et kënt och en neie Belag dohinner.

Ratification à l'unanimité.

Gemeinderatssitzung vom 18. Juni 2013

Anwesend:

Mellina Pierre, Bürgermeister (CSV)

Breyer Roland, 1. Schöffe (CSV)
 Conter-Klein Raymonde, 2. Schöffe (CSV)
 Linden Jeannot, 3. Schöffe (LSAP)

Bosseler Camille (CSV)
 Conzemius-Holcher Josette (CSV)
 Gira Carlo (CSV)
 Polfer John (CSV)
 Rosenfeld Romain (CSV)

Brecht Guy (LSAP)
 Gonçalves Cátia (LSAP)
 Pierre Norbert (LSAP)

Becker Romain (déi gréng)
 Scheuer Romain (déi gréng)
 Welter Gilbert (DP)
 Thein Joé (adr)

Abwesend und entschuldigt:

Mertzig Romain (LSAP)

1. bis 4.

Die Punkte 1 bis 4 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt. Der Gemeinderat hat jedoch einstimmig beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Frau Myriam Muller verh. De Felice aus Pétingen wurde für die Funktion des Redakteurs ernannt.

Frau Kerstin Nekat aus Arlon (B) wurde als Erzieherin – ganztags (40 Stunden/Woche) und auf unbegrenzte Zeit – eingestellt.

5 - Mitteilungen des Schöffenrates.

Auskunft wurde erteilt zu vereinzelt Straßenbauarbeiten in der Gemeinde Pétingen.

6. - Allgemeine Verwaltungsfragen.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 2.762.285,16 Euro – Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

7. - Soziales.

Bewilligung der Konvention zwecks Zusammenarbeit mit dem „Centre d'Initiative et de Gestion local“ (CIGL) Pétingen – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8. - Öffentliche Ordnung.

Verlängerung der Öffnungszeiten der Schankwirtschaften anlässlich des Straßenverkaufs 2013 in Pétingen – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.1. - Liegenschaften.

Bewilligung des Aktes mit Herrn Patrick Henri Reichling zwecks Tauschs eines Grundstücks in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.2. - Liegenschaften.

Bewilligung einer Übereinkunft mit Herrn Fong Lung Chan zwecks Abtreten eines Grundstücks am Standort rue Jean-Baptiste Gillardin in Pétingen – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.3. - Liegenschaften.

Bewilligung des Belieferungsvertrags mit der Firma Munhowen S.A. im Interesse des Centre WAX in Pétingen - Beschluss.

Bewilligung einstimmig.

10.1. - Personal.

Schaffung von Posten im Rahmen des neuen Organigramms - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

10.2. – Personal.

Schaffung von Posten für die Maisons Relais - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

11.1. - Schulwesen.

Provisorische Schulorganisation 2013/2014 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

11.2. - Schulwesen.

Bewilligung der außerschulischen Betreuungsmaßnahmen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

11.3. - Schulwesen.

Bewilligung der neuen Verordnung zwecks Zuteilung von schulischen Zuschüsse.

Beschluss einstimmig. Herr Rosenfeld war nicht im Saal und hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

12. - Stadtplanung.

Aufschiebung der Frist zwecks kompletter Überarbeitung und Anpassung des allgemeinen Bebauungsplanes bzw. der Bauverordnung - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

13.1. - Neue Wohnsiedlung in Lamadelaine.

Punktuelle Änderungen des allgemeinen Bebauungsplanes für Grundstücke gelegen am Standort „An den Atzénge“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

13.2. - Neue Wohnsiedlung in Lamadelaine.

Bewilligung der Zusammenarbeitskonvention mit der „Société Nationale des Habitations à Bon Marché“ (SNHBM) im Rahmen des Wohnsiedlungsprojektes am Standort „An den Atzénge“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

13.3. - Neue Wohnsiedlung in Lamadelaine.

Eröffnung eines Kreditrahmens im Hinblick auf das Wohnsiedlungsprojekt „An den Atzénge“ in Lamadelaine - Grundsatzentscheidung.

Beschluss einstimmig.

14.1. - Kultus.

Erweiterung des Petinger Friedhofs mittels einer Gedenkstätte am Standort „Kaepgesfeld“ – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

14.2. - Kultus.

Bewilligung der Abrechnung bezüglich der Einrichtung einer Gedenkstätte am Standort „Kaepgesfeld“ in Petingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

15.1. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsverordnung bezüglich der Umsetzung eines Auffangbeckens sowie einer Pumpstation am Standort „Au Grand Bis“ in Rodange - Ratifizierung.

Ratifizierung einstimmig.

15.2. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsverordnung bezüglich der Oberflächenerneuerung der Weissenbrillstraße - Ratifizierung.

Ratifizierung einstimmig.

Questions des conseillers communaux

Réponses du collège des bourgmestre et échevins

Question écrite du 23 avril 2013 de M. Joé Thein (adr):**Betrëfft: Bautereglement**

D'adr ass iwver e Fall informéiert ginn, wou d'Bautereglement héchstwahrscheinlech net respektéiert gëtt.

Zum Sujet fir d'éischt emol: Et geet Rieds vu private Kabelen déi verluegt gi sinn, souwéi ëm verschidde getäteg Aarbechten ëm e betreffend Haus an der rue Charlotte zu Rodange. Souwäit sou gutt, allerdéngs soll, laut deenen eis bekannten Informatiounen, kee siichtbare roude Punkt an der Fënster drop hiweisen, an hannen am Gaart soll en ale Schapp esou ëmgebaut gi sinn, datt hei regelméisseg Leit mat auslänneschem Hannergrond logéieren.

Allerdéngs géingen eis an dësem Kontext folgend Froen interesséieren:

- Huet de Schäfferot Kenntnis vun dëser Situatioun?
- Ass et laut Bautereglement legitim, datt bei solchen Aarbechte kee roude Pflichtpunkt néideg ass? A wéi enge Situatiounen, respektiv wéi enge konkreten Aarbechten trëfft des Regelung zou?

- Wéi definéiert d'Bautereglement d'Residenz?
- Géint wéi eng Regelunge gëtt mat enger "illegaler Residenz" verstouss a wat trëfft, um konkrete Beispill vun deem Schapp hei, zou?
- A wéi enger Form ass de Schäfferot à même, fir d'Bautereglement a Praxis ze kontrolléieren a gëtt et hei eng zoustänneg Kontrollinstanz mat der néideger Kompetenz?

Réponse écrite du 13 mai 2013 du collège des bourgmestre et échevins:

An Ärem Schreiwes vum 23. Abrëll 2013 stellt Dir e puer Froen zu de Bauaarbechten zu Rodange an der rue Charlotte. Fir lech méi konkret op Är Froen zu deenen Aarbechte kënnen ze äntwerten, miisste mer wëssen, ëm wéi een Haus et sech genee handelt. Weder eisen Departement vum Aménagement communal, nach de Schäfferot hu Kenntnis vun dëser Situatioun.

Wat Är Fro zum roude Pflichtpunkt ugeet, esou wëlle mer lech matdeelen, datt an eiser Gemeng déi ganz Baugenehmegung um Schantje muss ausgehaange ginn. Den Artikel 5.2.d) «demande d'autorisation et déclaration de travaux – autorisation de bâtir» vun eisem Bautereglement definéiert fir wéi eng Aarbechten een eng Baugenehmegung brauch.

Den Terme Residenz ass an eisem Bautereglement net definéiert, mä am Artikel 4.13 «Pièces destinées au séjour prolongé de personnes» stinn all d'Konditiounen, déi Zëmmere mussen erfëllen, déi fir Wunnzwecker bestëmmt sinn. Fir lech zu Ärem konkrete Beispill vum Schapp weider Informatiounen kënnen ze ginn, miisste mer wëssen, wou genee dee Schapp an der rue Charlotte steet.

Fir ze kontrolléieren ob eist Bautereglement agehale gëtt, ass et esou, datt mir unhand vun Informatiounen a Reklamatiounen intervenéieren. Soubal mir iwwer Aarbechten, déi net autoriséiert goufen, informéiert ginn, gëtt eng Visite op der Plaz duerchgefouert an de Schantje gestoppt. Mir wëllen lech och drop hiweisen, datt, wann eng Residenz gebaut gëtt, eng Bauabnahm vun eisem Departement vum Aménagement communal duerchgefouert gëtt esoubal de Bau fäerdeg ass. Eréischt nodeems dëst geschitt ass, kënnen Leit sech an den eenzelne Wunnengen umellen.

An deem heite Fall wier et och gutt gewiescht, wann d'Noperen eisen Departement direkt iwwer dës Aarbechten a Kenntnis gesat hätten, dann hätt deen direkt kënnen intervenéieren.

Question écrite du 12 mai 2013 de M. Joé Thein (adr):

Betrëfft: Lëtzebuenger Sprooch an d'Coursen

D'adr setzt sech fir eng gutt sozial Kohäsion vun den Auslänner an de Lëtzebuenger an de Gemengen ass; dofir setzt si besonnesch op d'Integratioun, déi iwwer d'Lëtzebuenger Sprooch erfollegt. Well d'Lëtzebuenger Sprooch de wichtegsten an effizientste Moyen ass, eng gutt Integratioun an d'Lëtzebuenger Gesellschaft ze erméiglechen, huet d'Partei e puer wesentlech Froen dozou:

- Aus wéi engem Grond féiert de Schäfferot an Zesummenaarbecht mat sengem zoustänneg Service keng Statistik doriwwer, wéi vill Awunner d'Lëtzebuenger Sprooch "schwätze kënnen" a "verstoe kënnen"?
- Sollten déi Informatiounen effektiv existéieren an ëffentlech zougänglech sinn, wisou ass d'Méiglechkeet net ginn, fir datt dës Statistik online um Internetsite vun der Pétenger Gemeng (Rubrik "La commune se présente – la commune en chiffres" agelies ka ginn?
- Wéi vill Awunner aus der Gemeng Péteng a vun ausserhalb huelen (an Zuelen an am Prozentsaz zu der Awunnerzuel) un deenen offréierte Coursen deel?
- Wéi genau gesäit d'Léiermethod an d'Léiermaterial vun deene Coursen aus?
- Mat wéi enge Motiver, a wéini, ass de Präis vun de Lëtzebuergesch-Coursen op 85 Euro/Cours a Persoun, respektiv 50 Euro/Cours a Persoun fir Awunner vun der Gemeng Péteng festgeluegt ginn?
- An enger fréierer, ëffentlecher Gemengerotssëtzung ass ënnerstrach ginn, datt d'Coursen e "symboleschen Euro" géife kaschten. Wéi steet dës Ausso, laut dem Schäfferot, an Aklang mat de wierkleche Präisverhältnissen?

Réponse écrite du 5 juin 2013 du collège des bourgmestre et échevins:

An Ärem Brëif stellt Dir verschidde Froen iwwer d'Lëtzebuenger Sprooch.

Heizou wollte mer lech soen,

- Datt et keng Statistik doriwwer gëtt, wéivill Awunner d'Lëtzebuenger Sprooch schwätzen a verstoe kënnen;
- Datt Dir lech fir all Informatiounen iwwer d'Sproochecoursen, hir Bedeelegung, hiren Inhalt an de Präis direkt un déi zoustänneg Organisateur mussen wënnen, an dat sinn déi zwee Syndicats d'Initiative vu Rodange a vu Péteng.

Question écrite du 12 mai 2013 de M. Joé Thein (adr):

Betrëfft: Kommissiounen

D'adr biet de Schäfferot drëms, folgend 2 Suppléante fir folgend zwou Kommissiounen, op d'Reservalëscht, déi mat der Délibératioun vum 30. Januar 2012 opgestallt gouf, ze setzen:

- De Joé Thein fir d'Commission de l'Intégration
- De Pino Di Domenico fir d'Commission du Loyer

D'adr huet keng Suppléanten op dës Lëschten, obwuel d'Reglement iwwer d'Besetzungsprozedur vun de Kommissiounen dëst fir all Partei virgesäit.

Réponse écrite du 5 juin 2013 du collège des bourgmestre et échevins:

An Ärem Bréif vum 12. Mee 2013 biet Dir de Schäfferot, zwee adr-Suppleante fir zwou Kommissiounen op d'Reservalëscht, déi mat der Délibéatioun vum 30. Januar 2012 opgestallt gouf, ze setzen. Dir schreift weider „D'ADR huet keng Suppléanten op dese Lëschten, obwuel d'Reglement iwwert d'Besetzungsprozeduer vun de Kommissiounen, dëst fir all Partei virgesäit.“

An enger Délibéatioun vum Gemengerot kann an därerf nëmmen dat dra stoe kommen, wat deen Dag op der Dagesuerdnung stoung a wat am offiziellen Dossier louch. Géif een am Nachhinein, esou wéi Dir dat frot, eppes bäiflücken, esou wier dat eng „faute en écriture“, also en administrativen Akt, dee strofbar ass. Och ass, niewebäi gesot, de Schäfferot laut Gemengegesetz net zoustänneg fir den Text vun den Délibéatiounen.

Am Règlement iwwert d'Besetzungsprozedur vun de Kommissiounen, dat de 15. November 2011 eestëmmeg vum Gemengerot gestëmmt ginn ass, also och mat Ärer Stëmm Här Thein, steet näischt iwwert d'Integratiounskommissioun an iwwert d'Loyerskommissioun, well dëst zwou Kommissiounen sinn, déi duerch d'Gesetz virgesi sinn. An d'Gesetz huet och geregelt, wéi d'Kandidate gesicht respektiv genannt ginn. De Gemengerot kann nëmmen iwwert d'Zesummestellung vu sengen interne Kommissiounen bestëmmen, déi hie sech selwer geschaf huet. Dir hutt, Här Thein, scho méi wéi eemol am Gemengerot dës Prozedur vum Schäfferot „en long et en large“ erkläert kritt.

Mir wëllen lech heimatter dann nach eemol erklären, dat d'Integratiounskommissioun nëmme kann opgestallt gi mat deene Kandidaten, déi sech op den „appel public“ hi gemellt hunn. De Schäfferot hat en „appel à candidatures“ vum 2. Dezember 2011 bis zum 3. Januar 2012 gemeet, esou wéi de Règlement grand-ducal vum 15. November 2011 dat virschreift. Dat wier de Moment gewiescht wou Dir, Här Thein, Är Kandidatur hätt kënnen, respektiv hätt miisste stellen. De Schäfferot ka beim beschte Wëlle keng zousätzlech Kandidaturen nodréiglech unhuelen, dat wier eng flagrant Violatioun vum Gesetz.

D'Loyerskommissioun gëtt opgestallt op Basis vum Gesetz vum 21. September 2006. An dëser Kommissioun mussen op jiddwer Fall zwee Propriétaires an zwee Locataires dra genannt ginn. De Gesetzgeber huet net virgesinn, datt all Partei aus dem Gemengerot een oder méi Verrieder ka fir dës Kommissioun mellen. D'Loyerskommissioun ass déi éischt Instanz vun der Juridictioun, hei gi guer keng politesch Décisiounen geholl, mä Weeër a Léisunge gesicht wann e Locataire mat engem Propriétaire Sträit huet. Den 30. Januar 2012 huet de Gemengerot en due forme, a konform zum Gesetz, d'Kompositioun vun dëser Kommissioun décidéiert.

Des Weideren ass et dem Schäfferot ee Rätsel, wou Dir, Här Thein, am Règlement vum 15. November 2011 iwwert d'Besetzungsprozedur vun de Kommissiounen kënn liesen, datt Suppléante fir all Partei an der Integratiounskommissioun respektiv an der Loyerskommissioun virgesi wieren. An der Délibéatioun steet kee Wuert heiriwwer, wat jo, wéi scho gesot, nëmmen normal an nëmme legal ass.

Dëst gesot, huet de Schäfferot decidéiert, heimatter dësen Dossier elo ee fir allemol zouzemaachen.

Séance publique du 15 juillet 2013

Durée de la séance: 16.00 à 20.00 heures

Présents:

Mellina Pierre , bourgmestre (CSV)	Breyer Roland , 1 ^{er} échevin (CSV) Conter-Klein Raymonde , 2 ^e échevin (CSV) Linden Jeannot , 3 ^e échevin (LSAP)
Bosseler Camille (CSV) Conzemius-Holcher Josette (CSV) Gira Carlo (CSV) Polfer John (CSV) Rosenfeld Romain (CSV)	Brecht Guy (LSAP) Gonçalves Cátia (LSAP) Mertzig Romain (LSAP) Pierre Norbert (LSAP)
	Becker Romain (déi gréng) Scheuer Romain (déi gréng) Bouché Jean-Claude (DP) Thein Joé (adr)

Absents et excusés:

Néant

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (09.00 heures)

1. Personnel: Nomination d'un employé communal (m/f) à durée indéterminée - décision.
2. Prévisions sociales
 - 2.1. Démission volontaire d'un éducateur diplômé - information.

- 2.2. Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) à durée indéterminée et à tâche partielle (30h/semaine) - décision.
- 2.3. Nomination de deux éducateurs diplômés (m/f) à durée indéterminée et à tâche complète (40h/semaine) - décision.
- 2.4. Nomination de quatre éducateurs diplômés (m/f) à durée indéterminée et à tâche partielle (35h/semaine) - décision.
- 2.5. Nomination de cinq éducateurs diplômés (m/f) à durée indéterminée et à tâche partielle (30h/semaine) - décision.
3. Enseignement musical: Nomination d'un chargé de cours (m/f) au poste de violon - décision.
4. Présentation du nouveau Plan d'Aménagement Général de la Commune de Pétange par le Bureau Zeyen & Baumann - échange de vues interne.

Séance publique (16.00 heures)

5. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
6. Administration générale
 - 6.1. Titres de recettes - approbation.
 - 6.2. Nomination d'un nouveau secrétaire (m/f) pour la commission des loyers - décision.
 - 6.3. Démissions et nominations dans plusieurs commissions consultatives - décisions.
7. Aide aux sinistrés: Subvention au profit des victimes de la catastrophe humanitaire en Syrie - décision.
8. Enseignement
 - 8.1. Acquisition de mobilier supplémentaire pour l'Ecole « Am Park » à Pétange - décision.
 - 8.2. Approbation du décompte provisoire, vote d'un devis actualisé et d'un crédit supplémentaire relatif aux travaux d'assainissement et de remise en état de l'Ecole « Am Park » à Pétange - décisions.
9. Enseignement musical
 - 9.1. Création d'un poste de chargé de cours (m/f) pour l'enseignement de la théorie-jazz - décision.
 - 9.2. Organisation provisoire de l'Ecole de Musique pour l'année scolaire 2013/2014 - décision.
10. Propriétés
 - 10.1. Approbation du compromis relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit « A l'Enclos » - décision.
 - 10.2. Approbation des compromis relatifs à l'acquisition de terrains dans le cadre du nouveau lotissement « An den Atzénge » à Lamadelaine - décision.
 - 10.3. Approbation des compromis relatifs à l'échange de terrains dans le cadre du nouveau lotissement « An den Atzénge » à Lamadelaine - décision.
 - 10.4. Approbation du contrat de bail avec les copropriétaires de la résidence « Marina » relatif à la location d'un terrain à Pétange, rue Léonard Schroeder - décision.
11. Prévisions sociales
 - 11.1. Approbation de la convention pour l'exercice 2013 avec le Centre de Rencontre et d'Information pour Jeunes « Pétenger Jugendhaus » - décision.
 - 11.2. Approbation de la convention pour l'année 2013 avec le Club Senior Prénzeberg - décision.
12. Cultes: Vente par la Fabrique d'Eglise de Rodange d'un appartement dans une résidence à Rodange, route de Longwy n° 81 - décision.
13. Sports et loisirs: Approbation du contrat d'approvisionnement avec Munhowen S.A. dans l'intérêt de la piscine PiKo à Rodange - décision.
14. Vie associative: Octroi des subsides aux sociétés - décisions.
15. Tourisme: Déclaration d'intention portant sur la revalorisation de l'offre des activités récréatives et touristiques - décision.

COMPTE RENDU

1. à 4.

Les points 1 à 4 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

M. Georges Wangen, de Pétange, est engagé comme employé communal à durée indéterminée.

Mme Sarah Gérard, de Dippach, et Mme Carmen Micucci, de Rodange, sont engagées comme éducatrices diplômées à tâche complète sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme Mandy Fioriferi, de Bascharage, M. Eric Laurent, de Bascharage, Mme Aline Philippart, de Lamadelaine, et Mme Pascale Faust, de Schifflange, sont engagés comme éducateurs diplômés à tâche partiel (35 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme Flora Da Conceicao Oliveira, de Differdange, M. Fernand Hoepfner, de Niederkorn, Mme Salomé Sanchez-Sanchez, de Pétange, Mme Melissa Schwickerath, de Bascharage, et Mme Sally Urhausen, de Pétange, sont engagés comme éducateurs diplômés à tâche partiel (30 heures par semaine) sous le statut du salarié et à durée indéterminée.

Mme Laura Meier, de Niederkorn, est nommée chargée de cours de violon à tâche partielle et à durée indéterminée.

5.**Communications du collège des bourgmestre et échevins.****Mellina Pierre, Buergermeeschter:**

Ech profitéiere fir dem Gemengerot matzedeelen – an dir gesitt et scho wann der hei ronderëm kuckt -, datt ee vun eise Kollegen, den Här Gilbert Welter, demissionéiert huet no der leschter Gemengerotssëtzung. Seng Demission ass den 3. Juli vum Inneminister ugeholl ginn. D'Prozedur gesäit vir, datt hien dat iwver den Distriktscommissaire beim Inneminister mécht. Zweek Leit hunn op hiert Mandat verzicht, dat ass d'Madame Quintus als éischten Ersatz an den Här Nau als zweeten Ersatz op der DP-Lëscht. Den Inneminister huet eis matgedeelt, datt vun haut un den Här Jean-Claude Bouché d'Relève hält vum Här Welter. An ech begréissen och den Här Bouché hei, ouni awer ze vergiessen – am Numm vun eis alleguer – dem Här Welter Merci ze soe fir dat, wat hien am Laf vun deene leschte 7 an d'halleft Joer am Intressi vun eise Bierger gemaach huet. Déi éischt sechs Joer als Schäffen an duerno als Gemengerot. Mer wäerte sécherlech nach eng Kéier dorop zeréckkommen, spéitstens am Dezember, wann d'Ofschlosssiessen ass a wou mer all eis Mataarbechter, déi a Pensioun ginn, verabschieden. Do wäert den Här Welter och nach eng Kéier geéiert ginn a e wäert och säin adäquate Kaddo, deen en zegutt huet am Kader vun eisem Reglement, kréien. Vun eis aus an och vun alle Bierger aus e grouse Merci fir dat, wat e gelescht huet. Mer soen och dem Här Bouché ‚Wëllkomm‘ hei, an ech géif him dann och d'Wuert ginn. Et ass Usus, datt e Konzelljee, deen nei am Gemengerot ass, d'Wuert dierf un de Gemengerot an doriwwer eraus un eis Bierger riichten.

Bouché Jean-Claude (DP):

Ech soe Merci fir d'Wuert. Ech si frou an och e bëssen houfreg, datt ech haut dierf fir d'éischt hei um Gemengerot deelhueen. Dat war ëmmer eent vu mengen Ziler an e Punkt op menger „to-do“-Lëscht, deen ech ëmmer wollt an där Gemeng errechen, wou ech déi meeschten Zäit vu mengem Liewe verbruecht hunn.

Ech si frou, datt dat mer elo gelongen ass. Wann ech dann och nach ronderëm kucken, da gesinn ech, datt ech déi Leit, déi hei sëtzen och all kennen. Déi meescht scho joerelaang duerch d'Veräiner an d'Associatiounen, wou ech geschafft hunn. Dofir mengen ech, datt d'Zesummenaarbecht och wäert klappen. A wéi gesot, ëmmer fair an haart Diskussiounen, well et kann een net ëmmer enger Meinung sinn. Mä dat soll am Respekt ee vun deem aner geschéien. Dat wënschen ech mer, an ech wäert mech dann och an deem Sënn esou behuelen.

Ech wëll awer och dem Gilbert Welter am Numm vun der DP Merci soe fir déi Aarbecht, déi hie gelescht huet. Hie war 6 Joer am Schäfferot an annerhalleft Joer an der Oppositoun als Gemengerot. Hien huet aus perséinleche Grënn opgehalen. Am Schäfferot huet hien och deen een oder aneren Akzent gesat. Ech mengen, ee Mann eleng ass ëmmer eleng. Do kanns de net alles duerchsetzen, wat s de als Iddi hues. Mä ech menge schonn, datt hien dat Bescht doraus gemaach huet.

Ech soen dann natierlech och de Wieler Merci, datt si mir d'Geleeënheet ginn hu fir nozeréckelen, nodeems déi zweek Kandidaten op hiert Mandat verzicht hunn. Et war net evident, well ech war méi wéi 12 Joer fort aus der Gemeng. An ech war mat mengem Resultat déck zefridden an elo hunn ech, duerch déi Ëmstänn, d'Chance fir nozeréckelen.

Wat interesséiert mech besonnesch? Duerch mä Beruff ass et jo kloer, datt mer verschidde Saache méi um Häerz leien ewéi anerer, obwuel mech alles interesséiert. Mat Sécherheet awer d'Mënschen dobaussen. An do si Saachen, déi mer nach kënnen verbesseren. Ech hu jo déi lescht 8 Joer zesumme mat de Gemenge Rëmeleng a Käl geschafft an deem Beräich. Do kann een och kleng Saache maachen, déi näischt kaschten, bei deenen ee sech einfach kann anescht uleeën a wat dann dobaussen och gutt ukënnt. Ech wier och frou, wann ech do am Hierscht eng Kéier e Rendez-vous beim Buergermeeschter krit well ech do nach e puer Froen hunn un hien. Ech muss mech nach iwver e puer Saachen informéieren, an ech géif hien dann och informéieren iwver e puer Iddien, déi ech hunn. An dat ier mer dat am grouse Gremium maachen.

Mäin zweeten Dada ass de Verkéier, an do kann ech schonn duerch meng berufflech Erfahrung deen een oder anere Bäitrag leeschten. De Verkéier gëtt ëmmer méi grouss. Ech ka mech nach erënneren, wéi mer schonn iwver d'Collectrice du Sud geschwat. Do ware schonn Diskussiounen iwver 2 oder 4 Bunnan. Natierlech ginn et dozou och Alternativen, mä déi mussen och funktionéieren. An déi mussen och un d'Bedierfnesser vun de Leit ugepasst ginn.

Well mer elo nach e grouse Programm hunn, hunn ech net wëlles, eng grouse Ried ze halen. Ech freeë mech am Viraus schonn op Zesummeschaffen a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Rosenfeld Romain (CSV):

Mer géifen dem Här Welter villmools Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mat him am Schäfferot an duerno an der Oppositoun. Et war ëmmer relativ fair. Dat muss ee soen. Dofir géif ech him nach vill Freed wënschen a senger Pensioun. Ech géif am selwechten Otemzuch och den Här Bouché begréissen. Mer kennen eis scho laang an ech hoffen, datt déi Zesummenaarbecht gutt klappert.

Brecht Guy (LSAP):

Ech schlësse mech de Wiederer vum Här Rosenfeld am Numm vun der LSAP-Fraktioun un. Och vun eis aus dem Här Welter villmools Merci fir déi Aarbecht, déi en hei fir d'Gemeng gelescht huet. Och eng wuel verdéngte Pensioun fir hien. Mer begréissen awer och de Jean-Claude Bouché ganz häerzlech. Dat mannst wat ee ka soen ass, datt mer elo mol erëm endlech Gewicht an eise Gemengerot kréien. Ech kennen de Jean-Claude och scho ganz laang. An hie wäert gesinn, datt et hei aner Diskussiounen ginn ewéi dobaussen. Ech freeë mech am Numm vun der LSAP-Fraktioun op eng gutt Zesummenaarbecht.

Becker Romain (déi gréng):

Ech denken, wann elo all Fraktioun d'Wuert ergräift fir dem Gilbert Welter ‚Addi a Merci‘ ze soen, dann ass et natierlech och un eiser Fraktioun vu Péteng fir dem Här Welter e grouse Merci ze soe fir all déi Aarbecht, déi hie gemaach huet, an och fir d'Zesummenaarbecht déi mer zesummen haten. Et war net ëmmer evident, mä mer hunn awer zesumme geschafft. Am selwechten Otemzuch géif ech de Jean-Claude Bouché hei bei eis begréissen, hie wëllkomm heeschen an op eng gutt Zesummenaarbecht mat him pochen, esou datt mer esou weiderfuere kënnen ewéi mer dat mat Här Welter ugefaangen hunn.

Thein Joé (adr):

Ech wëll och am Numm vun der adr-Sectioun Péteng an all eise Leit dem Här Gilbert Welter Merci soen. Ech hunn en net esou laang kannt well ech jo och nach net allze laang am Gemengerot mat derbäi sinn, mä ech hat awer och mat him flott Diskussiounen. Dofir villmools Merci. Sengem Nofolger

op deem Posten, dem Jean-Claude Bouché, wënsche mir och vill Erfolleg a mir freeën eis op déi Diskussiounen, déi mer hei mat der DP an deem neie Wand wäerte kënnen féieren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Domat hu mer zu dësem Punkt d'Ronn gemaach. Ech wollt nach dem Här Linden d'Wuert ginn, well den Här Welter hat nach eng Fro gestallt am Zesammenhang mam PiKo.

Linden Jeannot, Schäffen:

Den Här Welter hat viru senger Demissioun gefrot fir de Bilan 2012 vum PiKo ze kréien. Ech hu geduecht, ech géif et esou maachen. Well mer de Moie jo scho bombardéiert goufe mat Zifferen a mat Biller an esou virun, an ech elo nees eng Kéier Ziffere virzeliesen hunn, hunn ech entscheet, datt der de Bilan a schrëftlecher Form zougestallt kritt. Kuckt en duerch, a wa Froe sinn, da gitt der déi eran an da kritt der déi och an där nächster Sëtzung beäntwert.

6.1.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 7.271.128,81 euros – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

An deene leschte Wochen a Méint konnte mer Recettë vun insgesamt 7.270.128,81 Euro enregistréieren. D'Haaptrecette ass natierlech d'Avance vum 2. Trimester vun der „Dotation de l'Etat“ mat 7.173.628 Euro. Dat anert si méi kleng Recetten, sief dat d'recette aus der Buvette vun der PiKo-Schwämm oder Suen, déi mer vun der TVA kréien, an esou weider. Dir hutt den Detail virleien.

Approbation à l'unanimité.

6.2.

Administration générale.

Nomination d'un nouveau secrétaire (m/f) pour la commission des loyers – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den 30. Januar 2012 hate mer d'Madame Alexandra Leick als Sekretär vun der Loyerskommissioun hei am Gemengerot genannt. Et ass elo esou, datt opgronn vun der Modifikatioun vum Organigramm, dee mer och virgestallt haten an der leschter Sëtzung, eng Ännerung stattfonnt huet. D'Madame Alexandra Leick huet hir Demissioun eraginn an d'Madame Negar Misaghi huet hir Fonctioun am Sekretariat iwverholl.

Thein Joé (adr):

Wann der erlaabt, géif ech kuerz dozou eppes soen. D'adr -bei dësem Punkt an och beim nächste Punkt – kann nees net un dem Vote deel huelen. Dir wësst, datt et eis als Partei duerch e Vote vum Gemengerot den 30. Januar 2012 gezwongenermoossen onméiglech gemaach gouf fir an zwou konsultative Kommissiounen deelzehuelen. An dës Regelung schléisst d'adr bis d'Joer 2017 aus well dës Gemengerot dat esou wollt an esou entscheet huet. Dofir wäerte mer net um Vote deel huelen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Gutt, ech mengen, dat ass äre Choix. Beim Gemengerot musst der lech mat abezéien, well der hutt dat och matgestëmmt. Dat ass déi éischt Saach.

Hei schwätze mer vum Sekretär, an d'Sekretariat mécht e Beamten a kee Politiker. An et steet ausser Fro, datt e Politiker hei d'Sekretariat vun enger Loyerskommissioun mécht. Dat wëll ech awer ganz kloer hei gesot hunn. Dat hei concernéiert lech net an och kee Politiker heibannen. Dir sidd awer fräi fir Är Entscheedung ze treffen.

Accord avec 16 voix. M. Thein (adr) a refusé de participer au vote.

6.3.

Administration générale.

Démotions et nominations dans plusieurs commissions consultatives - décisions.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et och ëm eng Rei Demissiounen aus Kommissiounen. Dat ass den Här Laurent Beauchaud an d'Madame Adriana Di Giusto. Et sinn zwee Leit, déi am Fong vun der CSV virgeschloe goufen. D'CSV huet och do aner Virschléi gemaach, wéi der gesitt. An der Jugendkommissioun ass et de Michel Rodrigues, an der Ëmweltkommissioun esou wéi an der Integratiounskommissioun ass et de Marco Goedert. An d'Kulturkommissioun proposéiere mer de Carlo Gira an an d'Chancégläichheetskommisioun de Claude Laures.

Accord avec 16 voix. M. Thein (adr) a refusé de participer au vote.

7.

Aide aux sinistrés.

Subvention de 2.500 euros au profit des victimes de la catastrophe humanitaire en Syrie – décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

Médecins sans Frontières hunn en Appel un d'Gemenge gemaach fir hinnen eng finanziell Ënnerstëtzung ze ginn, an dat fir de Leit kënnen ze hëllefen an där Katastroph, déi sech den Abléck a Syrien ofspillt. Der hutt jo selwer gelies, datt 6,8 Milliounen Leit vun där schroer Situatioun do betraff. Si bräichte méi oder wéineger 40 Milliounen Euro. Bis elo sinn et eréischt 15,5 Milliounen, déi se op hir Konte kritt hunn. Dat heescht, si brauchen nach eng ganz Partie. Dofir proposéiere mer – well mer jo awer och gären an esou Situatiounen hëllefen – fir hinnen eng Subventioun vun 2.500 Euro ze ginn. Am Budget sinn 10.000 Euro virgesinn, also ginn déi ofgefaangen. Dofir géif ech lech bieden, déi 2.500 Euro ze stëmmen a *Médecins sans Frontières* e wéineg ënner d'Äerm ze gräifen.

Thein Joé (adr):

Mer diskutéieren haut hei iwver eng humanitär Katastrophenhëllef am Kader vun deem brutalen Zoustand a Syrien. Zënter dem Fréijoer 2011 herrscht hei en onwahrscheinleche Biergerkrich, deen an der Tëschenzäit 93.000 Doudesaffer gefuerdert huet. Méi wéi 1 Millioun Syrer sinn aus hirem Heemechtsland geflücht, a méi wéi 4 Milliounen Syrer si bannent Syrien op der Flucht.

Zënter dem Staatscoup vun der Ba'ath-Partei am Joer 1963 an hirem islamisteschen Alawite-Führer Bashar Al Assad kennt dat Land näischt aneres wéi Opdachlosegkeet, Honger, Mënscherechtsverletzungen, Krich an Terror. Dobäi kënnt och nach eng antisemitesch an aggressiv Politik géintiwver dem Nopeschland Israel. Dofir schreift d'Caritas Lëtzebuerg och

vollkomme richtig op hirer Homepage, ech zitieren: „Sous les bombes, dans la peur permanente devant les besoins énormes, tel est le contexte.“ Och wann all déi Problemer net duerch e finanziellen Don vun der Gemeng Péteng geléist kënne ginn, esou si mir awer als adr vollkommen der Meenung, datt hei e gudde symbolesche Bäitrag soll gelescht ginn. Dëst als Hëllef fir d’Affer, awer och mam Hannergedanken, iergendwou e moraleschen an existenzielle Widderstand vun deene Leit géint d’Diktatur ze stäerken.

Bouché Jean-Claude (DP):

Ech fannen et och eng gutt Saach. Ech wollt just froen, ob si Zougang a Syrien hunn, oder ass dat fir Lagere ronderëm d’Land. Déi humanitär Hëlleforganisatiounen hate jo wéi laang den Zougang zu deem Land verbuede kritt. Oder setze si sech a Flüchtlingslagere ronderëm Syrien an?

Linden Jeannot, Schäffen:

Neen, dat ass wahrscheinlech am Land selwer. An och un de Grenzen, well déi Flüchtlingslager leie jo och un de Grenzen. Da kënnen se wéinstens deene Leit mat 2.500 Euro hëllefen. Ech kann et elo net sécher soen, mä et ass garantéiert net fir heibaussen, fir an der Tierkei, well do si jo och där Lager. Et ass wahrscheinlech fir bannent de Grenze kënnen ze hëllefen.

Brecht Guy (LSAP):

An deem Land, wou de Moment e Biergerkrich ass, gétt scho vill gepend, mä op eng falsch Aart a Weis. Do sinn zwou Groussmuechten, déi di eng Säit respektiv di aner Säit mat Waffe beliwweren. Well och do nach en Diktator um Rudder ass, hoffen ech, datt déi Suen och op där richteger Plaz ukommen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech ginn awer dovunner aus, datt dat mat de *Médecins sans Frontières* och klappt. Et ass e Partner, dee mer bis elo ëmmer haten an deen awer och eng gewësse Garantie an deem Beräich duerstellt.

Accord à l’unanimité.

8.1.

Enseignement.

Acquisition de mobilier supplémentaire pour l’Ecole « Am Park » à Pétange - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass jo heibannen allgemeng gewosst datt, mat der Urgence, déi mer d’lescht Joer am Hierscht am Schoulgebai *Am Park* haten, dat ganz séier huet musse geraumt ginn. Et huet och ganz séier musse gesicht gi fir eis Schüler ënnerdaach ze kréien. Mir hunn och eng Firma domat chargéiert fir d’Miwwelen ze plënnere. Bei dëser Plënnerraktioun sinn natierlech vill Saache gewiescht, déi hu musse mat entsuert ginn, esou datt mer elo virum Problem stinn, datt mer mussen neit Material uschaffen. Et sinn och gewësse perséinlech Saache vun dem Léierpersonal nach agepak a mer wëssen net richtig, wou se sinn an ob se nach kënne gebraucht ginn oder net. Fir datt d’Schoul awer ab September nees richtig ka funktionéieren, si mer gezwongen, verschidden Utensilien nei ze kafen. Dofir géif ech iech och bieden, dës extra Zomm vu 50.000 Euro am Budget ze stëmmen. Mir hunn Offeren ugefrot, an déi belafe sech op 47.279 Euro. Wa mer kucken, da kéinte mer déi an eisem Budget fir den Exercice 2013 derbäihuelen. Eise Budget weist och, datt mer de Moment nach genuch disponibel hu fir déi Ausgaben ze maachen. Ech géif iech bieden, deen heite Punkt haut ze stëmmen, well ech

fäerten, datt mer op eemol do stinn an et feelen eis gewësse Miwwele fir de 15. September, wann d’Schoul erëm soll ugoen.

Mertzig Romain (LSAP):

Ech wollt froen, ob domatter dee ganze Mobiliar ersat ass, wat d’Verantwortung vun der Gemeng an déi Klassesäll ugeet, déi contaminéiert waren? Esou datt mer an Zukunft déi iwwerspëtzte Beschëllegung kënne vermeiden.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hunn emol opgronn vun den Devisen, déi era sinn, an deenen Zuelen, déi d’Léierpersounen eis eraginn hunn, ausgerechent, datt mer mat deene 50.000 Euro géifen hikommen. Mer hunn nach 50.000 Euro am Budget stoen. An do si jo och nach Schief, déi mer nach ëmmer kënne gebrauchen. Et sinn och Schief erausgerappt ginn, an do setze mer neier era fir datt déi Schoulklassen adäquat an e wéineg modern ausgesinn. Well ech mengen, mer hunn elo esou vill an deem Gebai geschaff an da wier et verfeelt, wa mer elo nëmmen eng hallef Aarbecht do géife maachen. Mer hunn eis iwverluegt a gesot, mer géifen dat elo uerdentlech maachen, esou datt dat Gebai an deenen nächste Joeren dem heitege Standard entsprécht.

Mertzig Romain (LSAP):

Domatter ass jo séchergestallt, datt kee méi iergendee ka mat esou Saache beschëllegen, esou wéi dat déi leschte Kéier de Fall war.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hoffen dat emol opgronn vun all den Analysen, déi mer gemaach hunn, a vun de Resultater, déi mer kritt hunn. Mir hunn eis och dru gehale fir alles esou ze sanéieren ewéi mer dat virgeschriwwe krute vun deenen eenzelne Laboratoiren. Do sti mer de Moment awer ganz gutt do. Esou wéi et de Moment ausgesäit, kënne mer berouegt si fir den Hierscht en neien Ufank do ze maachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Alles, wou nëmmen iergend e klengen Zweiwel bestoung, ass erausgerappt ginn. Mer hunn e Rapport vun engem Kontrollbüro, dee seet, datt déi Raim do an der Rei sinn an datt dat, wat kontestéiert war, net esou schlëmm war, well et just an e puer Säll war an net an deenen aner. Et ware just a 6 vu 25 Säll Asbestplacken. Dat heescht, et war net esou dramatesch wéi dat durgestallt gouf. Natierlech huet mässten alles entsuert ginn, esou datt mer déi Situatioun berengegt hunn. An et kann ee wierklech soen datt, wann d’Schoul de 15. September ugeet, se propper an erneiert ass. Dobäi muss ee soen – dat war jo och eng Demande, déi hei ausgeschwat gouf an déi generell war – datt mer samschdes, den 21. September eng Porte ouverte hunn, wou d’Elteren a jidderee ka kucke kommen ewéi déi Schoul ausgesäit a wéi elo do Schoul gehale ka ginn.

Brecht Guy (LSAP):

Ech hunn et schon e puer mol hei gesot. De Gemengerot a virun allem de Schäfferot ka sech an dëser Affaire hei kee Reproche maachen. Wann een déi Zomm gesäit, déi mer do investéiert hu fir déi ganz Schoul ze sanéieren, dann hu mer och scho bal méi ausginn ewéi mer hätte mässten. Mer hoffen natierlech – den Här Mertzig huet et och gesot –, datt mer zefridde Schüler kréien, déi do an d’Schoul ginn. Dat allerwichtigst ass awer – an dat hoffe mer –, datt mer d’Elteren dann elo och zefriddegestallt hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech si sécher, wa si et gesinn, da wäerten se zefridde sinn.

Becker Romain (déi gréng):

An der Délibéatioun hunn ech am 1. Punkt gelies „a dû liquider du mobilier et du matériel dans le cadre des travaux d'assainissement“. E bësse méi wäit steet „certains équipements anciens“. Dir als Buergermeeschter hutt och gesot, datt alles, wou dee geréngsten Zweiwel bestanen huet, erausgeholl ginn ass. Dat heescht all Schaf an all Schoulbänk?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, dat ass net esou. Et sinn eng Rei Saachen, déi kënnen gebotzt ginn. Alles wat méi problematesch ass ewéi d'Computeren, wou bannendra Ventilatoren sinn a se net drukomme fir se ze botzen, gouf ersat. Och un den Tafelen, wou hannendrun Dréit oder Ficellé sinn, do kommen se net dran. Iwwerall, wou en Zweiwel war, ass dat erausgeholl ginn. Mä eng Bänk respektiv d'Pulter, déi konnt gebotzt ginn. Do ass kee Problem. Mä alles, wou si gesot hunn, si kéinten net garantéieren datt iergendwéi nach en Asbestkär dra wier, ass erausgeholl ginn. Dat war haaptsächlech an deene 6 Klassen, wou Asbest war. An deenen anere Schoulsäll war eigentlech kee Problem.

Becker Romain (déi gréng):

Dat heescht, bei deenen aneren, wou kee Problem war, do gouf ofgewäsch oder wéi och ëmmer.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

An dat ass och kontrolléiert ginn. Si hu gesot, déi Saache wieren an der Rei a se wieren och gebotzt ginn.

Becker Romain (déi gréng):

A mir halen déi Saache vun deene si gesot hunn, si wieren an der Rei. Déi ginn dann net ersat?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, déi ginn net ersat.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dat eenzegt, wat mer och ersetzen, dat sinn d'Tafelen. A verschidde Säll hate mer och nach méi eeler Tafelen. An deem dote Kontext hu mer nei Tafelen geholl, esou wéi datt och elo gefrot ass.

Becker Romain (déi gréng):

Ech war frou vum Buergermeeschter ze héieren, datt et eng grouss Porte ouverte géif ginn, fir dat net eng Informatiounsversammlung ze nennen. Mir als „déi gréng“, respektiv de Kolleg Romain Scheuer hat scho wéivill mol drop higewisen, datt ee soll awer d'Elteren informéieren. Well et ware jo virun allem d'Elteren, déi sech Gedanken gemaach hunn. A se si jo och elo eng laang Zäit näischt gewuer ginn. Mä et ass gutt, datt mer elo op dee Wee gi fir wann d'Rentrée ass a fir d'Elteren dann och all ze invitéieren. Ech wier och frou, wa se perséinlech géifen invitéiert an ugeschriwwen ginn. Mer wësse jo, wat fir eng Kanner do an d'Schoul ginn. Da kënnen déi sech awer e Bild maachen a berouegt sinn. Wat een dobaussen héiert, dat ass, datt et nach net gedoen ass. Et ass flott a wichteg, datt der dat virgesitt.

Accord à l'unanimité.

8.2.**Enseignement**

Approbation du décompte provisoire, vote d'un devis actualisé et crédit supplémentaire relatif aux travaux

d'assainissement et de remise en état de l'École «Am Park» à Pétange.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Hei geet et och nees ëm d'Schoul *Am Park*, wou mer den 21. Dezember 2012 en „devis estimatif“ vu 650.000 Euro zougestëmmt kruten. Deem huet de Ministère och de 7. Februar zougestëmmt. Mä mat all deenen Extrakäschten, déi elo derbäikomm sinn, hu mer gesinn, datt et net duergeet fir déi Schoul wierklech adäquat ze maachen. Do hu mer emol eng „entreprise de démantèlement et d'aménagement des classes“ missten huele fir alles ze plënnere. Dat kascht eis 33.700 Euro méi.

Dann hu mer nach Analyse maache gelooss duerch en unerkannte Büro, dee festgestallt huet, datt a 6 Säll Asbest wier. Dat huet eis awer 69.000 Euro manner kascht well mer geduecht haten, et wiere méi Säll, déi betraff wieren. Well mer awer duerno higaange sinn a gesot hunn, datt, well verschidde Schappen och esou e komesche Geroch haten an dee Buedem mat deem Länueleg getränkt war. De Büro konnt eis net richtig soen, ob eppes do wier oder net, an dofir hu mer d'Schappen alleguer erausgeholl an domatter si mer roueg. Du hu mer natierlech nach Analyse gemaach vun engem Büro an doduerch hu mer nach Extrakäschte vu 64.400 Euro kritt.

Mer haten en „dépassement de tonnage“ duerch dat, wat aus deene ganze Säll erausgeholl huet musse ginn. Et sinn am ganzen 72 Tonnen do erausgeholl ginn, esou datt ee sech emol ka virstellen, wat do alles geschafft gouf. Den „dépassement de tonnage“ huet eis 50.400 Euro kascht.

Mer hu vum Gesondheetsministère gesot kritt, mer sollen en extrae Film op de Buedem maachen, an zwar ënner deen neie Buedembelag, dee mer hunn. Dat huet eis 63.000 Euro kascht.

Et goufe fir 5.000 Euro nach zousätzlech Analyse vun de Schappe, de Betonsplacken a vun der Loft an dem Gebai gemaach.

Vun der *Valutect* krute mer gesot, datt d'Egalisatioun vun de Schappen noutwenneg wier fir dee Film dropzeleeën. Dat huet 1.600 Euro kascht.

Bei der Holztäfelung an de Gäng krute mer gesot, datt déi op där enger Säit contaminéiert wieren an op där aner Säit war et net sécher, esou datt mer gesot hunn, datt mer déi och géifen erausrappen. Do huet natierlech musse gespachtelt an nei ugestrach ginn, wat 92.000 Euro kascht huet, esou datt mer alles an allem eng Zomm vun 241.100 Euro als zousätzlech Käschten hunn. Mer hunn awer e Solde vun 61.100 Euro, deen nach zur Verfügung steet, esou datt mer e Supplément vun 180.000 Euro hunn. Mer géifen iech bieden, datt mer haut dee provisoireschen Dekont vun 830.000 Euro an dann nach en zousätzleche Kredit iwwer 180.000 Euro stëmme, fir datt mer dee Schantje fir de 15. September kënnen op en Enn bréngen.

Bosseler Camille (CSV):

Ech wollt just froen, ob déi Schoulsäll och ëmmer richteg duerchlëft ginn?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir hoffen dat emol. Well dat si jo Instruktiounen, déi d'Léierpersonal matkritt. Mä et steet natierlech kee vun eis donieft. An déi Asbest-Geschicht huet elo näischt mam Lëften ze doen. Mat deenen anere Biedem, do muss ee bedenken, datt dat Gebai am Joer 1932 gebaut gouf an och aner Sécherheetsmoossname bestanen hu wéi elo. Den

Holzbuedem ass ëmmer getränk ginn, wat mer haut net méi dierfe maachen, esou datt mer eis do awer verflucht gefillt hu fir deem Rechnung ze droen an deen dote Bau elo adäquat hirzestellen.

Bosseler Camille (CSV):

Well dat wier awer och trotzdem wichteg fir d'Zukunft.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dat kann een dem Léierpersonal nach eng Kéier mat op de Wee ginn. Et kann een natierlech och dem Portier an eisem Botzpersonal soen, datt, wa se duerch d'Säll ginn, se och owes nach alles eng Kéier sollen opmaache fir ze léften. Natierlech och net ze vergiessen, duerno nees zouzespären.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Et ass natierlech gutt, wa mer dee Problem definitiv nees guttmaachen, esou datt dat bei der Rentrée nees gutt leeft. Déi leschte Kéier, wou mer schonn en zousätzleche Kredit gestëmmt hunn, ass jo ugeklongen, datt déi Manéier, wéi virgaangen ass fir 1 mol, 2 mol, 3 mol an esou weider zousätzlech Kreditter ze stëmmen, net soll zur Regel ginn. Ech muss éierlech soen, datt ech verschidde Grënn hei verstinn. Wann de Ministère gewësse Saache seet, da kann een dat novollzéien. Ech wollt awer beim leschte Punkt „l'enlèvement des panneaux en bois“ froen, ob dat net eppes ass, wat ee vläicht beim „devis estimatif“ hätt kënne wëssen? Dat froen ech mech wierklech, well et sinn awer bal 100.000 Euro, déi do zousätzlech derbäikommen a wou een awer kann e Verdacht hunn, datt dat och muss nei gemaach ginn. Kéint dat net an Zukunft méi präzis gekuckt ginn?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Mir waren an enger Noutsituatioun. Am Ufank hate mer en „devis estimatif“, a mer haten d'Analysen nach net all eran. Dat eenzegt, wat mer eran haten, dat war, datt Asbest do wier. Mä mer woussten am Ufank och net, wéivill es do wier a wat iwwerall wier. No an no koume sämtlech Analysen. Et housch dunn, et wieren nëmme 6 Säll, wou Asbest wier. Do gouf awer gesot, datt dee Buedem mat Länueleg getränk wier, an dunn op eemol kouw, datt och nach déi eng Furf vun der Holztafelung gewëssen Elementer huet, déi haut och net méi erlaabt sinn. A bei deenen anere war et net esou 100% sécher. Mir wollten awer ganz sécher goen.

Och dem Léierpersonal, de Kanner an den Eltere wollte mer d'Sécherheet ginn, datt mer ee fir allemol alles géife maachen. Da si mer och berouegt a mer fänken net nees un ze piddelen. Well et ass och net gutt fir eng Gemeng ewéi eis, wa mer an e puer Méint nees hätte missten ufänke well et geheescht hätt, datt nach eppes do wier. Well dann hätte mer gesot kritt, mer hätten et gewosst awer net gemaach. An elo hu mer alles gemaach.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt do nach hannendrun hänken, datt, wann hei „l'enlèvement des panneaux en bois“ steet, eis Betriber dat awer selwer gemaach hunn. Am Prinzip hätt dat näischt kascht. Mä wéi mer se ewech haten, do hu mer gesinn, datt derhannert net gegipst war. Do hu mer musse gipsen an do hätt een och kéinten higoen a spachtelen a propper maachen. Mä mer hu gesot – dat ass eng Entscheedung, déi geholl gouf wéi mer dat gesinn haten -, datt mer déi Gäng ganz usträchen. Dat war ursprénglech net virgesinn. Et hätt een se eventuell kënne ewechhuelen an de Fouss hätte mer vun eise Betriber usträiche loossen. Well mer awer elo déi ganz Gäng usträiche gelooss hunn, ass dat natierlech och méi deier ginn.

Wann een esou eng Aktioun wéi déi heite mécht, an een och kurzfristeg muss entscheiden, dann ass d'Situatioun och

anescht wéi wann een e Projet vun Ufank bis zum Schluss mécht. Do sinn déi Remarquen, déi gemaach goufen, schonn ubruecht. Mä an esou engem Dossier wéi deem heiten ass et wesentlech méi schwéier fir vun Ufank un ze gesinn ewéi et geet. Da kënnt nach derbäi, datt mer zu deem Zäitpunkt ënner Zäitrock stoungen. Fir unzekommen, hu mer emol am Dezember en Devis gestëmmt. A wann ech mech gutt erënneren, dann hunn ech an där Presentatioun gesot, et wier en Ufank a mer kéinten net 100-prozenteg garantéieren, datt dat alles wier. An hei sinn dann och déi Punkten, déi derbäikomm sinn am Laf vum Projet. Wéi mer amgaange waren, hu mer ebe gesinn, datt verschidde Saachen net gemaach waren. Dat sinn alles Geschichten, déi mer am Virfeld net konnte gesinn. Dir wäert gesinn datt, wann der emol eng Kéier op déser Säit vum Dësch sëtzt, dat net ëmmer esou einfach ass ewéi ee sech dat op där aner Säit virstellt.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech hunn nach just eng kleng Erklärung ze ginn. Fir déi ganz Ausgaben e wéineg ze drécken, sinn eis Usträicher de Moment amgaange sämtlech Schoulsäll selwer unzeesträchen. Si hu scho 7 Säll fäerdeg ugestrach, wat och ganz gutt weidergeet, esou datt mer eis Leit awer och do am Asaz hunn. Et gëtt net alles vun externe Firme gemaach. Ausser fir fäerdeg ze ginn, do huele mer natierlech extern Firmen. Mä wat mer mat eise Leit maache kënne, dat loosse mer si och maachen.

Accord par 16 voix et une abstention (DP).

9.1.

Enseignement musical.

Création d'un poste de chargé de cours (m/f) pour l'enseignement de la Théorie-Jazz – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Fir eise Schüler, déi um Jazz interesséiert sinn, d'Méiglechkeet ze ginn, och hei bei eis eng éischt Mentioun ze maachen, si mer mat der Déifferdenger Schoul – do hu mer jo eng Konventioun mat de Musekschoulen am Kordall fir zesummen ze schaffen – zesummen op de Wee gaange fir un der „commission nationale“ deel ze huelen an dat do ze optimiséieren. Do musse mer natierlech e Poste schafe fir d'Theorie Jazz-Coursen kënne ze ginn.

Zu Déifferdeng gëtt dat Praktescht gemaach, hei zu Péteng d'Theorie Jazz. Dat ass e ganze Programm, dee vun der „commission nationale“ gefuerdert gëtt a wou d'Schüler sech duerno kënne stelle fir den ënneschten Zyklus bis op eng Mentioun duerchzegoen. Dat wier eng ganz flott Saach, well mer hunn ëmmer méi Schüler, déi scho méi wäit a gewëssen Instrumenter dra sinn a sech fir den Jazz interesséieren. An ech mengen, et ass eng Optimiséierung vun eiser Schoul wa mer esou e Poste kéinte schafe fir dat unzebidden.

Accord à l'unanimité.

9.2.

Enseignement musical.

Organisation scolaire provisoire de l'Ecole de Musique pour l'année scolaire 2013/2014 – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Ech géif emol fir d'éischt dem Service Merci soen, deen déi ganz Organisatioun hei zesumme mam Direkter opgestallt

huet. An um Enn vun engem Schouljoer och emol e grouse Merci un eis Chargéen, déi eis d'Kanner d'lescht Joer ënnerriicht hunn. Ech wëll just ganz kuerz e puer generell Saachen erauspicken an iech net déi ganz Organisatioun virlesen. Dat géif vill ze vill wäit goen. Et ass gewosst, datt mir hei bei eis an der Schoul esou gutt Holz-, Blech- ewéi och Kordinstrumenter an och Perkussioun ubidden. Mir hu verschidde Gesangsklasse fir Kanner an och fir Erwuessener. Mer hunn eng ganz Rei Ensembles a mer hunn och Solfège-Klassen, déi ganz gutt bei eis an der Musekschoul fonctionnéieren.

Mir hu Methoden a Programmer, déi ginn no den Direktive vun der „Commission nationale des programmes“ enseignéiert an och ausgeféiert. Wat elo déi aner Generalitéiten ugeet, wat d'Léierpersoun selwer betrëfft, do heescht et, datt se soll pënktlech sinn, datt hir Präsenz dauernd verlaangt ass, se hire Stonneplang soll androen, se net méi wéi 5 Stonnen hannerenee Cours soll halen an och net méi wéi 7 Stonne maximal an engem Dag. D'Course solle fir 21.30 Auer fäerdeg sinn, mat Ausnam vun aussergewöhnleche Situatiounen, déi mam Direkter ofgeschwat sinn.

Op där aner Säit muss och vun de Schüler verlaangt ginn, datt se pënktlech do sinn a se sech fir d'Coursen obligatoresch sollen higinn, datt se an d'Course musse kommen, datt se no e puer Joer d'Exame maache sollen. Wa se krank sinn, da sollten se sech och ofmellen an net de Chargé do stoe loossen an deen net weess, wou d'Schüler dru sinn. Wann e Schüler 3 mol onentschëllegt feelt, da besteet och d'Méiglechkeet fir en aus der Schoul auszuschléissen.

Eng Waardelëscht gëtt natierlech gefouert fir déi Schüler, déi fir de Schoulufank keng Plaz an eise Course kréien, an déi eventuell am Laf vum Joer da kënnen an eng Klass integréiert ginn. Schüler, déi an der Gemeng wunnen, déi erageplënnert sinn an scho an enger anerer Musekschoul ageschriwwen waren, hunn natierlech Virrang. Ech mengen, d'Dauer vun den individuelle Coursen hänkt natierlech vun deene verschidde Zyklen of. Dat geet vun 30 bis 60 Minutten. D'Eltere sollen och wëssen, datt hir Schüler mam Accord vum Chargé de direction u kulturelle Manifestatiounen, u Stagen a Fester sollen deelhuefen. Gewësse Fester solle vun den „Amis de l'école de musique“ organiséiert ginn. Dat soll alles an allem dat an der Zesummeffaassung sinn, wat an dëser provisoerescher Organisatioun drasteet. Mer komme jo ëmmer Enn Oktober oder ufanks November dorop zeréck, wann déi ganz Aschreiwunge gelaf sinn. De Moment si se nach amgaangen. Ech kann iech awer scho soen, datt déi lescht Detailler weisen, datt schonn iwwer 480 Kanner ageschriwwen sinn, wat jo och ganz flott ass fir eis Musekschoul. De Moment hu mer och e gudden Niveau erreecht. Mer kënnen soen, datt wa mer dat hei gestëmmt hunn, mat der Organisatioun a mat den Uschreiwunge lassfueren, esou datt mer fir de 15. September prett sinn.

Accord à l'unanimité.

10.1.

Propriétés

Approbation du compromis relatif à l'acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «A l'Enclos» - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

«A l'Enclos» ass ganz am ënneschten Deel vum Brouckerwee, ier ee bei d'Eisebunn kënn, wou och en neit Lotissement gemaach gouf mat e puer Haiser. An do ass elo am Kader vun der Prozedur festgestallt ginn, datt e ganz

klengt Stéck, iwwer dat ee muss fuere fir an dat Lotissement ze kommen, net am Besëtzt vun der Gemeng ass. Dat misst awer an d'„voirie publique“ erageholl ginn. Dofir misste mer vun deenen zwee Häre Jean-Paul Reisdorff a Patrick Reisdorff dat klengt Stéck vun 0,26 Ar ofkafen. De Präis, dee mer bezuelen, wa mer esou eppes an d'„voirie publique“ huelen, si 750 Euro den Ar. Dat géifen hei ronn 195 Euro ausmaachen, déi mer musse bezuele fir datt mer d'Stroosseninfrastrukturen an dëser Strooss komplett an de Besëtzt vun der Gemengeverwaltung kréien.

Accord à l'unanimité.

10.2.

Propriétés

Approbation des compromis relatifs à l'acquisition de terrains dans le cadre du nouveau lotissement «An den Atzénge» à Lamadelaine - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Elo kommen d'Punkten 10.2 an 10.3, déi ech ganz gär global géif presentéieren. Et ass eng Suite vun deem, wat mer den 18. Juni hei am Gemengerot entscheet hunn. Mer haten do eng Rei Entscheedunge getraff am Kader vun deem neie Lotissement „An den Atzénge“ zu Lamadelaine, wou mer schonn an der Sëtzung vum 18. Juni eng punktuell Ännerung vum PAG gemaach hunn. Ufanks leschter Woch hate mer d'Leit zesummegeeruff fir och do eng „consultation du public“ ze maachen. Do leeft d'Prozedur.

Mer haten och eng Konventioun mat der „Société Nationale des Habitations à Bon Marché“ guttgeheescht am Gemengerot, fir och do en Deel soziale Wunnengsbau ze maachen. Och dat war ugeholl ginn. Mer haten och entscheet, dat ganz Lotissement duerch eng Virfinanzéierung ze finanzéieren. Dat heescht eng Virfinanzéierung vun 8,5 Milliounen Euro, wouvunner ronn 2,5 Milliounen Euro fir d'Kafe vun Terraine virgesi war an iwwer déi mer haut wäerten ofstëmmen. 6 Milliounen si virgesi fir d'Infrastrukture kënnen ze bezuelen. Mer hunn déi Négociatioun fir déi Terrainen, déi mer gebraucht hu fir an de Lotissement z'integréieren, den 18. Februar 2013 ugefaangen. De 15. Juli 2013 leien elo all d'Compromise vir bis op een. Mat enger Famill konnte mer de Moment nach net ënnerschreiwene, well ee vun de Matbesëtzer net ze fannen ass. A wa mer deen net fannen, da wäert et schwierig si fir deen Terrain ze kafen. Dofir gi mer am Kader vum PAP hin an aménagéieren de Projet esou, datt do och just nëmme 1 Bauplazz ofhängeg ass vun deem Terrain. Esoubal mer deen Terrain da kaf hu kann deen dann och viabiliséiert ginn. Bis dohinner muss deen Terrain op bleiwen.

Mer sinn higaangen a mer hunn déi Compromisen all de 24. Mee 2013 ënnerschriwwen, an déi sinn an enger „enquête publique“ tëscht dem 3. an dem 24. Juni ausgehaange ginn, esou wéi dat virgeschriwwen ass. Et ass keng Objektioun komm, esou datt mer elo eigentlech esou wäit sinn, datt mer de 15. Juli dës Kéier déi Compromise kënnen stëmmen. Et sinn der 12 am Punkt 10.2. Et si reng Acquisitiounen, eng Kéier vun engem Haus an der Providence-Strooss, wou eng Entrée soll gemaach ginn. Wa mer dat kënnen kafen a wann de Gemengerot averstanen ass, dann hu mer eng besser Entrée an dat Lotissement. Dann hu mer och 11 Terrainen, wou mer Stécker vun Terraine kafen. Déi Terraine sinn eigentlech all Kéier zu 20.000 Euro den Ar kaf ginn.

Am Punkt 10.3 hu mer en Tosch mat zwee Besëtzer, well si net onbedéngt den Terrain wollte verkafen. Als Géigelleschtung hätte si gäre fir deen Terrain, dee si eis verkafen, en Terrain an deem Lotissement. A well mer dovunner ausginn

an eis och als Zil gesat hu fir déi Terrainen zu 40.000 Euro den Ar ze verkafen, hu mer gesot, fir zwee verkaaften Ar vum Besëtzer ginn een Ar zeréckkaf am Lotissement. Firwat hu mer dat gemaach? Ganz einfach, well mer gesot hunn, datt ee Véirel vun deem Terrain kann net verkaf gi well en an „voirie publique“ respektiv an d’„partie publique“ integréiert gëtt. An ee Véirel brauche mer vun deene Sue fir d’Infrastrukturen ze maachen. Well déi musse jo och bezuelt ginn. Wa mer also vu 40.000 Euro deklinéieren, da sinn 10.000 Euro fir dee Véirel, deen an d’„voirie publique“ geet, an 10.000 Euro fir d’Infrastrukturkäschten, déi ufalen, bis déi Terraine viabiliséiert ginn. Da komme mer also op déi 20.000 Euro Akafspräis respektiv op déi Relatioun 1 zu 2 wa mer en Tosch maachen.

Eng Damm gëtt eis 8 Ar a mir ginn hir 4 Ar als Géigeleeschtung am Lotissement. Eng Firma, déi eis och 8 Ar ginn huet, kritt och 4 Ar als Géigeleeschtung. Déi aner 2 Ar an eppes Klenges gi mat enger Soulede bezuelt vu 44.800 Euro. An dat op der Basis vun 20.000 Euro den Ar.

Den Total vun de Käschten – d’Terrainen an d’Immeublen, déi mer elo kafen -, wäert bei 2.359.000 Euro leien. Do kommen natierlech nach Käschten derbäi, ewéi zum Beispill d’Ausmoossen op der Plaz. Well déi Terrainen hu miissten ausgemeoss gi vun engem agréierte Büro. Da musse mer och nach Stackkäschten iwwerhuelen. All déi Käschte wäerten nach derbäikommen, esou datt mer iech virschloen, haut eng ganz Rei Saachen z’entscheeden.

Eischtens emol averstanen ze si mat de Compromise vun den Acquisitiounen. Dat sinn 350.000 Euro mat de Käschte fir dat Haus, dat mer kafen. D’Haus eleng kascht 310.000 Euro, de Rescht hale mer eis fir d’Käschten. Da sinn et och nach 2.150.000 Euro fir den Akaf vun Terrain, déi mer och virgesinn haten, esou datt mer am ganzen op 2,5 Milliounen Euro kommen, déi mer dann iwwer d’Virfinanzéierung, déi mer den 18. Juni 2013 gestëmmt hunn, finanzéiert kréien.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hätt zwou Froen. Wéi ginn déi Terraine getosch? Kënnen déi sech d’Terrainen eraussichen, wou si se spéiderhi gären hätten? Oder kréien se gesot, deen an deem Terrain kritt der?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also deen Terrain muss jo dann och déi Gréisst hunn, déi se brauchen, an ech ka mer virstellen, datt et net ee vun deenen Terraine ka sinn, déi mer am Kader vun der Konventioun mat der SNHBM erausginn hunn. Mä et ass sécherlech en Terrain, dee si sech kënnen op där Plaz eraussichen. Mer kucken dat mat hinnen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wa mer 20.000 Euro fir den Terrain bezuelen a mer verkafen se duerno fir 40.000 Euro, komme mer dann duerno eraus mat deem ganze Projet oder gëtt den Terrain duerno awer méi deier? Net datt déi, déi sech Hoffnung maache fir en Terrain zu engem valabele Präis ze kréien, dësen dann awer méi héich géif ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir hunn dat opgronn vun deenen Ausgaben, déi hei ugi sinn – 6 Milliounen Euro fir Infrastrukturkäschten an 2,5 Milliounen Euro fir Terrainen, déi mer kafen -, dat sinn 8,5 Milliounen Euro. Dat geet gudd duer, do ass esouguer nach e klenge Sputt par rapport zu deem, wat mer bis elo bezuelt hunn. An enger nächster Phas – dat wäert dat anert Joer sinn - muss de Gemengerot hei entscheeden, wat fir e Präis mer definéieren, a mer mussen eis och e Reglement gi fir ze definéieren, no wat fir enge Kriterie mer déi Terrainen do

veräusseren. Theoretisch misste mer déi Terraine jo versteeën, an da si mer séier bei engem Präis vu 65.000 bis 75.000 Euro den Ar. A wa mer dat net wëlle maachen, da musse mer eis eng Regelung ginn. Zum Beispill wann een hei Verbindungen huet, wann een hei schafft, wunnt oder Kanner huet. Dat ass e ganze Critèresberäich, dee mer hei wäerten definéieren. Dee wäerte mer intern – mam Präis – hei festleeën. Mä mat deene Kenntnisser, déi mer haut hunn, ginn ech dovunner aus, datt mer dat ouni Weideres kënnen maachen. Well de Volet Terrainen ass jo elo schonn ofgeséichert. Fir d’Infrastrukture wäerte mer am Dezember am Budget en Devis stëmmen. Da wësse mer och, wat dat kascht. An da gesi mer, ob et opgeet oder net. Fir de Moment geet et awer op, do dierft kee Problem si fir dat fir 40.000 Euro ze verkafen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Well mer verhënnert ware fir op déi Informatiounsversammlung ze komme wéilt ech och gäre wëssen, wéini d’Aarbechten an deem Lotissement ugefaange ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt mer de Moment bei der punktueller Modifikatioun vum PAG sinn. Déi Prozedur wäert awer nach e puer Méint daueren. Parallel si mer amgaangen, de PAP virzebereeden. Haut de Moien an der informeller Sëtzung hutt der gesinn, datt do schonn déi éischt Iddien do sinn ewéi dat kéint ausgesinn. Do mussen awer nach verschidden Etudë gemaach ginn. Esoubal mer d’Modifikatioun gemaach hunn, wäert kuerz duerno och de PAP gestëmmt ginn. Da wësse mer schonn emol, wéi dat Lotissement definitiv ausgesäit. Eréischt dann – awer och scho parallel – kann en Ingenieurbüro domatter chargéiert gi fir ze kucken, wat no hire Berechnungen déi ganz Saache kaschten. Well wa mir elo d’Stroossen nach dauernd änneren, da kann dee sech jo net 100-prozenteg festleeën. Deen ass am Prinzip schonn amgaangen drun ze schaffen an ze kucken, wat dat ka kaschten. A wa mer dat hunn, da komme mer normalerweis am Dezember mat deem Devis. An da wäerte mer ufanks 2014 domat ufänken, dat Reglement op d’Been ze setze fir ze soen, wéi d’Leit déi Terraine kréien. An am Laf vun nächste Joer wäerte mer och ufänke mat den Infrastrukturaarbechten, déi awer e gudd Joer bis annerhalleft Joer daueren. Ech kann also dovunner ausgoen, datt ufanks 2016 déi éischt Haiser kënnen gebaut ginn. Dat ass den Timing wann alles optimal leeft esou wéi dat bis elo de Fall war. Mer dierfen net zevill Problemer mat de Flantermais kréien. An och do si mer amgaangen eng Etude ze maachen. Dat heescht, wa mer do net grad eng Hiobsbotschaft kréien, da misst dat an deem Rhythmus goen.

Scheuer Romain (déi gréng):

D’Thema Flantermais gëtt dacks ugeschwat. Et ass awer en Thema, dat wichteg ass. D’Leit laachen ëmmer oder diskutéieren ëmmer iwwer d’Flantermais, mä et ass awer e Punkt, wou ee muss bedenken, datt dat mat der Natur ze doen huet. Den Här Bosseler schwätzt ëmmer vum Waasser, dat do leeft. Et si Leit, déi Problemer mat Flantermais hunn. Et ass awer en Thema, wat ee ka bäibehalen a wou een och emol kann driwwer diskutéieren an net nëmme laachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech ginn iech Recht. Ech sinn och keen, dee seet, datt d’Flantermais misste verschwannen. Mä dat hei ass elo deen drëtte Projet, deen amgaangen ass. An all Projet, iwwer dee mer diskutéieren – sief et de Grand Bis oder Jufa – diskutéiere mer iwwer d’Flantermais. Hei hat ech wierklech guer net dermat gerechent, datt mer iwwer Flantermais géife schwätzen. Ech maachen net de Geck driwwer, mä ech soen

einfach, datt et dozou féiere kann, datt dee Projet nees eng Kéier a Verzuch kënt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hunn net gesot, datt dir de Geck géift maachen. Ech hu just gesot, datt verschidde Leit driwwer diskutéieren an de Geck maachen, wann dat Thema ugeschwat gëtt.

Bosseler Camille (CSV):

Et sinn elo scho vill Froe beäntwert ginn. Ass den Iwwerlaf vum Buer *Op Aker* op deem Terrain hei, dee kaf ginn ass?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif soen, en ass net op deem Terrain hei. Mä ech kann et net 100-prozenteg soen. Am Kader vum PAP si mer eréischt amgang dat do genee ze analyséieren.

Bosseler Camille (CSV):

Ech mengen deen hanner dem Chines, riicht erop. Do sinn nach Gäert, an do stéisst een op de Buer. An den Iwwerlaf vum Buer geet dann duerch deen Terrain, dee mer elo kaf hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ka sinn, mä déi dote Saache ginn am Kader vum PAP gemaach. An do ginn dann och Propositione gemaach wéi mer dee Problem, wann en da géif opdauchen, wäerte léisen. Et ass ze fréi an dëser Prozedur fir doriwwer ze schwätzen. Mer kommen nach drop wann de PAP kënt. Dann hunn d'Ingenieuren all hir Etudé gemaach. Et gëtt jo och e „bassin de rétention“ gebaut, an do musse mer jo och mam Waasserwirtschaftsamt kucke fir déi noutwenneg Moosnamen ze huele fir deen Terrain do ze erschléissen. An déi Saache ginn alleguer am Kader vum dem PAP gekuckt. Och d'Verkéiserskonzept gëtt gekuckt, an all déi Saache kommen dann zur Diskussioun hei am Gemengerot wa mer de PAP diskutéieren. An dat wäert um Enn vun dësem Joer oder ufanks 2014 de Fall sinn.

Gira Carlo (CSV):

Meng Fro ass schonn deelweis beäntwert ginn. Ech wollt och froen, ob mer eis mat deem Tosch vun den Terraine keng Problemer géife maache mat der Opdeelung. Net datt do hannendru Sträife leie bleiwen, déi da brooch leien, well mer eis op déi 4 Ar géife fixéieren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen. Bei deem engen ass et 1 zu 1 sans soulte. Déi kréien en Terrain vu 4 Ar a ginn hiren Terrain, och wann dat 8,01 oder 7,99 Ar sinn. An deen aneren – do si mer sécher, datt et iwwer 10 Ar sinn – dee kritt en Terrain vu 4 Ar géint en Terrain vun 8 Ar, an de Rescht kritt e bezuelt. Do ass et esou definéiert. Do stinn déi 44.800 Euro, déi de Soulte sollen duerstellen, a sengem Compromis dran.

Gira Carlo (CSV):

Jo; dat ass mer scho kloer. Et ass einfach, well mer de Moment nach keng Opdeelung hunn. Net datt duerno keng Terraine vu 4 Ar entstinn, well do musse mer jo awer zimlech genee op 4 Ar kommen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Jo, dat wäerte mer och hikréien.

Gira Carlo (CSV):

A bei deene 40.000 Euro den Ar, déi elo avancéiert goufen, sinn do all d'Taxen dran? Oder kommen do nach Taxen drop?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Déi normal Taxen, déi bei engem Lotissement sinn, kommen natierlech derbäi. Dat hei ass am Fong geholl just de Wäert vum Terrain. Wann ee baut, da muss een natierlech déi Taxé bezuelen, déi dee Moment an eise Taxereglemente virgesi sinn. Mä déi 40.000 Euro ass just den Terrain. Ech mengen, et ass och e ganz gönschtege Präis wann ee kuckt, datt een haut schonn zu Péteng an der Gemeng mat 65.000 Euro fir een Ar muss rechnen. An hei schwätze mer vun 2016. Da wäerten d'Präisser nach e bësse méi héich sinn an der Gemeng. Dann ass 40.000 Euro schonn e ganz gönschtege Präis. An dat war och d'Basis, déi mer geholl hu fir de Präis auszerechnen, dee mer de Leit ugebueden hu wéi mer hinnen d'Terraine ofkaf hunn. Fir op déi 20.000 Euro ze kommen.

Gira Carlo (CSV):

Ech zweiwelen net um Präis, mä et ass einfach fir de Leit kee falschen Androck ze ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mä d'Taxe musse bezuelt ginn. An ech wëll dozou nach soen, datt déi hei an der Pétenger Gemeng am Verglach mat den Nopeschgemenge ganz interessant sinn. Et brauch een nëmmen op Käerjeng ze goen, da weess een, datt se do vill méi héich leien.

Mertzig Romain (LSAP):

Ech wollt just zu dem Här Scheuer sengen Aussoen nach eppes Klenges soen. Et kann awer och net sinn, datt mer wéinst Flantermais e Stëllstand an der Gemeng hunn. Ech mengen, mer hunn dat beschte Beispill hei um Grand Bis, wou et 15 Joer laang gedauert huet. Et sidd dir awer als Partei, déi sech dann doranner Fudder siche geet a freet, firwat et dann esou laang dauert.

Becker Romain (déi gréng):

Als Spriecher vun der Fraktioun vun *déi gréng* muss ech awer soen, datt mir eis dat net als Partie gefale musse loossen. Ech hunn hei zoufälleg ënner den Aen e Gesetz vum 19. Januar 2004 „sur la protection de la nature et des sources naturelles“. Do steet dran, datt d'Flantermais eng geschützten Déierenzort sinn. Mer brauchen elo net hei an eng Polemik ze verfallen. Här Mertzig, dat do war wierklech iwwerflësseg.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et gesäit een, datt d'Wale méi no kommen. Wann der wëllt, da stëmme mer d'Compromisen all zesummen of. Ausser dir hätt gären, datt se all eenzel ofgestëmmt ginn.

Accord à l'unanimité.

10.3.

Propriétés

Approbation des compromis relatifs à l'échange de terrains dans le cadre du nouveau lotissement «An den Atzengen» à Lamadelaine - décision.

Accord à l'unanimité.

10.4.

Propriétés

Approbation du contrat de bail avec les copropriétaires de la résidence *Marina* relatif à la location d'un terrain à Pétange, rue Léonard Schroeder – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Do hu mer en Deel vun deem Terrain, dee mer wëlle lounen fir de symboleschen Euro. An zwar well et en Deel ass vun där Spillplaz, déi mer do ageriicht hunn. Déi Copropriétaire sinn averstane fir dat ze maachen, esou datt ech iech géif virschloen, dëse Bail ab dem 1. August 2013 ulafen ze loosse fir 3 Joer. An duerno hu mer eng „tacite reconduction“ vun engem Joer. De Präis ass wéi gesot ee symboleschen Euro. De Bailleur verzicht och dorop. Dee Moment gétt et jo der Gemeng net ze deier.

Accord à l'unanimité.

11.1.

Prévisions sociales.

Approbation de la convention pour l'exercice 2013 avec le Centre de Rencontre, d'Information et d'Animation pour Jeunes «Pétenger Jugendhaus» - décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Hei geet et ëm d'Konventioun, déi mer jo all Joer hei hunn a wou mir d'Halschent vum Budget bäileeën. Et ass eng Konventioun, déi de 6. Februar ënnerschriwwen ginn ass. Déi ass duerno op de Ministère geschéckt ginn. De 14. Mee ass se definitiv ofgestempelt ginn, an duerno hu mer se erëmkritt. Dofir hu mer iech se esou spéit virgeluegt. Et ass jo awer gewosst, datt de Budget vum Jugendhaus op 361.264 Euro kënnt. De Ministère leet an där ganzer Zomm 174.592 Euro bäi. Ech mengen, mir schléissen eis deem un a mir leeën och 174.592 Euro bäi fir de Fonctionnement vun eisem Jugendhaus. Déi stinn och am Budget fir den Exercice 2013, esou datt ech iech géif bieden, déi do Konventioun hei ze stëmmen.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech hunn eng ganz kuerz Fro. Dir hutt gesot, et wier all Joer. Hei steet am Artikel 1, Kapitel 1, datt dat vun 2013-2015 ass fir eng Dauer vu 36 Méint. Et steet do „font partie intégrante de la présente convention“. Wat ass dat genee?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Et ass normalerweis esou, datt déi Konventioun all Joer muss erneiert ginn. Si schreiwen, datt d'„conditions générales“ eng „partie intégrante“ si fir 36 Méint. Mä all Joer gétt de Budget nach eng Kéier erneiert. De Ministère muss eis jo de Budget all Joer guttheeschen, esou datt mer d'Konventioun all Joer erneieren.

Accord à l'unanimité.

11.2.

Prévisions sociales.

Approbation de la convention avec le «Club Senior Prénzebieng» pour l'exercice 2013 – décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

Dës Konventioun ass gemaach tëscht dem „Ministère de la Famille et de l'Intégration“ – wou d'Madame Marie-Josée Jacobs nach am Amt war an ënnerschriwwen huet – an deene 4 Gemenge Käerjeng, Déifferdeng, Suessem, Péteng esouwéi der Asbl „Aide pour personnes âgées Prénzebieng“, déi duerch d'Madame Jacqueline Weis – deemools nach Presidentin – vertruete war. Si gouf no der leschter Generalversammlung vum Roberto Traversini ersat. Si hunn hire Sëtz zu Déifferdeng. All Bierger iwwer 50 Joer aus deene Gemengen, déi ech elo opgezielt hunn, ka sech an

deem Club umelle fir un enger grousser Offer vun Aktivitéiten deel ze huelen. Zweemol am Joer kréie mer eng Broschür, an der wësst jo alleguer, wéi se ausgesäit. Hei ass ausféierlech virgestallt, wat pro Semester gemaach gëtt. Et ginn zum Beispill Ausflich, Mäert, Course fir déi eege Sécherheet, Concerten, Schueberfouer. Wann ee sech Zäit hält an d'Broschür duerchblidert, da gëtt een iwwerrascht, wat do alles offréiert gëtt. Dat alles gëtt et natierlech net zum Nulltarif fir d'Gemengen. De Stat iwwerhëlt d'Personalkäschten zu 87%, an d'Gemengen iwwerhuelen 13%, opgedeelt am Hibleck op d'Bevëlkerung. Fir eis Gemeng ginn dat 11.455 Euro geschate Personalkäschten. Dobäi leeë mer awer och nach 8.700 Euro bäi fir de Loyer, d'Chargen, Assurancen an nach aner Saachen, déi do drënner falen. Dat gëtt eng Zomm zum Wuel vun der Generatioun iwwer 50 Joer vun 20.155 Euro fir den Exercice 2013. Well mer heibannen och ëmmer bereet si fir ze hëllefen, géif ech iech bieden, dës Konventioun ze stëmmen.

Accord à l'unanimité.

12.

Cultes

Vente, par la Fabrique d'Eglise de Rodange, d'un appartement dans une résidence à Rodange, route de Longwy n° 81 – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

D'Kierchefabrik vu Rodange huet hei en Appartement verkaf fir 217.000 Euro, a mir sollen dat haut hei guttheeschen.

Bouché Jean-Claude (DP):

Ech enthalte mech, well ech der Meenung sinn datt dat hei eng Saach ass, iwwer déi mer mussen ofstëmmen an et awer egal ass, wéi een ofstëmmt. Well se gëtt awer gemaach. Dofir enthalen ech mech.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir sidd nei hei. Am Prinzip argumentéiert een seng Enthaltung nodeems de Vote ofgeschloss ass. Mä dat ass awer kee Problem, et ass da fir déi nächste Kéier.

Accord par 12 voix contre 2 voix (déi gréng) et 3 abstentions (MM Bouché et Brecht, Mme Gonçalves).

Brecht Guy (LSAP):

Ech mengen, an der lescht stousse mer mat deenen Affairen ewéi SREL an esou weider ëmmer méi drop, datt et hei an eisem Land Gesetzer ginn, déi vun Anno Tubak sinn. Dat gëtt jo elo nogekuckt, ganz iwwerschafft, an dann hoffe mer, datt mer esou Saachen net méi hei an de Gemengerot kréien. Ech kann hei net eppes stëmmen, wou ech keen Abléck an d'Konten hunn.

13.

Sports et loisirs

Approbation du contrat d'approvisionnement avec Munhowen S.A. pour la piscine PiKo à Rodange – décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

De PiKo gëtt beliwwert vun enger Firma vum Grupp *Brasserie Nationale – Bofferding S.A.* Zur Verfügung gëtt och eng Zapanlag am Wäert vun 2.500 Euro gestallt. D'Anlag gëtt och gebotzt an ënnerhale vun der Firma Munhowen, wat

op ronn 600 Euro geschat gëtt. Eng Wanderkonzessioun gëtt och fir d'Gemeng geschaf. D'Material, wat schonn do steet – da si KILLSchief, e Comptoir a Miwwelen -, bleift och op der Plaz stoen. Baséiert op de Kontrakt kommen awer drop: 4 Frigoe mat Glasdieren a 6 Barhocker.

Déi Offer gesäit als Géigeleeschtung vir, datt nëmme Produkter vu Munhowen S.A. verkaf därerfe ginn. Oder vu Leit, deene si den Optrag ginn. Produkter also, déi vun hinne gehandelt ginn. De Kontrakt huet eng Dauer vun 8 Joer an e leeft de 4. Mee 2014 un. Am Laf vun där Zäit ass e Verkaf vun 50 Hektoliter Béier pro Joer esouwéi aner Produkter am Wäert vun 10.000 Euro pro Joer virgesinn. Ech géif iech bieden, déi Konditiounen, an där et jo just ëm déi 4 Frigoen an déi 6 Barhocker geet, ze stëmmen.

Thein Joé (adr):

Ech hunn elo grad de Bilan vun der PiKo analyséiert, an do stellen ech fest, datt all d'Recetten an d'Luucht ginn. Dat ass jo och tiptop esou. Do fällt mer awer op, datt d'Recette vun de Gedrénksautomaten erofgaangen ass. Firwat? Hunn déi net fonctionnéiert? Ass besser um Comptoir zerwéiert ginn? Ech kann net verstoen, firwat dat erofgeet? Do hätt ech just gären eng Erklärung wann ech gelift.

Linden Jeannot, Schäffen:

Do muss ech selwer kucken. Ech hunn iech dee Bilan jo gi fir datt der dee kënnt duerchgoen. Dir kritt eng schrëfflech Äntwert wann der wëllt. Well firwat do manner verkaf gëtt hänkt jo e bësse vum Wieder of. Wa vill Leit do sinn, da gëtt jo och vill gedronk. Dee Moment, wou net vill Leit do passéieren, da geet de Verbrauch oder de Gebrauch vun deem Gedrénks erof.

Thein Joé (adr):

Mä de Problem ass, datt d'Zuel vun de Leit, déi d'Schwämm visitéiert hunn, eropgaangen ass. U sech sinn all d'Recetten augmentéiert. Just wat déi Gedrénksautomaten ugeet, do ass et erofgaangen. Dat ass e bësse kontradiktoresch. Wann ech do eng schrëfflech Äntwert kéint kréien, da wier ech absolut zefridden.

Linden Jeannot, Schäffen:

Dir kritt eng präzis Äntwert, ëm wat et hei geet. Ech sinn och amgaangen eng Analys ze maachen, well do si Produkter, vun deene mer vläicht 2 Fläschchen d'Woch verkafen. Déi ginn zwar vun hinne geliwwert, mä da seet een einfach, mer brauchen déi net méi. Da keeft een se och net an. Cola gëtt vläicht annerhalfe oder 2 Këschte gedronk.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Well ech awer e bëssen an de Statistiken doheem si kann ech iech schonn eventuell eng Äntwert ginn. Hei hu mer jo an der Haaptsaach d'Zäit tëscht Mee a September. D'Automate ginn haaptsächlech am Wanter benotzt wann d'Bar an de Comptoir net op sinn. Der hutt jo och d'Recette beim Comptoir, wou der gesitt, datt déi zolitt an d'Luucht gaangen ass. An zwar vu 45.000 op 65.000 Euro. Déi aner geet vu 6.000 op 5.600 Euro erof. Do kann ee sech d'Äntwert scho quasi selwer ginn. An zwar wann d'Wieder besser ass – der gesitt jo déi Deeg, wou den Daach op war: am Joer 2012 waren et 46 Mol, am Joer 2011 just 27 -, da gëtt wahrscheinlech och vill méi um Comptoir gedronk. Dee Comptoir baussen op der Wiss gëtt da vill méi benotzt. A wann den Daach zou ass, da gi vill méi Saachen dobanne geholl, well eben de Comptoir net funktionéiert. Ech mengen, dat wäert d'Erklärung sinn, mä mer wäerten awer nach am PiKo nofroen.

Bouché Jean-Claude (DP):

War keen anere Kandidat do? War d'Firma Munhowen deen eenzege fir dee Kontrakt do? Ech fannen, fir 8 Joer ass de Géigewäert awer net ganz déck.

Linden Jeannot, Schäffen:

Ech mengen, Munhowen huet sech ugebueden, well si och schonn aner Artikelen an der Schwämm hunn. Et war jo keng Ausschreiwung gemaach gi fir ze soen, wie mat mécht. Et kënnt jo just eng Brauerei a Fro. Dat hei ass jo eng Ënnergrupp vun der Käerjenger Brauerei. Déi hu sech dofir uginn. Dofir hu si jo och déi Konditiounen drageschriwwen. An déi Konditiounen sinn iwwerall d'selwecht. Och do ënnen am WAX hu mer Munhowen, an do sinn se och praktesch d'selwecht.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et muss een awer och dozou soen, datt dee Comptoir, deen an der Schwämm an op der Wiss ass, zum Deel vun der Brauerei finanzéiert gouf. Dat hei ass e wéineg de Pendant dozou fir dat ze kompenséieren. Et kann een net bei deen ee goe fir de Comptoir finanzéiert ze kréien an da bei deen anere fir de Béier ze kréien. Dat wësst dir vläicht net, well der net vun Ufank un derbäi waart. Dat war den Deal. Si hunn eis e ganze Koup Saachen dohinner gesat, an dofir hu mir eis engagéiert, eng gewëssen Zäit de Béier respektiv d'Gedrénks bei hinnen ze huelen.

Mertzig Romain (LSAP):

Wat mer opgefall ass an der Délibération, dat ass, datt mer e Kontrakt vun 8 Joer maachen, wourunner och am Prinzip näischt aussetzen ass. Si ginn eis awer just eng „licence de cabaretage“ fir 5 Joer. Huet dat eng speziell Ursach? Oder setze mer eis do net an d'Situatioun, datt mer no 5 Joer do stinn a mer hu keng Erlaabnis fir ze zapen?

Linden Jeannot, Schäffen:

Ech denken net, well déi stellt d'Brauerei. Mir kréien se iwwer Munhowen. Dat heescht, et ass Bofferding, déi se stellt. A wann déi gären hätten, datt hire Béier verkaf gëtt, da mussen se jo och eng Lizenz ginn. Si kënnen nëmme drun interesséiert sinn, datt mer eng Wanderlizenz hunn. Ech fannen dat ganz gutt. Wann een eng fix Lizenz huet, da kënnt een net emol baussent d'Dier. Bei enger Wanderkonzessioun, da kann een – wann déi Anlag zou ass – se och bei engem Fest benotzen. D'Gemeng kann och dovunner profitéieren.

Accord à l'unanimité.

14.

Vie associative.

Octroi des subsides aux sociétés - décisions.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif eng kuerz Aleedung maachen, a wann dann ee vu menge Kollegen aus dem Schäfferot zu hirem Beräich och eppes wëlle soen, dann ass dat hinne fräigestallt.

D'Subsidereglement hu mer 2001 gestëmmt. Déi grouss Linne sinn do festgehalen ginn. Am Joer 2009 gouf eng Modifikatioun gemaach, wou punktuell Saache geännert goufen, ë.a. ass d'Jugendaarbecht do méi an de Vierdergrond gestallt ginn. Mer hunn d'Subsiden dem Reglement vun 2009 no ausgedeele a kommen op en Total vun 110.003 Euro. Dat ass quasi déiselwecht Zomm wéi 2012, wou mer op 110.844 Euro

koumen. Do leie mer also ganz no beieneen. Am ganzen, ouni sech op déi eenzel Veräiner ze konzentréieren, deelen déi sech esou op: 36% ass de Basissubsid, dat sinn 39.800 Euro; 24% fir d'Aktivitéiten am Domaine vun dem Veräin, dat sinn net grad 27.000 Euro; 21% fir d'Jugendarbecht, dat sinn 23.000 Euro. Fir d'Manifestatiounen sinn et 7%, also 7.740 Euro, well mer och drop halen, datt déi eenzel Veräiner fir Nationalfeierdag, dem Commémoratiounsdag an anere wichtige Manifestatiounen an der Gemeng deel huelen.

Fir Niklosdag hu mer och fir d'„Oeuvres Saint Nicolas“ Sue virgesi fir Tuten ze kafen. Do ginn, jee no der Zuel vun de Kanner, déi an deenen eenzelne Sektione Péiteng, Rodange a Rolleng wunnen, Suen ausbezuelt. Dat sinn net grad 5.000 Euro a 4,5%.

Da bleiwen nach 7,5% fir aner Saachen ewéi zum Beispill Memberskaarte bezuelen oder Veräinsanniversairen – fir 25, 50 oder 75 Joer - ënnerstëtze mat engem dräifachen, duebelen oder einfache Basissubsid. Och bei sportlech Leeschtungen, beispillsweis wann e Club mat der 1. Equipe an eng iewescht Divisioun klëmmt oder wann ee Champion gëtt, kritt de Veräin dofir eppes ausbezuelt. Dat maachen am Total 7,5% aus.

Wéi gesot, dat hei ass e Prinzip, dat zënter 2001 méi oder manner an d'ärselwechter Grëssenuerdnung fir all Veräiner gëlt. Ech géif och de Kommissiounen, déi sech dorunner bedeelegt hunn, Merci soen. Dat sinn d'Sportskommissioun, d'Kulturkommissioun, d'Jugendkommissioun, d'Ëmweltkommissioun an d'Familljekommissioun, déi Propositionen op den Dësch geluegt hunn an déi de Schäfferot iech dann elo zur Ofstëmmung virleet. A wa mer dat elo gestëmmt hunn, da wäerten nach an der Sommervakanz déi Subsiden un déi eenzel Veräiner ausbezuelt ginn.

Brecht Guy (LSAP):

D'Subsiden, dat ass eng eescht Saach, an do ass et net fir ze gecksen an ze laachen. Ech hunn e puer substantiell Bemierkungen zu de Subsiden ze maachen, an dat a menger Eegeschaft als President vun der Sportskommissioun. Et wonnert ee sech heiansdo, wéi d'Formularen erakommen. Do gesäit ee schonn e wéineg – zum Beispill wéi se ausgefëllt sinn – wéi dee Veräi gefouert ass. Bei verschidde Veräiner, do gëtt einfach de Formular ignoréiert, an da kritt een op esou engem klengen fetlegen Ziedel, wou héchstwahrscheinlech d'Schmier drop giess gouf, d'Manifestatiounen matgedeelt. Ech mengen, dat ass alles net an der Rei. Och wann dropsteet „organisation de diverses manifestations“ an esou virun an esou weider. Domatter kann een näischt ufänken. Do sollen d'Veräiner frou sinn, datt mer esou gutt si mat hinnen. Well soss kréiche verschidde Veräiner keen Euro ausbezuelt oder op d'mannst emol net esou vill wéi dat, wat se ausbezuelt kréien.

Et si mer 3 Saachen opgefall. De Syndicat Rodange ass wäit erfogusat ginn. Soss stoung en zimlech um Niveau vun deem Péitenger Syndicat. Den Här Breyer wäert mer do nach héchstwahrscheinlech eng Erklärung ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Selbstverständlech.

Brecht Guy (LSAP):

Da fannen ech, datt d'Avant Garde e ganz héije Subsid kritt, dee menger Meenung no awer och verdéngt ass.

Et ass mer opgefall, datt e Squash-Club op deem selwechten Niveau steet ewéi de Volleyball. An den Handball vu Péiteng kritt e Subsid vun 3.540 Euro, an ech mengen, dat ass dës Kéier de Rekord bei de Sportveräiner. Am Verglach dozou:

dat ass esou vill ewéi déi 4 Haaptgesangsveräiner aus der Gemeng zesummen.

Da vläicht nach 2 Ureegungen. Mer haten dat och schonn an der Sportskommissioun diskutéiert. Mir wieren op alle Fall dofir, datt Veräiner, déi grouss Manifestatiounen organiséieren – esou wéi den Handball de Wisi Cup op d'Bee stellt oder den CSP de Jugend-Cup organiséiert – e bësse besser ënnerstëtzt géife ginn ewéi dat bis elo de Fall war. Dat ass mat immens vill Aarbecht a Käschte verbonnen.

An dann hunn ech awer nach eng Doléance. Bei de Manifestatiounen vu der Gemeng gëtt eng „participation à la Cavalcade“ am selwechten Otemzuch genannt ewéi den Nationalfeierdag oder d'Commémoratioun. Ech géif iech bieden, dat do erauszehuelen. D'Zil vun eis alleguer ass et, esou vill Veräiner ewéi méiglech aus der Gemeng matmaachen ze loossen, a wann dann nëmme 30 oder 40 Euro oder 190 oder 200 Euro, dann iwuerleeën déi sech och virdu wierklech, ob se solle matmaachen. Ech mengen, déi zwee Uleies hu mer och an der Sportskommissioun gefrot. A fir ze kucken, wat beim Iwwerschaffe vun deem Reglement kéint fir dat nächst oder iwwernächst Joer a Fro kommen – an do hat ech scho mam Schäfte Jeannot Linden geschwat – dofir wäerte mer eis an der Kommissioun zesummenzesetze fir op een Nenner ze kommen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Firwat huet zum Beispill en Handballclub méi Sue kritt ewéi déi Joere virdrun? Ma well se hire 50. Anniversaire feieren a well do an eisem Reglement steet, datt si dat Duebelt kréien. Dofir hu si 640 Euro Subsid krut. Datselwecht gëllt dann och fir de Syndicat, mä do kann den Här Breyer dat méi genee erklären.

Firwat huet de Squash Club esou vill krut? Ma well si d'lescht Joer d'Coupe gewonnen hunn. Ech mengen, Dir waart och op déi Receptioun invitéiert. Wann een d'Coupe gewënnt, da kritt een als Veräin 400 Euro fir déi aussergewéinlech sportlech Leeschtung. Fir lech awer ze berouegen: de Syndicat vu Rodange kritt, esou wäit ech dat gesinn, op den Euro genee, dee selwechte Subsid ewéi d'lescht Joer. Ech géif awer dem Breyer elo d'Wuert ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

Generell kann ee soen, datt mer d'Gedanke vun der Kultur- an der Sportskommissioun opgeholl hunn, déi all Kéier e puer Problemer hu mat den Demanden, esou wéi se ausgesinn. Vun der Verwaltung aus si mer amgaangen ze kucken, de Formular méi subjektiv opzestellen. Dat heescht, geziilt Saache froen, déi mer gäre wëssen. An dat fir d'Aktivitéiten anzeschätzen, d'Leeschtinge kënnen anzestufen. De Moment steet just do, de Veräi soll d'Aktivitéiten nennen. Déi eng schreiwen „d'selwecht ewéi dat lescht Joer“, déi aner soen „kuckt an der Press“, déi aner schreiwen e Roman derbäi. Et ass schwéier, do eng Regel ze fannen. Wann een elo e wéineg méi spezifesch freet, wat se gemaach hunn, wéivill Equipen hutt der oder wéi ass et mat de Prouwen, da kritt ee vläicht méi e geneet Bild. Da kann een och déi 10 Punkten, déi ee fir d'Aktivitéite gëtt, besser doséieren. An der Kulturkommissioun, der Sportskommissioun oder der Familljekommissioun kann ee sech och eng Skala maachen, wou ee seet, datt verschidden Aktivitéiten normal Aktivitéite vun engem Veräi sinn, an en dofir just eng bestëmmten Zomm zegutt huet.

Op där aner Säit sinn dat déi extra Saachen, déi dir och schonn ugeschwat hutt, ewéi de Wisi Cup, wou vill Käschte mat der Organisatioun zesummenhängen. Do muss een awer och bedenken, datt mer do och iwuer e grouss Partenariat fueren. Do stelle mer e ganze Koup Saachen, ewéi

d'Logistik, gratis zur Verfügung a mer iwwerhuelen och emol eng Rechnung, déi zur Animatioun oder der Reklamm gehéiert, esou datt de Veräi jo awer esou ënnerstëtzt gëtt. All déi Veräiner, déi grouss Manifestatiounen an der Gemeng maachen an déi iwwer de Wee vum grouse Partenariat gefuer sinn, déi sinn och mat där Formel zefridden.

Da kommen ech nach zum Syndicat. Effektiv, do war de 75. Anniversaire an dat gëtt 3 mol de Standardsubsid. Dofir ass de Subsid e bëssen explodéiert. En huet zoufälleg esou vill wéi de Rodanger Syndicat. En ass awer net 2 mol esou gutt.

Brecht Guy (LSAP):

Effektiv, den Här Breyer huet Recht. Et si verschidde Saachen, wou Anniversairen derbäi sinn. D'Zomme si mer ebe just an d'A gestach. Dat sinn einfach Doléancen, déi ee matgedeelt kritt, wann ee vill a Generalversammlung geet. Dofir wollt ech dat och hei ervirbréngen.

Bouché Jean-Claude (DP):

De President vun der Sportskommissioun huet den éischte Punkt scho fein erkläert, well dee louch mer näämlech och um Mo. Beim zweete Punkt geet et ëm e Veräin – zu menger Schan muss ech zouginn, datt ech den Numm net méi weess -, dee mat 30 Kanner op der Kavalkad war. Mir hate virgeschloen, datt dee Veräin e Subsid kréich, an ech weess elo net, ob dat geschitt ass.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dee steet dra mat 75 Euro. Do ass d'Situatioun esou, datt d'Kommissioun eigentlech eng Proposition miisst eragi fir e Basissubsid. An da miisst de Gemengerot hei entscheede fir dat als Basissubsid erop ze huelen. A wann de Gemengerot dat gemaach huet, da kritt dee Veräin e Subsid fir ze funktionéieren, esou ewéi déi aner Veräiner.

Ech hunn dat do awer net zur Kenntnis geholl an ech weess och net, datt iergendwéi esou eng Proposition um Dësch louch.

Bouché Jean-Claude (DP):

Et war awer deemools an eiser Kommissioun gesot gi, well well mer der Meenung waren, datt et net gutt wier, datt en datselwecht kréich ewéi de Keeleclub. Just als Beispill. Net fir dem Keeleclub ze no ze trieden, deen, laut hirem Programm, dëst Joer u kenger Manifestatioun deelgeholl hunn. An déi do kréien dann am Fong geholl datselwecht, mä déi hunn awer massiv mat Jonken deelgeholl. Dat hu mir deemools net gutt fonnt an dofir weess ech elo net, wou mer dru sinn.

Brecht Guy (LSAP):

Entschëllegt Här Linden. Et erkennt een se effektiv, se sinn och bei all Cortège op Nationalfeierdag oder bei der Commémoratioun derbäi. Et erkennt een se ëmmer un hire schéinen Trainingskostümer, déi se hunn. Dat stécht wierklech an d'Aen.

Linden Jeannot, Schäffen:

Wann een e bësse kuckt, da schwätzt dir vum Seishin Karaté-Do vu Péteng. An do hu mir just eng Memberskaart. Déi aner sinn déi, déi subsidiéiert sinn. Och vun deem Aikido Péteng mat 75 Euro, mer hunn de Seishin Karaté-Do

Mer hunn de Wing Tsun Club, do hu mer och just eng Memberskaart. Dofir kréien déi Veräiner dat net.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Well et hei an dëser Phas net méi méiglech ass eppes ze änneren, mä d'Kommissioun kann awer zu all Moment eng Proposition un de Schäfferot maache fir dee Veräi mat

engem normale Subsid, engem Basissubsid opzehuelen. D'Kommissioun soll an enger nächster Sitzung doriwwer befannen. An da kënne mir fir 2014 doriwwer diskutéieren, ob mer de Veräi mat engem Basissubsid ophuelen. Wann et vergiess gouf an net gemaach gouf, da wäerte mer dat fir 2014 nohuelen.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Ech wollt just dem Här Brecht äntwerten. Hien ass jo President vun der Sportskommissioun. Ech si President vun der Kulturkommissioun. Mir ginn eis Dossiere schéin duerch an hunn och Doléancé gemaach. Ech wollt net onbedéngt an den Analytesche kommen, dofir hunn ech se eraginn un d'Gemeng. Mir hunn och Uleiesse gehat.

Dir hutt vun der „Société de gymnastique Avant Garde Rodange“ geschwat an datt déi esou vill Sue kréien. Déi hunn awer och 80 oder 90 Kanner.

Brecht Guy (LSAP):

Madame Conzemius, ech hunn net gesot, datt se zevill Sue kritt hunn. Ech hu gesot, et stécht an d'Aen. Also ass hire Subsid menger Meenung no hirer Leeschtung och wierdeg, well soss hätten se net esou en héije Subsid kritt. Ech hunn net gesot, datt se deen net verdéngt hätten. Dir dierft d'Wierder net verdréinen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Also ech hunn dat och hei virleien. Et ass effektiv esou, datt si fir d'Jugend 1.620 Euro kritt hunn. Dat Joer virdrun hu se 1.800 Euro kritt. Si kréien esouguer manner ewéi d'lescht Joer.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Ech hätt vläicht e Virschlag fir deenen Diskussiounen aus dem Wee ze goen. Wier et net méiglech, fir déi Entscheedunge vun deene jeeweilege Kommissiounen, souwéi déi Dossieren, déi un d'Kommissiounen ginn, och ze kréien. Da kënne mer vläicht eng besser Dokumentatioun hu fir dat ze uerteelen. Den Här Kimmes ka mech verbessern, wann ech do falsch leien.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Esou wéi ech et weess, läit dat do am Dossier.

(Explikatioun vum Gemengesekretär: Déi leien am Dossier. A se stinn och um Sharepoint.)

Gonçalves Cátia (LSAP):

Mä déi kommen dräi véier Méint méi spéit. Eenzel Kommissiounen kommen awer vill méi spéit.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, déi hei leien op. Och am Dossier leien déi Saachen dran. Mer kënnen natierlech alles kopéiere wat am Dossier läit. Mä dat gëtt natierlech och fir deen am Sekretariat eng relativ grouss Aarbecht, well d'Délibératiounen gi schonn an de Sharepoint gesat. Et ginn eng ganz Rei Saachen an de Sharepoint gesat. Wa mer elo nach d'Fichë vun deenen 120 Veräiner an de Sharepoint mussen setzen, dat ass jo awer vill fir anzescannen. Mä ech mengen, et läit am Dossier. Dir kënnt et dohinner kucke goen.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Mä mer hunn elo zum Beispill d'Sportskommissioun hei. Déi lescht Sëtzung war den 23. Abrëll.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mä du war déi och. Do ass dat diskutéiert ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

D'Séizunge vun de Kommissiounen komme bannent engem Mount an de Schäfferot an duerno si se disponibel. Esou funktionéiere mer.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mer müssen dat do klären a mer kënnen jo och eng Kéier kucken, wéi mer iech dat nach méi bestéckt ginn. Mä op alle Fall ass kloer, datt, wat all déi Detailler ugeet, eise Service eng exemplaresch Aarbecht mécht. E mécht eng Fiche, wou alles dropsteet, wat e Veräi fir d'Jugend kritt, asw. Also e ganzen Dossier, deen dann och an ärem Dossier dra läit. Bon, wann dir dat wëllt, da mussen mer am Sekretariat kucke fir dat alles anzescannen. An da gëtt et och nach op de Sharepoint gesat. Mä dat sinn awer 120, 130 Fichen. Dat muss ech iech awer och nach soen, well et sinn esou vill Veräiner, déi hei e Subsid kréien.

Accord par 16 voix et 1 abstention (adr).

15.

Tourisme.

Déclaration d'intention portant sur la revalorisation de l'offre des activités récréatives et touristiques dans la Commune de Pétange – décision de principe.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir wollten e bëssen zeréckblenden a kucken, wat mer un touristeschen Offeren hunn a wéi eis Virstellung sinn. Ech begrëissen dofir déi 3 Gäscht aus Éisterräich, déi ugereest sinn.

Herr Gerhard Wendel, Vorstandsvorsitzender der Jufa-Gruppe, die späterhin vorgestellt wird. Zu seiner Rechten ist Holger Duffner, der technische Berater. Zu seiner Linken haben wir Claudia Oberhofen, die verwaltungstechnische Beraterin. Sie sind angereist, um uns die Jufa-Gruppe sowie das Projekt in unserer Gemeinde vorzustellen. Wir sprechen zwar luxemburgisch hier, doch wir haben es so organisiert, dass eine Kurzform meines Beitrags Ihnen bereits in deutscher Sprache vorliegt, so dass es diesbezüglich keine Überraschungen geben sollten.

Mir müssen einfach emol de Point maachen. Mer hunn den Inventaire gemaach an ech mengen, et soll een en eng Kéier hei opléichten, well et ass wierklech net näischt. Wa mer kucken, wat an den ORT, den „Office Régional du Tourisme“, dee mer kierzlech gegrennt hunn, vun der Gemeng Péiteng agefloss ass vun deem, wat mir hei ze bidden hunn, dann ass dat net näischt. Ech dierf och nach eng Kéier drun erënneren, wat mer alles hunn, well mer eis däers heiansdo net bewusst sinn.

Mer hunn de „Parc industriel et ferroviaire du Fond-de-Gras“, mer hunn den Dampzuch, d'Ausgruungen um Tételberg, den Naturreservat *Giele Botter*, d'Schwämm PiKo – si kann als oppen an zoue Schwämm funktionéieren -, Wanderpied, den interkommunale Wanderwee, de Mineurswee, den Dichterwee, den Nationale Keelenzenter, Sportanlagen, Tennis in- an outdoor, Fussballfelder, Petanque-Pisten, Beach Volleyball, Beach Soccer, d'Schwämm vu Péiteng, e Fitnessparcours, Fëschweieren, Abenteuerpillplazen, Skateboardanlagen, Kannerfussball-Terrainen, Kulturzentren, eng Konscht Millen, eng al Millen zu Rolleng, eng Offer vun Aktivitéiten iwwer d'Grenzen eraus an esouguer international Organisatioun.

Ech erënneren dorunner, datt mer d'lescht Joer 6 international Manifestatiounen haten: de Cyclo-Cross, den

Tennis, den Handball, d'Keele WM, d'Danz-EM, Zumba Chicas, d'Kavalkad, de Rockabilly an nach aner Saachen, déi méi an de soziale oder rekreative Beräich falen. Alles dat hu mer ze weisen.

Mer stellen awer fest, datt déi ganz Kohärenz net ëmmer gutt ass. Déi Saache sinn net ëmmer gutt matenee verbonnen. Déi Verbindung feelt heiansdo. Mer stellen och fest, datt mer quasi alles op fräiwëlleger Basis maachen ausser am Fond-de-Gras, wou eng gewësse professionell Struktur besteet. Mä all déi aner Saache sinn op fräiwëlleger Basis, wou e Syndicat d'initiative X, Y, en Interesseveräin, eng Musek asw. alles mécht. Et kéint ee sech alles virstellen, wann een dat an eng kohärent Form géif bréngen. D'Aktivitéiten, déi mer um Terrain hunn, d'Infrastrukturen, déi do sinn, awer och Evenementer, do kéint een, wann een alles matenee géif verbannen, vill méi dorausser maachen. An da géif een och ganz séier feststellen, datt do dee Package fir ze iwwernuechte feelt. Mer hunn hei nëmmen iwwer e Stonnentourismus eppes bruecht. Eng Kavalkad kommen déi meescht kucken, an no 2 oder 3 Stonne sinn déi meescht nees fort. Esou ass et och mat deenen, déi an de Fond-de-Gras kommen. Si fuere mam Zuch, iessen an drénken eppes, an da gi se nees fort. Do wier awer méi dran. Déi Packagé kéint ee sech fir en halwen Dag, eng Woch oder e Wochenenn virstellen. Firwat net emol eng ganz Woch hei an eiem Eck verbréngen? Bei deem, wat mer elo alles hei geschwat hunn, gesi mer, datt mir dat eleng hei hunn. A wa mer d'Nopeschgemengen, d'Kordallgemengen derbäi huelen, da gesi mer, datt mer am Süden e ganze Koup ze bidden hunn.

Den ORT ass amgaangen, eng Broschür virzebereeden. Si heescht „Visit - REDROCKREGION“, an déi soll am September erauskommen. Do wäerte mer op 80 Säite gesinn, wat alleng de Süden ze bidden huet. E war jo bis elo vernolëssegt. Do sinn och déi Top Ten derbäi. Mir sinn zu 15% do vertrueden. Dat heescht, et gi jo och nach aner Gemengen hei am Süden. Eng Haaptkonkurrenz ass um Belval an zu Esch, ouni déi Achs Diddeleng a Beetebuerg ze nennen, déi och ganz dacks zesummenhalen. Mer müssen eis also wieren, wa mer iergendwéi gären d'Nues derbäi hunn an datt mer net „unter ferner liefen“ matmaachen. Well heiansdo si mer esou betruecht ginn. Mer müssen also reagéieren opgrond vu Saachen oder Strukturen, déi eis feelen. Et muss e Katalysator erabruecht ginn, deen dat alles matenee verbënnt. Donieft muss een awer och nach kucken, wat eis hei am Süde feelt. Do sinn esou Evenementer ewéi „Hits for Kids“, déi een net vernolëssege soll. Wann d'Kanner do sinn, da sinn d'Elteren och hannendrun. Do hu mer net allzevill ze bidden ausser enger Skateboard-Piste oder enger Abenteuer-Spillplaz. Do ass nach vläicht méi dran. Mer solle kucken, ob mer do net lues a lues sollen ëmdenken. En Ëmdenken hu mer scho gemaach ewéi mer déi nei Period ufgaangen hunn a wou mer e Fënnfjoresplang virgestallt hunn. Do sote mer, mer géife kucke fir am Tourismus, am kulturelle Beräich eng méi professionell Vermaartungsstrategie ze dévelloppéieren. Déi al Mille bitt sech dozou gutt u fir en Treffpunkt do anzerichten. Am rouden Haus soll en Informatiouns- an Empfangsbüro entstoen, deen eventuell an 3 Joer funktionéiere géif. Mer kéinten d'Touristen einfach emol empfänken an och begleeden. All déi Saache feelen eis nach. Déi geféiert Visiten an déi Kohärenz an eise Saachen. Dofir hu mer gemengt, mer miisste kucke fir nach en Hotel hei bäizekréien.

Mer hunn en Hotel, dee ganz gutt ass. Mer wëllen och deem Hotel keng Konkurrenz maachen. Ech erënneren och drun, datt mer fréier eng Jugendherberg haten. Déi hu mer einfach opginn. Do feelt eis nach eng Struktur an deem Ganzen. Den Hotel ass e Geschäftshotel, dee gutt funktionéiert. Mä mer wëllen eis méi dorop spezialiséieren, e Partner ze fannen,

deen haaptsächlech fir Famill oder dem Jugendberäich méi kéint bidden an dee Katalysator an dat Ganzt géif erabréngen.

Dofir hu mer zënter Joere scho gutt Kontakter mat der Jufa-Grupp. D'Jufa-Grupp ass eis net onbekannt. All eis Schnéiklasse ginn zënter Joeren an déi Haiser vun der Jufa. All Mënsch, dee schonn emol do war an esou en Haus gesinn huet, dee wäert sech wonneren iwwer déi räich Offer u Manifestatiounen. Dat ass net nëmmen eng Affaire vu schlofen, mä vun aktiv sinn a wierklech eppes erliewen. Si wäerten eis dat och elo virstellen.

Mer hunn also laangjäreg Kontakter iwwer eis Schouklasse mat hinnen. A mir hunn och selwer Kontakt mat hinnen opgeholl a mer si schonn am 6. Joer am Schäfferot amgang mat deenen Herrschaften, déi hei sëtzen, fir ze diskutieren, ob et net denkbar wier, esou eng Struktur hei op Lëtzebuerg ze kréien. Awer och, ob et net denkbar wier, esou eng Struktur hei an d'Gemeng ze kréien. A wann een da mat deene Leit aus Éisterräich diskutiert, da froen déi, wou Péiteng läit a firwat et net zu Lëtzebuerg oder zu Schengen hikënnt, well dat Uertschafte sinn, déi méi Background hunn. Mir hunn et awer fäerdegbruecht, elo iwwer déi Verbindungen, déi mer hunn an iwwer déi Argumenter – eben dat, wat mer hunn – hei eng Iddi ze lancieren, déi vläicht vun hinne matgedroe gëtt. Hei soll ganz einfach am Dräilännereck eng Struktur entstoën, déi Europa heescht, an déi eng ganz nei Dimensioun kritt. Eng ganz nei Dimensioun vun Hotel. A wann alles esou leeft ewéi mir eis dat virstellen, da kéint dat geschwé lassgoen. Dofir wollte mer dem Gemengerot eis Iddien emol virstellen, si elo schwätze losse fir hir Grupp ze presentieren an och dee Projet „Europa unter einem Dach“, deen hei an der Gemeng Péiteng kéint entstoën. Duerno géif ech kucken, iech e bëssen Informatiounen doriwwer ze ginn, wéi mir eis déi eenzel Schrëtt kéinte virstellen. An da wier ech frou, wann de Gemengerot géif soen, datt en averstane wier fir mat op dee Wee ze goen.

Das Projekt Jufa - Zusammenfassung

Seit über 25 Jahren gibt es die Verbindung zwischen der Gemeinde Pétingen und Jufa. Zuerst in Admont und anschließend in Mariazell, wo die Schneeklassen untergebracht sind.

Die Jufa-Gruppe ist ein Tourismusanbieter mit mehr als 20 Jahren Erfahrung und mittlerweile mit 50 Standorten in Österreich, Deutschland und Ungarn. Zielgruppen der Jufa sind insbesondere junge Familien, Schulen, Vereine, Gruppen und Sport- sowie Kulturorganisationen, junge Gäste bis 30 Jahre sowie Teilnehmer an Seminaren und Tagungen.

Am Standort *Doihl* in Rodange könnte ein Jugend- und Familiengästehaus mit etwa 145 Betten entstehen. Strategisch gut gelegen kann unter anderem die Nähe zum Schwimmbad PiKo, zum Eisenbahn- und Industriepark mit *Train 1900* sowie der *Minièresbunn* und den bestehenden Grünstrukturen ausgenutzt werden. Das Jufa-Haus soll nicht nur die regionalen Freizeitangebote aufwerten, sondern ergänzt diese beispielsweise mit Wellnessseinrichtungen.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Et si ganz vill Informatiounen, déi mer elo op ee Coup kritt hunn. Dofir wëll ech dann och elo versiche fir dat kloer an däitlech an ee Punkt no deem aneren ze faassen. Fir d'éischt e puer allgemeng Bemierkungen: ech fannen dat Ganzt en immens ambitiöse Projet. Et ass en agréabele Projet, de Standuert ass och ideal dofir geduecht. Déi gutt Punkte leien zum Beispill beim Konzept, beim Europa-Konzept. Dat gefält

mir natierlech ganz gutt. Datt dat och op Familjen a Jonker achséiert ass, fannen ech och immens flott, well et ass jo e bëssen dee Genre Clientèle, dee mer hei wëllen unzéien. Wann ech dat da mat der europäescher Geschicht verbannen, dann ass et e flotte pädagogesche Projet. Ech kennen d'Jugendherberge ganz gutt. Ech si ganz dacks do fir d'Jugendparlament an aner Aktivitéiten. An dat dote gesäit vill besser aus, do besti vill méi Mëglechkeeten. An deem Sënn fannen ech dat wierklech ganz flott.

Zënter kuerzem hu mer jo och en „Office régional du tourisme“ (ORT), d.h. do ass och e Wëlle vum Stat aus fir dat ze ënnerstëtzen. Ech denken, datt dat hei eppes ass, wat et nach net gëtt a wou e Bedierfnis ass a wat och deementspreechend deem Bedierfnis géif äntwerten. Dat si ganz gutt Punkten.

Dann hunn ech e puer Punkten, déi ech wéilt uschwätzen. Fir d'éischt emol d'Zuelen, de Budget. Do gëtt jo vu 4 oder 5 Milliounen geschwat. Dir hutt jo gesot, datt et Infrastrukturaarbechte wieren, wou et awer net kloer ass, wie wat baut a wie wat bedreift. Dat ass awer eng Fro, déi zentral ass wa mer e bësse weider an deem Projet kommen, an da musse mer och wëssen, wéi d'Konditiounen do ausgesinn. Wann ech bedenken, datt europäesch Projekte kommen, wier et net sënnavoll, wa mer europäesch Gelder siche ginn? Oder regional Gelder vum ORTS oder vum Stat? SNJ a ProSud och. Ech gesinn, datt do och eng ganz Rei pädagogesch Projekte si fir Kanner, an de ProSud ass jo do ganz aktiv wat d'Recherche ugeet. Dat heescht, et si Saachen, déi ee kéint zesumme maachen. Et ass dann och vun eise Kollege gesot ginn, datt dat en opene Raum ass, datt och Veräiner an aner Leit – eenzel Leit – do kënnen Saachen organisieren. Do wëll ech drop opmierksam maachen, datt mer mussen oppassen, datt mer eise Veräiner keng Konkurrenz maachen, respektiv wéi sinn dann do d'Bedingunge fir den Zougang zu deenen Infrastrukturen ze kréie fir eis Veräiner aus der Gemeng respektiv aus den Nopeschgemengen. Dat am Beräich vun de Partenariaten.

Dat sinn immens vill Froen, mä et sinn Denkestéiss, déi wichteg si wa mer duerno weiderkommen an deem Projet. Ech ënnerstëtzen dee Projet och. Et wier och gutt ze wëssen, wéi d'Etude ausgesäit – wa mer esou vill Suen investieren – a wéi de Retour ageschat gëtt. Ech weess net, ob dat elo vun hinne gemaach gouf oder net, respektiv wien dat kéint maachen. Dat heescht, mir investieren, an da musse mer awer och aschätze kënnen, wat de Retour ass.

A Saachen 20.000 Leit, déi all Joer heihinner kéinte kommen, esou ass dat eng geschaten Zuel. Wa se awer gratis kënnen d'Schwämm notzen, wat bréngt dat dann am Endeffekt wierklech a wat musse mir da bezuelen? Déi Aktivitéite fannen ech och immens interessant, mä ech weess datt, wann d'Schoulen eppes wëllen organisieren, déi dat och mussen zum Deel bezuelen. Do stellt sech awer d'Fro vun der Gestiou.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wëll ganz kuerz op déi 4 bis 5 Milliounen Euro, déi elo ugeschwat goufen, agoen. Do ass déi Acquisitioun vun dem Terrain, déi mer gemaach hunn, scho mat dran. Dat ass scho bal eng Millioun Euro, déi do mat integréiert ass. Dat ass dee ganze Volumen, dee mir eigentlech – esou rechne mer – mussen investieren. Wann effektiv an deem Kader e Fussballterrain och mat genotzt gëtt, da musse mer och an dee Fussballterrain investieren. Et gëtt zum Beispill – dat gesiit der um Masterplang – e Passage gemaach, deen a Richtung Schwämm geet. Et gëtt eng Allée gemaach. Wann de Masterplang esou applizéiert gëtt, wéi en elo virläit, da geet deen duerch déi Vestiairen, déi do sinn an déi och

ofgenotzt sinn. Da misst een déi réckelen. Da géife mer och eng Spillplaz do maachen. All déi Saachen notzen net eleng der Jufa, mä der ganzer Bevëlkerung. Et gött och nach méi Sënn wa mer d'Jufa hei hunn, wann déi hei etabléiert ass. Da gött dat natierlech vill méi e grouss Argument fir do esou ze investéieren ewéi wann een do keen esou e Projet op där Plaz hätt. Dee Projet gött eis also d'Méiglechkeet, eng ganz Rei Investitiounen ze maachen. Och déi Strooss, dee Wee, deen dohinner féiert, muss souwisou nei gemaach gi wéinst dem Scoutschalet. Och do musse mer Waasser hinzéie wann et vergréissert gött. An dann ass et natierlech net méi ganz wäit fir op de Site vun der Jufa ze kommen. All déi Saachen zesumme sinn déi 4 bis 5 Milliounen Euro, mat deenen dee Jufa-Projet realiséiert gött, déi awer och der Allgemengheet notzen.

Breyer Roland, Schäffen:

Zum Invest selwer, do hutt dir d'Subsiden ugeschwat, déi een do ka kréien. Selbstverständlech wäerten d'Subside méiglech si fir den Invest ze maachen. Déi kréie si wa se déi Struktur schafen. Beim Fonctionnement sinn aner Subsiden denkbar. Do musse fir d'éischt Programmen dohinner kommen. Vum Tourismusministère ass souwisou eng Zouso do wat d'Ënnerbréngen an d'Aktivitéiten ugeet mat 10-15%. Mer stinn och am Fënnfjoresplang vum Tourismus mat dran.

Wat gött dat fir eng Réckféierung op eis Bevëlkerung? Déi Structure sti prinzipiell op. D'Veräiner wäerten net brauchen ze bezuelen. Dat ass eng Konventioun, déi mir elo musse mat hinnen aushandelen. Fir d'éischt muss een emol wëssen, wat se bidde kënnen. Dee Programm muss stoen, an da musse mer d'Bedierfnisser bei de Veräiner kucken, an da kucke mer emol, wat nach do ass. Mer wëllen och net soen, datt e Veräin net méi zu Rodange an de Zenter trainéiere geet, mä direkt dohinner. Well alles nei an nach net ganz entwéckelt, musse mer dat nach kucken. Bei de Bedingunge musse mer mat de Veräiner zesummekommen, a mer mussen emol kucke wann de Projet steet, ob gewëssen Opportunitéite si kéinten interesséieren. An da kréie mer vläicht eng qualitativ besser oder eng nei Saach dohinner, déi mer souwisou gewënscht hunn.

Mer hunn emol eng Kéier ausgerechent. De Fräizäitcenter zu Rolleng kascht 180.000 Euro d'Joer Ënnerhalt. Bon, wa mir soen, mer wëllen nach en Zenter derbäi kréien, da wësse mer, datt dat esou vill kascht. Hei brauche mer net ze bauen a kréie Saachen dohinner, déi mer souwisou gewënscht hunn. Dat muss een emol kucken. An deemno wéi et ass, gi mer mat verhandelen a mir géifen da bezuelen a maachen dann e „contrat de location“. Mer maachen elo net selwer Strukturen, mä mer maache Strukturen, wou mer eis akafen. An dat, well mer heiansdo anuecht geholl hunn, datt mer do deelweis besser bedéngt ginn an net esou vill Suergen hunn a qualitativ och besser leien.

Ëmgedréint ass et awer och esou, datt si eis hir Leit eriwwerschécken. Si kommen och net fir näischt an eise PiKo eran. Déi bezuelen. Do gött en Tarif ausgemaach, dee mat an der Iwwernuechtung dran ass, an dann hu se – wéi schonn ugedeit – eemol an der Woch d'Méiglechkeet fir heihinner schwammen ze kommen. Esou soll et och mam Fussball sinn. Do komme vläicht nei Vestiaires dohinner, nei Saachen, an da kommen déi Kanner mëttes do op den Terrain spille wann de Fussball selwer net do ass oder se maachen aner Aktivitéiten. Mat de Boule kann een datselwecht maachen. Beim Wellness stelle mir eis vir, datt mir dee bauen. Natierlech gött dat mat hinnen ofgeschwat, well si hunn Erfahrung domatter. An mer kéinten eis virstellen, datt mer dat ausschreiwen a bedreiwe loossen. Mer hunn z.B. 10 Schwammmeeschteren an der Schwämm, a wa mer de Wellness nach derbäi huelen, dann

hätte mer der 13 oder 14. Ass dat d'Léisung? Ech mengen net. Et wier besser, mer géifen dat vu bausse maache loossen. Vun engem, deen dat kann. A si sinn e Partner, deen dat kéint maachen. Mer mussen natierlech d'Structure respektéieren. Mer dierfen hinne kee „contrat de gré à gré“ maachen. Mer mussen dat vläicht ausschreiwen, d'Bedingunge fixéieren. Wa si awer gutt Bedingungen hunn, da kréie si et, an d'Präisser musse verhandelt ginn. Wat bezilt ee vu bausse, wat bezilt ee vun der Jufa? Dat Ganzt muss alles nuancéiert ginn. A wéi de Buergermeeschter dat och gesot huet, ass dee „Garten Europa“ en „Naherholungsgebiet“, wou all Mënsch trëppele ka goen. Do kann ee sech virstellen, datt Leit sonndes an den Doihl trëppele ginn amplaz op d'Esplanade zu Réimech. Si kënnen e Pättche bei der Jufa huelen, d'Kanner spillen op der Abenteuerspillplaz, déi aner sëtzen an de Gäert. Esou e Konzept soll et ginn.

Thein Joé (adr):

Besounesch eis Gemeng Péteng, awer och verbonne mat den Ëmgéigenden Déifferdeng a Lasauvage, si besounesch wichteg Plazen, déi mir mat vill Häerz an Intelligenz vermaarte mussen. Well si sinn d'Spiegelbild vun der Lëtzebuurger Identitéit an och läit hei de Potential fir eisem Standuert e positiven Image am Tourismus-Secteur ze ginn. Dës Géigende si räch u kulturellem liewen, se hunn eng déif historesch a wäertvoll Geschicht an offréieren dem Tourist och eng flott Aktivitéitszon. Den Tourismus ass nun emol e wichtige Wirtschaftszweig an der Lëtzebuurger Economie, op dee mir net verzichte kënnen. D'Konkurrenz ass awer grouss an deem Geschäft, an eng Gemeng muss an där Branche regelméisseg nei Iddien entwéckele fir dem Friemeverkéier gerecht ze ginn an d'Attraktivitéit ze förderen. Mat deem Projet läit also elo en neit touristesch Konzept um Dësch: Jugend- und Familiengästehaus Jufa.

Speziell un deem Hotel ass, datt e sech vun engem normalen Hotel an deem Sënn ofgrenzt. Zum Beispill leeën se ganz vill Wäert op d'Behënnertepädagogik. Si si ganz vill fir d'Familljeförderung, et sinn oppen Hoteler, si berücksichtegen och e gudde Grad un Naturfrëndlechkeet. Et sinn Themenhoteler, esou wéi et och elo an der Virstellung eriwwer komm ass. Se vermëttelen och ganz vill am Beräich vun der Geschicht. Ganz positiv fir d'Integratioun hei an der Gemeng ass natierlech och dee Sproochecafé, deen do offréiert gött.

Wat sinn déi negativ Punkten. Dat sinn elo déi, déi mer spontan hei am Kontext agefall sinn. Dee ganze Schidomaine fält natierlech ewech. Dat ass jo net hei ëmzesetzen. D'Konkurrenz fir den Hotel Threeland an dem PiKo gött natierlech immens grouss. An da musse mer vläicht kucke fir déi opzewäerten, fir datt déi net an d'Laberente kommen.

An dann ass de Schwéierpunkt natierlech Europa. Do misste mer da kucken, datt et nach e wéineg méi équilibréiert ass an dass mer d'Lëtzebuurger Nationalitéit a Kultur grad ewéi eis Südregioun nach méi ervirhiewen, esou datt et net nëmmen op Europa begrenzt ass.

Da bleiwen awer och nach e puer Froen op. Eben iwver de Käschtepunkt vun deem Hotel. Da musse mer natierlech d'Defiziter vun där fréierer Jugendherberg analyséieren, esou datt déiselwecht Feeler eis net méi geschéien. Dass mer do wirklech Vergläicher hunn. An natierlech ass et wichteg, datt mer eis als Gemeng Péteng asetze fir eng finanziell Hëllef vum Ministère ze kréien.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech mengen, dat do ass e relativ positiven Echo, deen ech do eraushéieren.

Thein Joé (adr):

Jo, absolut. A mer wäerten och dee Projet hei ënnerstëtzen a mer begrëissen en och ausdrécklech.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mer hunn natierlech nach e ganze Koup Aarbecht virun eis. Dat hei ass den 1. Schratt. Wa mer elo hei soen, datt mer prinzipiell averstane sinn domatter, da kommen natierlech all déi Diskussiounen an deenen nächste Wochen a Méint a vläicht nach am nächste Joer, wou mer dat do am Detail musse kucken. Et war awer wichteg, datt mer elo emol gekuckt hunn, ob dat do iwwerhaupt eng Optioun ass, déi de Gemengerot sech virstellt oder net. Wann de Gemengerot majoritaire géif soen, datt dat net eng Richtung ass, déi hie wëll goen, da schaffe mer och net virun.

Mer mierken awer elo schonn an deenen 2 éischten Interventiounen, datt dat net esou negativ hei eriwwer kënn. An dat duerch déi positiv Remarquen zu dësem Projet. Ech géif soen, mer sollten déi Diskussioun viruféieren a kucken, wéi de Vote verleeft. An da wäerte mer natierlech nach méi wéi eng Kéier am Gemengerot op dee Projet hei zeréckkommen am Kader vun den Investissementer, déi mer musse maachen a vun deene Konzepter, déi do bestoe wäerten.

Breyer Roland, Schäffen:

Also mer wäerte schonn déi éischt Punkten asetzen am Budget 2013-2014, wann dat elo gestëmmt gëtt.

Brecht Guy (LSAP):

„Was lange währt wird endlich gut, oder Realität, kann man hier ruhig sagen. Einige Mitglieder des Schöffenrates haben eine Schelte einstecken müssen – vor allem Roland Breyer -, denn niemand hat so richtig daran geglaubt. Aber mit Ihrem Besuch ist es wahr geworden. Sie haben gesagt, man könne den *Train 1900* sowie das *PiKo* mit einbeziehen. Dann muss man aber auch verhandeln, sodass dieser Zug nicht nur an Sonn- und Feiertagen fährt, sondern jeden Tag. Bis jetzt haben wir lediglich vom Tagestourismus gelebt in Rodange. Es gab Leute, die nur für einen Tag nach Rodange kamen. Sie gingen ins *PiKo* oder sind mit dem Zug gefahren. Dies ist eine ganz andere Situation.“

Ich habe eine ganz spezifische Frage an die Gäste aus Österreich: War der Standort Rodange so attraktiv wegen der Dreiländerecke oder weshalb haben Sie gerade Rodange für Ihr Projekt gewählt?“

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech géif dann emol fir d'alleréischte d'Äntwert op deen éischte Punkt ginn, wat den *Train 1900* a wat dee ganze *Fond-de-Gras* ugeet. Der wësst jo, datt mer déi Zomm, déi mer do an de „Parc ferroviaire“ investéieren, verduebelt hunn, an de Ministère mécht datselwecht. Dat ass och alles am Hibleck op eng e bësse méi professionell Gestiou vum deenen Zich do. Et sollen och nach weider Leit engagéiert ginn an deem Park, fir datt déi Zich dann och kënnen an der Woch fueren. Ob mer elo all Dag an der Woch fueren, dat muss sech dann nach erausstellen. Mä dat ass schonn am Hibleck op eng grouss Exploitatioun vun dësem Site. Do lafen déi éischt Verhandlungen. D'Approbatioune vun deene Konventioune sinn duerch. De Ministère huet och gréng Luucht ginn, a mer wäerten dann elo och Leit astellen, fir och an der Woch fuere kënnen ze loosson. Et ass kloer, datt de Volontarismus do u seng Grenze stéisst a mer elo op engem Punkt ukomm sinn, wou mer mat Professionelle fuere musse fir d'Offer vun dem *Train 1900* an der *Minièresbunn* ze vergréisseren an auszebauen op d'Bedierfnesser, déi duerch dat Hotel géifen entstoen.

Ech géif awer elo gären d'Wuert un eis Gäscht aus Éisterräich oder un de Roland Breyer gi fir déi zweet Fro „Firwat de Standuert Rodange?“ ze beäntweren.

Breyer Roland, Schäffen:

Die Gäste hatten nicht die extremste Wahl. Wir hatten nur 2 Standorte – Rodange und Lamadelaine. Wir konnten nur von Verbindungen sprechen, wo Tourismus auch Sinn macht. Man kann nicht so ein Hotel in die Mitte von Pétange bauen, denn da wären die Verbindungen nicht so gut, die Idee wäre nicht so standhaft gewesen. Das PiKo und auch die historische Eisenbahn haben sicherlich dazu beigetragen. Wir haben bereits mit diesen Akteuren gesprochen, es war nicht das erste Mal, dass sie bei uns am Tisch saßen. Wir hatten 2009 bereits einen Workshop, auch vor einigen Monaten hatten wir einen solchen Workshop, wo die touristischen Träger - der Fremdenverkehrsverein, *Train 1900* oder der Industrie- und Eisenbahn Park Fond-de-Gras – immer mit am Tisch saßen. Früher war ebenfalls Frau Schlichtenhorst von ProSud dabei, neuerdings ist es Lene Reuter vom regionalen Fremdenverkehrsverein. Die Träger des Tourismus sind also bereits in die Idee eingebunden, und wir haben auch schon wertvolle Kommentare von ihnen gehört.

Brecht Guy (LSAP):

Zwei Wörter gefallen mir sehr gut: die Tourismusoffensive sowie die Aufwertung des Standortes Rodange.

Becker Romain (déi gréng):

Ech gesinn, den Äifer ass grouss. D'Leit wëllen dat, mä ech muss iech elo enttäuschen an deen Äifer e bësse bremsen. De Projet ass immens. Déi 3 verstinn dat och, hire Projet ze verkafen. Et mengt een, et wier een op der Foire fir e Staubsauger ze kafen. Wann een d'Billen gesäit, da gesäit dat och super aus. Ech sinn och iwwerzeegt, datt dat klappt. Wat mir net gefällt, dat ass de Standuert. Mir oder eis wier et léiwergewiescht, mer hätten dat kéinten op de Site vun der Eucosider oprichten. Dann hätten d'Leit kéinten an 3 Minutte mat hirer Valise an den Hotel reesen. Se hätte kéinte mam *Train 1900* reesen. Et ass een no beim *Giele Botter*, beim *Prénzebiereg* a wat soss och ëmmer. Mä deen dote Site ass net ideal. De Projet ass risegrouss. Wann ech dee „plan directeur“ vun der Madame Maja kucken, dat ass eppes Riseges. Et gëtt e risegt Verkéiersopkommes. D'Fournisseuren, d'Gäscht an d'Aarbechtsleit mussen hin an hir fueren, an zweemol den Dag kënn e Camion mat der Wäsch, mat Kappzichen a Ländicher. Dat Verkéiersopkommes an deem ganzen Eck hëlt enorm zou.

De Projet, esou wéi en hei ass, kann een net verkleinere. E läit einfach net gutt op där Plaz, wou en de Moment ass. Neen, net wou en ass, mä wou e soll kommen no dem „plan directeur“.

Des Weideren hunn ech en anere Plang. Wann ech deen iwwer de „plan directeur“ vun der Madame Maja driwwer leeën, da fällt op, datt den Hotel selwer an enger Gréngzon läit. An alles, wat do gréng ass, ass déi berühmt-berühmte *Natura 2000*-Zon. Den Hotel selwer, d'Gebai, dat läit just an deem gréngem Plang. Wéi sti mer dozou, wat maache mer, ass e geréckelt oder gëtt e geréckelt? Mir mussen do eng speziell Autorisatioun fir dee Plang ufroen. Elo laacht der nees, mä, wuel wëssend, datt deen *Natura 2000 Differdange Est* haauptsächlech doranner besteet fir déi vill Flantermaisaarten ze schützen, déi do wunnen.

Wann dat elo esou sollt an der *Natura 2000*-Zon leien, da steet am Environnementgesetz, datt een dat net däerf: „La détérioration des habitats naturels, des habitats d'espèces ainsi que les perturbations touchant les espèces pour lesquelles les zones ont été désignées pour autant que...“ an esou weider, ass verbueden. Des Weidere steet dran, datt

d'Gemengen an de Stat gehale sinn, sech virun allem un déi Zonen ze halen: „L'Etat et les communes prennent les mesures appropriées en tenant compte des exigences...“ an esou weider an esou virun. Wann dat awer sollt de Fall sinn, da gesinn ech awer do e grouse Problem.

An der Ausféierung war et ze héieren, an et steet och an der Délibératioun, datt mir super Saachen hei zu Péteng hunn. Mer hunn e super PiKo, deen net ausgelaascht ass. Zënter Wochen dréine mer d'Leit ëm, well zevill Leit do sinn. Mer kënnen d'Leit net méi alleguer eraloosse wann d'Sonn schéngt. Da solle mer hei net dervu schwätzen, datt de PiKo net ausgelaascht ass. Mer hunn och eng Sauna am PiKo, mer wëllen och nach eng niewendru setzen. Mer schwätzen hei an der Délibératioun vun der gedeckter Pétenger Schwämm. Mer brauchen dat guer net opzezielen, well eng gedeckte Schwämm, déi just 6 an eng Véirelstonn op ass an der Woch, déi ass just méindesowes a mëttwochswes op, dofir brauche mer eis net zur Fënster eraus ze leeën. Mer schwätzen an der Délibératioun an hei an den Erklärungen vun enger *Play City*, déi net funktionéiert. Mer schwätzen och vun der Rollenger Millen, wou nach ëmmer net esou vill passéiert a wou een hätt kéinten eppes Schéines, Schickes an Aneschtes dorausser maachen an hir eng aner Affektatioun ginn. Viru Joere schonn.

Mer schwätze vun der Pétenger Millen, wat eppes Gelongenes ass a wat elo och fäerdeg ass. Mä awer esou gelongen, wéi et hätt solle sinn a wéi mir et versprach kruten, ass et awer nach ëmmer net. Déi 2 grouss Säll an der Pétenger Millen stinn déi meeschten Zäit eidel. Deen ieweschte Säll kënnen mer verloune fir Receptiounen, an duerno ass en eidel. Am mëttelste Säll ginn d'Atelieren dra gemaach, d'Coursen, d'Konschtcoursen. De Säll ass null géeeigent fir esou Konschtcoursen, an esou weider an esou fort.

Dann hunn ech mer nach Notize gemaach, wat elo dee risegrouse Projet ugeet, dee mer elo hei virgestallt kruten. Mer krute scho vill Saachen hei presentéiert, déi dann duerno anescht ausgesinn hunn. Dofir weess ech net, ob een dat soll esou direkt fir boer Mënz huele wéi dat presentéiert gëtt. Well wann dat doten näischt gëtt, wann dat doten alles schief geet, dann hu mer e ganzen Eck beim Bësch zu Rodange an de Sand gesat. Wie gëtt eis d'Garantie, datt et funktionéiert, well mir maache jo awer en Invest vu 4 bis 5 Milliounen, hunn ech an der Délibératioun gelies.

Wéi mer hei am Gemengerot iwwer de Projet Jufa-Hotel geschwat hunn, do hunn ech ëmmer gefrot, wie weem wat versprach huet. Lues a lues kënn dat jo mol eraus, kënn dat un d'Dageslicht, well mer si jo schonn 10 Joer am Kontakt mat deene Verantwortleche vun der Jufa. An do ass iergendwann eng Kéier eppes gedréint ginn, esou datt een op Péteng zeréckgegraff huet. Fir e Bedriewer mat esou Projete fannen ech et net normal, datt déi op Rodange an deen hënneschsten Eck sëtze kommen, well do ginn et honnertausend aner Plazen, déi besser géeeigent wieren. Ech weess net firwat, an ëm wat et do gaangen ass.

Des Weidere wollt ech dann nach eng Kéier op d'*Natura 2000*-Zon agoen, well de Schutz vun de Flantermas – wéi mer och schonn de Moie festgestallt hunn – ass de grouse Renner. Ech wollt iech do nach eng Kéier soen, datt dat keng Erfindung ass vun *déi gréng*, esou wéi dat de Moien hei eriwuer komm ass. D'Flantermas an e Koup aner Déieren, déi vum Ausstierwe bedrot sinn, sinn am Gesetz vum 19. Januar 2004: „Concernant la protection de la nature et des ressources naturelles“ opgezielt. An dat Gesetz ass awer nu wirklech keng Erfindung vun *déi gréng*. D'Regierung huet dat an der Chamber proposéiert, an *déi gréng* hunn dat nawell gäre matgestëmmt. Ausserdem si mer relativ frou,

oder ganz frou, datt et Gesetzer gëtt, déi d'Natur an d'Ëmwelt schützen an déi fir d'Erhale vun der „Artenvielfalt“ stinn.

Wéi gesot, ech sinn net begeeschtert vun deem Projet hei, mä dir kënn mech gäre vum Géigendeel iwwerzeegen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt hei just soen, datt dat hei déi éischt Etapp ass. Hei goufen eng ganz Rei Froe gestallt, do ginn et d'Äntwerte wa mer eis hei am Gemengerot eens si fir virun ze goen an esou e Projet eventuell auszeschaffen an deenen nächste Wochen a Méint. Wat d'*Natura 2000* ugeet, esou ass dat eng vun den Ursaache firwat deen Dossier esou laang geschleeft huet. Mer si vun 2008 / 2009 un amgaangen. Der wësst selwer – ech weess elo net, ob dir matgestëmmt hutt oder net –, datt mer d'Ëmklasséierung gemaach hu fir grad deen Terrain, op deen d'Jufa installéiert gëtt, als „zone récréative avec séjour“ ëmzекlasséieren, wougéint en aneren Deel „sans séjour“ ass. Dat ass wann ee méi erop a Richtung Rodange geet, wann een do erafiert. Do sinn eng ganz Rei Oploen derbäi. Zum Beispill ënnert anerem och wéinst de Flantermas. Do muss e Couloir gemaach gi vun 18 Meter. Plazeweis esouguer vun 30 Meter. Do huet den Environnement ganz kloer Richtlinie ginn, mä mer hunn awer mam Environnement eng Eenegung fonnt, an dat ass jo och am Kader vun der Ëmklasséierung definéiert ginn. An zwar ass dat, wat fir Oploe mer kréien a wat fir Oploen do respektéiert musse gi fir eppes dohinner ze bauen. Déi Prozedur ass ofgeschloss an an deem Fall wësse mer genee, wat mer musse maachen. Dat hu mer och ganz kloer mat der Jufa gekläert, ob dat nach machbar ass opgrond vun deene Gegebenheeten. An dat ass mat „Jo“ beäntwert ginn, esou datt dee Problem geléist ass.

Becker Romain (déi gréng):

Da wier et awer flott an interessant gewiescht, wann een déi Pièce hätt kënnen an den Dossier setzen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mä dir hutt dat jo matgestëmmt.

Becker Romain (déi gréng):

Neen, ech mengen de Retour vum Environnement.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Am Kader vum PAG louch dee ganzen Dossier dran. Alles wat se geschriwwen hunn am Zesammenhang mat de Flantermas, der *Natura 2000* an den Oploen, déi mer géife kréien. An deem Kader hat den Environnement dat definéiert. A wat elo kënn, dat ass de Projet. Natierlech musse mer nach eng Kéier zeréckgoen an da kuckt den Environnement, ob dat respektéiert ass.

Becker Romain (déi gréng):

Dat heescht, si kennen deen heite Projet nach net.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Neen, si wësse just, datt do soll gebaut ginn. An elo kucke mer nach mam Projet selwer. Mä déi grouss Richtunge leie fest. Dee Couloir muss gemaach ginn, deen ass definéiert vun hirer Säit. D'Oploe goufen definéiert no enger Etude, déi mer bezuelt hunn. Mir hunn 20.000 Euro bezuelt fir eng Etude maachen ze loossen eleng fir d'Flantermas. An do ass eis gesot ginn, wat fir Dispositiounen mer do missten huelen. An dat huet de Projet jo eigentlech esou laang schleefe gelooss. Soss wiere mer schonn éischer an de Gemengerot komm. Mä mer hu gesot, mer géifen eréischt iwwer deen Dossier am Gemengerot diskutéieren wa mer wëssen ob déi Ëmklasséierung méiglech ass an ob dee Projet iwwerhaapt

op där Plaz méiglech ass. An dat ass eigentlech gekläert. Déi Ëmklasséierung ass autoriséiert, esou datt mer elo kënnen zu deem konkrete Projet iwwergoen.

Natierlech, wann do nach eng Oplo kënn a wann een zum Beispill eppes anescht muss belichten, da musse mer deem och Rechnung droen. Dat wäerte mer dann och nach mam Environnement diskutéieren. Mä de Prinzip ass ofgeseent mam Environnement duerch déi Ëmklasséierungsprozedur, déi mer hei am Gemengerot gemaach hunn.

Breyer Roland, Schäffen:

De Site ass sécherlech net ideal. Mer hunn u sech keen ideale Site an der Gemeng, well mer ëmmer an engem Dall sinn an doduerch ëmmer agéent sinn. De Site ass awer ideal wéinst dem PiKo gewiescht fir d'Hotel. Et ass jo awer eng Struktur, déi 150.000 Visiteuren d'Joer bréngt, an dann ass dat hei jo awer keng gewaltig Saach, wann 20.000 Visiteuren derbäi kommen.

Ech schwätzen hei vun Dimensiounen. Dat gesäit sech vläicht grouss un. Déi Aktivitéit sinn net massiv beieneen, mä sinn iwwer de ganzen Dag verstreut. Et si keng grouss Concertshalen derbäi, wou dausende Leit beieneen dohinner kommen. Hei si 45 Zëmmer, dat ass awer net der Däiweil. Et ass méi kleng wéi den Hotel Threeland. An do ass och net esou vill Verkéiersopkommes ausser wann en uewen a senge Raimlechkeeten e Banquet huet. Dann ass et vill. Esou eppes hu mer awer hei net. Hei sinn d'Raimlechkeete vill méi kleng. Dofir muss een, wann de Plang méi genee ausgeschafft ass, emol kucken, wat di genee Dimensioun sinn. Dat gétt net esou grouss. Et gesäit sech vläicht flappeg un, mä mer hu gesot, se sollten net méi héich si wéi bei deenen Haiser an der rue de la Minière. Dat soll net massiv aus dem Bierg eraus strotzen.

Dir mengt, dat wier vläicht op Sand gesat, wann do eppes sollt schief goen. Mir hu bis elo just Suen an den Terrain investéiert. Mer maache Stroossen an d'Rei, déi mer souwisou miisste maachen. A wa mer e Wellness bauen, da baue mer e selwer. A wa keen en exploitéiert, dann exploitéiere mer e selwer. Wa mer awer Vernetzung kënnen fannen, Partnerschaften kënnen entwéckelen, wou et eng „win-win“-Situatioun gétt, da soll ee selbstverständlech op dee Wee goen. Well mer hunn anuecht geholl, datt eng Gemeng ganz gutt ass a verschidde Saachen ewéi déi normal Servicer fir d'Bierger, mä datt se, all Kéier wann et ëm den Tourismus, an d'Attraktivitéiten an dat Kommerziell geet, méi schlecht ass. Do soll ee besser mat deene Leit schaffen, déi eppes méi dovunner verstinn.

Dir schwätzt vun der Rollenger Millen a vun der Pétenger Millen. Mer sinn an der éischter Phas. Mer schwätzen hei vun deem Hotel fréistens am Joer 2016 oder 2017. Bis dohinner ass d'Millen nach méi entwéckelt. Do sinn nach Projeten hannendrun. Mer wëssen, datt déi Säll bis elo nach net ausgelaascht sinn. Et war och de Wonsch vum Schäfferot fir déi Dier lues opzemaachen, net fir all Mënsch do eran ze loossen, well soss hätte mer dat gehat, wat een elo scho spiert, an zwar datt deen een oder anere seng Versammlung léiwer do gehat hätt an esou weider. Et ass net en zweete Versammlungsraum, et soll eppes anescht ginn. Gitt der Konscht Millen emol Zäit fir ze schaffen. Si sinn elo sechs Méint amgaangen. Et kommen nach dat rout Haus, e Musée an en „accueil touristique et culturel“ dohinner, an et kënn och nach e Bausseberäich derbäi. Dat sinn Etappen, déi mer nach am September kréien. A wa mer dee ganze Projet fäerdeg hunn, an zwee oder zwee an d'halleft Joer, a wann dann och nach de Jufa-Hotel sollt do stoen, dann hu mer hei eppes, wat vill méi polyvalent ka funktionéieren ewéi dat elo de Fall ass. De Moment geet et net duer, an ech sinn och

onzefridden, datt mer Terrassen hunn, déi net besat sinn an esou virun. Et ass also nach vill méi dran.

Bei der Rollenger Mille si mer amgaangen an do hu mer e Konzept fäerdeg. Et ass nach eng Saach vun der „sécurité dans les bâtiments“, wou mer op de Rapport waarden, a wou mer d'Sécherheet iwwer eng Firma vu baussen ënnersicht solle kréien. Mer hunn de Konzept fäerdeg. Et soll eng „Begegnungsstätte“ fir Schoule sinn, déi um Parcours sinn an déi och nees mat der Naturschoul iwwer dee Projet Jufa kënnen vernetzt ginn. Do entsteet e flott Potential. Dat ass och eppes, wat ënnerwee ass. Ech gesinn d'Echéance 2016/2017, ech gesinn – wann een e bësse Fantasie huet – wat sech nach bis dohinner kann entwéckelen. Mir mussen selbstverständlech dorunner schaffen. Mer mussen d'Verkéiserskonzept opstellen, mer mussen kucken, datt mer Navetten dohinner kréien, mer däerfen d'Autoen net all dorop fuere loossen, mer mussen e P&R kréien. Dee P&R Rodange, dee vun de Grenzgänger soll benotzt ginn, dee géif de ganze Weekend eidel stoen. Dat ass eng Potentialitéit fir déi heite Verbindung ze schafen. Et ass nach vill Aarbecht do. Mä wann een e wéineg Imaginatioun huet, da kann ee sech an 3 Joer awer eng ganz flott Vernetzung a Komplementaritéit vun deenen eenzelne Saache virstellen.

Becker Romain (déi gréng):

Dat do ass awer symptomatesch Här Breyer. Dir schwätzt vun Navettë fir d'Leit dohinner ze féieren, dir schwätzt vu P&R op der Gare zu Rodange, mä vu „mobilité douce“ schwätzt kee méi. Do hätte mer jo och Vélosweeër kënnen ariichten.

Breyer Roland, Schäffen:

Waart dir de Moien net an der Sëtzung dobäi? Do ass dat dach alles gesot ginn. Dat ass fir mech selbstverständlech. Déi Vernetzungen, déi Stonnen, déi mer mat dem Büro Baumann an Zeyen a mat der Verkéisersetude verbruecht hunn, do ass déi „mobilité douce“ mat dran. Mer wäerten och Véloen heihinner kréien. Mer wäerten e Vélo-„Verleih“ kréien, deen scho bei hinne funktionéiert. Selbstverständlech, dat gehéiert zum Konzept vun der Jufa.

An dann dat lescht. Dir hutt do ugedeit, datt mer schon 10 Joer mat hinne géifen hantéieren. Et sinn der 5, mer sinn am 6. Joer. Wat ech awer net wëll opkomme loossen, dat ass déi Undeutung, wien huet weem wat versprach. Also hei sinn elauter propper Saache geschitt. Hei si just kollegial Verbindungen opgebaut ginn. Hei ass Vertraue iwwer Joere geschaf ginn. Dat war mam Lily Gansen. Si war eng vun deenen éischten, déi Verbindungen opgebaut huet. D'Lily Gansen als Presidentin vum *Foyer de la Femme*, ass dohinner gefuer. Mir hunn déi Verbindungen iwwerholl wéi se am Gemengerot war. Hei ass eng Frëndschaft opgebaut ginn, déi just op der Basis vum Vertraue baséiert. A Gott sei Dank op näischt anescht. An ech wëll dat guer net gehéiert hu wat dir do gesot hutt, wie weem wat versprach huet.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hunn dat frëndschaflech gemengt. Här Breyer, do sidd der awer Saache siche gaangen, déi ech ni gemengt hunn.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech si ganz empfindlech op deem Punkt. Der hutt awer zevill laang doriwwer geschwat. Wann dir vläicht gewinnt sidd, esou ze schaffen ...

Becker Romain (déi gréng):

Neen, neen, esou schaffen ech net. Dir kennt mech scho laang genuch. Et war awer net esou gemengt. Well ech hat

dat schonn e puer mol hei gefrot. Et ass net esou geduecht, wéi dir et opgehall hutt.

Breyer Roland, Schäffen:

Dann ass et gutt.

Gira Carlo (CSV):

Wann een e bësse méi spéit dru kënn, dann ass schonn esou munches gesot ginn. Ech wëll och elo net d'Virzich vun deem Projet hei opzielen. Ech kann awer soen, datt ech mer eng kéier am Kader vun de Schnéiklassen de Fonctionnement vun zwee esou Haiser zu Mariazell konnt ukucken. Dat Konzept huet mech awer relativ iwweezeegt. Ech mengen, mer hunn hei e Konzept, wat eng Zilgrupp uschwätzt, a wat et hei zu Lëtzebuerg nach wéineg gétt, mat Familljen a Präisser, déi relativ moderat sinn. Wat mech och positiv stëmmt, datt dat eppes ka ginn, dat ass, datt ee gesäit, datt et eng Ketten ass, déi relativ kleng ugefaangen huet a gewuess ass op 50 Haiser. Dat schwätzt jo awer och fir sech. Se hunn och Saachen am ländleche Raum gemaach. Ech kennen Éisterräich e bësse gutt, a wann et an Dierfer, déi net méi grouss sinn ewéi eis Gemeng, funktionéiert, da kann et och hei funktionéieren. Si hu Partner ugezunn. Bei de Partner hunn ech vläicht en eenzege Bedenken, an zwar wéi den Här Breyer sot: „Mer hunn A gesot, da musse mer och B soen“. Am Beräich vun de Partner oder deene Leit, mat deene mer schaffen, do musse mer dann och relativ professionell denken. Well et ka jo net sinn, datt mer an deem Beräich op Veräiner zeréckgräifen, déi am Bénévolat schaffen, well do stoussen d'Veräiner souwisou op hir Grenzen. Den Här Buergermeeschter huet et och scho gesot: et si jo scho Verhandlung gemaach ginn am Kader vum Train 1900, an déi Leit mussen och professionell ënnerstëtzt gi wann do en Ausbau kënn.

Wat ech och wëll uschwätzen, dat ass eben d'„mobilité douce“. Mer hunn hei d'Méiglechkeet fir an deem Beräich eppes ze maachen. Ech ka mer och virstellen, datt do net jidderee wëlles huet, mam Auto ronderëm ze fuere bis an de Fond-de-Gras, mä datt der do ganz vill dohinner kommen, déi spadséiere ginn. Datt do méi Verkéier wäert sinn, dat schéngt mer och logesch ze sinn. Mä et läit awer och nach net aus der Welt. An et ass geschwat gi fir bis op d'Gare ze kommen. Dat sinn awer Méiglechkeeten, déi een huet. A wa mer et dann och nach fäerdegbréinge fir Navetten ze schafen, esou datt esou mann wéi méiglech Autoen dohinner kommen, dann ass dat do awer e Projet, wou mer kënnen an d'Zukunft kucken. Mer hunn e ganze Koup Virzich hei, a firwat net mat esou engem Projet.

Breyer Roland, Schäffen:

Wann een déi Haiser kucke geet – an ech hu mer der elo e puer ugekuckt bei hinnen, an zwar vu Salzbuerg eriwwer an dann nach aner 6 Haiser -, dann hunn déi alleguer keng grouss Parkingen derbäi. Zu Graz hu se net vill Parkméiglechkeeten a se si ganz verstoppt, well vill Leit an hirer Clientèle reesen och mam Zuch un, oder si komme mat Bussen un a ginn ofgesat an entwéckele sech da vum selwen. Do läit den Challenge fir eis, mä et ass awer e flotten Challenge fir nei Weeër ze entdecken. Nei Wanderweeër, nei Foussgängerweeër, nei Vélosweeër a wat net nach alles. Déi „mobilité douce“ gétt gefördert an déi muss elo méi séier kommen. Hei gétt et e „must“, hei brauche mer dat wierklech. Déi Vélosstationen, dat ass e Bestanddeel vun hirem Projet. A wann eng do ass, da kënn och nach eng op eng aner Plaz. Do wäerte mer schonn e ganze Koup Beweegung kréien.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hätt 2 Froen un de Schäfferot awer och un d'Leit aus Éisterräich, an ech hoffe vun hinnen eng Äntwert ze kréien.

„Die Anfahrt der Kunden, erfolgt diese meist mit dem Auto oder mit dem Zug? Herr Breyer hat gesagt, die meisten kämen mit nicht dem PKW, aber ich möchte auch Ihre Version hören. Den Standort Rodange haben Sie sich ja auch angesehen. Sind Sie überzeugt von Rodange? Es liegt ja doch in einer Ecke, wo es ziemlich eng und die Verkehrsanbindung nicht unbedingt sehr gut ist?“

Gerhard Wendel:

Es ist sehr wichtig, dass wir die Anbindung an den Bahnhof verbessern, da viele unserer Gäste mit öffentlichen Verkehrsmitteln anreisen. Natürlich gibt es auch welche, die mit dem PKW anreisen, aber gerade Schulen usw. kommen natürlich mit den öffentlichen Verkehrsmitteln.

Zum Standort selbst: wir haben viele Naturerlebnis-Standorte. Wir sind ja Partner vom WWF. Darum war es auch wichtig, dass wir immer gesagt haben, die Fledermäuse seien für uns kein Problem. Wir wollen sogar dieses Thema in Projekten integrieren. Wir haben auch die Ideen mit den „trip guides“, wo man beispielsweise auf dem Titelberg naturnahe Landschaften besichtigen kann. Dieses Thema ist für uns wichtig, es ist Bestandteil unserer Philosophie. Natürlich bedarf es noch vieler Schritte in dieser Entwicklung, die wir gemeinsam stemmen müssen. Uns ist es darum gegangen - aufgrund der jahrelangen Zusammenarbeit mit der Gemeinde Pétange und aufgrund des Interesses der Gemeinde -, dass, wenn wir nach Luxemburg kämen, uns diese Verbindung sehr wichtig sei. Bevor wir an einem Standort, wo uns niemand kennt und es diese jahrzehntelange Verbindung gibt, starten, starten wir lieber in Pétange. Es ist ein Weg, den wir überall so beschritten haben. Auch in Deutschland. Auch mit einer Stadt, mit der wir einen guten Kontakt haben und wo wir begonnen haben, gemeinsam, und wo sich dann später etwas entwickelt. Ich glaube schon, dass wir ein nachhaltiges Konzept zusammenbringen, denn wir sind ja auch Europas größter Immobilitätsanbieter, beispielsweise. Also wo es viele Möglichkeiten gibt, wo wir vielleicht ganz neue Dinge nach Pétange bringen könne. Wir haben schon einen starken, ökologischen Fußabdruck, weil wir sagen, wir haben die zukünftige Generation bei uns zu Gast, und was wir denen mitgeben, ist auch Teil unseres Ziels. Das ist Jufa. Ich glaube schon, dass es da Wege und Möglichkeiten gibt, die wir gemeinsam finden können. Das Projekt ist ja noch nicht fertig. Wir sind noch bei der Skizze. Es geht uns darum darzustellen, dass es so in der Art sein könnte. Dann kam das Thema mit den Fledermäusen, wo wir ein Gutachten in Auftrag gegeben haben und gesagt haben, wie das integriert werden kann. Es gibt viele schöne Dinge, wo man gerade jungen Menschen das Thema Fledermäuse spielerisch nahebringen kann. Also wir haben ja selbst viele in unserem Turm im Schloss Röthelstein, wo früher die Schneeklassen hingefahren sind. Wir sehen dies als Bereicherung. Und dadurch, dass sich das lösen lässt, ist der Standort sehr attraktiv.

Damit es auch nicht falsch verstanden wurde: für unsere Gäste ist die Nutzung des Schwimmbades frei. Das heißt aber nicht, dass wir nicht mit der Stadt ein Abkommen schließen. Wir haben uns auch die Verbindungen nach Luxemburg-Stadt angeschaut, weil das Ziel sein muss, dass man mit den öffentlichen Verkehrsmitteln nach Luxemburg-Stadt fährt. Es ist bei uns ja auch nicht so, dass es bei uns wie in einem Business-Hotel ist, wo jeder Gast mit dem eigenen Auto kommt. Bei uns kann man sagen, bei 100 Zimmern gibt es 25 Autos. Weil erstens kommt die Familie, zweitens gibt es einen Teil der Gäste, der mit öffentlichen Verkehrsmitteln anreist.

Und, wenn ich es richtig auf luxemburgisch verstanden habe, wollten Sie wissen, wie attraktiv die Anbindung ist. Wir haben

immer zu Roland Breyer gesagt, es muss zum Beispiel einen Taktverkehr zum Bahnhof geben. Weil dann nutzen die Gäste diesen. Des Weiteren haben wir auch in der Mobilität einiges gemeinsam.

Breyer Roland, Schäffen:

Zum Beispiel ein Fahrradverleih, den wir brauchen. Man kann die verschiedenen Stationen sehen, zum Beispiel der Bahnhof, die Zufahrt zum Hotel, PiKo, usw. .

Gerhard Wendel:

Ich möchte noch einmal auf Herrn Beckers Kommentar eingehen. Einer unserer großen Stärken ist es, die Kinder und Jugendlichen an Zeitthemen heranzuführen. An die Umwelt, an die Natur und an die Energie. Das sind Kernthemen, wo wir sagen, es ist das Schwierigste, die Kinder und Jugendlichen an diese Themen heranzuführen uns diese für sie attraktiv und erlebnisreich zu machen. Wenn Sie ein Prospekt mitnehmen, dann sehen Sie, dass wir viele Projekte in der Natur, in Nationalparks, in Biosphärengebieten haben, um das Thema so an die Zielgruppe heranzubringen. Wir haben uns mit dem Thema auseinandergesetzt. Wenn Sie sagen, der Standort Rodange war nicht die erste Wahl, dann stimmt das. Ja, es ist ein Prozess gewesen, und zwar ein intensiver Prozess, wo wir mit den verschiedensten Leuten gesprochen und gefragt, warum der Zug nur sonntags fährt und nicht wenn Leute da sind. Wir sehen die Chance darin, wenn entsprechend Gäste da sind, dann kann man auch an anderen Tagen fahren. Die große Kunst besteht darin, die Natur zu erhalten, Menschen dorthin zu bringen aber nicht zu überfrachten. Den Umgang und das Leben in und mit der Natur kennen zu lernen.

Was die Fledermäuse angeht, so liegen 2 Gutachten vor. Es sind Herausforderungen, die wir annehmen müssen und die wir erhalten müssen. Das können Sie uns gerne abnehmen. Wenn ich sage, das PiKo braucht eine Aufwertung, dann ist es die Einrichtung. Über die Zahlen können wir uns ein anderes Mal unterhalten. Es ist hier nicht anders als in anderen Häusern. Die haben Spitzenzeiten, und dann müssen sie zumachen. Und dann haben sie viele Zeiten, wo halt nicht viel los ist. Das ist ganz wichtig. Der Standort hat eine Qualität, die man aber entwickeln muss. Ein Thema ist sicherlich, den Verkehr, der zu Spitzenzeiten bereits da ist, nicht zu erhöhen. Das heißt – und das ist auch bereits von der Gemeinde angesprochen worden – dass ein Parksystem geschaffen werden muss. Für uns ist wichtig, dass wir die Gäste, die sehr viel mit der Bahn kommen, zur Bahn bringen können und die Parkplätze so viel wie möglich zurückzuhalten. Das zerstört alles nur Landschaft, und das wollen wir nicht. Der Tourist, der hierher fährt, in die Stadt fahren möchte, nur einmal umsteigen muss, keinen Parkplatz suchen und keine Parkgebühren zahlen muss, der ist froh, ein solches Angebot nutzen zu können.

Scheuer Romain (déi gréng):

Dat huet zwar näischt mat der Jufa ze doen, mä um Plang steet schonn „neues Wohngebiet“. Firwat ass dat schonn drop? Et gehéiert dach nach net drop.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat ass e Projet, deen am Lafen ass a fir dee Projet do ass e PAP ënnerwee. Mä fir de Moment gesäit et esou aus, wéi wann dee Projet gestuerwen ass. Mä dat ass e Projet, et ass e private Promoteur, deen amgaangen ass, do en Investissement wëllen ze maachen. En huet en éischte „schéma directeur“ ënnerbreet. Do sinn eng Rei Oploe komm, an déi sinn net onbedéngt déi, déi dem Promoteur gefalen. Mer hate viru kuerzem eng Diskussioun, an et gesäit

no engem status quo aus. Trotzdem hu mer dat Lotissement mat era geholl fir ze weisen, datt déi Kombinatioun och geet. Mä wéi gesot, de leschte „Stand der Dinge“ ass, datt de Privatpromoteur den Dossier op Äis geluecht huet. Mä da komme mer natierlech och mat deem PAP an de Gemengerot fir an deem Kader driwwer ze diskutéieren.

Scheuer Romain (déi gréng):

Déi aner Saach ass déi vun deene Baile mat deene verschidene Firmaen an 2 Asbl, déi hei am Text drastinn a wou et ëm d'Industriezon geet. Vun deem Bail mat *Play City*. Do hoffe mer, datt et mat deem heite besser virugeet ewéi de Projet, dee momentan do leeft.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dat huet elo näischt mam Bail ze doen. Dat anert, wäert der gesinn, esou leeft dat do och. Mä et ass vläicht fir ze weisen – an dofir hu mer jo och e „bail emphytéotique“, esou en „droit de superficie“ dohi geluecht -, datt déi Konventioun duerchgeet. Et ass fir eis och wichteg fir dat mat engem Affekot ze klären ob de Ministère do matzitt. Opgrond vun deem heite Beispill si mer sécher, well jo e Präzedenzfall do ass um Niveau vum Hanebësch, datt esou en „droit de superficie“ iwwer eng Konventioun méiglech ass. Et ass e bëssen anescht ewéi bei *Play City*, do ass et e „bail emphytéotique“. Dat ass nees eppes anescht. Hei géife mer vun engem „droit de superficie“ ausgoen, wou mer hanneno, wann de Projet eng Kéier net méi funktionéiert, d'Recht als Gemeng hu fir en zeréck ze kréien. Beim „bail emphytéotique“ ass et esou, datt de Besëtzer en duerno ka kafen. Dir hutt eng Ebauche am Dossier leie gehat, wéi esou eng Konventioun ausgesäit.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hoffe just, datt de Verkéier duerno net zevill extrem gëtt an déi Leit, déi an deem Eck wunnen, net iwwerrannt ginn. Obwuel den Här Breyer seet, datt mat P&R gefuer gëtt an d'Leit iwwer dee Wee dohinner kommen. Mer mussen awer och drun denken, datt mer Leit do wunnen hunn. Mer si jo amgaangen d'Strooss frësch ze maachen. Do hu mer jo scho Chaos an deem Eck. Loosse mer hoffen, datt mer dat geregelt kréien. Wa mer näämlech eng Navette maache fir d'Leit bei d'Jufa ze kréien, da soen d'Leit aus der Gemeng duerno, si hätten och gären eng Navette fir op d'Gare ze fueren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wa mir elo haut ‚Jo‘ soen als Gemeng fir op dee Wee ze goen an dat ze analyséieren a wa mir duerno effektiv da wëllen op dee Wee goen, da mussen déi Saachen do nach all gekuckt ginn. Mir sinn eréischt um Ufank. Et geet elo drëm fir eng Prinzipienentscheidung ze huelen. A wa mer sollen op dee Wee goen, da wäerte mer eis och an déi Richtung engagéiere fir dat alles ze analyséieren. An da kënnt dat do alles nach eng Kéier op den Dësch. Da gëtt hei diskutéiert wéi mer déi Problematik hei léisen. A wa mer do zu engem gudden Enn kommen, da gëtt et gebaut. Wa mer awer ënnerwee mierken, datt mer net zu engem gudden Enn kommen, da gëtt et vläicht net gebaut. Dat heescht, dat musse mer wierklech hei kucken.

Rosenfeld Romain (CSV):

Ech faasse mech ganz kuerz. Et ass schonn esou vill geschwat ginn an et ass zimlech spéit. Mä ech géif awer soen, datt ech guer net averstane si mam Här Becker, dee seet, zu Rodange wier kee schéine Standuert an deem Eck. Déi Ausso kann ech guer net deelen. Ech mengen, hie war nach net dacks do, well soss géif hien dat net soen. An ech géif soen, datt deem Eck do richteg valoriséiert gëtt duerch

esou en Investissement. Mer hate schonn am Gemengerot esou eng Diskussioun iwwer de Standuert vum Lycée. Ech mengen, dee Lycée haut verschéinert déi Stoppelwiss an dee Koup Steng, déi do louchen. Et ass e Site, deen haut och tiptop an der Rei ass. Dofir géif ech soen datt, wann een d'Chance huet mat esou engem staarke Partner ze schaffen, et derwäert ass fir Analysen a Pläng ze maachen an dann, ewéi de Buergermeeschter elo just gesot huet, kann een nach ëmmer ënnerwee soen, datt et awer net dat ass wat mer gemengt hunn. Da kann een et nach ëmmer stoppen an dann ass net vill verluer. Mä et ass awer derwäert fir dat ze kucken. Ech ënnerstëtzen dat doten an ech géif och haut mäi „Jo“ gi fir dat op de Wee ze leeden a méi wäit ze kucken.

Becker Romain (déi gréng):

Wéi dat dann och an der Chamber ass, däerf ee jo och drop äntwerte wann een ugeschwat ginn ass. Den Här Rosenfeld hat gemengt, ech hätt gesot, Rodange wier kee schéine Standuert. Ech hunn net gesot et wier kee schéine Standuert. Rodange ass selbstverständlech eppes Schéines. Ech hu gesot, de Standuert do ass net ideal, wat eppes anescht ass ewéi schéin. Selbstverständlech ass Rodange schéin,

Lamadelaine ass schéin, a Péteng ass och schéin. Mir sinn elauter Schéiner. Ech hunn net gesot, Rodange wier net schéin.

Rosenfeld Romain (CSV):

Ech menge just, Här Becker, datt et haut fir d'zweete Kéier ass, datt der vergiesst, wat der sot an Ären Interventiounen. Dat klappt net esou richtig mat deenen Ziedelen, déi der do leien hutt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Gutt, ech mengen, mer hunn elo den Tour ëm den Dësch gemaach. Ech géif soen, mer géifen elo nach ofstëmme, an duerno ka jidderee sech och nach Broschüren an eng Dokumentatioun mathuelen. Wichteg ass awer, datt mer elo nach ofstëmme. Et ass dat och dee leschte Vote fir haut.

Accord par 15 voix et 2 abstentions (déi gréng).

Breyer Roland, Schäffen:

Ich möchte Ihnen nur mitteilen, dass 15 Gemeinderäte mit „Ja“ gestimmt und zwei Mitglieder sich enthalten haben.

Gemeinderatssitzung vom 15. Juli 2013

Anwesend:

Mellina Pierre , Bürgermeister (CSV)	Breyer Roland , 1. Schöffe (CSV)	Conter-Klein Raymonde , 2. Schöffe (CSV)
	Linden Jeannot , 3. Schöffe (LSAP)	
Bosseler Camille (CSV)	Brecht Guy (LSAP)	Becker Romain (déi gréng)
Conzemius-Holcher Josette (CSV)	Gonçalves Cátia (LSAP)	Scheuer Romain (déi gréng)
Gira Carlo (CSV)	Mertzig Romain (LSAP)	Bouché Jean-Claude (DP)
Polfer John (CSV)	Pierre Norbert (LSAP)	Thein Joé (adr)
Rosenfeld Romain (CSV)		

Abwesend und entschuldigt:

Néant

1. - 4.

Die Punkte 1-4 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt. Der Gemeinderat hat jedoch einstimmig beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Herr Georges Wangen aus Pétingen wurde als Angestellter auf unbegrenzte Zeit eingestellt.

Frau Sarah Gérard aus Dippach und Frau Carmen Micucci aus Rodange wurden als Diplomerzieherinnen – ganztags (40 Stunden/Woche) und auf unbegrenzte Zeit – eingestellt.

Frau Mandy Fioriferi aus Niederkerschen, Herr Eric Laurent aus Niederkerschen, Frau Aline Philippart aus Lamadelaine und Frau Pascale Faust aus Schiffingen wurden als Diplomerzieher (w/m) – Teilzeitbeschäftigung (35 Stunden/Woche) und auf unbegrenzte Zeit – eingestellt.

Frau Flora Da Conceicao Oliveira aus Differdingen, Herr Fernand Hoepfner aus Niederkorn, Frau Salomé Sanchez-Sanchez aus Pétingen, Frau Melissa Schwickerath aus Niederkerschen und Frau Sally Urhausen aus Pétingen wurden als Diplomerzieher (w/m) – Teilzeitbeschäftigung (30 Stunden/Woche) und auf unbegrenzte Zeit – eingestellt.

Frau Laura Meier aus Niederkorn wurde als Geigenkursleiterin – Teilzeitbeschäftigung und auf unbegrenzte Zeit – ernannt.

5. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Jean-Claude Bouché (DP) wurde offiziell vom Bürgermeister sowie den Sprechern der einzelnen Parteien als neues Gemeinderatsmitglied begrüßt.

6.1. -Allgemeine Verwaltungsfragen.

Einnahmen in einer Gesamthöhe von 7.270.128,81€ - Bewilligung.

Bewilligung einstimmig.

6.2. - Allgemeine Verwaltungsfragen.

Ernennung eines neuen Sekretärs (m/w) des Mietausschusses - Beschluss.

Beschluss mit 16 Ja-Stimmen. Herr Thein (adr) hat die Beteiligung an der Abstimmung verweigert.

6.3. - Allgemeine Verwaltungsfragen.

Rücktritte und Ernennungen in mehreren beratenden Ausschüssen - Beschlüsse.

Beschluss mit 16 Ja-Stimmen, Herr Thein (adr) hat die Beteiligung an der Abstimmung verweigert.

7. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Zuschuss in Höhe von 2.500 Euro für die Opfer der humanitären Katastrophe in Syrien – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.1. - Schulwesen.

Kauf von zusätzlichem Schulmobiliar für das Schulgebäude „Am Park“ in Pétingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8.2. - Schulwesen.

Bewilligung der provisorischen Abrechnung, Abstimmung über einen aktualisierten Kostenvoranschlag sowie eines zusätzlichen Kredites in Bezug auf die Sanierungsarbeiten und die Instandsetzung des Schulgebäudes „Am Park“ in Pétingen - Beschlüsse.

Beschluss mit 16 Ja-Stimmen und 1 Enthaltung (DP).

9.1. - Musikunterricht.

Schaffung eines Kursleiterpostens (m/w) für den Jazz-Theorie-Unterricht - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9.2. - Musikunterricht.

Provisorische Organisation der Musikschule für das Jahr 2013/2014 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

10.1. - Liegenschaften.

Bewilligung des Vergleichs bezüglich des Erwerbs eines Grundstücks am Standort „A l'Enclos“ in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

10.2. - Liegenschaften.

Bewilligung der Vergleiche bezüglich des Erwerbs von Grundstücken im Rahmen der neuen Wohnsiedlung „An den Atzénge“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

10.3. - Liegenschaften.

Bewilligung der Vergleiche bezüglich des Grundstückstauschs im Rahmen der neuen Wohnsiedlung „An den Atzénge“ in Lamadelaine - Beschluss.

Bewilligung einstimmig.

10.4. - Liegenschaften.

Bewilligung des Mietvertrags mit den Miteigentümern der Residenz „Marian“ bezüglich der Mietung eines Grundstücks in der Leonard Schroeder-Straße in Pétingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

11.1. - Soziales.

Bewilligung der Konvention für das Arbeitsjahr 2013 mit dem Begegnungs- und Informationszentrum für Jugendliche „Pétenger Jugendhaus“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

11.2. - Soziales.

Bewilligung der Konvention mit dem Seniorenclub „Prénzebiérg“ für das Jahr 2013 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

12. - Kultus.

Verkauf einer Wohnung durch die Kirchenfabrik Rodange in einem Wohnhaus auf Nummer 81 in der route de Longwy in Rodange – Beschluss.

Beschluss mit 12 Ja-Stimmen, 2 Nein-Stimmen (déi gréng) sowie 3 Enthaltungen (Jean-Claude Bouché, Guy Brecht, Catia Gonçalves).

13. - Sport und Freizeit.

Bewilligung des Belieferungsvertrags mit der Firma Munhown S.A. im Interesse des Schwimmbades PiKo in Rodange - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

14. - Vereinsleben.

Zuteilung finanzieller Unterstützungen an die Lokalvereine – Beschlüsse.

Beschluss mit 16 Stimmen und 1 Enthaltung (adr).

15. - Tourismus.

Absichtserklärung bezüglich der Aufwertung der unterhalterischen und touristischen Angebote - Beschluss.

Beschluss mit 15 Ja-Stimmen und 2 Enthaltungen (déi gréng).

Séance publique du 20 septembre 2013

Durée de la séance: 9.00 à 12.00 heures

Présents:

Mellina Pierre , bourgmestre (CSV)	Breyer Roland , 1 ^{er} échevin (CSV) Conter-Klein Raymonde , 2 ^e échevin (CSV) Linden Jeannot , 3 ^e échevin (LSAP)	
Bosseler Camille (CSV) Conzemius-Holcher Josette (CSV) Gira Carlo (CSV) Polfer John (CSV) Rosenfeld Romain (CSV)	Brecht Guy (LSAP) Gonçalves Cátia (LSAP) Mertzig Romain (LSAP)	Becker Romain (déi gréng) Scheuer Romain (déi gréng) Bouché Jean-Claude (DP)

Absents et excusés:

Pierre Norbert (LSAP) Thein Joé (adr)
--

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (09.00 heures)

1. Personnel
 - 1.1. Démission volontaire d'un fonctionnaire - décision.
 - 1.2. Nomination d'un éducateur gradué (m/f) sous le statut du fonctionnaire - décision.
 - 1.3. Nomination provisoire d'un expéditionnaire administratif (m/f) - décision.
 - 1.4. Classement d'un employé communal (m/f) - décision.
 - 1.5. Nomination et classement de six employées communales pour les besoins des piscines communales - décision.
 - 1.6. Nomination et classement d'un employé communal pour les besoins du département du secrétariat général - décision.
 - 1.7. Nomination et classement d'une employée communale pour les besoins du service de la recette communale - décision.
 - 1.8. Nomination et classement d'une employée communale pour les besoins du service médico-socio-scolaire - décision.
2. Prévisions sociales
 - 2.1. Démission volontaire d'une aide-éducatrice - information.
 - 2.2. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) - décision.
 - 2.3. Nomination de six éducateurs diplômés (m/f) - décision.
3. Enseignement musical
 - 3.1. Nomination de huit employés communaux (m/f) pour les besoins de l'Ecole de Musique - décision.
 - 3.2. Nomination d'un chargé de cours (m/f) de théorie-jazz - décision.

Séance publique (09.30 heures)

4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
 - 5.1. Approbation de la première modification des dépenses et recettes au budget ordinaire de l'exercice 2013 - décision.
 - 5.2. Approbation des titres de recettes - décision.
 - 5.3. Formation du tableau de préséance du conseil communal - décision.
 - 5.4. Vote d'un crédit spécial pour l'acquisition d'un programme informatique - décision.
 - 5.5. Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières pour le 1^{er} semestre 2013 - approbation.

6. Personnel: Création d'un poste de salarié (ancien ouvrier) au service des espaces verts, équipe propreté - décision.
7. Propriétés
 - 7.1. Approbation du compromis avec M. René Baltès pour l'échange de terrains à Pétange et à Lamadelaine, lieux-dits « Im Bourenfeld » et « rue du Titelberg » - décision.
 - 7.2. Approbation du compromis avec M. Luis Vieira Pinto Carlos et Mme Maria Florinda Ribeiro Gomes pour la cession d'un terrain à Rodange, rue de la Fontaine - décision.
 - 7.3. Approbation de l'acte avec M. et Mme Frank Kaufmann (Scheuren) pour la cession d'un terrain à Pétange, place de la Libération - décision.
 - 7.4. Approbation de l'acte avec les époux Carlo Gros-André pour l'acquisition d'une maison d'habitation à Lamadelaine, rue de la Providence- décision.
 - 7.5. Approbation de l'acte avec MM. Jean-Paul Reisdorff et Patrick Reisdorff pour l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit « A l'Enclos » - décision.
 - 7.6. Approbation de l'acte rectificatif avec Mme Marie Catherine Weidert (veuve Meyers) pour l'acquisition d'une maison d'habitation à Pétange, rue de la Liberté - décision.
 - 7.7. Approbation de la convention avec l'asbl « Gestion Home » pour la mise à la disposition de la petite salle de la crèche Kordall à Pétange - décision.
 - 7.8. Approbation du contrat d'approvisionnement « full service » pour un distributeur automatique de boissons non alcooliques au Centre sportif à Pétange - décision.
 - 7.9. Modifications à apporter aux décisions des 18 juin et 31 juillet 2013 relatives au projet de lotissement « An den Atzénge » à Lamadelaine - décisions.
8. Prévisions sociales: Adaptation des tarifs pour le transport en ambulance - décision.
9. Sports et loisirs: Dénomination du Centre sportif à Pétange - décision.
10. Ordre public et sécurité : Approbation du nouveau contrat de location et de maintenance pour le remplacement des ordinateurs portables des agents municipaux - décision.
11. Urbanisation
 - 11.1. Approbation de la convention avec la société Agilis sarl pour la répartition des frais d'infrastructures dans le cadre du « PAP-Centre de Rodange » - décision.
 - 11.2. Approbation de la convention de remembrement dans le cadre du « PAP-Centre de Rodange » - approbation.
12. Culture: Approbation du projet remanié concernant la revalorisation de la « Maison Rouge » à Pétange - décision.
13. Infrastructures routières et voirie
 - 13.1. Approbation du décompte relatif au redressement de la rue Neuve à Pétange - décision.
 - 13.2. Approbation du décompte relatif à la télésurveillance des réservoirs d'eau des trois sections de la commune - décision.
 - 13.3. Approbation du décompte relatif au renouvellement partiel de l'éclairage public dans le lotissement « An den Jénken » à Pétange (phase 1) - décision.
 - 13.4. Approbation du décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire relatif au renouvellement partiel de l'éclairage public dans le lotissement « An den Jénken » à Pétange (phase 2) - décision.
 - 13.5. Approbation du décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire relatif à la construction du bassin d'eau au « Herbstberg » à Pétange - décision.
 - 13.6. Approbation du devis relatif à la mise en souterrain et du renouvellement des réseaux dans une partie de la rue du Clopp à Rodange - décision.
 - 13.7. Approbation du devis relatif aux travaux de remise en état de la voirie rurale pour l'exercice 2013 - décision.
 - 13.8. Reclassement et déclassement de rues sur le territoire de la Commune - décision.
14. Transports et Communications
 - 14.1. Règlement de la circulation routière relatif aux travaux de réaménagement de la rue des Champs à Pétange - ratification.
 - 14.2. Règlement de la circulation routière relatif aux travaux de pose des infrastructures dans la rue du Clopp à Rodange - ratification.
15. Vie associative
 - 15.1. Allocation d'un subside à l'asbl « Amicale de la Seniorie St. Joseph » - décision.
 - 15.2. Allocation d'un subside à la Fédération Européenne des Cités Carnavalesques - décision.
 - 15.3. Allocation d'un subside à l'asbl « Gestion Home » - décision.
 - 15.4. Allocation d'un subside à l'asbl « Lux Rollers » - décision.
 - 15.5. Allocation d'un subside à la Fédération des Sapeurs-Pompiers du Canton d'Esch-sur-Alzette - décision.

COMPTE RENDU

1. à 3.

Les points 1 à 3 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

- Mme Haupt Jill ép. Barnich, d'Eischen, est nommée provisoirement aux fonctions d'éducatrice graduée sous le statut du fonctionnaire.
- M. Agostino Carmelo Vincenzo, de Differdange, est nommé provisoirement aux fonctions d'expéditionnaire administratif.
- Mme Minelli Jessica ép. Flor, de Pétange, est engagée comme aide-éducatrice à tâche partielle (10 heures / semaine) et à durée indéterminée.
- Mme Seiler Janou ép. Latreche, de Pétange, Mme Kugener Jill, de Dudelange, Mme Moreira Jennifer, de Bascharage et Mme Piao Moreira Telma, de Pétange, sont engagées comme éducatrices diplômées à tâche partielle (30 heures / semaine) et à durée indéterminée.
- M. Klein Jérôme, de Peppange, est nommé chargé de cours pour la classe de Théorie-Jazz à l'Ecole de Musique.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Breyer Roland, Schäffen:

Nodeems Käerjeng eng Informatioun scho gëschter am Gemengerot ëffentlech gemaach huet – wéi een haut de Mueren an der Zeitung konnt liesen – wollte mir dës Informatioun och weider ginn. De Kierchepad tëscht Kéinzig a Péteng gëtt erëm touristesch nei ageweit. Et war dat eng Initiativ vum Komitee "200 Joer Par Péteng", déi un d'Gemenge Péteng a Käerjeng geschriwwen hu fir dëse Pad erëm opliewen ze loossen. Et ass dat en interessante Wee, dee vu Kéinzig iwwer Lénger op Péteng geet an deem déi zwou Gemenge matenee verbënnt. Déi zwou Gemenge waren och averstane fir zu 50/50 d'Signalisatioun vun deem Wee ze iwwerhuelen. Dee Wee soll dann elo de 6. Oktober am Nomëtteg ageweit ginn. Et geet och nach eng Informatioun un all Stot an och selbstverständlech un de Gemengerot.

Linden Jeannot, Schäffen:

Ech wollt dem Gemengerot matdeelen, datt an der nächster Sëtzung de Bilan vum PiKo wäert virgeluegt ginn, mat engem Verglach 2012/2013. Ech beschränke mech bei deem Bilan awer op déi interessant Méint. Et ass dat haaptsächlech fir déi Zäit vu Mee bis September, well iwwer de Summer déi meeschte Mouvementer an der Schwämm geschéien.

5.1.

Administration générale.

Première modification des recettes et des dépenses au budget ordinaire de l'exercice 2013 – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den Detail zu der "Modification budgétaire" hutt der am Aide-mémoire virleien. Et kann ee feststellen, datt eng Rei

Changementer sinn, déi awer zeréckzeféiere sinn op d'Décisiounen, déi mer hei am Gemengerot geholl hunn. Engersäits ass dat, fir d'Maison Relais nach weider auszebauen, well mer eng grouss Waardelëscht zu Péteng haten. Domatter schafe mer 50 zousätzlech Plazen.

Dir wësst och, datt den 20. Oktober virgezunne Wale sinn. Fir dëst Joer hate mer am Budget awer keng Sue virgesinn an dofir musse mer dat elo iwwer de Wee vun enger "Modification budgétaire" nohuelen.

E weidere Posten ass "Fournitures en nature aux élèves". Dat sinn d'Bicher, déi mer de Schüler laut Gesetz vun 2009 gratis mussen zur Verfügung stellen. Do hate mer op Grond vun der Experienz vum leschte Joer 190.000 Euro virgesinn. Mir stellen awer fest, datt et dëst Joer e Stéck méi deier gëtt. Mir sinn och am gaangen ze analyséieren, wat d'Ursaach dovunner ass. Mä op Grond vun de Rechnungen, déi mer bis elo kruten oder déi nach ausstinn, hu mer Méiausgabe vu 50.000 Euro. Dat ass eng substantiell Hausse géintwuer deene Joere virdrun.

Dann hu mer och d'Locatioun vun der Schwämm, fir den Eegebedarf – dat heescht fir eis Schoulklassen – gehéicht. Mir hunn déi op dee selwechten Niveau gesat wéi dat, wat mer fir déi selwecht Prestatioun vum LTMA kréien. Dat ass awer fir eis eng Null-Operatioun, wat de Chiffer selwer ubelaangt. Mir bezuelen déi Locatioun an op der anerer Säit kréie mer déi Sue jo och erëm eran. Et ass nëmme aus TVAs-Grënn, datt mer déi Operatioun musse maachen. An dofir hu mer och déi Zomm elo eropgesat, an dat esouwuel bei den Ausgabe wéi och bei de Recetten.

Schlussendlech wëll ech och nach ervirsträchen, datt mer op Grond vun der Locatioun, déi mer beim Restaurant WAX gemaach hunn, a wou mer dat mat TVA maachen, mir en Deel vun der TVA konnte récupéiere vun deem, wat mer do investéiert hunn. An dat maache ronn 300.000 Euro u Recetten aus. Dat hu mer mam Enregistrement verhandelt an et ass dat déi Zomm, déi se eis fir 2012 réckwierkend ginn. Et kënnt nach e klenge Betrag op d'Joer 2013 an dann ass dat och ofgedeckt.

Accord à l'unanimité.

5.2.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 496.303,73 euros – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Bei deene Recettë vu bal 500.000 Euro ass e groussen Deel Recetten, déi regelméisseg erëmmen. Et sinn dat Suen, déi mer fir d'Formatioun vun Apprentië kréien oder och nach fir d'Reprise vum recycléierbarem Material, wat éischter méi kleng Betrag sinn. Wat eng gréisser Recette ausmécht ass déi Geschicht mat der TVA, wou mer ronn 250.000 Euro un TVA als Recette kënnen verbuchen.

Approbation à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Formation du tableau de préséance du conseil communal – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir müssen den "Tableau de préséance" vum Gemengerot festhalen. Dat ass doduerch bedéngt, datt den Här Welter eis aus dem Gemengerot verlooss huet an den Här Bouché den 12. Juli 2013 als neie Member an de Gemengerot komm ass. Dofir muss elo deen "Tableau de préséance" adaptéiert ginn.

Accord à l'unanimité.

5.4.**Administration générale.**

Vote d'un crédit spécial de 50.000 euros pour l'acquisition d'un nouveau programme de suivi du courrier et des décisions – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

D'Gemenge Suessem, Käerjeng, Käl a Péiteng sinn averstane fir zesummen eng Lizenz ze kafe vum Programm "Easy" vun der däitscher Firma ZWF. Et ass dat e Programm fir op eng ganz modern an efficace Manéier all Courier, deen an d'Gemeng erakënn, ze archivéieren an deen och un déi zoustänneg Servicer virunzeleeden an e Suivi dovunner ze hunn. Mir hunn de Moment e Programm, deen eis nëmmen deelweis zefridde stellt, a woubäi och emol Saache kënnen verluer goen oder een net um leschte Stand vun den Informatiounen ass, wann een eppes wëll consultéieren oder noverfollegen.

D'Gemeng Suessem schafft scho 7 Joer mat deem Programm "Easy" a si si wierklech zefridden domatter. De Programm erméiglecht, fir dee ganze Courier elektronesch ze scannen an ze archivéieren. Mir kënnen eis och op d'Erfahrungswärter vun der Suessemer Gemeng verloossen a si wieren och averstane fir eis beim Aféiere vun deem System ze hëllefen.

Mir si scho laang Joeren am gaange fir beim Gemenge-syndikat SIGI esou ee Programm ze froen. Si soen ëmmer, datt se versichen esou eng Plattform ze schafen, mä bis elo ass nach näischt geschitt. Esou datt mer der Meenung sinn – zesumme mat deenen aneren Nopeschgemengen – , datt mer dee Programm "Easy" solle kafen. De Präis fir eis géif bei ronn 50.000 Euro leien, a mir kréichen dofir 50 Lizenzen. Et muss een och soen, datt mer mat de Beamten hei am Haus geschwat hunn a si alleguerten averstane ware fir dee System anzeféieren.

Mir fannen, datt dat e ganz gudden Invest ass an eng vill méi performant Gestiou vum sämtleche Courier, deen an d'Gemeng erakënn, erméiglecht.

Becker Romain (déi gréng):

De Courier gétt jo dee Moment gescannt. Gétt dat vun eis selwer hei am Haus gemaach oder ass déi Firma dofir zoustänneg?

Becker Romain (déi gréng):

Dat maache mir selwer. De Courier gétt zentral hei am Haus gescannt an e gétt op enger Plaz archivéiert. Déi Beamten, déi dann Zougang op de Courier müssen hunn, kréien deen dann och. Dee Virgang hält awer net allzevill Zäit an Usproch.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hat gefaart, datt déi Firma déi Dokumenter géif scannen an datt dat dann e Problem mam Dateschutz géif mat sech bréngen.

Becker Romain (déi gréng):

Neen, de Courier gétt vu vereedegte Beamte gescannt.

Gonçalves Cátia (LSAP):

Et si 50 Lizenze virgesinn. Sinn déi fir déi 4 Gemengen oder nëmme fir Péiteng?

Becker Romain (déi gréng):

Déi 50 Lizenze si fir d'Gemeng Péiteng. Domatter huet praktesch all Mënsch hei am Haus Accès op dee Programm.

Gonçalves Cátia (LSAP):

An déi Donnéeën, déi mer do sammelen, musse jo no X Joeren zerstéiert ginn.

Becker Romain (déi gréng):

Déi Donnéeë ginn, wéi bei engem normalen Archiv, archivéiert.

Accord à l'unanimité.

5.5.**Propriétés.**

Vente de concessions de sépultures et de columbariums aux cimetières de la Commune au 1^{er} semestre 2013 – approbation.

Linden Jeannot, Schäffen:

Mir kommen dann zu enger Übung, déi mer öfters musse maachen. Et geet ëm d'Konzessiounen, soit fir Columbariumen, soit fir e de Bau vun engem Caveau. Et si 4 Persounen, déi e Columbarium ugefrot hunn an déi bezuele jeeeweils 1.500 Euro. A fir eng temporaire Konzessioun fir 30 Joer fir e Caveau ze bauen, hu miissten 250 Euro bezuelt ginn a 7 Leit koumen dofir dës Kéier a Fro.

Approbation à l'unanimité.

6.**Personnel communal.**

Création d'un poste de salarié (ancien ouvrier) (m/f) au service des espaces verts, équipe propreté – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn een Aarbechter, deen am Service Voirie war, an deen duerch seng gesondheetlech Ëmstänn reklasséiert ginn ass. D'*Commission mixte de reclassement des travailleurs incapables d'exercer leur dernier poste de travail* huet déi Persoun reklasséiert, an dat aus der Carrière vum Salarié / Ouvrier an d'Carrière vum Manoeuvre.

Well mer awer elo keng Plaz an der Carrière vum Manoeuvre hunn, musse mer déi Plaz elo schafen. Mir sinn och verpflichtet, fir 5% behënnert Leit anzustellen, esou datt mer elo am Botzservice eng nei Plaz musse schafe fir déi Persoun do eran ze kréien. Mir kréien och, doduerch datt hie reklasséiert ginn ass, bei senger Pei gehollef.

Dat ass u sech déi Prozedur, déi mer elo musse maachen. Indirekt gétt dann och am Service Voirie eng Plaz als Aarbechter fräi an déi musse mer dann och nei besetzen. An dat ass haaptsächlech eng Plaz bei den Dreckskeächten, well déi Persoun virdrun do geschafft huet a mat de Joere gesondheetlech Problem kritt huet. Mir wëllen déi Persoun awer behalen, an et ass dëst eng sozial Measure, bei där mer dësse Posten – pour la forme – musse schafen. Well soss kéinte mer déi Persoun net behalen.

Accord à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.1.**Propriétés.**

Compromis avec M. René Baltes pour l'échange de terrains à Pétange et à Lamadelaine, lieux-dits « Im Bourenfeld » et « rue du Titelberg » - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Bei dësem Compromis geet et drëm, fir vum Här Baltes en Terrain ze kréien am Lieu-dit "Im Bourenfeld". Dat ass bei deem Wee, deen eropgeet bei de Scouts-Chalet. Do ass nach e klengen Deel vu 70 Zentiar, deen dem Här Baltes nach gehéiert. Op der aner Säit huet den Här Baltes e Projet an der "rue Titelberg", wou hien den Accès brauch fir op d'Strooss. An dofir miisst hien 37 Zentiar vun der Gemeng kréien. Mir hunn eis mam Här Baltes drop gëeenegt, datt mer en Tosch vun deenen 2 Terraine géife maachen.

Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.2.**Propriétés.**

Compromis avec M. Luis Vieira Pinto Carlos et Mme Maria Florinda Ribeiro Gomes pour la cession d'un terrain à Rodange, rue de la Fontaine – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu engem Compromis, bei deem et ëm en Terrain an der "rue de la Fontaine" geet. Et geet ëm een Terrain, dee mer brauche fir an d'Voirie publique ze integréieren. Et ass dat um Eck, just do, wou een an d'Philippartstrooss erakënn. Dësen Terrain vu 35 Zentiar géife mer fir 245 Euro ofkafen.

Approbation à l'unanimité.

7.3.**Propriétés.**

Acte avec M. et Mme Frank Kaufmann (Scheuren) pour la cession d'un terrain à Pétange, place de la Libération – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da kéime mer zu e puer Punkten, wou mer schonn d'Compromisen duerch de Gemengerot geholl haten. Deen éischte Punkt ass eng Cessioun vun engem Terrain un den Här an d'Madame Frank Kaufmann. Dee Compromis vum 5. Dezember 2012 gouf den 28. Januar 2013 duerch d'Autorité supérieure guttgeheescht. Mir hunn och den 3. Juli 2013 den Acte vun der Mme Karine Reuter opstelle gelooss an haut geet et drëm fir deen Acte vum Gemengerot guttheeschen ze loossen, fir datt déi Transaktioun och dann definitiv ka stattfannen.

Approbation à l'unanimité.

7.4.**Propriétés.**

Acte avec M. et Mme Carlo Gros-André pour l'acquisition d'une maison d'habitation sise à Lamadelaine, rue de la Providence n° 2 – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu engem éischten Acte, dee sech op all déi Compromise bezitt, déi mer de 15. Juli am Kader vum neie Lotissement "An den Atzéngen" hei am Gemengerot ugeholl hunn.

De 24. Mee 2013 hate mer mat dem Här an der Madame Gros-André e Compromis gemaach, deen eis d'Méiglechkeet gétt fir hiert d'Haus ze kafen. Dat erlaabt eis, fir an der Providence-Strooss eng méi grouss Entrée an dat Lotissement ze kréien. Dat gouf och de 15. Juli 2013 am Gemengerot festgehalten an approuvéiert. De 27. Juli 2013 ass de Compromis vun der Autorité supérieure autoriséiert ginn. An haut geet et drëm fir deen Acte vum 6. September 2013, dee sech doropper bezitt, hei am Gemengerot guttzeheeschen, fir datt déi Leit dann och esou séier ewéi méiglech hir Sue kënne kréien.

Approbation à l'unanimité.

7.5.**Propriétés.**

Acte avec M. Jean-Paul Reisdorff et M. Patrick Reisdorff pour l'acquisition d'un terrain à Rodange, lieu-dit « A l'Enclos » - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Bei dësem Punkt geet et och drëm fir en Acte guttzeheeschen op Grond vun engem Compromis, dee mer den 8. Mee 2013 opgestallt hunn an deen de 15. Juli 2013 vum Gemengerot approuvéiert ginn ass. Et geet ëm e klengt Stéck Terrain vu 26 Zentiar ënnen am Broucker Wee, dat mer brauche fir an dat klengt Lotissement, dat do entstanen ass, eranzekommen. Den Acte gouf de 6. September 2013 beim Me Robert Schuman opstelle gelooss a wa mer deen Acte haut guttheeschen, da kënne mer déi Situatioun definitiv regulariséieren.

Approbation à l'unanimité.

7.6.**Propriétés.**

Acte avec Mme Catherine Weidert (veuve Meyers) pour l'acquisition d'une maison d'habitation à Pétange, rue de la Liberté n° 11 – approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei geet et drëm fir een "acte rectificatif" ze maache mat der Madame Catherine Weidert. Dir kënnt lech erënnere, datt mer virun ongeféier 10 Joer dat Haus op Nummer 11 an der Liberté-Strooss kaf hunn. Mir hunn elo am Laf vun dësem Joer festgestallt, datt mir nach ëmmer a Copropriétéit si mat der Madame Weidert an dat aus där ganz einfacher Ursach, datt am Acte, deen deemools vum Här d'Huarter dresséiert gi war, e Feeler geschitt war. Elo gétt deen Acte verbessert, esou datt dann elo dat Gebai zu 100 % am Besëtz vun der Gemeng ass. D'Madame Weidert huet dat akzeptéiert a war averstane fir dat op dësem Wee ze regulariséieren, ouni zousätzlech Entschiedegung. An dofir wëll ech der Madame Weidert vun hei aus nach eng Kéier e grouse Merci soen. Och wann et net der Gemeng hir Schold war.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wat geschitt elo mat deem Haus? Bleift dat Haus stoen oder gétt et ewechgerappt? Oder ass dat Haus nëmmen

esou laang stoe bliwwen, bis et ganz der Gemeng gehéiert huet?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt mer fir d'éischt emol wollten déi Saach regulariséiert hunn. Dir wësst och, an dat stoung am Budget, datt mer am gaange sinn un engem PAP ze schaffe fir dee ganzen Eck ronderëm 'Rousen'. Am Kader vun deem PAP wäert och eng definitiv Léisung fir dat Haus entsto. Et ka sinn, datt dat Haus ewechgerappt gëtt. Mir hu jo och nach dat Haus 'Heintz' nieft 'Rousen'. Och bei deem Haus gëtt am Kader vum PAP definéiert, wat mer schlussendlech do maachen. Deen Deel vum Gaart ass jo scho geholl gi fir de Parking ze erweideren, mä dat Haus muss entweder eng Kéier erneiert ginn oder et muss ofgerappt ginn. An dat wëlle mer gären am Kader vum PAP, dee mer am gaange sinn opzestellen, festleeeën.

Approbation à l'unanimité.

7.7.

Propriétés.

Convention pour la mise à la disposition occasionnelle de la petite salle de la Crèche Kordall à Pétange – approbation.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Um 1. Stack vun der Crèche Kordall hu mer nach e klenge Raum, deen extra eng Verbindung geschafe krut fir énnen an den Home eranzegoen. Vum Home aus war – wann Aktivitéiten am Home sinn, wéi zum Beispill Theater – eng Noutwennegkeet do fir vun enger Zort Garderobe kënnen ze profitéieren. Deemools, wou mer nei gebaut hunn, si mer op de Wee gaange fir esou eng Méiglechkeet ze schafen an eng Verbindung ze maachen, duerch déi ee vun der Crèche aus direkt an den Home erakënnt.

Well dat awer e klenge Raum ass, deen dann och soll verschiddene Veräiner zur Verfügung gestallt ginn, ware mer der Meenung, datt et besser wier fir dat iwuer eng Conventioun ze regelen, an zwar mat den Associatiounen "Gestion Home" an "Foyer du Jour Kordall". Well déi zwou Associatiounen si jo direkt doranner implizéiert.

Wann de Raum elo net vum "Home" gebraucht gëtt, da kann e genotzt gi fir Aktivitéite vun der Crèche Kordall. Si kënnen zum Beispill an deem Sall Virbereedunge vu Bastelaarbechten maachen. Wann den "Home" awer elo de Sall géif brauchen, da muss dat ugefrot ginn an da gëtt dat och an der Gemengeverwaltung gemellt. Natierlech hale mir eis als Gemeng ëmmer nach dee Privileg, datt – wa mir de Raum brauchen – mir Virrecht op de Sall hunn.

Dës Conventioun soll iwuer ee Joer lafen, a kann automatesch no engem Joer verlängert ginn.

Becker Romain (déi gréng):

Ech wollt froen, ob bei deem Sall d'Méiglechkeet besteet fir d'Entrée zur Crèche zouzemaachen? Well ech géif et net gutt fannen, wann op eemol Leit einfach esou kéinte vun deem Sall aus an d'Crèche kommen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dee Sall ass souwisou ëmmer zougessaart. An deejéinegen, dee gären dee Sall hätt, muss de Schlëssel bei d'Asbl vun der Crèche siche goen. Et ass entweder den Här Goldschmidt oder eng aner Persoun aus dem Verwaltungsrot, déi sech dorëmmer këmmert. Et muss eng Demande

gemaach ginn an da kritt een de Schlëssel ausgehändegt. Soss wier et och wierklech ze einfach. Soss hätte mer op eemol eng Zort Tourismus, dee mer net wëllen. An déi Leit vun der Crèche, wann déi doranner schaffen, sollen och d'Recht hu fir roueg do kënnen ze schaffen. A wann de Sall sollt gebraucht gi vun z.B. de Scouten oder enger Theatertrupp, da sollen déi kënnen de Schlëssel froen.

Becker Romain (déi gréng):

Da wollt ech nach froen, wéi dee Sall équipéiert ass?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dee Sall ass ganz interessant. Et steet e klengen Dësch dran, e puer Still an e kleng Schaf, deen natierlech ka vun der Crèche zougessaart ginn. Dësweideren ass nach eng Dammen- an eng Härentoilette dobäi an eng Dusch. Domatter kann dee Sall och als Garderobe fir den Theater genotzt ginn. Dee Sall ass jo ganz gutt an deem Sënn équipéiert, an dat net nëmme fir den "Home". Och wann eng speziell Aktivitéit an der Crèche ass, kann dee Sall vun deene Leit aus der Crèche genotzt ginn. De Sall ass also vu Virdeel fir 2 Unitéiten.

Becker Romain (déi gréng):

Dat heescht, datt dee Sall sech net als Versammlungsraum eegent?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Neen. Dee Sall ass och net fir deen Zweck virgesinn. Wann awer elo aus der Crèche de Préposé oder Éducatrice sech wëllen zeréckzéie fir iwuer en Dossier ze schwätzen oder en Dossier fäerdeg ze maachen, da kënnen se awer vun deem Sall profitéieren. Mä ass normale Versammlungsraum soll dee Sall net genotzt ginn.

Approbation à l'unanimité. M. Gira, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

7.8.

Propriétés.

Contrat d'approvisionnement « full service » avec Coca-Cola Entreprises Luxembourg s.à r.l. pour le Centre sportif de Pétange – approbation.

Linden Jeannot, Schäffen:

Mir haten eng Conventioun mat "Coca-Cola Entreprises Luxembourg" gemaach, fir datt si eis esou ee KILLSCHAF an de Centre setzen. Eise Portier huet awer ëmmer miissten déi Gefaacher, déi eidel gi sinn, erëm opfëllen. De Portier huet sech och miissten ëm d'Suen aus deem Apparat bekëmmere. Hien huet awer elo gefrot, ob d'Méiglechkeet géif bestoe fir hie vun där Aufgab z'entbannen, well hien net frou war fir sech ëm d'Recette vun deem KILLSCHAF ze këmmere an d'Suen op d'Bank ze droen. Mir hu mat "Coca-Cola Entreprises" Récksprooch geholl an hunn de Kontrakt ëmgeännert.

Mir bezuelen elo e Loyer vun 28,75 Euro de Mount a "Coca-Cola" bekëmmere sech elo selwer ëm déi ganz Saach. Si fëllen den Apparat op a bekëmmere sech selwer ëm d'Keess. Et gëtt awer en Décompte a Präsenz vum Portier gemaach. Mir kréien dann och als Gemeng 0,15 Euro pro Consommation guttgeschriwwen.

Bouché Jean-Claude (DP):

Ech wollt froen, wéi et elo richtig mam Loyer ass. An der Délibération steet, datt mer e Loyer vun 28,75 Euro de

Mount bezuelen an e puer Zeilen ënnendrenner steet "La Commune ne paie plus de location mensuelle." Wéi ass dat ze verstoen?

Linden Jeannot, Schäffen:

Et ass esou, datt mer e Loyer vun 28,75 Euro de Mount bezuelen, ausser de Verkaf vum Gedrénks läit bei méi ewéi 150 Këschten d'Joer. Da fällt de Loyer fir d'Gemeng ewech. Mir änneren den Text an der Délibératioun och an deem Sënn a schreiw "La Commune ne paie plus de location mensuelle, si le volume vendu est supérieur à 150 caisses/an".

Approbation à l'unanimité.

7.9.

Propriétés.

Modifications à apporter aux décisions des 18 juin 2013 et 31 juillet 2013 relatives au projet de lotissement « An den Atzénge » à Lamadelaine – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zrëck op eng Saach, déi mer eigentlech den 18. Juni an den 31. Juli 2013 decidéiert hunn a wat u sech och approvéiert ass. Et sinn awer e puer Formsache vum der *Direction des finances communales* vum Inneministère évoquéiert ginn. Dir wësst, datt mer den 18. Juni decidéiert haten, fir dat neit Lotissement "An den Atzénge" ze bauen. Dofir hu mer miissten Terrainen kafen a wou mer dovunner ausginn, datt eis dat ongeféier 2,5 Milliounen Euro wäert kaschten. Mir hu jo dowéinst och eng ganz Rei Compromisen de 15. Juli duerchgeholl. Op där aner Säit hu mer gerechent, datt Infrastrukturekäscht mat 6 Milliounen Euro géifen zu Buch schloen. Mir haten och festgehalten, datt mer dat géifen iwwer eng "ligne de préfinancement" finanzéieren, well mer jo och wëssen, datt – wa mer d'Terrainen duerno verkafen un d'Bierger, respektiv iwwer déi Conventioun vum der *Société Nationale des Habitations à Bon Marché* cedéieren – mir dann op mannst déi Suen erëmkreien an domatter eis Trésorie net iwwerlaaschten. Dofir hate mer gesot, datt mer eng "ligne de préfinancement" géifen huelen.

Elo huet awer d'Direktioun e Problem mat deene Buchunge gesinn, esou wéi mer se virgeholl hunn. Dofir proposéiere mer fir déi Buchungen, déi mer de 15. Juni hei am Gemengerot guttgehescht hunn, ëmzeänneren, an zwar esou wéi de Ministère dat gären hätt. Dësweideren hu si e Problem mat der Dauer. Mir haten déi "ligne de préfinancement" op 10 Joer gesot, wuel wëssend, datt mer wahrscheinlech éischter wäerte fäerdeg sinn. Mat deene 10 Joer wollte mer sécher goen, datt mer bis dohinner all déi Terraine verkaf hunn. Mir kënnen déi Terraine jo net alleguete beienee verkafen, well wann op eng Kéier 100 Leit géife mateneen do bauen, da wier dat net evident. De Ministère hätt gären, datt mer d'Dauer op 5 Joer géifen zerécksetzen. Ech sinn awer der Meenung, datt dat relativ enk gétt, mä si hunn eis an Aussicht gesat, datt mer dann nach eng Kéier kéinte verlängere fir déi Zomm, déi dann nach géif opstoen. Wa mer dovunner ausginn, datt mer a 5 Joer 80 Terraine verkaf hunn an et géif eis nach 1 Millioun feelen, da muss de Gemengerot a 5 Joer decidéieren, ob hien déi 1 Millioun aus senger eegener Trésorie hält oder eng Verlängerung vum Crédit de préfinancement mécht.

Et ass dat d'Liewen net méi einfach gemaach, mä et ass awer net onméiglech, wat d'*Direction des Finances communales* vum Inneministère eis hei freet. Dofir géif ech iech proposéiere fir den Accord ze gi fir déi Modifikatioun ze maachen, wat d'Buchungen ubelaangt. Dat bréngt awer mat sech,

- datt mer elo schonn an de Budget 2013 Recetten drasetzen, déi mer sécher net am Joer 2013 kréien. Well mer verkafen d'Terrainen eréisch, wann d'Infrastrukture fäerdeg sinn;

- datt mer och elo schonn eng Zomm dra setze fir d'Infrastrukturekäschten, déi mer sécherlech och nach net dëst Joer tätegen. Dat eenzegt, wat mer dëst Joer tätegen, ass d'Uschafe vum den Terrainen.

Mir mussen dat dann ëmmer vu Joer zu Joer reportéieren. Mä wann de Ministère dat gären esou hätt, da maache mer dat. Et ass jo u sech nëmmen eng Schreif-Geschicht an da solle mer dat och maache fir datt mer an deem Dossier virukommen an datt mer, wann d'Acté gemaach ginn, de Leit och déi néideg Sue kënnen zoukomme loossen.

Nieft deene Saache proposéiere mer dem Gemengerot, fir och den Délai fir de Préfinancement vun 10 op 5 Joer erfzesetzen, esou wéi de Ministère dat och verlaangt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech wollt froe wéi wäit de Projet elo ass an ob mer duerch déi ganz Prozeduren elo net mam Projet hannendra kommen? Well mir mussen dat jo schonn 2013 an de Budget setzen a mer musse Sue virstrecken. Oder leeft de Projet normal virun?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et sinn 2 Voleten. De Projet leeft virun. Mir sinn elo hei bei den Acten, an haut hu mer elo schonn een Acte duerchgeholl an déi aner sinn an Aarbecht. Déi Acté wäerten dem Gemengerot an der nächster Sëtzung virgeluegt ginn. Duerno ginn déi Acten nach eng Kéier fir Approbatioun an den Inneministère geschéckt an da kommen se erëm zeréck op d'Gemeng. Esou datt ee kann dovunner ausgoen, datt déi éischt Payementer wäerten am November/Dezember 2013 stattfannen.

D'nächst Woch wäerte mer fir d'Ligne de préfinancement Offere bei deene 4 Banken, déi hei an der Gemeng sinn, ufroen. Dann hätte mer och deen néidege Virfinanzéierungskredit opgeholl. Esou datt och d'Suen do sinn, esoubal d'Acten disponibel sinn a mir den Notaire musse bezuelen. Esou datt, wat den Délai ugeet, mir net hannendra kommen an och doduerch sécherlech kee Verloscht ass.

Mer musse jo och nach eng Kéier mam PAP an de Gemengerot kommen. Well bis elo hu mer jo nëmmen eng Ëmklasséierung gemaach. Dir hutt de Schéma directeur gesinn an de PAP muss jo och nach op den Instanzewee goen. An deem Kader hu mer den nächste Méindeg eng Entrevue mam Architektbüro, deen am gaangen ass de PAP ze maachen. Ech ginn dovunner aus, datt dee PAP och am November, oder spéitstens am Dezember, kann an de Gemengerot goen. Mir mussen nach den Avis vun der *Commission d'aménagement* froen. Mä wat d'Ëmklasséierung ubelaangt, esou huet eis d'Commissioun e ganz positive Bilan ausgestallt. Esou datt ech unhuelen, datt och fir de PAP kee gréissere Problem wäert sinn. Mir sinn am Moment amgaange mat der Gestion de l'eau a mam Environnement ze kucken. Et ass och nach e klenge Problem mat de Flanternais, esou wéi et bei eis an der Gemeng de Fall ass op Plazen. Mä déi Problemer, déi do opgedaucht sinn, sinn ze léisen, esou datt mer menger Meenung no esou an der Prozedur virukommen, datt mer am Dezember schonn en éischten Devis fir d'Infrastrukturearbechte kënnen virleeën. A wann alles optimal leeft, da kann d'nächst Joer ëm dës Zäit de Bagger op där Plaz rullen.

Wéi gesot, dat heiten huet elo net onbedéngt en Impakt op d'Prozedur. Well déi Prozedur hätt souwisou nach bis fréistens d'nächst Joer am September gedauert. An dann hätte mer eréisch kéinten ufänke mat schaffen.

Bosseler Camille (CSV):

Ech wollt zu dësem Lotissement eng Bemierkung maachen. Mir hunn eng Aktivitéit an där Géigend an dat ass dee Bauerenhaff. Do hu mer déi eng Sait dovunner eise Fräizäitcenter gesat, ënnendrenner e Lotissement an elo kënnt och nach déi aner Sait e Lotissement bäi. Virum Haus ass d'Schoul, a ronderëm herrscht heiansdo dee rengste Chaos, wann d'Elteren hir Kanner mam Auto an d'Schoul bréngen. De Bauer sëtzt wierklech agëenkt op där Plaz. An et muss doropper opgepasst ginn. Ech wollt dat schonn déi leschte Kéier soen, mä do sinn ech net méi dozou komm.

Well et kann net sinn, dass dee Bauer ganz an d'Enkt gedriwwen gétt. Soss kënnt e jo net méi eraus. Hie muss awer nach kënne mam Fudder a mat de Béischten erakommen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et soll een dat och kucken. Op där aner Sait muss een awer och soen, dass mer déi Terrainen – déi mer elo hei lotisséieren – an den 80er Joeren ofkaaft hu fir spéider den Ausbau vum Lotissement "Grousswiss" ze erméiglechen. Dat, wat mer elo hei maachen, ass engersäits fir deene jonke Leit eng Méiglechkeet ze gi fir Wunnengen zu abordabele Präisser ze kréien. Et ass dat um nationale Plang eng Politik, déi mer muss maachen. Well bei deene Präisser, déi de Moment um Maart gefrot ginn, ass et fir ee Jonke quasi onméiglech fir sech en Haus ze bauen.

Dat ass deen ee Volet, dee mer assuréieren. Op der aner Sait maache mer eigentlech näischt aneres, wéi dat ëmzesetzen, wat de Gemengerot an den 80er Joeren décidéiert huet beim Kaf vun den Terrainen. Dat heescht, mir realiséieren u sech eppes, wat mer eigentlech schonn am PAG esou virgesinn hunn.

Ech ginn lech Recht, dass de Bauer sech och muss kënne entfalen a weider schaffen. Mä ech mengen, dass dat awer assuréiert ass. Well mir hu mam Bauer geschwat fir kënne e Stéck Terrain vun him ze kréien, an hien huet gesot, dass hien dat fir säi Betrib brauch. Dat hu mer och akzeptéiert. An doropshi si mer higaangen a mer hunn dat Lotissement e bësse méi kleng gemaach.

Bosseler Camille (CSV):

Et ass just, dass et dee ganze Betrib do anenkt. Ech hätt léiwer gesinn, wann et uewenaus bei d'Tételbiergstrooss gaange wier. Do sinn nach eng etlech Parzellen. Dat selwecht géllt och fir bei "Schickes", dee ganzen Areal, wou elo en Appartementshaus gebaut ginn ass a wou déi eenzeg Entrée a Sortie war fir hannert déi Haiser ze kommen. Dat ass beim Haus "Robert". Do war déi eenzeg Ouverture. An do hunn d'Baueren et och scho schwéier fir eraus- an eranzekommen. Do wier eng Méiglechkeet gewiescht an e Lotissement hätt schéin do geleeën.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et muss ee wëssen, dass laut PAG déi Zon do Gréngzon ass. Dat heescht, et misst een emol fir d'éischt eng Ëmklasséierung maachen. A bei deem Lotissement, wat mer elo hei wëlle maachen, war dat schonn am PAG festgeluegt fir kënne eng Extensiou vun engem Lotissement ze maachen.

Wann een e Lotissement wéilt dohinner maachen, wou Dir elo sot, da geet et schonn emol domatter un, dass eis déi Terrainen net gehéieren. Dobäi kënnt och nach, dass et eng Gréngzon ass an doduerch ass d'Prozedur wesentlech méi schwierig fir kënne op där Plaz ze bauen. Dofir si mer der Meinung, dass mer fir d'éischt emol sollen déi Terrainen notzen, déi schonn am Perimeter leien an ausgewise si fir kënne e Lotissement ze bauen. Och wann ee muss

akzeptéieren, dass dee Bauer duerch dat neit Lotissement méi agëenkt ass. Mä et ass awer net esou, dass et eng onméiglech Situatioun fir hien a säi Betrib wier. An hien huet och – bei engem längere Gespréich, dat mer mat him haten – näischt an deem Sënn zu eis gesot.

Bosseler Camille (CSV):

Et ass just, wann iergendeppes am Fräizäitcenter ass, da stinn d'Autoen do an hie kënnt net op säin Terrain.

Gira Carlo (CSV):

Mir schwätzen eigentlech hei iwwer eng Formsach an awer muss ee sech d'Fro stellen iwwer d'Autonomie communale. Mir kréien hei virgeschriwwen, wéi séier mer mussen Terrainen verkafen. Den Här Buergermeeschter huet mat Recht gesot, dass mer am optimale Fall an engem Joer kënne mat den Aarbechten ufänken. An déi 3 Joer, déi dann nach bleiwe fir op esou engem groussen Areal Terrainen ze verkafen, si relativ knapps. Esou dass mer mussen domatter rechne fir nach eng Kéier domatter an de Gemengerot zeréckzekommen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wa mer am Oktober 2013, also no deene 5 Joer, nach net alles verkaf hunn, da feelt eis eng gewëssen Zomm, déi mer iwwer e Préfinanzement finanziert hunn. An da muss mer am Gemengerot driwwer befannen, ob mer nach eng nei Ligne de préfinancement sollen ophuelen oder ob mer d'Suen aus eiser eegener Trésorie virstrecken. Ech sinn awer der Meinung dass eng 75% vun deenen Terrainen bis dohinner kënne veräussert sinn a mer déi Sue bis dohinner schonn hunn. Et kéint also duergoen, mä mat Sécherheet weess een dat natierlech nach net.

Wat d'Autonomie communale ugeet, esou sinn ech mat lech averstanen. Well et war schonn eng Interventioun vun eisem Sekretariat néideg fir dass den Dossier iwwerhaupt erëmkomm ass. Op eis Nofro hu se dunn e Problem domatter gehat an dee Problem ass och elo geléist ginn. Et gehäit eis am Projet wuel net hannendran, mä et muss ee sech awer heiansdo Froe stellen. Mir sinn eis elo eens ginn an et sollt een dat Positiivt erausschloen. Mir kruten och versprach, dass mer direkt d'Approbatiou kréien, esoubal mer hei am Gemengerot ofgestëmmt hunn. An dann hu mer déi néideg Konditiounen fir de Préfinanzement kënne opzehuelen.

Bouché Jean-Claude (DP):

Ech wollt dem Här Bosseler nach äntweren. Hien huet wuel Recht mam Fräizäitcenter a mat der Schoul. Mä hei geet et jo ëm d'Lotissement an do huet de Bauer am Fong geholl kee Problem domatter. Et wunne wuel net gäre Leit nieft engem Bauer, an dofir wollt ech froen, ob et garantéiert ass, dass et eng Zone rurale bleift? Dat ass d'Suerg, déi och de Bauer huet. Mam Lotissement selwer huet hie kee Problem. Hie fäert, dass d'Leit dohinner wunne ginn an dass duerno de Bauer stéiert.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass esou, dass déi Zon als "zone rurale" am neie PAG ausgewisen ass. Dat heescht, wat den Terrain ubelaangt, ass dat an der Rei.

Op der aner Sait wäerte mer och – an dat wäert Dir gesi wa mer de PAG virstellen – versichen, fir eng Zort "écran de verdure" ze maachen. Domatter géife mer de Bauerenhaff e wéineg vun deem Lotissement ofschiemen.

Dat eenzegt wat elo schonn ass – an dat schonn ier dat neit Lotissement gebaut ass -, dat ass, dass sech verschidde Leit iwwer de Geroch beschwéieren, deen heiansdo aus dem Baubetrieb erauskënnt. An do stellt sech d'Fro, op

d'Commodo-Prozedur, déi virläit, och zu 100 Prozent respektéiert gëtt. An dat wollte mer och am Kader vun deem Projet diskutéieren. Well och elo scho reklaméiere Leit vun Zäit zu Zäit bei eis wéinst deem Geruch, deen aus dem Schwéngsstell kënn, an dee vläicht och net ëmmer esou gefiltert ass wéi et laut Commodo-Prozedur miisst sinn.

Mir hunn déi Commodo-Prozedur nach eng Kéier gekuckt an decidéiert, fir zesumme mam Bauer ze kucke wéi dee Problem ka geléist ginn. Mä kloer ass, dass et e Bauerenhaff bleift an et bleift och esou am PAG ausgewisen. An et bestinn och keng Bestriewunge vun der Gemeng, fir dee Bauerenhaff aus dem Zentrum vun der Uertschaft erauszehuelen. Och net, wann dat Lotissement do ass.

Accord à l'unanimité.

8.

Prévisions sociales.

Règlement général des tarifs – adaptation des tarifs pour le transport en ambulance – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, dass eise Centre d'intervention hei zu Péteng op der Léngerstrooss ganz gutt fonctionnéiert. Laut der Circulaire 3079 vum Inneministère, déi op de 26. Juni 2013 datéiert ass, solle mer d'Tariffer fir en Transport an enger Ambulanz adaptéieren an esou der Evolutioun vun de Käschte Rechnung ze droen. Et muss een och soen, dass d'Tariffer zanter Joeren, wann net esouguer zanter Jorzéngten, net geännert hunn, esou dass mer als Schäfferot der Meenung sinn, fir dem Wonsch vun Inneminister nozekommen. Aner Gemenge si schonn op dee Wee gaangen a mir sollten eis Tariffer dann och upassen. Déi nei Tariffer wieren dann esou:

<i>Forfait pour une personne transportée, y compris les taxes de nettoyage et de désinfection:</i>	40,00 €
<i>Tarif kilométrique uniforme:</i>	1,12 €/km

Accord à l'unanimité.

9.

Sports et loisirs.

Dénomination du Centre sportif de Pétange – décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

Well dee Pétenger Sportszentrum nach keen Numm hat, wollte mer dat nohuelen. Mir wollten dem Sportszentrum den Numm "Bim Diederich" ginn, op Grond vun deene Leeschtungen, déi hie fir de Lëtzebuenger Sport am Generellen a fir de Vëlosport am Besonnesche gemaach huet. Mir wësse jo alleguerten, watfir Nimm de Bim hat, wéi zum Beispill "Duc de Grammont". De Bim huet och 3 Etappen am Tour de France gewonnen an huet de Maillot jaune op senge Schëllere gedroen.

Dofir proposéiere mer dem Gemengerot, fir de Pétenger Sportszentrum "Centre sportif Bim Diederich" ze nennen.

Becker Romain (déi gréng):

Kënn dem Bim Diederich seng Vëlosausstellung och elo an de Centre sportif?

Linden Jeannot, Schäffen:

Jo, déi schéinste Saache vun him ginn och am Sportszentrum ausgestallt. Et gëtt och eng Installatioun gemaach fir

de Leit och dem Bim säi Liewen duerzestellen. Esou sollen och interaktiv Saiten dohinner kommen, op deenen ee sech ka verschidden Themen eraussichen a sech zum Beispill eng vum Bim sengen Etappë kann ukucken.

Becker Romain (déi gréng):

Ass dat awer net e bësse wäit gegruff an e bësse vill?

Linden Jeannot, Schäffen:

Et ass virgesinn, dass d'Kanner kënnen dohinner kommen a sech déi Saach och kënnen ukucken.

Becker Romain (déi gréng):

De Bim Diederich huet jo och enorm vill Saache gesammelt gehat. Géifen déi Saachen dann och dohinner kommen?

Linden Jeannot, Schäffen:

Neen, déi Saache leien um Sportsministère.

Breyer Roland, Schäffen:

Dem Bim seng ganz Kollektioun ass bei de Sportsministère eriwergaangen. De *Service des sports* um Fetschenhaff geréiert géi ganz Saachen. Dem Bim säi ganz Material gouf do archivéiert a mir kréie verschidde Saachen.

Am Budget hate mer schonn 100.000 Euro virgesi fir eng Zort "Galerie Bim Diederich" ze aménagéieren. Et war jo virdu schonn eng Wand do, vun där deelweis d'Material ka profitéiert ginn. Donieft sollen dann och nach interaktiv Elementer dobäi kommen, wou mer am gaange sinn dee Film ze sichen, wou de Bim de "Grammont" gewonnen huet. Alles wat um Sportsministère archivéiert ass, kënn an elektronischer Form heihinner. An déi 100.000 Euro gi profitéiert fir en interaktive Souvenir un de Bim ze maachen.

Et ass awer esou, dass déi Wand beweglech ass an u sech am Foyer vun der neier Buvette kann opgestallt ginn. A jee no Bedarf ka se hin an hier geréckelt ginn. Mir rechnen domatter, dass mer déi Galerie nach dëst Joer kënnen fäerdeg stellen.

Becker Romain (déi gréng):

Merci fir déi Äntwerten. Ech fannen et natierlech gutt, wa Leit aus der Gemeng géiert ginn an deem Sënn, dass Gebailechkeeten no hinne benannt ginn. Et ass dat eng Saach, déi ee soll weiderféieren an oprecht erhalen.

Ech hätt awer nach eng Suggestioun un de Schäfferot ze maachen. Haut virun enger Woch hu mer den Här Jean Stracks begrüewen an ech géif dem Schäfferot un d'Häerz leeë fir eise Centre d'intervention vläicht am Kader vum Gebuertsdag vun de Pompjeeën an den "Centre d'intervention Jean Stracks" ëmzebennen. Wier dat keng Iddi?

Breyer Roland, Schäffen:

Och doriwwer kann een an der Mémoire collective nodenken. Mir müssen awer natierlech och mat hinne schwätzen. Mä de Gedankenustouss kann een hinnen awer mat op de Wee ginn. Well de Jean Stracks huet sécherlech op deem Gebitt ganz vill Mériten an ech huelen net un, dass ee sech dorunner wäert stéieren. Mä et muss een awer och wëssen, dass mer elo nëmmen nach ee Pompjescorps an der Gemeng hunn an et waren eng Rei "Commandants honoraires" do, déi sécherlech och vill Mériten hunn. An ech ka mer verschidde Sensibilitéite virstellen, esoubaal een ufänkt ze diskutéieren.

Bouché Jean-Claude (DP):

Ech fannen et och gutt, dass e Sportler wéi de Bim géiert gëtt. Ech hätt awer just eng kleng Remarque ze maachen. Hätt een dat net kënnen e bëssen éischer zum Vote huelen?

Well de Schäfferot huet sech am Fong geholl schonn engagéiert. Dat do ass scho bekannt an et si scho Saache kaaft ginn. Ech huelen och net un, datt haut ee géint den Numm vum Sportszentrum stëmmt. Mä stellt lech emol vir, mir hunn eis engagéiert an da kéim keng Majoritéit zesummen.

Breyer Roland, Schäffen:

Déi Iddi war scho beim Vote vum Budget am Dezember 2012 opkomm. Mir haten ëmmer gesot, datt dem Bim seng "Mémoire" hei versuergt géif ginn. Et kann een awer net schonn zu senge Liefzäiten e Monument schafen. De Bim ass awer du leider vun eis gaangen an du hate mer schonn hei am Gemengerot déi Prinzipiendécisioun geholl fir op dëser Plaz e "Musée Bim Diederich" ze maachen an de Centre och esou ze nennen.

Bouché Jean-Claude (DP):

Du war ech nach net Member vum Gemengerot. Da musst der mech entschëllegen.

Polfer John (CSV):

Ech fannen et super, datt mer de Bim hei éieren andeem mer dem Centre sportif den Numm "Bim Diederich" ginn. Zu Rodange hu mer och nach e Centre sportif, deen nach keen Numm huet. Mir hunn nach e grouse Sportler an deem Eck gehat, deen och vill Tour de France gefuer ass an en Tour de Luxembourg gewonnen huet. Hätte mer net och haut kéinten deen Numm un déi Rodanger Sportshal ginn?

Breyer Roland, Schäffen:

Et war och doriwwer nogeduecht ginn. Mä et soll ee sech emol ë bëssen Zäit ginn. Hei zu Péteng huet et sech dorauer erginn, datt mer am Budget eng "Mémoire" fir de Bim virgesinn haten. Déi selwecht Donnéeën hu mer net fir de Marcel Ernzer, fir hien elo mam Numm ze nennen. Et muss ee sech och emol Zäit huele fir dat mat der Sportskommissioun ze diskutéieren an ze kucken, ob hie wierklech dee markanteste Sportler zu Rodange war. Et sinn och nach aner Sportarten do. An dofir sollt ee sech Zäit huelen ier een eng Décisioun hélt. Et ass awer net ausgeschloss, datt mer fir déi Rodanger Sportshal eng Proposition an absehbarer Zäit maachen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech wollt kuerz op dem Här Polfer seng Interventioun zeréckkommen. Et ass effektiv esou, datt an der Uertschaft Rodange de Choix net esou grouss ass. Rodange ass zanter Jorzéngte geprägt gi vum Fussball. An et miisst ee vläicht an deem Beräich en Numm fir déi Rodanger Sportshal sichen. Mä et ass scho richteg, datt een d'Sportskommissioun sollt domatter befaassen.

Accord à l'unanimité.

10.

Ordre public et sécurité.

Nouveau contrat de location et de maintenance pour le remplacement des ordinateurs portables des agents municipaux – approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Zanter 2005 hu mer e Kontrakt mat enger däitscher Firma fir portabel Computere fir eis "Agents municipaux". Dat sinn Apparater, déi am ganze Land solle genotzt ginn an déi och mat de Police-Computeren iwwerenee stëmmen. Mir hunn eng Conventioun, déi all Joer muss erneiert ginn. Mir hunn

am Budget 6.500 Euro virgesi fir déi Apparater erëm eng Kéier kënnen ze lounen an d'Gestioun dovunner ze maachen.

Dir gesitt och aus den Ënnerlagen eraus, datt 4 Apparater gelount ginn, och wa mer nëmmen 3 Pecherten hunn. Dat ass, fir datt mer en Apparat an der Réserve hu fir de Fall, wou ee géif ausfalen oder an der Hoffnung, datt mer eng Kéier e véierten Agent géife kréien.

Approbation à l'unanimité.

11.1.

Urbanisation.

Convention avec la société Agilis sàrl pour la répartition des frais d'infrastructures dans le cadre du « PAP-Centre de Rodange » - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu engem Punkt, deen eng gewësse Wichtigkeet huet, well et jo geschwënn am Zentrum vu Rodange lass geet mat den Ëmbauten. Dir wësst, datt mer fir dat aalt Haus Trombini an déi ganz Rei an der rue du Commerce de PAP an de Remembrement schonn hei am Gemengerot op der Dagesuerdnung haten. Et geet elo drëm fir mam Promoteur nach eng Conventioun ze maachen, an där festgehale gëtt, wat virfinanzéiert gëtt. Dat heescht, op der enger Säit, wat de Promoteur eis muss zeréckbezuelen, well hie muss eng Participatioun bezuelen, wat de PAP ubelaangt. Wat déi ganz Prozeduren ubelaangt, muss hien eis als Promoteur zeréckbezuelen. Op mannst emol deen Undeel, deen hie concernéiert. Dat ass vun engem Bureau d'études a prorata ausgerechent ginn, wat un hien a wat un eis fält.

Mir iwwerhuelen als Pétenger Gemeng eis Deel. Et ass dat deen Deel vum PAP, dee mir och behalen, respektiv och déi zwou Parzellen, déi fir de Moment nach net ëmgemat ginn an nach net realiséiert ginn. Et sinn dat 2 Haiser, déi nach stoe bleiwen. Déi iwwerhuele mir als Gemeng. A mir wäerten dann, wann eng Kéier deen Deel do realiséiert gëtt, déi néideg Remboursementer un déi Leit afuerderen. Wougéint de Promoteur just säin Deel finanzéiert. Et gëtt och definéiert, watfir Saachen hie muss maachen, watfir Trottoiren hie muss maachen, watfir Uschlëss hie muss maachen a watfir Deeler mussen iwwerholl ginn. Op der aner Säit kafe mir och nach 7 Emplacementer am Mir iwwerhuelen als Pétenger Gemeng eis Deel. Et ass dat deen Deel vum PAP, dee mir och behalen, respektiv och déi zwou Parzellen, déi fir de Moment nach net ëmgemat ginn an nach net realiséiert ginn. Et sinn dat 2 Haiser, déi nach stoe bleiwen. Déi iwwerhuele mir als Gemeng. A mir wäerten dann, wann eng Kéier deen Deel do realiséiert gëtt, déi néideg Remboursementer un déi Leit afuerderen. Wougéint de Promoteur just säin Deel finanzéiert. Et gëtt och definéiert, watfir Saachen hie muss maachen, watfir Trottoiren hie muss maachen, watfir Uschlëss hie muss maachen a watfir Deeler mussen iwwerholl ginn. Op der aner Säit kafe mir och nach 7 Emplacementer am ënnerierdeschen Parking vun deem Lotissement, fir dat Gebai, wat mer wëllen hannendrun opbauen a wou mer d'Pläng fir déi nei Maison Relais och geschwënn eng Kéier wäerte mat an de Gemengerot bréngen.

All déi Saache sinn an där Conventioun tëscht der Sociéitéit Agilis an der Gemeng verankert.

Am Punkt 11.2. vun der Dagesuerdnung vun haut hu mer och nach eng "convention de remembrement" am Kader vun deem PAP zur Ofstëmmung virleien. Och dat hate mer schonn am Kader vum PAP laang a breet hei am Gemengerot diskutéiert.

Dat hei ass just nach déi juristesch, respektiv déi formal Ofsécherung vun der Suite, déi dee Projet hei elo kritt. An ech ginn dovunner aus, datt an 3 bis 4 Méint dann endlech op deem Site geschafft wäert ginn.

Approbation par 12 voix (CSV, LSAP) et 3 abstentions (déi gréng, DP).

11.2.

Urbanisation.

Convention de remembrement dans le cadre du « PAP-Centre de Rodange » - approbation.

Approbation par 12 voix (CSV, LSAP) et 3 abstentions (déi gréng, DP).

12.

Culture.

Projet remanié concernant la revalorisation de la « Maison Rouge » à Pétange – approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Den 13. Juli 2009 hate mer schonn dee ganze Projet um Site vun der aler Millen hei am Gemengerot virgestallt a guttgeheescht. Den éischten Deel vun deem Projet war d'Restauratioun vun der Millen. Den zweeten Deel betrëfft d'Maison Rouge an de Paravent, deen d'Ofschiermung zum Contournement soll garantéieren an eng Verbindung tëscht deenen 2 Haiser soll sinn.

Dat Ganzt war och esou vu "Sites et Monuments" ofgeseent ginn an et gouf drop bestanen, datt d'Maison Rouge als Bestanddeel vun deem Site Wax miisst erhale bleiwen. Mir haten ufanks dat net esou an deem Sënn gesinn. Mä si hunn et awer esou gesinn an et gouf och deemools esou am Architektoconcours festgehalen. Mir hunn och schonn deelweis Subventiounen vum Ministère kritt fir déi Maison Rouge mat an d'Restauratioun eranzehuelen.

Mir géifen dann elo d'Restauratioun vun deem Gebai an Ugrëff huelen. Ech mengen et waren och d'Kollege vun der LSAP, déi deemools der Meenung waren, datt sollt e Lift an dat Haus drakommen. Mir hunn där Revendicatioun Rechnung gedroen, well mer och Wëlles hunn, fir an deem Deel ënner dem Daach eng Erënnerung un deen éischten amerikaneschen Zaldot, deen hei zu Péteng gefall ass, ze aménagéieren. Dofir wier et och gutt, wann e Lift do wier, fir datt d'Leit och bis ënner den Daach kënnen kommen.

Um Rez-de-chaussée sollen 2 Büroen entstoe mat deenen néidege Sanitäranlagen. An deene Büroen soll en Accueil touristique et culturel ënnerbruecht ginn. Um 1. Stack soll e Versammlungsraum entstoe fir d'Konschtmillen asbl, déi fir de Moment schonn an der Millen Aktivitéiten développéiert. Eventuell kënnen och nach d'Dréier vum Tourismus dohinner kommen, well mer och an 3 bis 4 Joer um touristesche Plang wëlles hu méi grouss ze gi wéi dat de Moment de Fall ass. An um ieweschte Stack wier dann eng Zort Glas-Lift, deen ënner dem Daach géif erauskommen an deen den Accès an den Espace Musée géif erméiglechen.

Deen Daach soll och an der Silosform konzipiéiert ginn an esou e markant Zeechen an der Entrée vu Péteng duerstellen. Déi Kuppel soll dann och beliicht ginn, esou datt ee scho vu wäitem gesäit, dass et do eppes ze kucke gëtt. An dee ganze Paravent soll esou strukturéiert ginn, datt en iwwerdeckt ass. Et ass e Paravent vun enger Längt vu 54 Meter an deen no hannen hinner – a Richtung Terrasse vun

der Brasserie – e klengen Iwwerdaach kritt, esou datt och kleng kënschtleresch Méiglechkeeten do kënnen am Summer ugebuede ginn. No hannen hinner soll dann och e Lokal hikommen, wou een dee ganzen Terrassemiwwel kéint ënnerbréngen.

2009 hate mer fir dee ganze Projet 2.522.750 Euro virgesinn. De Lift alleng kascht schonn zousätzlech 100.000 Euro, ouni déi noutwenneg Ëmännerungen, déi am Haus musse virgeholl ginn. Mir hunn den Devis elo esou kompriméiert, datt mer e schlussendlech nëmme mat 120.000 Euro méi belaauchten. Dat heescht, mir géifen op 2.632.000 Euro fir dee ganze Projet kommen. An deem Devis wier och de Virhaff dobäi, deen awer an enger méi einfacher Form géif aménagéiert ginn. Ganz am Ufank hate mer dru geduecht, fir dat e bësse méi nobel ze gestallten. Well mer awer net wëssen, wéi dee ganze Site evoluéiert – well et ass jo nach en Haus do, wat eis awer net gehéiert – wollte mer deen Haff normal gestallten.

Wann de Gemengerot mat deem Zousazkredit vun 120.000 Euro averstane wier, da kéinte mer d'nächst Joer direkt mat den Aarbechte vun der leschter Etapp vun deem Site lassfueren.

Scheuer Romain (déi gréng):

Gëtt den Daach wéinst dem Lift esou héich an d'Luucht gezunn?

Breyer Roland, Schäffen:

De Lift kënn jo am Gespär eraus. Mir hätten en och kéinte baussen ubréngen, mä dat wier net schéi gewiescht. Den Daach gëtt scho méi héich gezunn, mä e sollt awer scho vun Ufank un d'Form vun engem Silo hunn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wat de ganze Site elo betrëfft, esou fält op, datt an der Ëmgéigend keng Parkplaze sinn. Well wann ee momentan an där Géigend wëll parken oder an de Restaurant wëll goen, dann herrscht all Dag Chaos an deem Eck. Mir haten dee Problem schonn eng Kéier hei am Gemengerot ugeschwat. Mä et stinn nach ëmmer déi Camione laanscht d'Athuser Strooss, well d'Chauffere bis eriwuer an de Café ginn. Et war hei am Gemengerot gesot ginn, datt no enger Léisung fir dee Problem géif gesicht ginn an datt dee Site e bësse ofgeséichert géif ginn.

Um Parking vum "WAX" selwer kéint ee vläicht drun denke fir eng Behënnerteparkplaz anzezeechnen. Well esou eng Plaz ass de Moment net do an déi Leit, déi net esou mobil sinn, hu keng Méiglechkeet fir nobäi ze parken. Dee Parking ass komplett zougesat, alleng schonn duerch déi Leit déi do schaffen, an et soll een déi Leit opfuerderen, datt se sech op dee Parking an der Lénger Strooss stelle ginn.

Och géife vläicht méi Leit an de "WAX" kommen, wa se géifen drop higewise ginn, datt Parkplazen do sinn. Oder ass de Problem, zum Beispill mat der Barrière, nach net geléist?

Breyer Roland, Schäffen:

De Problem ass an der Léisung. Viru ronn 14 Deeg hate mer mat deene Responsabele vun "Ponts et Chaussées" e Rendez-vous op der Plaz fir dee ganze Balisage ze maachen. Deen hu mer elo autoriséiert kritt a mir kënnen elo emol de Parking "WAX" op der Lénger Strooss unzeechnen. Dat war eis bis elo net erlaabt. Dat ass emol déi éischt gutt Nouvelle.

De Parking, deen um Site vum "WAX" selwer ass – déi 6 Parkplazen – ginn aneschtens gezeechent. Do soll och eng Behënnerteparkplaz hikommen. Et gëtt och eng Zort "Kiss

and Go"-Parkplaz gemaach, esou datt ee säi Partner – wann et sollt reenen – do kann erausloossen an da weider op de Parking ka fueren. An dee Parking écologique, dee mer op der Lénger Strooss hunn, ass jo mat enger Barrière ausgestatt. Well mer awer gemierkt hunn, datt de Parking net genuch genotzt gëtt, wëlle mer d'Barrière emol einfach opstoe loossen. Vläch hu mer da méi Succès mam Parking. Wann de Parking awer sollt iwwerlaf ginn, da kënne mer en ëmmer nach reglementéieren an der Zäit oder d'Barrière och erëm erofmaachen.

Ech sinn iwwerzeegt, wann de Parking elo emol bis ugewise gëtt, datt dësen dann och méi profitéiert gëtt.

Mir huelen eis dann och deene wëlle Parkerten un, déi bei der Këscht vun der Cegedel oder bei der Bréifkëscht stinn. Et ass dat en Terrain, deen dem Stat gehéiert. Déi Bande vir erlaanscht gehéiert dem Stat a mir sinn am gaangen do kloer Verhältnissen ze schafen. Mir hunn dat och mat de "Ponts et Chaussées" diskutéiert. Wann et net aneschters geet an et ännert sech näischt un der Situatioun, da setze mer Polleren dohinner, esou datt een net méi do ka parken an den Eck méi ofgesécht gëtt.

Mir sinn nach am gaangen ze kucken, op net nach niewendrun oder hannendrun eng Méiglechkeet besteet fir zousätzleche Parkraum um Site selwer kënnen ze kréien. Do lafen nach ëmmer Gesprécher. A wa mer eng Léisung ugebuede kréien, déi präiswäert an ze veräntweren ass fir d'Gemeng, da komme mer domatter zeréck an de Gemengerot. Mä de Moment sinn awer verschidde Mesurë geholl, déi den nächste Mount hir Friichte wäerten droen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech liesen hei an der Délibératioun, datt "les dépenses relatives aux aménagements extérieurs déjà réalisés" sech op 521.422 Euro belafen. Wat ass do genee gemaach ginn?

Breyer Roland, Schäffen:

Et sinn dat "aménagements extérieurs" vun der Mille selwer, an dat esougutt no hanne wéi och no vir. Et ass jo eng Beliichtung gemaach ginn, et gouf Pavé verluegt, et si Polleren dohinnerkomm, an esou weider. Et ass dat, wat elo scho gemaach ass. Elo kënn nach dee klenge Virhaff virun der Dier dobäi. Dee gëtt nach propper gemaach, well dat, wat de Moment do ass, ass jo nëmme provisoresch. Mä datt schléit awer net méi vill an d'Geld.

Brecht Guy (LSAP):

Dat ass alles a Besuch op d'Maison Rouge?

Breyer Roland, Schäffen:

Dat ass esou. Et waren 3 Etappe virgesinn. Et war d'Maison Rouge, et war den "aménagement extérieur" generell an et war d'Millen.

Gira Carlo (CSV):

Ech hunn eigentlech scho vun Ufank un e bëssen e Verständnisfeeler. Wann ee seet, et muss een en Haus erhalen, da soll een et erhalen. Ech kann awer och domatter liewen, datt deen Daach elo an d'Luucht gehewe gëtt, well dëst soll e Besuch zu engem Triichter sinn, dee bannen an der Mille war. Wa mer awer wierklech uewenop an deem Haus eppes wëllen aménagéiere fir d'Leit, da komme mer och net derlaanscht fir e Lift ze maachen. An do kann ech dem Schafferot nëmmen zoustëmmen, datt dëst dee richtege Wee ass fir dat ze realiséieren. Well soss miisst een d'Pläng eigentlech emänneren an de Musée dann op de Rez-de-chaussée maachen.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech muss awer zum Daach soen, datt déi Triichterform schonn esou am Architektoconcours dra war.

Gira Carlo (CSV):

Dat weess ech. Déi Meenung vertrieeden ech scho vun Ufank un. Déi ass net elo eréischt mam Installéiere vum Lift komm.

Zum Thema Parking sief och gesot, datt mer eis näischt brauche virzemaachen. Déi Parkingen, déi am nootste bäi sinn – legitiméiert oder net – gi benotzt. A wa mer gären hätten, datt nëmme déi benotzt ginn, déi autoriséiert sinn, da musse mer kucken, datt Kontrolle gemaach ginn.

Breyer Roland, Schäffen:

D'Mentalitéit vun de Leit muss wierklech änneren. Dat gesi mer och ronderëm d'Schoulen. Am léifste wéilten d'Eltere mat hire Kanner an de Kllassesall erafueren. Leider ass dat esou.

Becker Romain (déi gréng):

Ech hunn e ganz schlecht Gefill mat där dote Geschicht, well mer d'Mille selwer esou schéin an d'Rei gesat hunn. A wann dat doten Haus dann elo esou héich gezu gëtt, da fäerten ech, datt d'Millen – als Gebai – enorm u Schäi verléiert. Well dat Allerwichtigst um ganze Site ass d'Gebai vun der Millen.

Ass och schonn eng Léisung fonnt gi fir dat anert Haus, dat och nach op deem Site steet?

Breyer Roland, Schäffen:

Do ass nach keng Léisung fonnt ginn. Et gehéiert nach engem Propriétaire, dee mer kennen. Mir hunn awer eng Aktioun ënnerholl, fir nach eng Kéier mat him an d'Gespréich ze kommen. Mir leien awer wäit auserneen, fir net ze soen ëmmer méi. Well et huet een d'Gefill, datt wann een erëm ufänkt driwwer ze schwätzen, datt dann de Präis erëm an d'Luucht geet.

Mir sinn awer och am gaange mat deene Propriétaire ronderëm ze schwätzen an et muss ee kucken, wéi do d'Evolutioun ass. Bei deem Haus, wat nach op deem Site steet, ass ze fäerten, datt de Propriétaire dat Haus net wëll éiweg eidel stoe loossen, an datt hien et op eemol verlout oder verkeeft. An dann hu mer e méi grouse Problem, well mer do net alles kënne kontrolléieren. Wann hie wëll ausbauen, da kënne mer soen, datt dat net dem Baureglement géif entsprechen. Mä wann awer elo eng gréisser Famill doranner géif wunne kommen, da kann et sinn, datt mer méi schlecht dru sinn.

Becker Romain (déi gréng):

Jo, well dat Haus ass dee wonne Punkt op deem Site, an dat scho säitdem mer wëlles hu fir d'Millen ze revaloriséieren. Well mir kënne kengem verbidde fir dohinner wunnen ze goen, wann de Propriétaire säin Haus verlout.

Breyer Roland, Schäffen:

D'Schmierzengrenz ass awer och fir d'Gemeng net onendlech héich. Fir en Haus ze kafen an et duerno ewechzerappen, kann eng Gemeng och net all Präis bezuelen.

Becker Romain (déi gréng):

Dat ass ganz richteg.

Eng aner Saach nach. Dir hat virun ugeschwat, fir dat wëld Parken op der Athuser Strooss laanscht den Trottoire mat Polleren ze ënnerbannen. Domatter géife mer de Site awer

nach méi verschampeléieren. Wann een do awer d'Méiglecheek hätt fir énnen um Dréipunkt, do wou den Trottoire e wéineg méi breet ass, eng Plack ewech ze huelen an eng kleng Heck ze setzen, da wier dat awer méi schéi wéi wann een där Pollere géif dohinner setzen.

Dann ass och ugeschwat ginn, datt nach ëmmer op mannst eng Parkplaz fir Behënnerter géif feelen. Dat ass awer eis verdammte Pflicht fir esou eng Plaz ze aménagéieren, well mer jo awer d'Conventioun ënnerschriwwen hunn an do dra steet, datt bei all ëffentlech Gebai eng bestëmmten Zuel vun Handikapéierteparkplaze musse gezeechent sinn. Et ass och ganz richtig, datt esou eng Plaz beim "WAX" feelt an datt déi puer Plazen, déi do sinn, stänneg vum Personal vum "WAX" besat sinn. Esou datt manner mobil Leit absolut keng Chance hu fir do an der Géigend ze parken.

Déi Saach mam Lift fannen ech och normal. Wa mer en ëffentlech Gebai hunn, da solle mer dat och zougängelech maache fir all Mënsch. Dat hu mer och an där selwechter Conventioun ënnerschriwwen. Déi Leit 'à mobilité réduite' sollen an d'Haus, respektiv op all Stack vun deem Haus, kënnen kommen.

Déi Saache kann een absolut begréissen. Ech hu just meng Bedenke mat der Maison Rouge. A mengen Ae war dat e vergëfte Cadeau vun Ufank un. Wann dat Haus net do gewiescht wier, da wier et nach besser gewiescht.

Breyer Roland, Schäffen:

Ech ginn lech Recht. Dat Haus ass en Deel vum Projet an *Sites et Monuments* hunn drop bestanen, datt dat Haus miisst erhale bleiwen, well et eng gewuesse Substanz war. Mir hätten och kënnen domatter liewen, wa mer et net gehat hätten.

Approbation à l'unanimité. M. Mertzig, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.1.

Infrastructure routière et voirie.

Décompte relatif au redressement de la rue Neuve à Pétange – approbation.

<i>Total du devis approuvé:</i>	645.000,00 €
<i>Total du crédit approuvé:</i>	676.790,16 €
<i>Total de la dépense effective:</i>	627.967,94 €

Approbation à l'unanimité. M. Mertzig, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.2.

Infrastructure routière et voirie.

Décompte relatif à la télésurveillance des réservoirs d'eau des trois sections de la commune – approbation.

<i>Total du devis approuvé:</i>	160.000,00 €
<i>Total du crédit approuvé:</i>	163.936,48 €
<i>Total de la dépense effective:</i>	162.752,90 €

Breyer Roland, Schäffen:

Bei dësen Aarbechten hu mer e bësse méi Sue gebraucht, well mer motoriséiert Vannë gemaach hunn an en anere Logiciel gebraucht hunn.

Approbation à l'unanimité. M. Mertzig, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.3.

Infrastructure routière et voirie.

Décompte relatif au renouvellement partiel de l'éclairage public dans le lotissement « An den Jenken » à Pétange (phase 1) – approbation.

<i>Total du devis approuvé:</i>	100.000,00 €
<i>Total du crédit approuvé:</i>	100.000,00 €
<i>Total de la dépense effective:</i>	99.886,13 €

Breyer Roland, Schäffen:

Well mer festgestallt haten, datt d'Belichtung an de Jenken ganz schlecht war, hu mer an enger éischer Phas d'ëffentlech Belichtung deelweis erneiert.

Approbation à l'unanimité. M. Mertzig, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.4.

Infrastructures routières et voirie.

Décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire relatif au renouvellement partiel de l'éclairage public dans le lotissement « An den Jenken » à Pétange (phase 2) – approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Da komme mer zum 2. Deel an den Jenken. Dee gesäit net esou gutt aus. Am Laf vun den Aarbechten hu mer festgestallt, datt mer méi Grief ze maachen haten an datt d'Infrastrukturen, déi am Trottoire louchen, méi schlecht ware wéi ueholl. Do ware praktesch keng Gainen do an de Kabel war praktesch verfault. Et huet miissten en Deel vun den Trottoiren nei gemaach ginn – wat net virgesi war – an et ass och eng Reklamatioun vun den Awunner aus deem Lotissement komm. Esou waren se der Meenung, datt et op verschiddene Kräizunge méi däischer war an dofir hu mer nach 4 weider Luuchten dohinner gesat an esou d'Visibilitéit verbessert. Dat alles huet awer mat sech bruecht, datt mer net Sue genuch haten an datt mer dofir en zousätzleche Kredit vu 45.000 Euro brauchen. Domatter géife mer da bei 183.000 Euro un effektiven Ausgabe leien. Mir géifen de Gemengerot bieden, dësen Dekont mat unzehuelen an eis dann nach nodréiglech déi zousätzlech 45.000 Euro zouzegestoen.

Brecht Guy (LSAP):

Gouf och no deenen eisene Pollere gekuckt? Well do sinn der vill dobäi, déi an engem ganz schlechten Zoustand sinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat stëmmt. Mä d'Aarbechte si jo och nach net ofgeschloss.

Gira Carlo (CSV):

Et muss ee begréissen, datt déi Luuchte gesat gi sinn. Et ass awer héchstwahrscheinlech eng Täuschung, well et ass eng ganz aner Luucht. Et sinn elo nach Plazen, wou keng Luuchte stinn a wou ee mengt, et géif een duerch däischer Ecker goen. Mä et ass awer gutt gemaach, datt déi zousätzlech Luuchten opgestallt gi sinn.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn d'Hellegkeet vun de Luuchte moosse gelooss an déi war an der Rei. Mä dat subjektiv Gefill war, datt et méi däischer ass.

Approbation à l'unanimité.

13.5.**Infrastructure routière et voirie.**

Décompte provisoire et vote d'un crédit supplémentaire relatif à la construction d'un bassin d'eau au « Herbstberg » à Pétange – approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Wat eisen neie Waasserbasseng um Hierschtbierg ugeet, hu mer och keng esou gutt Nouvelen. Do hu mer e viraussichtlechen Dépassément vun 320.000 Euro. Et sinn do eng ganz Rei Iwwerraschungen op eis zoukomm. Éischtens waren – esou wéi eis Techniker dat och beluegt hunn – vill méi Terrassementsaarbechten ze maachen. Et war virgesinn, datt de Buedem, deen ewechgeholl ginn ass, um Site selwer sollt gelagert ginn. Dat war awer net méiglech, esou datt dee Buedem huet miisste fortgefouert ginn.

Bei den Ausgruewungen huet miissten zousätzlech ofgesécher ginn, well Situatioun um Terrain – wéinst deene ville Quellen – eng aner war wéi ugeholl.

Och bei der "pose de la conduite de distribution" hate mer déi selwecht Problemer. Déi Schachten hunn alleguerter méi breet a méi déif miisste gemaach ginn.

Och d'Refectioun vum Tarmac ass méi konsequent gewiescht wéi virgesinn.

Beim Uschloss vum Scoutschalet ass et komesch, datt deen op der anerer Säit ass. Déi zousätzlech Aarbechten, fir de Chalet un de Basseng unzeschléissen, hunn och en zousätzleche Käschtpunkt mat sech bruecht.

Déi eenzel Uschlëss un den éffentleche Réseau, den "trop-plein" vum Basseng schloen och e wéineg méi zu Buch wéi geplangt. Dobäi kommen och nach weidert hydromechanescht Équipement, esou datt mer am Ganzen en Dépassément vum Devis vun 320.000 Euro hunn.

Mir brauchen déi Sue fir d'Aarbechte kënnen ofzeschléissen. Déi Aarbechte sinn awer wichteg, well et ass eng vun den Haaptaufgaben vum der Gemeng fir den Approvisionnement vum Waasser ze garantéieren. Ech sinn net frou iwwer d'Berechnunge vun eise "bureaux d'ingénieurs", déi eis vu bause beroden hunn. Hei sinn héich technesch Berechnunge gemaach ginn, déi awer net esou konsequent ware wéi se hätte miisste sinn.

Mir sinn elo schon 3 Joer am gaangen an d'Präisser sinn och e bëssen an d'Luucht gaangen, mä mir hunn en Dépassément vun 320.000 Euro, wat net näischt ass. Et ass eng Saach, déi mer net gären hunn. An déi zousätzlech Frais, déi elo bei déi scho gestëmmt 2.260.000 Euro dobäikommen, hätte mer als Politiker och léiwer net gehat.

Mä, wéi gesot, déi Sue sinn noutwenneg fir d'Aarbechte fäerdeg ze stellen.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Ech hat scho bei anere Projete gesot, datt mer jo Ingénieursbüroer beoptragen an déi jo och déck bezuelt gi fir déi Berechnungen ze maachen. Da kommen awer ëmmer erëm Imprévuen dobäi, an dat fannen ech net ëmmer korrekt. D'Waasser ass eng ganz wichteg Saach an déi Aarbechte mussen dann och gemaach ginn. Mä si maachen et sech einfach. Laut hire Berechnunge géif et nëmme esou vill kaschten an duerno musse mer dann awer nach Suen nostëmme. Ech fannen, datt déi Ingénieursbüroer sech et vill ze vill einfach maache vis-à-vis vun de Politiker.

Breyer Roland, Schäffen:

Där selwechter Meenung si mir och. Mir sinn am gaange mat eisen eegenen Ingénieurs heibannen nei Kontrakter auszeschaffen. Well mir wëllen déi baussegt Büroen och méi responsabiliséieren. Si maache sech et einfach. Do gétt no Schema 08/15 ausgerechent an et kritt een et dohinner geluegt. Duerno kommen dann awer Dépassémenter, un deene si dann och nach verdéngen. Si bleiwen net an den Délaie vun der Zäit, an esou weider. Si huelen einfach déi fäerdeg Kontrakter vum Ordre des Architectes et des Ingénieurs a si sinn ni zur Responsabilitéit gezu ginn. Mir sinn am gaange fir d'Kontrakter ëmzeänneren. Mir mussen nach kucken, ob mer déi vun der Autorité supérieure accordéiert kréien. An da gétt et de fräie Wettbewerb. Entweder ass de Büro averstane mat esou engem Kontrakt fir d'Gemeng Péteng ze schaffen, oder net an dann huele mer een aneren, deen domatter d'accord ass.

Dat ass dee Wee, dee mer wëllen aschloen.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Am schlëmmste fannen ech, datt se – obwuel se sech verrechent hunn – och nach dorunner verdéngen. Dofir géif ech et begréissen, wann déi nei Kontrakter géife kommen.

Gira Carlo (CSV):

Meng Interventioun sollt och an déi Richtung goen. Well déi Quellen, déi do uewe sinn, sinn net vun haut a gëschter. Dat sinn awer Saachen, déi bei deene Berechnungen – wann een se e bësse seriös géif maachen – miisste mat abezu ginn.

Approbation par 14 voix (CSV, LSAP, déi gréng) et 1 abstention (DP).

13.6.**Infrastructure routière et voirie.**

Devis relatif à la mise en souterrain et du renouvellement des réseaux dans la partie supérieure du chemin de Brouck à Rodange – approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Um Clopp zu Rodange ass d'Post am gaangen Aarbechten ze maachen a mir wollten eis deenen Aarbechten uschléissen, fir eis Gemeinschaftsantenn an d'Elektresch och an de Gruef ze leeën. Den Devis ass opgestallt ginn op 295.000 Euro an déi Zomm géif vun der Post virfinanzéiert ginn. Mat deenen Aarbechte géife mer dann och emol déi Héich- oder Fräileitungen an där Strooss ewech kréien.

Approbation à l'unanimité.

13.7.**Infrastructure routière et voirie.**

Devis relatif aux travaux de remise en état de la voirie rurale pour l'exercice 2013 – approbation.

Breyer Roland, Schäffen:

Bei eise Feldweeër gétt all Kéiers mat der *Administration des services techniques de l'agriculture* (ASTA) e Joeresplang opgestallt, dee sech op 50.000 Euro beleeft an un deem si sech mat 30% bedeelegen. Als Aarbechte si virgesinn, zu Rolleng "am Grond", "op der Heed" an "am Huesteschbur", souwéi zu Péteng, de Wee am lieu-dit "am Partunika", Dat ass doropper bei den Hondsterrain. Do gétt de Belag nei gemaach an d'Grief gi gebotzt.

Fir all déi Aarbechten hu mer 50.000 Euro virgesinn, woubäi d'ASTA sech mat 30% bedeelegt.

Brecht Guy (LSAP):

“Am Partunika”, ass dat hanner de Jenken?

Breyer Roland, Schäffen:

Jo, dat ass do beim Hondsterrain.

Brecht Guy (LSAP):

Ech mengen, do läit scho wéi laang eng Demande vum Hondclub vir, datt si eng gewëssen Heck do wëllen ewechhuele fir Autoen dohinner ze stellen. Dat géif vermeiden, datt – wann e Concours um Terrain ass – d'Autoe laanscht dee ganze Wee géife stoen.

Linden Jeannot, Schäffen:

Dat stëmmt. Ech hat deen Dossier an de Fierschter war mat op d'Plaz kucken an hie war och averstane fir déi Hecken zeréckzeschneiden. Mä et muss awer als “gréngé” Parking ugeluegt ginn. An de Fierschter huet mer och gesot, datt dat géif gemaach ginn. Ech sinn och iwwerrascht, datt et nach net gemaach ass. Ech schwätzen dofir nach eng Kéier mam Fierschter.

Bosseler Camille (CSV):

Ech hunn déi leschter Kéier kontrolléiert, wou se bei de Fëschweieren erop fir bei d'Bréck geschafft hunn. Do gouf awer e wéineg déif erausgeholl. Well wann ee gesäit, datt beim Rouer – wou se an d'Stéck eraufueren an deen d'Waasser soll bréngen – op mannst 20 Zentimeter méi déif erausgeholl ginn ass, da soll dat awer vermidde ginn. Well wann d'Bauere haut mat hiren décken Trakteren do fueren, da bougéiert dat och an der Strooss an et kéint sinn, datt do eppes kéint rëtschen. Zemol bei esou naassem Wieder. Et soll ee wéinstens den Niveau vum Rouer halen, deen erauskënnt, an net méi déif fueren.

Linden Jeannot, Schäffen:

Déi Aarbechte gi vun der *Administration des services techniques de l'agriculture* ausgefouert. Ech ginn awer dovunner aus, datt wéi wësse wat se maachen.

Bosseler Camille (CSV):

Ech war der Meenung, datt eis Leit dat gemaach hätten.

Linden Jeannot, Schäffen:

Neen, déi Aarbechte gi vun der ASTA gemaach. A si si jo awer d'Spezialisten.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.8.

Infrastructure routière et voirie.

Reclassement et déclassement de rues sur le territoire de la commune de Pétange – décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Hei geet et drëm, datt Stroossen, déi bis elo Gemengestroosse waren, elo Statsstroosse ginn an ëmgedréint.

Et ass dat haaptsächlech zu Rodange den CR 176, deen d'rue du Commerce mat der avenue Dr Gaasch verbënnt. Et ass dat jo eng Statsstrooss an do hate mer ugefrot, fir déi Strooss an d'Voirie communale reklasséiert ze kréien. Am

Géigenzuch sollt dann deen Deel vun der rue du Clopp an de Brouckerwee eng Statsstrooss ginn.

Zu Péteng wier et d'rue de la Liberté, déi eng Gemengestrooss ass. Well awer d'avenue de la Gare als Einbahnstrooss eropgeet a well eng Konterpartie muss do si fir erëm erfzufueren, hu mer proposéiert, fir d'Liberté-Strooss als Statsstrooss ze maachen.

Dat muss awer nach duerch e Gesetz verankert ginn ier et kann a Kraaft trieden. Haut geet et elo drëm fir déi Amendementer guttzeheeschen.

Accord à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

14.1.

Transports et communication.

Règlement de la circulation routière relatif aux travaux de réaménagement de la rue des Champs à Pétange – ratification.

Breyer Roland, Schäffen:

An der rue des Champs fänke mer elo u mat schaffen a mir hunn och scho mat de Leit aus där Strooss eng Versammlung gehat, an där mer hinnen den Oflaf vun den Aarbechten erkläert hunn. Während den Aarbechte kommen heiansdo Ännerungen am Verkéier. Während den Aarbechten dierf een net do stationéieren an “suivant l'avancement du chantier” gëtt d'Circulation zäitweis ëmgedréint gemaach oder deelweis mat Luuchte regléiert.

Ratification à l'unanimité.

14.2.

Transports et communication.

Règlement de la circulation routière relatif aux travaux de pose des infrastructures dans la rue du Clopp à Rodange – ratification.

Breyer Roland, Schäffen:

An der rue du Clopp si mer och schon am gaange mat schaffen an do sollen och – “suivant l'avancement des travaux” – déi selwecht Modalitéiten, dat heescht Parkverbuet, fir de Verkéier gespaarte Strooss oder mat Luuchte geregelte Verkéier, bestoen.

Rosenfeld Romain (CSV):

Well deen dote Chantier un deen am Zentrum vu Rodange stéisst, war gesot ginn, datt dat Stéck tëscht der Schoulstrooss an der rue du Clopp séier géif gemaach ginn, fir datt déi Aarbechten ofgeschloss wieren ier d'Schoul erëm ugeet. Den Här Schiltz huet dat wierklech ferm ënnerstëtzt an et gouf och de Leit an der Biergerversammlung, wou den Oflaf vun den Aarbechten erkläert gouf, gesot, datt fir d'éischt déi Aarbechten uewe géife fäerdeg gemaach ginn. Si sinn awer elo fir de Moment iwwerall am gaangen, op 3 Plazen, um Clopp an am Brouckerwee. D'Situatioun ass de Moment wierklech chaotesch. An ech bedauern, datt mir als Gemeng net méi e groussen Impuls hunn op de Verlaf vun den Aarbechten. An der Vakanz hätt kënne vun deenen 2 Samschdeger profitéiert gi fir ze schaffen.

D'Busgesellschaften reege sech op, d'Kanner kënnen net éierbar do laanscht goen, et ass näischt méi, wat éierbar do leeft. Ech weess net, wéi mer do op deem Chantier virginn.

Den Här Schiltz war do an hie sot nach, datt alles géif zougemaach ginn an et géif en Accès gemaach ginn. Et stellt een awer fest, datt d'Lach all Dag méi grouss gétt.

Breyer Roland, Schäffen:

D'Situatioun ass wierklech chaotesch, dat stëmmt. Ech war elo e puer Deeg net do, mä ech gi mer dat awer op d'Plaz ukucken.

Scheuer Romain (déi gréng):

Meng Fro betrëfft elo net grad dee Quartier hei vu Rodange. Mä well mer elo bei de Verkéiersreglementer sinn, wollt ech de Schäfferot drop opmierksam maachen, datt och esou eng ähnlech Situatioun zu Péteng bei der Eigent-Schoul besteet. Do ass de leschte Méindeg d'Schoul erëm ugaangen an de Schantjen ass nach net fäerdeg. Méindes war jo schonn e Virfall, wou eppes geschitt war. Besteet do keng Méiglechkeet, fir eng Ännerung bei der Circulatioun virzehuelen. Well déi Aarbechter, déi do musse schaffen, si gezwonge mam Bagger hin an hir ze fueren, d'Kanner lafen iwuer d'Strooss an da fueren d'Elteren nach mat den Autoen duerch déi Strooss. De Moment herrscht do wierklech grouse Chaos.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hunn de Moment 2 Chantieren op där Plaz. Mir hunn e Reglement geholl, fir de Verkéier aneschtens ze leeden. Dobäi kënt och nach, datt de Schantjen bei der Schoul a Verzych geroden ass. Déi Aarbechte miisste scho fäerdeg sinn. Ech weess och net, wat elo dee leschte Stand ass, mä et miisst awer drop an dru sinn, datt de Schantjen ofgeschloss gétt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Et ass e bëssen onglécklech, well schonn an der Gemengenzeitung "Meng Gemeng", déi am August erauskomm ass, e grouse Plang dran haten, wéi de Verkéier soll lafen. Mä momentan fueren d'Leit awer wéi se wëllen, an et ass praktesch esou, datt se wëilten am léifste mat den Auto bis eran an d'Schoul fueren. D'Police war zwar op der Plaz fir de Verkéier e bëssen ze regelen. Fir déi Aarbechter, déi do musse schaffen, ass et net grad interessant an d'Sécherheet vun de Kanner ass och net grad garantéiert.

Breyer Roland, Schäffen:

Wou mer décidéiert hu fir dee Plang ze verëffentlechen, si mer dovunner ausgaangen, datt de Schantjen och fäerdeg wier. D'Aarbechte sinn awer hannendra geroden, mä ech ginn awer dovunner aus, datt mer an enger Woch mat den Aarbechte bäi sinn. An da kréie mer d'Situatioun och an de Grëff. An der Tëschenzäit schécke mer eis Agenten an d'Polizei op d'Plaz fir ze kontrolléieren. Mä wann d'Leit d'Schëlter net respektéieren, dann hu mer e Problem.

Scheuer Romain (déi gréng):

Wa mer d'Strooss da géife ganz zoumaachen an nëmmen de Bus dierft duerchfueren? An et kann net sinn, datt d'Leit awer duerchfueren an d'Schëlter net respektéieren.

Breyer Roland, Schäffen:

Dat ass awer leider de Fall.

Scheuer Romain (déi gréng):

Da musse mer méi radikal duerchgräifen.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir kënnen nëmmen zu der Police soen, datt se sollen op d'Plaz goen a kontrolléieren. An dat maachen se och a si ginn eis och e Rapport.

Scheuer Romain (déi gréng):

Kënne mer dann net e "règlement d'urgence" huele fir d'Strooss zouzemaachen?

Breyer Roland, Schäffen:

Wann et awer net respektéiert gétt. Et sti fir de Moment Schëlter do an déi ginn awer net respektéiert.

Scheuer Romain (déi gréng):

Mä hei geet et jo awer ëm d'Sécherheet vun de Kanner. An deen éischte Schouldag war jo schonn en Tëscheffall op där Plaz.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir kënnen nëmmen an de Réuniounen zu der Police soen, datt se sollen dohinner kontrolléiere goen. Mir kënnen nëmme reglementéieren a Schëlter dohinner setzen. Wann déi awer vun de Leit net respektéiert ginn, dann ass eise Pouvoir eriwuer. Leider ass dat esou.

Wann de Schantjen ofgeschloss ass, da wäert sech d'Situatioun och erëm normaliséieren.

Scheuer Romain (déi gréng):

Awer nëmme wann d'Leit d'Schëlter och respektéieren. Wann dat de Fall ass, dann ass et och gutt.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir hoffen och, datt sech d'Leit un d'Reglementer halen.

Ratification à l'unanimité.

15.1.

Vie associative.

Allocation d'un subsidie spécial de 320 euros à l'asbl « Amicale de la Seniorie St. Joseph » de Pétange – décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

Da komme mer zu enger Rei Subsidien, déi mer nach mussen nostëmmen. Deen éischte Subsidie geet un d'Amicale vun der Seniorie St Joseph, déi hire 25. Anniversaire gefeiert hunn. An eisem Reglement hu mer stoen, datt ee pro 25 Joer 320 Euro als "subsidie spécial" zegutt huet.

Bouché Jean-Claude (DP):

Ech fannen et gutt, datt déi Amicalen elo e bëssen hei an de Virdergrond gestallt ginn. Well et gétt net ëmmer dru geduecht, datt déi Amicalen enorm Aarbecht an deenen Haiser maachen. Well ouni si wieren se an deenen Haiser oft domm drun. Dofir kann ech och nëmme guttheeschen, datt se nodréiglech nach dee Subsidie zougessprach kréien.

Accord à l'unanimité.

15.2.

Vie associative.

Allocation d'un subsidie de 300 euros à la « Fédération Européenne des Cités Carnavalesques (F.E.C.C.) Luxembourg » - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

Och bei der « Fédération Européenne des Cités Carnavalesques (F.E.C.C.) Luxembourg » ass d'Demande

erakomm nodeems mer d'Subside scho verdeelt haten. Et ass dat eng Cotisatioun vun 300 Euro, déi mer all Joer bezuelen. Mir waren der Meenung, fir dat dann och nach nodréiglech ze honoréieren an der "F.E.C.C." déi 300 Euro zoukommen ze loossen.

Brecht Guy (LSAP):

Ech sinn dee Leschten, deen der "F.E.C.C." déi Cotisatioun do net vergonnt. Ech hunn awer zu Ouere kritt, datt e puer Changementer bei de Subsidereglementer solle virgeholl ginn. Da miisst dat awer e bësse méi streng gehandhaabt ginn, well wann een dëst Joer e bësse "demandes de subsides" gekuckt huet a wierklech dat applizéiert hätt wat am Reglement steet, dann hätte ganz vill Veräiner domm dragekuckt.

Breyer Roland, Schäffen:

Mir sinn am gaange fir eis e bësse méi konsequent Linnen ze setzen. Dat muss och nach eng Kéier hei am Gemengerot diskutéiert ginn an dat, wat Dir sot, ass richtig.

Accord à l'unanimité.

15.3.

Vie associative.

Allocation d'un subside spécial de 10.840,12 euros à l'asbl « Gestion Home » - décision.

Breyer Roland, Schäffen:

2003 hu mer eng Konventioun mat der Asbl "Gestion Home", déi den Home St Hubert an de Festsall geréiert, gemaach. Mir hate gesot, datt déi Taxen, déi am Home applizéiert ginn, déi selwecht solle si wéi an eisen anere Centren zu Rodange an zu Rolleng. Am Kloertext heescht dat, datt déi Veräiner, déi an den Home ginn, och praktesch näischt fir d'Notze vum Home bezuelen. Mir haten och gesot, datt mer – grad esou wéi och zu Rodange an zu Rolleng – déi Proportioun vun de Käschte géifen honoréieren. Mir hu vun der "Gestion Home" den Décompte virgeluegt kritt a gesinn, datt se am Joer 2011 16.342,71 Euro Defizit gemaach hunn. Wann ee kuckt, wéi den Home beluegt war vu Veräiner aus der Gemeng – déi also näischt brauchen ze bezuelen – da mécht dat ronn 2/3 aus. Dofir si mer och der Meenung, fir 2/3 vun deem Defizit ze iwwerhuelen an dat géif dann 10.840,12 Euro ausmaachen. Dat ass och esou am Geescht vun der Konventioun aus dem Joer 2003. Déi Joere virdrun hu si et duerch eege Mëttele

fäerdeg bruecht, fir keen Defizit ze maachen. Elo ass awer d'Benotzen duerch d'Veräiner an d'Luucht gaangen, esou datt mer deementspriedend och an deenen nächste Joere mat enger Bedeelegung un de "frais de gestion" vun deem Sall wäerten deelhuelen.

Accord à l'unanimité. M. Gira, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

15.4.

Vie associative.

Allocation d'un subside spécial de 500 euros à l'asbl « Lux Rollers » - décision.

Linden Jeannot, Schäffen:

Mir hunn och eng Demande erkritt, fir d'Asbl "Lux Rollers" ze ënnerstëtzen. Aus den Ënnerlage konnt der erausliesen, datt se 2007 schonn e Rollstull vun 3.700 Euro kritt hunn. 2011 hu mer hinnen nach eng Kéier eng "subvention spéciale" vun 2.500 Euro ginn, fir nees eng Kéier e Rollstull ze kafen.

Dës Kéier proposéiere mer dem Gemengerot, fir hinne 500 Euro ze ginn, an dat fir den Ënnerhalt vun deene Still. Well déi Rollstill gi jo fir de Sport genotzt a mussen dowéinst och méi ënnerhale ginn.

Accord à l'unanimité.

15.5.

Vie associative.

Allocation d'un subside spécial de 100 euros à la Fédération des Sapeurs-Pompiers du canton d'Esch-sur-Alzette – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Pompjeesfederatioun aus dem Kanton Esch hunn ee "Jugendfeuerwehrlager" vum 2. bis de 7. September gemaach an do waren och Jugendlecher aus eiser Gemeng dobäi. Si hunn eis gefrot, fir e Subsid ze kréien a mir proposéieren dem Gemengerot, fir hinnen e Subsid vun 100 Euro ze ginn, fir déi Aktivitéiten, déi se do spezifesch fir eis Jugendpompjeeë gemaach hunn.

Accord à l'unanimité.

Gemeinderatssitzung vom 20. September 2013

Anwesend:

Mellina Pierre , Bürgermeister (CSV)	Breyer Roland , 1. Schöffe (CSV)	Conter-Klein Raymonde , 2. Schöffe (CSV)
Bosseler Camille (CSV)	Conter-Klein Raymonde , 2. Schöffe (CSV)	Linden Jeannot , 3. Schöffe (LSAP)
Conzemius-Holcher Josette (CSV)	Brecht Guy (LSAP)	Becker Romain (déi gréng)
Gira Carlo (CSV)	Gonçalves Cátia (LSAP)	Scheuer Romain (déi gréng)
Polfer John (CSV)	Mertzig Romain (LSAP)	Bouché Jean-Claude (DP)
Rosenfeld Romain (CSV)		

Abwesend und entschuldigt:

Pierre Norbert (LSAP), Thein Joé (adr)
--

1.-3.

Die Punkte 1 bis 3 der Tagesordnung wurden in geheimer Sitzung behandelt.

Der Pétinger Gemeinderat hat jedoch einstimmig beschlossen, folgende Entscheidungen zu veröffentlichen:

Frau Haupt Jill verh. Barnich, aus Eischen, wurde provisorisch in der Funktion der Erzieherin unter dem Statut des Beamten ernannt.

Herr Agostino Carmelo Vincenzo aus Differdingen, wurde provisorisch in der Funktion des „expéditionnaire administratif“ ernannt.

Frau Minelli Jessica verh. Flor aus Pétingen, wurde als Hilfserzieherin – Teilzeitbeschäftigung (10 Stunden / Woche) und auf unbegrenzte Zeit - eingestellt.

Frau Seiler Janou verh. Latreche aus Pétingen, Frau Kugener Jill aus Dülelingen, Frau Moreira Jennifer aus Niederkerschen und Frau Piao Moreira Telma aus Pétingen wurden als Diplomerzieher – Teilzeitbeschäftigung (30 Stunden / Woche) und auf unbegrenzte Zeit - eingestellt.

Herr Klein Jérôme aus Peppingen wurde als Kursleiter des Theorie-Jazz-Lehrgangs der Musikschule ernannt.

4. - Mitteilungen des Schöffenrates.

Auskünfte zur Wiedereröffnung des „Kierchepad Kéinzig-Péteng“.

5.1. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Erste Änderung der Einnahmen und Ausgaben des ordentlichen Haushalt des Rechnungsjahres 2013 - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.2. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Einnahmen in der Gesamthöhe von 496.303,73 Euro – Billigung.

Beschluss einstimmig.

5.3. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Festlegung der Rangordnung des Gemeinderates - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.4. - Allgemeine Verwaltungsangelegenheiten.

Spezialkredit über 50.000 Euro zur Anschaffung einer neuen Informatiksoftware zur Verfolgung des Briefwechsels und der Entscheidungen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

5.5. - Liegenschaften.

Konzessionsverkauf von Grabstätten und Kolumbarien auf den Friedhöfen der Gemeinde zum 1. Semester 2013 - Billigung.

Billigung einstimmig.

6. - Gemeindepersonal.

Schaffung eines Angestelltenposten (ehemals Arbeiter) (m/w) für die Abteilung für Grünflächen – Putzteam - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Breyer war nicht im Saal und hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

7.1. - Liegenschaften.

Vergleich mit Herrn René Baltès zwecks Grundstücktauschs an den Standorten „Im Bourenfeld“ und „rue du Titelberg“ in Pétingen und Lamadelaine – Billigung.

Billigung einstimmig. Herr Breyer war nicht im Saal und hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

7.2. - Liegenschaften.

Vergleich mit Herrn Luis Vieira Pinto Carlos und Frau Maria Florinda Ribeiro Gomes zwecks Abtreten eines Grundstücks in der rue de la Fontaine in Rodange - Billigung.

Billigung einstimmig.

7.3. - Liegenschaften.

Vertrag mit Herrn und Frau Frank Kaufmann (Scheuren) zwecks Abtreten eines Grundstücks auf der place de la Libération in Pétingen – Billigung.

Billigung einstimmig.

7.4. - Liegenschaften.

Vertrag mit Herrn und Frau Carlo Gros-André zwecks Kauf eines Wohnhauses auf Nummer 2 in der rue de la Providence in Lamadelaine - Billigung.

Billigung einstimmig.

7.5. - Liegenschaften.

Vertrag mit Herrn Jean-Paul Reisdorff und Herrn Patrick Reisdorff zwecks Kauf eines Grundstücks am Standort „A l'Enclos“ in Rodange – Billigung.

Billigung einstimmig.

7.6. - Liegenschaften.

Vertrag mit Frau Catherine Weidert (Witwe Meyers) zwecks Kauf eines Wohnhauses auf Nummer 11 in der rue de la Liberté - Billigung.

Billigung einstimmig.

7.7. - Liegenschaften.

Konvention bezüglich der gelegentlichen Bereitstellung des kleinen Saales in der Kindertagesstätte Kordall in Pétingen – Billigung.

Billigung einstimmig. Herr Gira war nicht im Saal und hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

7.8. - Liegenschaften.

Belieferungskontrakt „full service“ mit Coca-Cola Entreprises Luxembourg GmbH für das Sportzentrum in Pétingen – Billigung.

Billigung einstimmig.

7.9. - Liegenschaften.

Änderungen der Entscheidungen vom 18. Juni und 31. Juli 2013 bezüglich des Wohnsiedlungsprojektes „An den Atzénge“ in Lamadelaine - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

8. - Soziales.

Tarifverordnung – Anpassung der Tarife für den Krankentransport - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

9. - Sport und Freizeit.

Namensgebung für das Sportzentrum in Pétingen - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

10. - Öffentliche Ordnung und Sicherheit.

Neuer Miet- und Unterhaltsvertrag im Zusammenhang mit der Ersetzung der tragbaren Kleincomputer der Mitarbeiter des Ordnungsdienstes (Verkehrsüberwachung) - Billigung.

Billigung einstimmig.

11.1 - Stadtplanung.

Konvention mit der Gesellschaft Agilis GmbH hinsichtlich der Verteilung der Infrastrukturkosten im Rahmen des Teilbebauungsplanes Rodange-Zentrum.

Billigung mit 12 Stimmen (CSV, LSAP) und 3 Enthaltungen (déi gréng, DP).

11.2. - Stadtplanung.

Konvention zur Flurbereinigung im Rahmen des einfachen Bebauungsplanes -Billigung .

Billigung mit 12 Stimmen (CSV, LSAP) und 3 Enthaltungen (déi gréng, DP).

12. - Kultur.

Korrigiertes Projekt bezüglich der Aufwertung des „Roten Hauses“ in Pétingen - Billigung.

Billigung einstimmig. Herr Mertzig war nicht im Saal und hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

13.1. - Straßeninfrastrukturen und öffentliche Plätze.

Abrechnung bezüglich der Sanierung der rue Neuve in Pétingen – Billigung.

Billigung einstimmig. Herr Mertzig war nicht im Saal und hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

13.2. - Straßeninfrastrukturen und öffentliche Plätze.

Abrechnung bezüglich der Überwachung der Wasserspeicher in den 3 Sektionen der Gemeinde - Billigung.

Billigung einstimmig. Herr Mertzig war nicht im Saal und hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

13.3. - Straßeninfrastrukturen und öffentliche Plätze.

Abrechnung bezüglich der Teilerneuerung der öffentlichen Beleuchtung im Siedlungsgebiet „An den Jenken“ in Pétingen (Phase 1) - Billigung

Billigung einstimmig. Herr Mertzig war nicht im Saal und hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

13.4. - Straßeninfrastrukturen und öffentliche Plätze.

Vorläufige Abrechnung sowie das Gutheißen eines zusätzlichen Kredites bezüglich der Teilerneuerung der öffentlichen Beleuchtung im Siedlungsgebiet „An den Jenken“ (Phase 2) – Billigung.

Billigung einstimmig.

13.5. - Straßeninfrastrukturen und öffentliche Plätze.

Vorläufige Abrechnung sowie das Gutheißen eines zusätzlichen Kredites bezüglich des Baus eines Wasserbeckens auf dem „Herbstberg“ in Pétingen - Billigung.

Billigung mit 14 Stimmen (CSV, LSAP, déi gréng) und 1 Enthaltung (DP).

13.6. - Straßeninfrastrukturen und öffentliche Plätze.

Kostenvoranschlag bezüglich der unterirdischen Verlegung sowie der Erneuerung der Netze im oberen Teil des chemin de Brouck in Rodange – Billigung.

Billigung einstimmig.

13.7. - Straßeninfrastrukturen und öffentliche Plätze.

Kostenvoranschlag bezüglich der Instandsetzungsarbeiten der Feldwege für das Rechnungsjahr 2013 - Billigung.

Billigung einstimmig. Herr Brecht war nicht im Saal und hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

13.8. - Straßeninfrastrukturen und öffentliche Plätze.

Neuzuordnung und Zurückstufung der Straßen auf dem Gebiet der Gemeinde Pétingen – Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Brecht war nicht im Saal und hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

14.1. - Transport und Kommunikation.

Verkehrsverordnung bezüglich der Erneuerungsarbeiten in der rue des Champs in Pétingen - Ratifizierung.

Ratifizierung einstimmig.

14.2. - Transport und Kommunikation

Verkehrsverordnung bezüglich der Infrastrukturarbeiten in der rue du Clopp in Rodange – Ratifizierung.

Ratifizierung einstimmig.

15.1. - Vereinswesen.

Zuteilung eines außerordentlichen Zuschusses von 320 Euro an die „Amicale de la Seniorie St. Joseph“ aus Pétingen – Beschluss.

Beschluss einstimmig.

15.2. - Vereinswesen.

Zuteilung eines außerordentlichen Zuschusses von 300 Euro an die „Fédération Européenne des Cités Carnavalesques (F.E.C.C.) Luxembourg“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

15.3. - Vereinswesen.

Zuteilung eines außerordentlichen Zuschusses von 10.840,12 Euro an die asbl „Gestion Home“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig. Herr Gira war nicht im Saal und hat nicht an der Abstimmung teilgenommen.

15.4. - Vereinswesen.

Zuteilung eines außerordentlichen Zuschusses von 500 Euro an die asbl „Lux Rollers“ - Beschluss.

Beschluss einstimmig.

15.5. - Vereinswesen.

Zuteilung eines außerordentlichen Zuschusses von 100 Euro an die Föderation der Feuerwehr des Kantons Esch/Alzette - Beschluss.

Beschluss einstimmig.